» M. Claude Meisch (DP).- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, wann Der elo um Internet op www.spiegel.de kuckt, dann ass ee vun de groussen Titele folgenden: „Steinbrück...“ - dat ass den däitsche Finanzminister - „...sagt Steuer-oasen den Kampf an.“ Am Énntitel heescht et: „Finanzminister Steinbrück prangert auch die Schweiz, Österreich und Luxemburg an - und droht mit Peitsche statt Zuckerbrot.“

Wann ech d'lescht Woch hei op dëser Plaz gewart hunn, datt elo an der Suite vum der Bankekris wäert probéiert ginn, munches émzesetzen, wat Einzelner bis elo net konnten émsetzen, wat d'international Finanzplazen ubelaangt, notament d'lëtzebuergesch Finanzplaz, dann hunn ech net gemengt d'lescht Woch, datt et esou schnell kéint goen, datt Lëtzebuerg an d'Kräizfeier vun der Kritik kéint geroen. Nun ass et awer leider esou.

Anscheinend ass et esou, datt den däitsche Finanzminister an de franséische Budgetminister eng Initiativ geholl hunn, fir ronn 20 OECDs-Länner beieneen ze ruffen an do haaptsächlech iwwert d'Paradis fiscaux ze diskutéieren.

Et gëtt geschwat iwwert déi mëttelfristeg Disparitioun vum deene Paradis fiscaux. Gläichzäitig gëtt dann awer och do nees Lëtzebuerg genannt, éischer an Zesummenhang awer mam Bankgeheimnis, esou wéi dat ze liese war.

Och gëtt gesot, datt op OECD-Niveau eng méi realistesch Lëscht misst erstallt ginn, wéi déi, déi momentan existéiert, wann et ëm Paradis fiscaux geet, an och do nees kënn dann de Bléck eriwuer op Lëtzebuerg.

Nun, déi Froen, déi ech gëschter an där Question urgente formuléiert hunn, waren: Weess d'Lëtzebuerg Regierung Bescheid iwwert déi Initiativ do? Gesi mer eis als viséiert un?

Falls jo, wat ass d'Attitud vum der Lëtzebuerg Regierung par rapport zu deene Reprochen do, a wéi reagéiere mer dorobber?

Wéi gesäit d'Lëtzebuerg Regierung d'Chance, datt mer op déi Lëscht do komme respektiv datt mer net op déi Lëscht do kommen?

Och ginn ech ze bedenken a stellen d'Fro un d'Lëtzebuerg Regierung, awéiwäit iwwerhaupt elo hei an dësem Kontext kann iwwert d'Bankgeheimnis geschwat ginn, wou mer jo awer wëssen, datt bis ewell kee gesot huet, datt d'Bankgeheimnis eng vun den Ursaache vum der aktueller Finanzkris war, mä datt déi op ganz villen aneren Niveauen ze siche sinn.

Et schéngt also hei wierklech vum der Geleeënheet profitéiert ze ginn, fir d'Lëtzebuerg Bankgeheimnis, souwäit et dann nach Bestand huet, an d'Diskussioun ze bréngen, a fir vun der internationaler Finanzkris ze profitéieren, fir dat ze maachen.

» M. le Président.- Merci, Här Meisch. Den Här Statsminister huet d'Wuert.

» M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État, Ministre des Finances.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kollegen, déi Fro, déi den Här Meisch stellt ënner Drénglechkeetsform, ass eng Fro, déi sech a kengerlee Hisiicht un de Finanzminister oder un de Statsminister riicht, mä un den Trésorminister. Deen ass zoustänneg fir déi Froen, déi mat där Gesamtfro, déi hei invoquéiert gëtt, zesummenhänken.

Vu dass de Minister Frieden sech awer am Kuwait an am Katar ophält, fir der Finanzplaz Lëtzebuerg weider Clienten zouzeféieren, déi mer dréngend brauchen, a vu dass et den Här Meisch ass, deen déi Fro stellt, deen ëmmerhin deen ass, deen hien ass, an déi Uspréich huet, déi hien huet, huet et mer normal geschéngt, dass ech mech haut de Mëtteg soll hei an der Chamber presentéieren, fir dem Kolleg Meisch op seng Froen eng Äntwert ze ginn.

Den däitsche Finanzminister, deen net zu menger Blutgrupp gehéiert, mä zu enger anerer, an de franséische Budgetminister, deen zu enger Blutgrupp gehéiert, vun där een net weess, wéi se ausgesäit, déi hu fir haut eng Sitzung no Paräis aberuff ënner Form vun enger Invitatioun un all OECD-Staten, fir iwwert d'Froen vum de sougenannte Steuerparadieser ze schwätzen.

Contrairement zu deem, wat déi suggestiv Formulierung vum Här Meisch géif gleewen dinn, ass dat eng Invitatioun, déi dräi Méint al ass. An déi näischt mat der aktueller Finanzkris ze dinn huet. Well et muss ee wëssen - déi, déi an der fréierer Regierung waren, wëssen dat; déi an dëser sinn, wëssen et och -: D'Thema Bankgeheimnis ass ee permanent Thema an Europa. Et ass lücht, hei doriwwer ze schwätzen. Et ass schwéier, et ze verdeedegen an der Europäescher Unioun.

Mir hunn an der Europäescher Unioun eng Eenegung iwwert d'Besteuerung vum den Erspuerner erziilt ënner schwierigste Bedéngungen, géint de Wëlle vun der Regierung eigentlech, a géint de Wëlle vun der Chamber prinzipiell. Mä souwuel Regierung wéi Chamber - ech schwätze vun deene leschte Regierung a Chamberen - hunn dee Wee, deen den Här Grethen, den Här Frieden an ech der Regierung proposéiert hunn, du streng imposéiert hunn, dunn der Chamber explizéiert hunn an dunn der Chamber imposéiert hunn, mat-gemaach, an dat war ee kollektiivt Wierke vun den Haaptkräften, déi hei am Parlament vertraue sinn.

Déi europäesch Direktiv iwwert d'Fiscalité de l'épargne huet, entgéint deem, wat d'ADR deemools gesot huet, déi deemools gesot huet, datt wier den Aus, den definitiven Aus fir d'Finanzplaz Lëtzebuerg, der Finanzplaz Lëtzebuerg kee Millimeter wäit geschuet, mä huet dem Statsbudget supplementar Recetten abruucht, wat ee vläicht bescheidenheetshalber heiansdo emol sollt agestoen.

Mir hunn an där Sitzung zu Paräis net deelgeholl. Mir si Member vun der Europäescher Unioun. Mir si Member vun der OCDE. Mir stinn net ënner belsch-franséischem Invitatiounskommando. An duerfir hu mer un där Sitzung haut net deelgeholl, an duerfir ass déi Fro, wat fir eng Attitud dass d'Lëtzebuerg Regierung an där Sitzung bezitt, eng Fro, déi sech net stellt, well d'Lëtzebuerg Regierung huet zënter zwee Méint laang scho kloergemaach, si géif un där Sitzung net deelhueen, à moins dass déi proposéiert Konklusioun vum där Sitzung esou wieren, dass mer mat hinne kënnen liewen. Déi proposéiert Konklusioun

vun där Sitzung sinn awer, dass eng Equatioun hiergestallt gëtt tëschent Secret bancaire a Paradis fiscal.

An deem Mooss, wou mer déi Basis-hypothees do net akzeptéieren, hu mer net agesinn, firwat dass mer un där Sitzung, déi eng privat Initiativ vun zwou Regierung ass, sollen deelhueen, well dat hätt dozou gefouert, dass d'Lëtzebuerg Regierung haut den Owend erkläert hätt, et wär eng interessant Sitzung gewiescht, mä mir wiere mat de Konklusiounen net d'accord.

Vu dass déi, déi invitéiert hunn, zënter Méint wëssen, dass mir mat de Konklusiounen, déi ugeduecht gi waren, net d'accord wieren, huet et mir richteg geschéngt, net un där Sitzung deelzuehuelen, obschonn ech prinzipiell der Meinung sinn, dass een un alle Sitzunge soll deelhueen, fir säi Standpunkt ze verrieden. Mä déi Tatsaach, wéi déi ganz Affär ugeleiert ginn ass, war esou, dass mer nëmmen den zweeten, drëtten, véierten oder fofzénge Präis kritt hätten.

Duerfir si mer also net an déi Sitzung gaangen. Dat hu mer ofgeschwat och mat anere Kollegen an Europa, notament den Éisträicher, déi och un där Sitzung net deelgeholl hunn. Ech hu gëschter Owend ee laangt Gespréich mam Éisträicher Finanzminister gefouert, ob mer net awer sollten dohinner goen, fir eise Standpunkt virzebréngen, a mir si gemeinsam zur Konklusioun komm, dass eise Standpunkt eigentlech net esou wier, dass en déi aner géif esou vun der argumentativer Kraaft hier op de Réck geheien, dass se op hire Communiqué géife verzichten.

Duerfir huet et mer geschéngt, de Schued wier manner grouss, wa mer net do wieren, wéi wa mer do wieren a mir géife soen, mir wiere mat allem d'accord, just net mat deem Punkt.

Den Här Meisch stellt eng zweet Fro. Ech hale mech hei u säi schrëttlechen Exposé, mä säi mëndleche war deem plus ou moins konform. Den Här Meisch freet an enger zweeter Fro, wéi mer dozou géife stoen, dass de franséische Budgetminister, den Här Woerth, de Reproche formuléiert hätt, dass mir eis net kéinten op Dauer, dat war säi Reproche, der Ofschafung - ech interpretéiere säi Propos, mä esou war e gemengt - vum Bankgeheimnis opposéieren a stattedessen de System vun der Quellesteier, vum Échange d'informations géifen der Ofschafung vum Bankgeheimnis préférieren.

Wéi soll ech dorop reagéieren? Ech reagéieren dorop am Numm vun dëser Regierung an am Numm vun der leschter Regierung.

Mir hunn en Accord an der Europäescher Unioun fonnt, dass dräi Länner - Éisträich, d'Belsch, Lëtzebuerg - en Échange d'informations géife maachen an dass déi aner Länner kee Bankgeheimnis hätten. Mir wollten eise Bankgeheimnis net opginn, net deemools, net elo, an duerfir maache mer keen Échange d'informations.

Duerfir maache mer d'Quellesteier, an duerfir dee System vun der Quellesteier kréien déi Staten, déi ronderëm eis leien, an och déi, déi méi wäit ewech leien, een Deel vun deene Recetten, déi op der Finanzplaz Lëtzebuerg realiséiert ginn. Ech muss soen, déi sinn net substanzuell.

Dat kann zwou Ursaachen hunn. Entweder setzt d'Finanzplaz Lëtzebuerg sech aus ville Clienten zesummen, déi Steieren hannerzéien. Dat sinn net eis Frënn. Mir mengen, mir géife vun deene profitéieren, mä eis Frënn sinn net déi, déi hir Steieren an hirem Heemechtsland hannerzéien.

Ass Lëtzebuerg déi natierlech Ulatplaz vu Leit, déi an hirer nationaler Kollektivitéit déi gemeinsam Chargen net wëlle mat-finanzéieren?

Een, dee mengt, datt wier de groussen Argumentatioun fir d'Finanzplaz Lëtzebuerg, dee versénnegt sech durabel un de Lëtzebuerg Statsfinanzen an um Lëtzebuerg Finanzwiesen. Mir sinn net déi, déi kënnen op d'Käschte vun den Nopeschlänner liewen doduerch, dass déi, déi vill Fric hunn, hir Steieren net bei sech bezuelen an hir Suen zu Lëtzebuerg ënnerbréngen. D'Mindestmoral muss sinn. D'Mindestmoral muss sinn!

Mä mir stelle fest, dass och ganz vill Klienten, déi aus Däitschland kommen, aus der Belsch kommen, aus Frankräich kommen, hiren eegene Steierautoritéiten ënnert dem Sigle vun deenen europäeschen Arrangementen deklaréieren, wat se vu Suen zu Lëtzebuerg hunn. Dat nennt sech op Lëtzebuergesch „disclosure“. Déi soen dem däitschen, dem belschen, dem franséische Fisc, wat se zu Lëtzebuerg hunn, an déi ginn do besteiert.

Ergo kënnen mer net Suen iwwerweisen, déi schonn eng Kéier ënner Form vun klingender Münze an deene Statskeese gerabbelt hunn. Ergo hale mer déi Léisung, déi mer fonnt hunn, fir gutt.

Et muss ee gesinn, dass déi Léisung e puer Etappe kennt. Dat gëtt oft vergiess an der aktueller Diskussioun. Mir bezéien elo eng 10%teg Quellesteier fir déi Leit, déi heiheem wunnen. Mir hunn eng 20%teg fir déi Leit, déi am Ausland wunnen. Déi geet awer graduell erop bis op 35%.

Et war allgemeng d'Meenung an Europa gewiescht, wéi mer d'Direktiv iwwert d'Fiscalité de l'épargne uegheoll hunn, dass, wann een eng 35%teg Quellesteier hätt, dat am dissuasive Steierfluchtsberäich déiselwech Wirkung hätt wéi d'Ophiewung vum Bankgeheimnis. Do komme mer eréischt hin. Mir komme lues a lues dohin, well mer lues a lues nëmmen d'accord waren, eis als Lëtzebuerg op dee Wee ze beginn.

Deen Dag, wou d'Quellesteier 35% bedréit, ass d'Quellesteier mindestens esou dissuasiv fir Steierflüchtlingen, wéi d'Bankgeheimnis attraktiv fir Steierflüchtlingen ass. Also kann ech net a priori agesinn, firwat dass dat Regelwierk soll geännert ginn.

Mir hunn eng Diskussioun an der Europäescher Unioun, ob aner Finanzproduit wéi déi, déi haut am Uwendungsbereich vun der Fiscalité-de-l'épargne-s-Direktiv leien, och sollen an den Anzéiungsberäich vun d'ärselwechter kommen. Et ass eng Diskussioun, un där mer eis bedeelegen.

Mä fir ze soen, mir kéinten eis op Dauer net dem Informatiounsaustausch, dat heescht der Ophiewung vum Bankgeheimnis entzéien, well dat net konform wier mat de Wënsch, den Erwaardungen an dem positive Recht vun der Europäescher Unioun, ass eng falsch Behauptung.

Mir sinn an engem evolutive Prozess, deen duerchaus ee Verhandlungsprozess war, deen an eng positiv Rechtsnorm gegoss ginn ass, un déi mer eis halen, a vun där mer och gären hätten, dass déi Nopeschstate sech géifen dorun halen.

Nun hunn ech zur Kenntnis geholl, wat de President vun der Franséischer Republik haut am Europäesche Parlament gesot huet, dee sech mat Lëtzebuerg séier marginalement beschäftegt huet, opgrond vun engem Fro vum Europadeputéierte Goebbels, déi hien net ze beäntwert gehat hätt, wa se net gestallt gi wier.

Et ass keng Kritik um Här Goebbels, wéi ech soen, well ech dat homeresch Gelächter do héieren, mä de franséische President huet op d'Tatsaach reagiert, dass de Lëtzebuurger Deputéierte gefrot huet. Wann ee franséischen Deputéierte mech iwwert den extrae Steierregime an Europa am Europaparlament interpelléiert, halen ech deem och ëmmer e Virtrag iwwer korsesch an aner steierrechtlich Nischen. Soufern muss ee wëssen, wie wem eng Fro stellt, well ee sech duerchaus denke kann, wie wem wat fir eng Äntwert gëtt. Mä déi Fro vum Här Goebbels, déi war berechtigt, well hien huet gesot, de gesamte Weltfinanzsystem misst ëmgestallt ginn.

Hien hat vergiess ze soen, dass Lëtzebuerg een Deel vun der Welt ass. Dat ass allerdéngs wouer.

Wa sech de President vun der Republik iwwert d'Steierparadieser opreegt, rege mir eis net iwwert déi op? Firwat fille mir eis eigentlech interpelléiert, souguer de Chef vun der Opposition, wann ee vu Steierparadieser schwätzt? Firwat fille mir eis dann do extra interpelléiert?

Dir zitieret an Ärer Fro d'Aussoe vum franséische Premierminister, dee gesot huet, d'Steierparadieser misste verschwannen.

Firwat reegt dat lech op? Si mir ee Steierparadies?

(Interruption)

De franséische Finanzminister huet eis net opgezielt. Dat ass d'Madame Lagarde, an déi huet sech zu deene Froen net geäussert. De franséische Budgetminister huet gesot, wéi 25 Finanzministeren an Europa, Lëtzebuerg kéint net viruere mat dem Échange d'informations - pardon - mat der Quellesteier, well d'Belsch ännert de System. D'Belsch schaaft d'Bankgeheimnis of, dat ass lech jo bekannt. De liberale belsche Finanzminister schaaft d'Bankgeheimnis of, well en dat net am Intérêt vun der Belsch féint. Da bleiwe mer mat Éisträich a mat Lëtzebuerg. Dat ass d'Diskussionslag, den Tabellestand.

►► **M. le Président.** - Mir sinn d'accord fir dem Statsminister zousätzlech Zäit ze ginn, bei enger Opposition.

►► **M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État, Ministre des Finances.** - Ech géif mengen! Well ech sinn extra heihinner komm, well den Här Meisch mer eng Fro gestallt huet.

Den Tabellestand ass, dass nach just Lëtzebuerg an Éisträich d'Bankgeheimnis wëlle bäibehalen, an d'Belsch schaaft d'Bankgeheimnis of. Mir hunn also, an de klaseschen Ausdrucksformen, een Alliierte verluer, dee fréier iwwerengs net eisen Alliierte war, mä deen et eréischt ginn ass, wéi mer eis iwwert d'Fiscalité de l'épargne ze ënnerhalen haten.

Mä mir sollen eis dach net extra interpelléiert spieren, wann de franséische Premier vun der Ofschafung vun de Steierparadieser schwätzt! Si mer, oder si mer net der Meenung, mir wieren e Steierparadies? Firwat gëtt hei, an enger parlamentarescher Fro, de franséische Premier zitieret mat sengem Opruff, géint d'Paradis fiscaux virzegoen, wa mer der Meenung sinn, mir wiere keent? Ech verstinn dat eigentlech net! Entweder mir sinn et, oder mir sinn et net! Ech mengen, mir wieren et net. Mä wann Dir mengt, mir wieren et a mir missten eis géint de franséische Premier wieren, dann hutt Der gesot, mir wieren eent. Mä Dir sidd jo d'accord, dass mer keent sinn. Also brauche mer eis och net ze wieren.

Ech hunn de franséische Premier an de franséische President - well mer eis jo dauernd gesinn, nächstens und tagsüber -, gefrot, ob se do speziell Iwwerleeungen iwwer Lëtzebuerg hätten, an de franséische President an de franséische Premier hu mer gesot, wa si vu Paradis fiscaux géife schwätzen, géife se net u Lëtzebuerg denken. Well se mer dat gesot hunn, soen ech dat och den Owend an engem Interview vu France 2, dass déi Zweek mer gesot hätten, et géif net ëm Lëtzebuerg goen. Well wat een engem esou seet an enger Sitzung, dat ass jo och wichteg, dass déi aner Leit dat wëssen. Et ass och wichteg, eleng fir déi franséisch Regierung, fir déi, déi net där Meenung wiere vum franséische President a vum franséische Premierminister, fir ze wëssen, dass net Lëtzebuerg domat gemengt ass.

Pour le reste sinn ech der Opfaassung, dass d'Existenz vum Bankgeheimnis net ursächlech schold ass un där Finanzkris, déi mer de Moment erliewen. D'Tatsaach, dass mer e Bankgeheimnis hunn an eenzelne Länner an Europa, ass net schold drun, dass mer déi Finanzkris hunn.

Déi Tatsaach, dass et, duerch d'Bankgeheimnis ënnerstëtzt, zu enger séier wäit ausgedehnter Intransparenz vun de Finanzprodukter an der Welt komm ass, déi Tatsaach kann ech allerdéngs net ofstreiden. Mä ech gesi keen extrat lëtzebuergesch Beméien an deem Zesummenhang. Mä dass et aner Territoirë gëtt, och an der Europäescher Unioun, och d'britesch Kanalinselen, déi Produkter an d'Welt gesat hunn, déi zur Intransparenz bäigedroen hunn - dat ass net esou séier eise Fall, wéi dee vun aneren -, dat kann een net contestéieren.

Lëtzebuerg ass esou wéineg schold un der Finanzkris, déi mer de Moment erliewen, wéi den Olympique vun Äischen schold drun ass, dass Bayern München net däitsche Fussballmeeschter ginn ass.

(Hilarité)

Mä, wa Fussball gespillt gëtt no Regeln, déi net iwwerall déiselwech sinn, wa Fussball gespillt gëtt no Regeln, wou deen, dee méi klug ass wéi deen aneren, well e méi spéit aus der Kabinn kënt oder während der Paus keen Téi zerwéiert, mä en Aschleiferungsmittel, da kann dat duerchaus dozou bäidroen, dass de Finanzsystem net fonctionnéiert. Ergo muss mer bereet sinn, an der Europäescher Unioun, net an der OECD, iwwer Weeër ze schwätzen, wéi een nocif Ausflëss vun der Persistenz vu Bankgeheimnisser op een-

zelen europäesche Finanzplaze kann évitéieren.

Mir sollen an déi Diskussioun eragoen ouni Angscht. Déi Leit, déi Argumenter virbréngen, séier, oft séier richteg Argumenter géint d'Bankgeheimnis, déi hu Recht, mä si hunn net op der ganzer Linn Recht. Déi Leit, déi Argumenter virbréngen fir d'Bankgeheimnis, déi hunn och Recht, mä si hunn net op der ganzer Linn Recht. Mir mussen also kucken, wéi mer an den nächste Joren déi zwou Positionen openee bréngen.

Déi Virstellung allerdéngs, dass de ganze Finanzsystem vun der Welt geännert muss ginn, just dass zu Lëtzebuerg näischt sech därëf änneren, dat ass eng, där ech net ka spontan unhänken. D'Insistenz vun der Regierung allerdéngs, fir d'Bankgeheimnis ze verdeedege géint Argumenter, déi net méi wäert sinn, wéi déi Argumenter, déi fir d'Bankgeheimnis schwätzen, déi ass och integral. Et ass eng Diskussioun, déi mer muss mat eise Partner a Frënn an der Europäescher Unioun féieren, a mir féiere se och.

Lëtzebuerg gëtt muer de Moien net d'Bankgeheimnis op, mä Lëtzebuerg bedeelegt sech un all Diskussioun, déi zu méi Transparenz op de Finanzmäert bäidreit, a Lëtzebuerg wäert an deem Kontext verlaangen, dass all aner extra Steierregelungen, déi et soss op den Territoirë vun der Europäescher Unioun gëtt, engem kriteschen Examen ënnerworfen ginn, dee mindestens esou intensiv ass, wéi deen, deem eist Bankgeheimnis ënnerworfen gëtt.

Lëtzebuerg wäert och drop opmierksam maachen, wéi mer dat déi lescht siwen, aacht Joer gemaach hunn, an zwou verschiddene Regierungskompositionen, dass aner Extraen, déi aner Länner hunn, gradesou kritesch gekuckt ginn. Der Welt entsteet muer Schued duerch een intelligent applizéiert Bankgeheimnis zu Lëtzebuerg - wat ee muss iwwerpräiwene, ob dat op déi nächst 20 Joer ka bestoe bleiwen -, wéi der Welt Schued entsteet duerch de Waffenexport vun deene Länner, déi eis kritiséieren.

►► **M. le Président.** - Merci, Här Statsminister.

Här Meisch, hutt Dir eng zousätzlech Fro?

►► **M. Claude Meisch (DP).** - Ech soen dem Premier- a Finanzminister Merci fir seng Explikatiounen.

D'Fro ass gestallt ginn, ob ech Lëtzebuerg als Paradis fiscal géif betruachten, well ech déi Fro hei gestallt hunn, a well et jo offensichtlich ëm d'Paradis fiscaux geet am Zesummenhang mat där Réunioun, déi haut zu Paräis stattféint. Ech wëll net soen, dat ech dee Lien gemaach hunn. Ech hunn hei just déi international Press an och déi däitsch Press zitieret, wou steet: „Steinbrück sagt Steueroasen den Kampf an“, „Steinbrück prangert auch die Schweiz, Österreich und Luxemburg an“. Dat heescht, do gëtt ganz kloer och Lëtzebuerg viséiert, an ech fannen et ganz normal, dat e lëtzebuergesch Deputéierten, dat d'Lëtzebuurger Chamber sech dorëm Suerge mécht an dofir och hei därëf Froe stellen.

Ech si frou ze héieren, wann de Premierminister seet, dat op där Réunioun, déi haut zu Paräis stattféint, Lëtzebuerg net viséiert ass. Allerdéngs froen ech mech dann och, firwat et esou ass, dat mer net dohinner gaange sinn, well mer jo offensichtlich mat deene Konklusiounen, déi souwisou schonn am Virfeld gezu gi sinn, finalement net kënnen d'accord sinn. Dat schéngt mer nach ze klären ze bleiwen.

►► **M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État, Ministre des Finances.** - Ech hunn, Här President, a kenger Sekonn gesot, dass Lëtzebuerg net duerch déi Réunioun zu Paräis viséiert wier. Ech hu gesot, dass déi Konklusiounen, déi proposéiert gi sinn als Resultat vun där Paräisser Konferenz, drop erausgelaf si fir ze soen, dass ee Land, wat e Bankgeheimnis huet, an der Kategorie vun de Steierparadieser anzerieen ass, an ech hu gesot, Lëtzebuerg wier keent, well, dat soen ech elo derbäi, de Secret bancaire zu Lëtzebuerg virum dem Untersuchungsriichter och net kann invoquéiert ginn; den Untersuchungsriichter ka sech selbstverständlech doriwwer ewechsetzen.

Et gouf keng Ursach fir dohinner ze goen. Wa vu vireran an enger Konklusioun steet, mat där 20 Länner d'accord sinn - huet iwwerengs zur Kenntnis, dass 20 industrialiséiert Länner domat d'accord sinn, huet dat emol ganz gutt zur Kenntnis! -, dass ee Bankgeheimnis gläichzesetzen ass mat engem Steierparadies - eng Meenung, déi mir net deelen an déi ech net deelen -, un esou Konklusiounen wëlle mer net deel-

huelen. Mir hunn och allen Autoritéiten, déi invitéiert hunn, vun Ufank u gesot, wann et esou géif goen, wiere mer do net derbäi.

Dass den däitsche Finanzminister, all Finanzminister, all däitsch Finanzministeren zënter 20 Joer soen: Bankgeheimnis ass gläich Steierparadies; dass d'franséisch Finanzministeren zënter 20 Joer dat soen, déi belsch souguer heiansdo och - bis se gemierkt hunn, dass se selwer mat an der Affär drunhungen -, an all aner europäesche Finanzministeren, dat kann lech vläicht e Gefill derfir ginn, wéi lëschtég dass et ass, fir lëtzebuergesch Bankplazinteressen an Europa ze verdeedege.

Ech si keen Unhänger vum Bankgeheimnis, dat hunn ech heibannen oft zu Protokoll ginn. Bankgeheimnisser si net erfondt ginn, fir dem Finanzminister zu Hëllef ze kommen. Si sinn eigentlech erfondt ginn, fir just de Géigendeel ze bewierken. Allerdéngs leeën ech och vill Wäert drop, dass de Schutz vun der Privatsphär virum Stat vum eenzelne Bankclient och en eegene Wäert ass, an et geet ëmmer drëm, déi Intersektioun ze fannen tëschent Bankgeheimnis an dem normale Fonctionnement vun enger Finanzplaz.

Déi, déi zu Lëtzebuerg mengen, des Finanzplaz géif just bestoe wéinst dem Bankgeheimnis, déi ire sech fundamental! Déi, déi mengen, d'lëtzebuergesch Finanzplaz hätt eng Zukunft just, well mir als isoléierten Uert, zesumme mat Éisträich, an der Europäescher Unioun e Bankgeheimnis hätten, déi ire sech fundamental!

Dës Finanzplaz besteet just viru wéinst der Qualitéit vun hire Finanzprodukter, wéinst deem Sech-Abannen an en internationaalt Regelwierk. Déi Noutwendegkeeten hunn an de leschte Méint, Wochen an Deeg a Stonnen zougehall, an doraus muss mer de Stoff maachen, aus deem d'zukünfteg Lëtzebuurger Finanzstanduertpolitik gemaach gëtt.

D'lëtzebuergesch Regierung seet net, dass mer d'Bankgeheimnis muer ofschafen. Wann Dir sot, dass d'Bankgeheimnis ënner alle Fäll, an ënner där Form, wéi et elo besteet, muss mordicus bäibehale ginn, egal wat an der Welt passéiert, da muss Der dat zum Ausdrück bréngen.

Meng Meenung ass dat net. Ech sinn der Meenung, dass mer hei am rouege Gespräch mam Secteur, am rouege Gespräch mat eise Partner an der Europäescher Unioun - esou wéi mer dat an der leschter Legislaturperiod och gemaach hunn a Saache Besteuerung vun den Erspuerner -, muss Léisunge fannen, déi bei eis passen, bei eis Ambitioun, déi mer soss fir d'Welt hunn, bei eis moralesch Uspréich, déi mer hunn, wann et ëm d'uerdnungspolitesch Gestaltung vun de Verhältnissen an der Welt geet, an déi zu de Virstellung passen, déi eis Partner an Europa hunn.

Wann alles ännert, ass et falsch fir dovunner auszugeen, zu Lëtzebuerg dierft guer näischt änneren. Wann een net weess, wat alles ännert, ass et falsch fir dovunner auszugeen, zu Lëtzebuerg misst fir d'éischt emol alles änneren, ier déi aner eppes änneren.

Merci.

►► **M. le Président.** - Merci, Här Statsminister. Ech géif proposéieren, fir elo mat där Diskussioun opzehalen.

►► **M. Ben Fayot (LSAP).** - Här President, a wéi enger Prozedur si mer hei, wann ech gelift?

►► **M. le Président.** - Mir sinn an der Prozedur vun enger „Question urgente“, mat eng Kéier „Parole après ministre“. Eng Kéier „Parole après ministre“, an dann huet et sech.

(Interruptions)

►► **M. Claude Meisch (DP).** - Ech wëll hei, Här President, nach eng Kéier preziséieren, dat ech aus den Ausféierung vum Här Statsminister eraushéieren hunn, wéi wann hien der Meenung kéint sinn, et géifen der ginn - an ech géif zu deene gehéieren -, déi mengen, d'Finanzplaz zu Lëtzebuerg géif just nach um Bankgeheimnis fousse. Ech weess net, wéi de Statsminister dorber kënt, mä hie soll mer da wann ech gelift Zitater sichen, wou hien zu där doter Konklusioun komm wär, falls hien déi sollt esou geholl hunn.

De Statsminister huet richteg gesot, dat ee muss a rouege Gespréicher doriwwer schwätzen, mat de Partner. Da soll...

►► **M. le Président.** - Här Meisch!

►► **M. Claude Meisch (DP).** - ...een och a rouege Gespréicher heibannen doriwwer diskutéiere kënnen. Dat wär mer dann awer

wichtig, datt mer sachlech an ouni géigesäiteg...

» **M. Ben Fayot (LSAP).** - Da maache mer dat an enger anstänneger Prozedur, Här Meisch, net einfach esou...

(Interruptions)

» **M. Claude Meisch (DP).** - ...däerf ee sech dann och Gedanke maachen, wann op internationaler...

» **M. Ben Fayot (LSAP).** - Dir kënt lech Gedanke maachen, mä an enger Prozedur, déi d'Chamber sech hei ginn huet!

» **M. le Président.** - Här Statsminister, Dir hutt dat lescht Wuert elo.

» **M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État, Ministre des Finances.** - Här President, ech si frou, dass Dir mat Ärer Autoritéit mir dat lescht Wuert gitt.

(Hilarité)

Meng natierlech Modestie, déi Dir alleguer appréciéiert, bréngt mech dozou fir mäi Wuert net als dat lescht Wuert ze appréciéieren, mä och net als dat virlescht.

Ech hu mam Här Meisch kee Sträit. Ech halen et fir normal, dass ee vun den Oppositionschefen déi Fro hei stellt. Obschon ech am Fong net zoustänneg sinn, hunn ech awer fonnt, wéinst der Qualitéit vun deem, deen d'Fro stellt, misst ech heihinner kommen.

Den Här Meisch gëtt hei zu Protokoll - wou fir ech him dankbar sinn -, dass d'Lëtzebuerger Finanzplaz net eleng um Bankgeheimnis hält, an dass mer mat den Acteure vum Secteur, mat eise Partner an Europa, mat deenen, déi eis an der Welt observéieren a mat deene mer commercéieren, mussen zu gemeinsame Léisunge kommen, fir dass mer deen internationale Finanzsystem an d'Uerdnung kréien, nodeem mer allen zwee zum Ausdröck bruecht hunn, dass d'Existenz vum Lëtzebuerger Bankgeheimnis déi Finanzkris hei nu wierklech net ausgeléist huet.

Mä wann all Regele geännert ginn, wa mer zu enger Refondatioun vum „capitalisme de spéculation“ kommen a gäre vun deem „capitalisme aventurier“ ewechkommen an en „capitalisme d'entreprenariat“ - wat een typesch liberale Gedanken ass, deem ech unhänken -, da musse mer dovunner iwwerzeegt sinn, dass mer eis selwer musse Froe stellen iwwert d'Aart a Weis, wéi mer bestëmmte Saache maachen, ouni dass mer Virleeschunge maachen, déi unilaterale Charakter hätten. An deem Sënn fannen ech, dass dat, wat de Kolleeg Meisch a wat ech selwer hei zum Ausdröck bruecht hunn, deem entsprechen, wat dem Lëtzebuerger gesonde Mënscheverstand och entsprécht.

Merci.

» **M. le Président.** - Merci. Mir kommen dann zur Heure de questions.

6. Heure de questions au Gouvernement

Mir hunn eng Froestonn un d'Regierung. D'Deputéierten hu jee weils zwou Minutten Zäit, fir d'Fro virzedroen. D'Regierung huet véier Minutten Zäit, fir drop ze äntwerten. Et gëtt ofgewiesselt tëschent der Majoritéit an der Opposition.

Mir fänken u mat der Fro N°279 vum Här Marco Schank un den Här Bauteminister iwwert de Bau vum Klierfer Lycée. Här Schank, Dir hutt d'Wuert.

- **Question N°279 du 21 octobre 2008 de M. Marco Schank relative à l'état d'avancement du projet du lycée de Clervaux, adressée à M. le Ministre des Travaux publics**

» **M. Marco Schank (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, nodeem datt de Réidener Kanton ee wonnerschéine Lycée krut, sinn d'Leit aus dem nördlechen Norden émsou méi ongedëlleg, well se och gären en neie Lycée hätten. Net méi spéit wéi gëschter huet sech nees déi Initiativ zu Wuert gemellt, déi fir ee Lycée am Klierfer Kanton antrëtt.

Ech wollt deemno den Här Bauteminister froen, wou mer do mat den Aarbechten dru sinn, wéi et mat der Etüd ass, déi entaméiert gouf, respektiv mat dem Avant-projet, a wéi et mat den Terrainen ass, déi virun allem och an der Peripherie vum eigentleche Bausite sollten ugeschaaft ginn. Dat wier meng Fro.

Merci.

» **M. le Président.** - Den Här Baute-minister huet d'Wuert.

» **M. Claude Wiseler, Ministre des Travaux publics.** - Merci, Här President.

Fir op déi Fro do ze äntwerten, wëll ech just soen, datt mer beim Lycée vu Klierf an där normaler Prozedur sinn, déi mer eis hei zesumme ginn hunn. Et ass eng Prozedur, déi doranner besteet, datt mer, anescht wéi dat viru véier, fënnef Joer nach de Fall war, eis Preparatiouns- an eis Programmationsphasen esou maachen, datt mer dee Programm, dee mer an dëser Phas hikeréien, méi wäit drécken a méi definitiv maachen, wéi dat soss de Fall war. Dat heescht awer an der Praxis, datt déi Programmationsprozedur e wéineg méi Zäit brauch.

Mir haten am Januar dëst Joer eng éischt Sitzung iwwert de Rahmenprogramm vun der Schoul, wou doriwwer geschwat ginn ass, wat genee an déi Schoul komme soll. Den 28. Oktober wäert probéiert ginn, dee Programm ze finaliséieren, also all déi Aarbechten esou ze maachen, datt mer kënnen an déi nächst Etapp goen. Et wäert e Lycée vu 640 Schüler ginn, e Lycée technique de proximité, mat normale Säll, Spezialsäll, Atelieren, Sportsinfrastrukturen, a mir hoffen, datt mer dëse Mount dee Programm nach finaliséiert kréien.

Déi nächst Prozedur ass dann, datt mer bis zum Enn dës Joers wëllen en Appel de candidatures maachen, wou souwuel d'Architekture wéi d'Bureaux d'études gefrot ginn, fir ze kandidéieren. Dat soll bis Enn dës Joers dann och geschéien, wa mer d'Kandidaturen erëmkréien. D'Designatioun vum Architekt a vum Ingenieursbüro soll ufank 2009 gemaach ginn. Eng Planifikatioun brauch, wéi bei all Lycée - inklusiv wéi beim Lycée Réiden zum Beispill, dee relativ schnell gebaut ginn ass -, zwee bis dräi Joer, ier mer prett si fir ze bauen. Esou e Lycée wéi deen hei, dee brauch zwee bis dräi Joer Bauzäit.

An Zwëschenzäit ass et esou, datt d'Terrainen, déi vum Stat kaaft gi sinn, nach mussen assainéiert ginn. Dat sinn Aarbechten, déi elo kënnen ulafen, esou datt mer prett si mat dem Assainissement, wann d'Programmation, d'Ausaarbechtung vum Text zesumme mat der gesamter gesetzlecher Prozedur fäerdeg ass.

Wat den Akaf vum Terrain ugeet, esou wësst Der, datt mer elo den Terrain hunn, fir de Lycée drop ze bauen. Et ass esou, datt niewent deem Terrain, deen actuellement am Statsbesëtz ass, nach en aneren Terrain existéiert, wou Négociatioune waren, a wou et eng Bereetschaft vum Stat gëtt, fir deen Terrain och ze kafen. Mat deenen Négociatioune si mer awer an dësem Moment nach net zum Schluss komm. Ech weess och net, ob mer do en Accord mat dem Propriétaire fannen.

Dat war awer nëmme geduecht, fir eng eventuell zukünfteg Extensioune vum Lycée ze maachen. Ob et an deenen Négociatioune wäert zu engem Accord oder Désaccord kommen, stellt de Projet, esou wéi mer en elo concevéieren, net a Fro. Dee Projet ka realiséiert ginn op deem Terrain, dee mer elo hunn, a wäert och an deenen Délaien, déi ech virdu genannt hunn, realiséiert ginn, wann alles riicht leeft, a wa mer net an de Prozeduren, wéi et alt heiansdo virkënt, en Accident kréien. Ech denken an ech hoffen net, datt dat de Fall wäert sinn.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister. D'Fro N°280 vum Här Berger riicht sech un den Aarbechtsminister a bezitt sech op de Personalstatut vun der CFL an op déi nächst Sozialwahlen. Här Berger, wann ech gelift.

- **Question N°280 du 20 octobre 2008 de M. Eugène Berger relative aux dispositions dans le statut du personnel des CFL réglant la procédure pour les prochaines élections sociales, adressée à M. le Ministre du Travail et de l'Emploi**

» **M. Eugène Berger (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn effektiv eng Fro un den Aarbechtsminister par rapport zu den Dispositiounen fir d'Sozialwahlen respektiv d'Erneuerung vun de Personaldelegatiounen, déi den 12. November dëst Joer wäerte stattfannen.

Et ass esou, datt bei der CFL eng Note erauskomm ass, déi sech op de Statut vum Personal bezitt an déi ënner anerem stipuléiert, datt nëmme déi professionell Organisatioune kënnen eng Lëscht fir d'Wahle vum 12. November presentéieren, déi 10% vum Personal representéieren an op d'mannst 299 Memberen hunn. Eng

zweet Dispositioun aus där Note seet, datt bei der CFL d'Délégation principale hei simultan mat der Délégation divisionnaire gewielt géif ginn.

Dat sinn op alle Fall schon zwee Punkten, déi schéngen a mengen Ae contraire ze sinn zu deene verschiddenen Dispositiounen vum ofgeännerte Reglement vum 21. September 1979, an deem verschiddene Detailler vun de Sozialwahlen geregelt ginn.

Dofir meng Froen un den Aarbechtsminister: Huet de Minister, respektiv d'ITM, Kenntnis dovunner? Kann hien och confirméieren, datt déi Punkten am Fong geholl contraire sinn zu deem Reglement, respektiv gedenkt de Minister eppes ze ënnerhuelen, fir datt dann och d'Personalstatute vun der CFL ëmgeännert ginn, fir datt se konform zu de Reglementer sinn?

» **M. le Président.** - Merci, Här Berger. Här Biltgen, Dir hutt d'Wuert.

» **M. François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi.** - Merci, Här President. Ech stellen emol fir d'éischt fest, dass den Här Berger sech um Adressat iert, well zoustänneg fir de Statut vun der CFL ass net den Aarbechtsminister, mä den Transportminister.

Zweet Remarque: Et handelt sech beim Statut wéi beim Code du Travail ëm zwee Gesetzer. Ech weess net, wat am Statut steet, dat huet mech och net ze interesséieren. Dofir ginn ech emol dovunner aus, dass dat, wat den Här Berger hei gesot huet, och esou am Statut steet.

Wann et e Konflikt zwëschen zwee Gesetzer gëtt, dann ass et net un engem Minister fir ze decidéieren, virun allem net dee vun deem zweete Gesetz, dass dat konform wier oder net. Dann ass souwisou am Endeffekt héchstens de Richter - wann e sollt befaasst ginn - kompetent fir dat ze vidéieren.

Zwee Gesetzer, do muss ee kucken, wat de Conflit de loi ass. Et muss ee kucken, ob verfassungsrechtlech Problemer do sinn. Et ass net um Minister dat ze maachen.

Dobäi wëll ech soen, wann e Geriicht da géif eventuell domadder befaasst ginn, da misst de Richter eigentlech zwee Prinzipien analyséieren. Deen éischten ass deen, specialia generalibus derogant, dat heescht e Spezialgesetz steet ëmmer iwwert dem Generalgesetz. Dat heescht, wann am Statut vun der CFL spezial Reglungen virgesi sinn, da priméieren déi iwwert de Code du Travail. Dat ass en allgemengt Prinzip.

Dat Zweet ass, wann een dergéint wëllt virgoen, da misst ee scho beweisen, dass de Salarié, net d'Organisation syndicale, mä dass de Salarié duerch de Statut vun der CFL manner Protektioun hätt wéi d'allgemeng Protektioun vum Code du Travail. Esou dass ech nach eng Keier soen, dass déi Fro sech eigentlech net un den Aarbechtsminister adresséiert, mä héchstens, wa se sech géif un e Minister adresséieren, un den Transportminister, an am Endeffekt, wann et wierklech géif hei haart op haart kommen, un de Richter.

» **M. le Président.** - Merci. Nächsten ass den Här Romain Schneider. Seng Fro adresséiert sech un den Aarbechtsminister iwwert d'Aféierung vun enger Loi-cadre zum Compte épargne-temps.

- **Question N°281 du 20 octobre 2008 de M. Romain Schneider relative à l'introduction d'une loi-cadre relative au compte épargne-temps, adressée à M. le Ministre du Travail et de l'Emploi**

» **M. Romain Schneider (LSAP).** - Wéi Der all wësst, trëtt an zwee an engem hallwe Mount, den 1. Januar 2009, d'Gesetz vum Statut unique a Kraaft. Nieft enger Harmonisatioun vun den Aarbechter- an Employésstatuten, dem Aféiere vun enger Gesondheetskeess oder nach der Lounfortzuelung am Krankheitsfall, gesäit d'Gesetz awer och nach Neierungen am allgemengen Aarbechtsrecht vir. Esou zum Beispill den Émgank mat den Iwwerstonnen, wou d'Gesetz d'Aféierung an d'Benotze vun engem Compte épargne-temps ernimmt, also engem Zäitspuerkont, wou geschafften Iwwerstonne kënnen agespuert ginn, fir zu engem spéideren Zäitpunkt benotzt ze ginn.

Fir esou engem Compte épargne-temps awer eng legal Basis ze ginn, muss ee Kadergesetz hier, wéi dat och de Statsrot an d'Chambre de Commerce bemierkt hunn. Dëst ass bis haut awer nach net um Instanzewe.

Well awer d'Aféierung vun esou engem Kadergesetz ëmmer méi laang op sech waarde léisst, riskéiert een am Endeffekt x verschidde Modeller mat deene verschidde Modalitéiten an de Betriber vir-

zefannen. Dëst wier da schlussendlech deene meeschte Betriber an hire Salariéen net onbedéngt ee groussen Déngscht geleescht. Virun allem kéint d'Kadergesetz de Salariéen awer hir gespuerten Zäit garantéieren, och beim Fall vun enger Faillite.

An deem Zesammenhang, wéi gesot, meng Fro un den Aarbechtsminister, wéini hie gedenkt dëse Projet de loi an der Chamber ze déposéieren.

Zweetens, an engem Interview am „Tageblatt“ vum 21. Mee 2008 huet de Minister gesot, datt - ech zitéieren, awer op Lëtzebuergeresch iwwersat -: „Mir hoffen, nach an deenen nächste Wochen een Avant-projet de loi zur Diskussioun fräzeginn.“ Ass dësen Avant-projet de loi derbäi, vun de Sozialpartner ënnert d'Lupp geholl ze ginn?

An dann drëttens, am Juli 2004 huet de Wirtschafts- a Sozialrot een ausféierlechen Avis zu den Zäitspuerkonten ausgeschafft. Kann een dovunner ausgoen, datt de Projet de loi den Haaptiwwerleeunge vun dësem Avis Rechnung dréit?

Ech soen lech Merci.

» **M. le Président.** - Den Här Aarbechtsminister huet d'Wuert.

» **M. François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi.** - Merci, Här President. Dozou véier Remarquen.

Déi éischt ass déi: Et ass net esou, dass wa mer kee Gesetz hätten, et keng Aarbechtszäitkonte kéinte ginn, well mir hunn Aarbechtszäitkonten. Déi meescht ginn iwwert d'Sozialpartner an de Kollektivverträg schon duerbruecht. Dass ech selwer ëmmer derfir plädéiert hunn, e Gesetz ze maache mat engem allgemenge Kader, ass virun allem, fir eng Rumm deenen Entrepreneuren an deene Salariéen ze bidden, déi net ënner Kollektivverträg falen.

D'Gesetz, op deem mer schaffen, gesäit also dofir zwou Saache vir. Engersäits d'Basidispositiounen fir déi Betriber, déi net ënner Kollektivverträg falen, a weidergehend Bestëmmungen, déi nëmme d'Kollektivverträgspartner kënnen maachen. Well eis Philosophie - an och meng perséinlech als Aarbechtsminister - déi ass, dass mer méi Sozialpartnerschaft brauchen a manner Gesetz.

Zweet Remarque, dat ass zum Wirtschafts- a Sozialrot: Et ass richtig, dass mer eis op dem Wirtschafts- a Sozialrot säin Avis baséieren; esou hu mer dat och an der Regierungserklärung virgesinn.

Allerdéngs muss ee soen, dass een domadder net vill ufänke kann, well dee just allgemeng Prinzipie seet, awer net Detailprinzipien. Dat, wat de Salarié, wat de Betriebschef interesséiert, dat sinn d'Detailprinzipien. Déi sinn net esou einfach.

Dofir eng drëtt Remarque: Deen Avant-projet hu mer ausgeschafft, deen hu mer nach net de Sozialpartner ginn. Dat ass richtig. Well wann ee wëllt en uerdentlech Zäitspuerkontegesetz maachen, da muss een net nëmme aarbechtsrechtlech Problemer léisen, da muss een och fiskalrechtlech Problemer a Sécurité-sociale-rechtlech Problemer léisen.

Deen Avant-projet de loi, deen effektiv scho fäerdeg war virun der grousser Vakanz, ass elo bei eise Kolleegen, déi zoustänneg si fir d'Sécurité sociale, a fir d'Steieren ass deen elo op déi lescht Iwwerprüewung weidergeschéckt ginn. Wann déi fäerdeg sinn an eis soen, dass dat dote geet, da wäert och dee Moment dann de Regierungsrot saiséiert ginn.

Wat mech dann zu där véierter Remarque bréngt an zur Äntwert op déi éischt Fro: Dass ech natierlech hoffen, esou séier wéi méiglech déi kënnen ze deponéieren, mä et huet kee Wäert, en net fäerdeg Projet ze deponéieren. Déi Zäitspuerkonte si bis elo ëmmer dru gescheitert, well et eben net nëmme eng aarbechtsrechtlech Fro ass, mä well et eng Fro ass, déi a ganz vill aner Domänen erageet; a wann déi net geléist sinn, notament och déi, deen Här Schneider ugeschwat huet vun der Solvabilitéit, da gëtt et näischt.

Dat ass alles méi einfach gesot wéi gemaach, mä ech si gudde Mutts, dass mer dat an deenen nächste Wochen nach wäerten diskutéieren.

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister. D'Fro N°282 vum Här Claude Adam riicht sech un d'Erzéiungsministesch a befaasst sech mat den Owescoursen an de prakteschen Exame vum CATP. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

- Question N°282 du 20 octobre 2008 de M. Claude Adam relative à l'organisation des cours du soir, notamment des conditions d'admissibilité des élèves à l'examen pratique du CATP, adressée à Mme la Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle

» **M. Claude Adam (DÉI GRÉNG).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Madame Minister, eisen Informatiounen no gëtt de Lycée technique du Centre eng ronn 60 Schüler d'Chance, fir hiren CATP-Ofschloss an Owescoursen nozehuelen. Bei de 60 Schüler handelt et sech gréissten-deels ëm sougenannten Décrocheurs scolaires; a mir begreissen et ausdrécklech, datt den LTC dës Méiglechkeet ubitt.

Wann dës Schüler regelméisseg an hir Owescoursen vum 10^e, 11^e an 12^e professionnelle, commerce et administrative ginn, kënnen se och den theoretischen Exame maachen. Fir hire prakteschen Examen ze maachen, mussen dës Schüler zwee Joer am administrative Beräich schaffen. Eisen Informatiounen no géifen dës Schüler nëmmen op 11^e kommen, wa si en Aarbechtskontrakt am administrative Beräich hätten.

Hei bäisst sech dann awer d'Kaz an de Schwanz. Onqualifizéiert Jugendliche fanne keng Aarbecht, well se keng Qualifikatioun hunn. Déiselwecht Jugendliche kréie keen Zougank zur Qualifikatioun, well se keng Aarbecht hunn.

Déi meescht vun deene betraffene Schüler sinn eisen Informatiounen no entweder am Chômage oder hunn zwar eng Aarbecht, awer net am administrative Beräich.

Madame Minister, sinn eis Informatiounen richteg? Ass et och esou, datt déi Schüler, déi hire Schoulofschloss wëllen nohuelen, effektiv ëmmer méi jonk ginn? Dat heescht, mir hunn et hei ëmmer méi mat enger École de la deuxième chance ze dinn a manner mat enger Formation continue.

Wéi wëllt de Ministère esou Schüler weider motivéieren an encouragéieren? Ass et denkbar, d'Angebot vum dëser École de la deuxième chance auszubauen?

» **M. le Président.** - Kolleegen, vu datt den Här Aarbechtsminister Terminer huet a well mer a Verzug sinn, freet en, fir d'Froen 286 an 289 elo direkt kënnen ze behandelen. Sidd Der domadder d'accord?

(Assentiment)

Madame Minister, wann ech gelift.

» **Mme Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.** - Här President, den Här Adam stellt mer eng Fro, wou ech e Freideg e Mail krut, wou alles dat drasteet, wat den Här Adam elo a senger Fro gesot huet. An effektiv hunn ech e Méindeg, also gëschter, e Bréif un den Direkter vum Lycée technique du Centre geschéckt, fir ze preziséieren, ëm wat et geet.

Fir déi, déi de Mail net kruten - ech weess awer net, ob där heibanne sinn - wëilt ech just soen, dass dat eng Formatioun ass, Owescoursen, fir an der Formation professionnelle zu engem CATP am Commerce an administratif ze kommen.

D'Formation professionnelle ass par définition eng Kombinatioun vu Schoulausbildung an Ausbildung an der Praxis, an dofir gi jo Contrats d'apprentissage gemaach. Dat heescht, et muss een e Contrat d'apprentissage maachen, fir Léierjong oder Léiermeedchen ze ginn.

Elo ass et esou, wat den CATP administratif ugeet, do gëtt et an den Dagescoursen eng Dixième an eng Onzième plein temps, an ab der Douzième muss een dann e Patron fannen, e Contrat d'apprentissage, fir kënnen deen Exame vum CATP ze maachen, wat Theorie a Praxis ass.

Ech hunn an deem Bréif, deen ech dem Direkter vum Lycée technique du Centre

geschriwwen hunn, deen ech lech och ka gär ginn, op déi Froe vun deene Schüler geäntwert. Ech weess allerdéngs net, wou d'Opreegung hierkomm ass, dass op eemol, nodeem dat dote scho jorelaang fonctionnéiert, am Lycée technique du Centre nei Froe gestallt gi sinn. Mä jiddefalls hu mer da gesot: Allegueren déi Leit, déi op enger Dixième, enger Onzième oder enger Douzième elo an Owescoursen ageschriwwen sinn, kënnen selbstverständlech weider an deene Coursen ageschriwwen bleiwen.

Déi, déi op der Dixième oder op der Onzième sinn, mussen - wärend se am Dagescours, dann hätte se jo plein temps an der Schoul - och da just, fir op der Douzième zum Examen zougelooss ze ginn, zwielef Méint - also ee Joer - Praxis hunn. Vu dass se elo op Dixième oder Onzième sinn, kënnen se jo e Patron sichen, deen hinnen e Léiervertrag mécht, wou se kënnen deen Deel maachen.

Mir soen awer, vu dass dat Apprenant-adulté sinn, wa se scho virdru Berufspraxis haten, da kann déi unerkannt ginn a si mussen net an eng nei Léier goen. Déi, déi elo op der Douzième sinn - dat ass jo deenen hiert lescht Joer -, mussen natierlech eng gewësse Berufspraxis hunn. Si kënnen zwar den theoretischen Deel vun der Prüfung maachen, mä si kréien awer keen CATP, wa se net dee ganze Volet ofdecken. Deene soe mer, si sollen dann elo probéieren e Patron ze kréien, esou wéi déi aner, déi elo an enger Léier sinn. Bei deene géifen dann néng Méint duergoen, fir sech deem ganzen Exame kënnen ze stellen.

Den Här Adam huet mech dann nach gefrot, ob déi Leit an der Formation des adultes, dat heescht déi iwwert den zweete Bildungswee probéieren an den Apprentissage ze kommen, ëmmer méi jonk ginn. Déi Fro kann ech net esou beäntweren.

Meng lescht Informatioun war: Mir hu virun engem Joer e Rapport maache gelooss iwwert d'Léier an iwwert den Apprentissage des adultes. Do war et deemools schon esou, dass déi meescht vun deenen, déi säit ëmmer am Apprentissage des adultes sinn, eigentlech ëm 19, 20, 21 Joer hunn. Ech hunn also elo net d'Impressioun, dass deen Alter an deene leschte Joren erofgaange wär. Mä dat kann ech awer nëmmen als Impressioun beäntweren. Ech kann et net mat Chiffere vun dësem Joer ënnerleeën. Dat muss mer nach kucken.

Merci, Här President.

» **M. le Président.** - Merci, Madame Minister. Mir kommen dann zur aachter Fro vum der Madame Viviane Loschetter un den Aarbechtsminister iwwert d'Konventioun 94 vum OIT.

- Question N°286 du 21 octobre 2008 de Mme Viviane Loschetter relative à la Convention N°94 de l'Organisation Internationale du Travail, adressée à M. le Ministre du Travail et de l'Emploi

» **Mme Viviane Loschetter (DÉI GRÉNG).** - Merci, Här President. Wann ech déi Fro elo hei stellen, dann ass et, well déi mat enger gewëssener Aktualitéit ze dinn huet. An zwar gëtt net méi spéit wéi haut am Europaparlament de Rapport vum honorablen Här Andersson, betreffend eng Adaptatioun vun der Directive détachement, duerchdiskutéiert. Hien invitéiert d'État-membren, fir déi Convention sur les clauses de travail, betreffend d'Marché-publicen, ze ënnerschreiwen; fir déi Länner, déi et eben nach net ënnerschriwwen hunn.

Or gehéiere mir zu deene Länner fir déi Konventioun, déi schon eng Zäitche besteet. Si ass an de 50er Joren aktiv ginn an ass du vun enger ganzer Rutsch vun EU-Länner ënnerschriwwen ginn.

Firwat huet Lëtzebuerg déi nach net ënnerschriwwen? Mir sinn am Ganzen elo zu zéng EU-Länner - ënner anerem Éisträich, d'Belsch a Bulgarien, Zypern, Dänemark, Spuenien, Finnland, Frankräich, Italien an Holland -, déi déi Konventioun net ënnerschriwwen hunn.

Gëtt et do Incompatibilitäten, firwat mir déi Konventioun net kënnen ënnerschreiwen? A wa jo, firwat? Oder gëtt et keng Incompatibilitéite mat anere Législatiounen? An deem Fall: Gedenkt d'Regierung déi Konventioun ze ënnerschreiwen? Wa jo, wéini?

» **M. le Président.** - Merci, Madame Minister. Här Aarbechtsminister, wann ech gelift.

» **M. François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi.** - Ech wëll drop agoen, andeem ech soen, dass déi Konventioun 94 net direkt eppes mat der Détachements-direktiv ze dinn huet, mä fir do op Detailer anzugeen, bräicht ech elo ze laang Zäit.

(Interruption)

Jo gutt, dat ass an der Rei, mä domadder ass nach net gesot, dass dat och esou ass.

Déi Konventioun huet awer och zu Lëtzebuerg eng gewësse Relevanz. Ech wëll och erklären, woufir mer se bis ewell nach net ratifizéiert hunn. Et geet eigentlech méi an d'Konventioun ëm d'Clause-socialen an de Marché-publicen.

Währenddeem et bei den Directives détachement drëm geet - ech maachen dann awer en Ausfluch bei d'Directives détachement -, fir eng Rechtssécherheet, wat d'Conflicts de loi ubelaangt, ze bréngen téschent engersäits de libres prestations de services, déi verankert sinn am Artikel 49 vum Traité, an anerersäits den Droit-socialen. Also, et ass Liberté fondamentale an Droit fondamental.

Do ass d'Jurisprudenz an Europa ëmmer ganz kloer gewiescht, dass et déi zwee gëtt. Mä well et Conflicts de loi gëtt téschent der Convention de Rome an effektiv zu engem gewëssenen Deel der Konventioun 94 vum OIT - mä déi manner wéi Rome -, huet Europa de Problem geléist duerch d'Directive détachement, andeem et gesot huet - an dat war d'Ursach vun der Directive détachement -: Et geet hei net drëm, fir d'libres prestations de services duerchzusetzen an Europa, mä et geet drëm, fir eng Sécurité juridique ze fannen téschent deenen enge Regeln an deenen aneren. Dat ass d'Directive détachement.

Wat jo mëttlerweil geschitt ass, dat ass, déi Directive détachement, déi ass engem Komproméss entstanen ass, gouf interpretéiert no enger Aart a Weis wéi ee se kann interpretéieren. Ech bleiwen der Meinung, dass eng aner Interpretatiounsweis och méiglech wär.

An ech bleiwen och der Meinung, dass et do Léisunge gëtt, déi et eis kënnen erlaben, dat esou ze maachen, wa jiddferen dat wëllt an Europa; net nëmmen d'Europaparlament, mä och de Conseil an d'Kommissioun wa méiglech, ouni dass mer mussen un Texter goen. Well wa mer un d'Texter ginn, dat ass ëmmer d'Pandora-Bécks. Dat ass also de Punkt vun der Directive détachement.

D'Konventioun 94 huet also effektiv eng kleng Inzidenz, awer manner grouss wéi d'Convention de Rome. Si huet awer nach wie vor eng Inzidenz op d'Lëtzebuurger Gesetzgebung, well et och ëm d'Clause-socialé geet an de Marché-publicen.

Dat ass eng Diskussioun, déi mer och ëmmer an dësem Haus gefouert hunn, wou mer bis elo keng Clause-socialen am Marchés-publics-Gesetz haten. Allerdéngs ass zënter 2006 en neie Projet de loi um Instanzwee, deen dat virgesäit.

Well mer do nach net wäit komm sinn, war de Wonsch vun der Regierung, dass den Aarbechtsminister déi Konventioun net géif ratifizéieren. Also dass mer se net ratifizéiert hunn, huet eppes mat eisem Marchés-publics-Gesetz ze dinn, wou dësse Minister, deen hei am Sall ass, versicht huet, d'Clause-socialen, vun deenen hien an ech mengen, dass déi konform wäeren zum europäesche Recht, a verschidde Marché-publicen eranzebréngen.

Allerdéngs sinn déi Clause-socialen, wéi mer se ewell hunn, vu Gerichter an éischter Instanz ëmgehäit ginn. Elo waarde mer also op d'Jurisprudenz vun zweeter Instanz, ier dass mer do kënnen kucke weiderzegoen. Dat heescht, eréischt wa mer déi Jurisprudenz vun zweeter Instanz hunn, wa mer d'Avisen hunn, notament déi vum Statsrot, zu de Projets de loi iwwert d'Marché-publicen, da kënnen mer och kucken, ob een effektiv kann d'Konventioun 94 ënnerschreiwen oder net.

De Problem, dee mir am Détachements-gesetz hunn, wou mer jo deemnächst wäerten driwwer schwätzen, well ech haut de Projet deponéiert hunn, ass net ze léisen iwwert d'Konventioun 94. Nach eng Kéier: Wa mer déi kënnen ratifizéieren opgrond vun eisem Marchés-publics-Gesetz, si mer selbstverständlech bereet, déi ze ratifizéieren, mä et ass net eisen Haaptzweck bei den Détachement-Direktivs-Poblemer.

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Mir kommen dann zur eelefter Fro vum Här Gibéryen iwwert d'Direktioun vun der Chambre du Travail.

- Question N°289 du 21 octobre 2008 de M. Gast Gibéryen relative à la nomination d'une nouvelle direction à la Chambre du Travail, adressée à M. le Ministre du Travail et de l'Emploi

» **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, den 1. Januar 2009 trëtt bekanntlech de

Statut unique hei zu Lëtzebuerg a Kraaft a gläichzäiteg hu mer dann, wat d'Salariat ubelaangt, och nëmme méi eng Chambre professionnelle duerch d'Fusioun vun der Aarbechter- an der Privatbeamtekummer. Vill Leit hu sech Gedanken gemaach, wat mat deem Personal an deenen zwou Chamberen geschitt, déi jo da fusionéieren, virun allem well all Chamber en Direkter an e Sous-Direkter huet, datt mer dann herno bei der Fusioun zwee Direkteren an zwee Sous-Direkteren hätten.

Elo huet den Zoufall da gewollt, datt an der Aarbechterkummer souwuel den Direkter wéi de Sous-Direkter dëst Joer den 31. Juli an d'Pensioun gaange sinn. Domadder wier de Problem am Fong geléist gewiescht, wann net d'Aarbechterkummer an hiren Plenarsitzung vum 6. Juni dunn awer direkt erëm en neien Direkter an en neie Sous-Direkter gewielt hätt, obschonn déi Berufschamber nëmme méi sechs Méint besteet.

Wann d'Gewerkschaften hei schon net spuermat de Pflichtbäitrag vun de Membere vun de Berufschamberen ëmginn an hei - menger Meinung no - iwwerflësseg Poste besat hunn, ass d'Fro un d'Regierung, déi den 18. Juli am Regierungsrat déi Poste confirméiert huet, ob si dann net zumindest dorunner geduecht hätt?

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - D'Wuert huet den Här Aarbechtsminister.

» **M. François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi.** - Merci, Här President. Ech hu jo de ganze Mëtteg versicht, uerdentlech Äntwerten op d'Froen ze ginn, souguer wann ech net direkt den Adressat war. Hei ass et méi schwierig, eng Äntwert ze ginn. Ech kann eng gesetzlech Äntwert ginn; déi ginn ech och.

Et muss ee wëssen, dass d'Chambres professionnelles am eigentleche Sënn vum Wuert Établissement-publicé sinn. Dat heescht, si sinn autonom. D'Regierung approvouert nëmmen d'Virschléi, déi vun de Chambres professionnelles kommen. Dat heescht, d'Regierung kann och nëmmen dann nee soen, wa se mengt, dass wierklech d'Prozedur méssuecht wieren. Wat d'Virschlagsrecht ubelaangt, gehéiert dat eenzeg an eleng de Chambres professionnelles.

Dat heescht, dee Moment wou d'Virschléi, déi d'Chambre du Travail dës Kéier gemaach huet un d'Regierung, via de Minister, deen dat der Regierung da weidergëtt, de Prozedur konform sinn, huet de Minister keen anere Choix, wéi déi ze akzeptéieren. Dat huet de Minister gemaach an huet och d'Regierung gebieden, déi ze akzeptéieren, wat d'Regierung och gemaach huet.

Wat elo déi nächst Direktioun ubelaangt vun enger Chambre des Salariés unique, do ass et ganz kloer, dass et elo müßeg ass, doriwwe ze épilouéieren, well épilouéiere mécht een zum Schluss an net am Virfeld. Also kënnen mer net épilouéieren, bis dass gewielt ass - eréischt den 12. November.

Wa mer wëssen, wien dann d'Soen huet an där Chambre des Salariés, dann eréischt kann déiselwecht Chambre des Salariés dem Minister och Propositionen maachen iwwert déi zukünfteg Direktioun, woubäi se muss kucken, d'Effikassitéit ze respektéieren. Dat ass eng Opportunitéitsfro vun der Chambre des Salariés, do ass si total fräi.

Dat Zweet, wat si natierlech muss respektéieren, dat ass dat allgemengt Aarbechtsrecht, well dat dote si Privatbeamten. Dat heescht, do dierf kee verschlechtert ginn, et sief dann, dee fréieren Artikel 37 wär hei respektéiert iwwert d'Kënnegungsännerung. Mä ech mengen, dat ass eppes, wouriwwer et elo ze fréi ass, iergendwéi Kommentaren ofzeginn.

Fir d'éischt muss gewielt ginn den 12. November. De 5. Januar, wann ech dat gutt am Kapp hunn, trëtt d'Chamber fir d'éischt konstitutiv zesummen, an da wäert d'Chamber och hir nei Organer bestëmmen. An nach eng Kéier: Si ass fräi, hir Organer ze bestëmmen. De Minister respektiv d'Regierung hunn déi ze akzeptéieren, soulaang se konform sinn zu de Prozeduren.

» **M. le Président.** - Merci, Här Aarbechtsminister. Mir kommen dann nees zréck un den normalen Oflaf vun der Froestonn, an zwar op déi fënneft Fro vum Här Roth. Den Här Roth freet den Innenminister zum Avant-projet de loi sur les communautés urbaines.

- Question N°283 du 21 octobre 2008 de M. Gilles Roth relative à l'avant-projet de loi sur les communautés urbaines, adressée à M.

le Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire

» **M. Gilles Roth (CSV).** - Merci, Här President. Virun der Sommervakanz huet den Innen- a Landesplanungsminister eng Rei vu Konsultatiounen zu engem Avant-projet de loi iwwert déi sougenannt Communautés urbaines gemaach.

D'Begeeschterung ass méi oder manner grouss gewiescht. Déi eng hunn an deem Instrument vun der Communauté urbaine e wichtegt Element vun enger effikasser Landesplanung gesinn. Anerer hu Bedenke geäussert an deem Sënn, dass d'Autonomie vun de Gemengen, déi an enger Communauté urbaine matschaffe missten oder sollten, a Fro gestallt wier.

Den Innenminister hat och eng Upassung vun dem Congé politique fir d'Gemegepolitik mat der Adopitioun vun dem Gesetzesprojet iwwert d'Communautés urbaines verbonnen.

Gëschter elo hunn déi Verantwortlech vun der Nordstad dem Statsminister an dem Innenminister de Masterplang fir déi zukünfteg Entwécklung vun der Nordstad iwwerrecht.

Meng Froen an deem Kontext sinn deemno déi un den Innenminister:

Wéllt d'Regierung un engem generellen Text fir d'Communautés urbaines festhalen oder e spezifescht Gesetz fir d'Nordstad maachen?

Am Fall, wou et e spezifescht Gesetz fir d'Nordstad géif ginn, wéi sollt an deem Fall den Dossier vun dem Congé politique evoluéieren?

» **M. le Président.** - Merci, Här Roth. Den Här Innenminister huet d'Wuert.

» **M. Jean-Marie Halsdorf, Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, richtig ass, dass ech virun der Sommervakanz en Avant-projet vun enger Communauté urbaine am Regierungsrot diskutéiert hunn, zesumme mam Congé politique an zesumme mat enger Kartographie iwwer eist Land, wat eng Base de discussion sollt sinn, wéi mer eist Land wëllen organiséieren.

Tatsaach ass, dass deen Avant-projet de loi an der Regierung Froen opgeworf huet, wou ech dann den Optrag kritt hunn, déi Froen ze klären an dann nees zréckzekommen an de Regierungsrot mat deenen dräi Punkten, déi ech elo ofgefëiert hunn.

Dat Ganzt beweegt sech awer op enger Matrice, déi fir mech immens wichteg ass. Mir hunn eng Spezialkommissioun, déi während méi wéi dräi Joer getaagt huet, an eng vun hire Konklusionen ass déi, dass eist Land eng Communauté urbaine brauch. Dat huet net nëmme de Minister gesot, mä dat hunn d'LSAP gesot, d'DP, déi Gréng an och d'CSV.

Gradesou huet gëschter Mëtteg eise Statsminister gesot, wéi mer de Masterplang vun der Nordstad iwwerrecht hunn, dass hie sech virstellt, dass d'Nordstad sech och ka fir eng Form vun enger Communauté urbaine prett maache fir déi Erausforderungen, déi op se zoukommen. Esou dass de Prinzip vun enger Communauté urbaineguer net a Fro gestallt ass an dass mer also do e grouse Konsens hunn.

Well nun awer sech Froen do opgeworf hunn, si mer an der Diskussioun nach net weiderkomm. Ech ginn dovun aus, dass ech iwwert déi nächst Woch nach eng Kéier Diskussioun mat verschiddene Politikerinnen a Politiker hunn iwwert déi modifizéiert Versioun vun der Communauté urbaine, esou wéi se elo virläit. An da ginn ech dovun aus, dass mer kënnen Neel mat Käpp maachen. Dat heescht, dass mer, éischters, de Projet de loi iwwert d'Communautés urbaines kënnen déuséieren; zweetens de Règlement grand-ducal iwwert de Congé politique och kënnen déposéieren, dee sech, wat ech schonn e puermol gesot hunn, un den Iwwerleueung vun Syvicol orientéiert; an drëtters, dass mer fir déi Kartographie, déi ech mam Syvicol ausgeschafft hunn, dann och kënnen den Aval ginn am Regierungsrot an da kënnen duerch d'Land goen, fir ze kucken, wéi mer staark Gemenge kréien, eng gutt Kollaboratioun mat eise Gemenge kréien, esou dass fir mech kuerz- bis mëttelfristeg - ech géif soen éischer kuerzfristeg - d'Schinn ganz kloer ass.

Ech gesinn hei keng Problemer, déi net ze léise wäeren. Ech géif éischer mengen, dass mer kéinte wéi gesot an deenen nächsten Deeg a Woche konkret déi Dossieren evakuéieren.

Nach e lescht Wuert. Den Här Roth huet mech gefrot, ob ech éischer géif mer eng

Communauté urbaine virstellen, déi en nationale Charakter hätt mat engem Gesetz oder eng op d'Mooss gemaach.

Nun, ganz kloer muss ech soen, géif ech mer wënschen, an dat ass och mäi Wëllen, eng national Léisung ze fannen, well ech mengen, dass een do e gudder Kader soll setzen. Dat ass jo e fakultatiivt Instrument, an do kann een dat Instrument jo huelen, et muss een et awer net huelen, esou dass ech géif mengen, dat sollt d'Léisung sinn, déi een zréckbehält.

D'Alternativ derzou ass déi, fir effektiv eng Communauté urbaine ze maache fir d'Nordstad, fir d'Haaptstad, fir de Süden. Da muss ee kucken, wéi een dat da géif tassel. Dat ass eng Méiglechkeet, déi ech awer à titre subsidiaire gesinn, ganz kloer à titre subsidiaire. Meng Léisung wär eng national Léisung. Och wann ech weess, dass mer zum Beispill, wat d'Fusiounen ueget, éischer amgaange sinn, Fusiounen op Mooss ze maachen, wou mer ëmmer e Gesetzesprojet maachen, an net ee Kadergesetz bis elo gemaach hunn, wéi dat och am Ausland geschitt ass.

Nun d'Zukunft, déi nächst Zukunft wäert eis dat soen.

Här Klein, ech weess, dass Dir och interesséiert sidd. Dir hutt net méi fréi wéi haut mer nach e Bréif zoukomme gelooss, wou Dir gesot hutt, dass Dir gär onbedéngt hätt, mir sollte konkret eppes ënnerhuelen. Ech wëll konkret eppes ënnerhuelen, a wann Dir mer gutt hëllef, Här Klein, mam Syvicol a mat all Äre Leit, da komme mer och gutt weider.

Merci.

(Interruptions)

» **M. le Président.** - Merci, Här Innenminister. Mir kommen dann zur sechster Fro. Dat ass d'Fro vun Här Mehlen un de Landwirtschaftsminister. Hie stellt eng Fro zum „Marketingboard“ am Fleeschsektor.

- **Question N°284 du 21 octobre 2008 de M. Robert Mehlen relative à la création d'un «Marketingboard» dans le secteur de la viande, adressée à M. le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural**

» **M. Robert Mehlen (ADR).** - Merci, Här President. Mat Datum vom 25. Juli 2008 huet de Budgetsminister de Landwirtschaftsminister autoriséiert, fir en Dépassement de crédit ze maachen op der Positionen Frais d'experts et d'études.

D'Motivatioun ass déi, dass déi Aarbechten um „Marketingboard“ méi deier kascht hate wéi geplangt an dass duerfir en Zousazkredit géif ugefrot ginn. De Kredit beleef sech elo am Ganzen op 265.500 Euro, dat heescht ronn 10,7 Milliounen Franc.

Duerfir wollt ech de Minister emol froen:

Wien ass konkret mat deser Saach beoptraagt? Wéi vill huet deen Dossier bis elo de Steierzueler kascht? A wat fir engem Stadium ass deesen Dossier de Moment?

Gëtt des Initiativ vun de Professionellen am Fleeschgeschäft matgedroen? A wie sinn des Acteuren, déi bereet sinn, an deem Kader matzeschaffen?

Kann de Minister dem Parlament garantéieren, dass d'ëst net nëmme eng Alibiaktioun ass, fir eppes ze maachen, nodeems dass déi Schluechthausetüd kee konkret Resultat erginn huet?

A kann de Minister garantéieren, dass deser Aktioun en ähnlecht Schicksal erspuert bleift wéi der Etüd Pricewaterhouse, déi Enn 1997 am Wäibau erauskomm ass, nämlich dass déi ganz Aarbecht am Endeffekt Lettre morte bleift a jiddfer eenzelnen Acteur weiderhi seng eegen Zëppche kacht?

» **M. le Président.** - Merci, Här Mehlen. Siwe Froen un de Landwirtschaftsminister, véier Minutten Zäit, fir ze äntwerten. Här Minister, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Fernand Boden, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Här Mehlen stellt eng ganz Rei vu Froen. Aus dem Fong vu senge Froe geet ervir, dass den Här Mehlen net ganz frou ass, well nei Initiativen ergraff ginn, fir de Sektour zesummenzekeréien, dass do soll zesummegegeschafft ginn. Hien ass do ganz skeptesch. Wann dann eng Etüd gemaach gëtt an déi gëtt net 100% esou exekutiert, wéi déi Leit, déi d'Etüd gemaach hunn, dat virgeschloen hunn, da war alles fir näischt. Dat ass awer guer net esou.

Et ass jo wichteg, dass periodesch Etüde gemaach ginn. Och déi am Wäibausektor, déi elo ugeschwat ginn ass, huet eng ganz

Rei vu Konsequenze gehat, huet eng ganz Partie vun Emännerunge bruecht. Et misst ee vläicht eng Kéier mat de Wënzer doriwier schwätzen, wat sech alles, zum Beispill am Laboratoire an am Institut vitivinicole, gedoen huet. Do ass ganz villes dovunner ëmgesat ginn.

Wat elo des Etüd ubelaangt, hunn ech 2007 eng Etüd iwwert de Fleeschsektor maache gelooss. Un där Etüd hunn alleguer déi concernéiert Acteuren aus dem Fleeschsektor matgeschafft, a jiddfer war d'accord domadder, dass een esou munches misst an deem Sektour verbesseren, well en net kompetitiv genuch wär a well do nach vill Efforten ze maache wäeren, fir dee ganze Sektour méi kompetitiv ze maachen. Déi Etüd ass, wéi gesot, am Oktober 2007 ofgeschloss ginn.

Do sinn eng ganz Rei vu Recommendations gemaach ginn, ënner anerem fir am Schluechsektor an am Veraarbechtungssektor ze rationaliséieren, ëmzestrukturéieren. Eng Rei vun deene Saache sinn amgaangen ëmgesat ze ginn. Dat weess den Här Mehlen d'ailleurs och ganz gutt.

Eng zweet Recommendation war, e sougenannten „Marketingboard“ ze schafen, fir d'Kommerzialisatioun vum Fleesch, vun de Lëtzeburger Fleeschprodukter ze verbesseren. Wat ass e Marketingboard? Dat ass en Organismus, wou all d'Acteure vun der Filière Fleesch, dat heescht d'Bauern, d'Bauernorganisatiounen, d'Schluechthaiser, de Veraarbechtungssektor, den Handel, d'Leit, déi an der Marke nationale schafften, d'Metzler, mat dran implizéiert sinn.

Et geet also drëm, all déi Acteure beieenen ze kréien, se ze vereenen, fir eng koordinéiert Zesummenarbecht ze maachen, besonnesch eng verbessert Upassung vun der Offer un d'Nofo, fir méi clientsgerecht hei zu Lëtzebuerg produzéieren ze kënnen, an eng Ofgrenzung ze maachen tëschent de Lëtzeburger Qualitätsprodukter an deenen auslänneschen, fir eben déi Lëtzeburger Qualitätsprodukter besser un de Mann ze kréien, esou dass d'Lëtzeburger Clienté bereet sinn, des Qualitätsprodukter méi staark ze kafen an och e puer Frang méi dofir auszeginn.

Et soll also eng strategesch Ausrichtung festgeluecht ginn, gemeinsam vun alleguer den Acteuren zesummen, fir do méi effikass a méi performant ze ginn a fir de Sektour vum Fleesch ze relancéieren. Domadder ware se allegueren averstanen, a jiddferen huet gesot, dass et eng gutt Saach ass, esou e Marketingboard ze schafen. Eng éischt Phas ass och schonn am Abrëll vun deem Joer ugelaf. Do sinn dräi Gremien als Coordinateuren designéiert ginn, an zwar d'Landwirtschaftskammer, Convis a Cochy. Si si berode ginn, an dofir sinn déi Suen, déi hei am Budget nogefrot gi sinn, vu Co-Konzept, déi déi Etüd ausgeschafft hat.

Den Dokter Besch ass als Expert ernannt ginn, fir derfir ze suergen, dass do géif effikass Aarbecht geleescht ginn an dass et kënn gutt viruoen. Do sollten och sechs Aarbechtsgruppen an d'Liewe geruff ginn, déi verschidde Problemer sollten analyséieren, an et sollt eng interprofessionell Datebank opgeriicht ginn, déi et erlabe géif, eng méi zilgerecht Vermaartung ze maachen. Et sollten nei Qualitätsschinnen a -linnen ausgeschafft gi fir d'Rëndfleeschproduktioun, nei Qualitätslinnen a Kritäre fir eng Qualitätsschwengefleeschproduktioun, et sollten nei Produkter geschafte ginn, an et sollten och gemeinsam Promotiounsaktiounen gemaach ginn.

Desé Gremium sollt definitiv, no där éischer Ulaflaphas, Enn Oktober an d'Liewe geruff a richtig konstituéiert ginn. Ech hunn awer den 10. September e Bréif vun deenen dräi Coordinateursorganismen - Landwirtschaftskammer, Convis a Cochy - kritt, wou si gefrot hunn, d'Schafung vun deem Marketingboard ëm zwee bis dräi Méint zréckzesetzen, well de Moment Diskussiounen amgaange wäeren ëm d'Schluechthaus vun Ettelbréck. Do géifen eng ganz Rei vun Acteuren aus där Filière zesummesetzen, fir eng nei Struktur ze schafen, dat Schluechthaus auszubauen an ëmzestrukturéieren, a si wäeren och amgaang sech Iddien ze maachen, fir en Embryo vun engem Marketingboard an deem Kader ze schafen.

» **M. le Président.** - Här Minister, d'Zäit, wann ech gelift.

» **M. Fernand Boden, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.** - Wéi gesot, déi Initiativen, déi zu Ettelbréck lafen, ginn och an déi dote Richtung, a si hu gemengt, dass kënn Inzidenzen op de Fonctionnement vun deem

Mardi,
21 octobre 2008

virgesinnene Marketingboard hunn. Dofir ass gefrot ginn, fir dat zwee bis dräi Méint no hannen ze setzen.

Ech sinn der Meenung, dass e Marketingboard eng richtig an eng gutt Saach ass. Lëtzebuerg erfénnt do näischt Neies, dat besteet schonn an enger Rei vun Nopeschlänner wéi Holland, Belsch, Éisträich, Dänemark. Do bekëmmere se sech, mat -finanzieller Ënnerstützung vum Stat, ëm d'Ofsazförderung vun de Produkter, et gëtt eng Koordinatiounsaktioun vun der Produktioun gemaach, an et gëtt och versicht eng geziilt Steigerung vun den inlännesche Produkter ze maachen.

Ech mengen, dass dat och fir Lëtzebuerg wichteg wier, an ech hoffen, wéi gesot, dass dese Marketingboard zustane kënn, an dass mer do kënnen effikass am Intérêt vum Fleeschsektor schaffen, wou nach munches méiglech ass.

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Déi nächst Fro vun Här Roger Negri riicht sech un de Gesondheitsminister a bezitt sech op d'Osteoporose.

- **Question N°285 du 20 octobre 2008 de M. Roger Negri relative à la lutte contre l'ostéoporose dans le cadre de la journée mondiale de l'ostéoporose du 21 octobre 2008, adressée à M. le Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale**

» **M. Roger Negri (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, haut op den 21. Oktober ass de Welttag vun der Lutte géint d'Osteoporose, déi Krankheet, déi de Mënschen hir Schanken am Alter ëmmer méi porös mécht. D'ëst féiert ganz oft zu Knachebréch, wat d'Liewensqualität vun deenen eelere Leit staark reduzéiert. Een Drëttel vun de Fraen an ee Fënneftel vun de Männer leiden ab 50 Joer schonn ënner der Osteoporose. Des Wäerter huele mam Alter nach zu.

Nom Aktiounsplang vun der Europäescher Unioun ass d'Osteoporose keng Fatalitéit, a souwuel um preventive wéi och um kurative Plang ka villes ënnerholl ginn, fir och nach am Alter gesond Schanken ze hunn. Heizou gehéiert eng gesond Liewensweis. Wichteg ass awer och eng fréizäitig Diagnos, déi an engem sougenannten Osteodensitometer virgeholl gëtt.

Ech wollt dofir de Gesondheitsminister froen, ob et net sënnavoll wär, ab 50 Joer, wéi bei der Mammographie oder der Daarmspiegelung, d'Leit systematesch opzueruffen, sech des Analys op d'Osteoporose maachen ze loosnen?

Ech soen lech Merci fir Är Äntwert.

» **M. le Président.** - Merci, Här Negri. D'Wuert huet elo de Gesondheitsminister.

» **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass ganz richtig, esou wéi de Roger Negri seet, dass d'Osteoporose e gravé Problem kann duerstellen a sécher ee vun deene wichtege Punkten an der Santé publique ass. Hien huet richtegerweis drop higewisen, dass eng vun dräi Fraen, nom Alter vu 50, kann ënner Osteoporose - wann d'Schanke méi sprock a méi bréech ginn - leiden, a bei de Männer ass et ee vu fënnf.

Dofir ass et extrem wichteg, dass um europäesche Plang, mä awer och um nationale Plang en effikassen Asaz fir d'Verhënnerung vun de Folge vun der Osteoporose zum Droe kënn. Hei zu Lëtzebuerg gëllt d'Lutte géint d'Osteoporose als e wichtege Punkt an eise deeglechen Asaz. Mir haten zum Beispill dee leschte Weekend eng Journée nationale vun der Osteoporose, wou Professioneller mam Grand public zesumme-komm sinn a gekuckt hunn, wéi een um preventive Plang - awer och wat d'Sensibiliséierung vun de Professionellen a vun de Leit dobaussen ueget - kéint effikass géint déi Krankheet virgoen.

Et ass richtig, dass et keng Fatalitéit ass. Bei der Osteoporose gëllt, wéi bal bei alle Gesondheitsproblemer, dass, wann ee sech un eng Rei Basisregelen hält, et méi einfach ass fir derlaanscht ze kommen. Eng équilibréiert gesond Ernährung a genuch Bewegung droen dozou bäi. Op där anerer Säit kënnen Abusë beim Genoss vun

Alkohol an och staarken Tabagismus e weidere Bättrung zum Ausbruch vun der Osteoporose leeschten.

Dat heescht also, dass mer e ganz kloeren Akzent op d'Preventioun vun där Krankheet setzen, mä awer och den Dépistage wëlle verbessern. Am Géigesaz allerdéngs zu deem, wat de Roger Negri an Aussicht stellt, am Géigesaz zu der Preventioun vun dem Broschkriibs an dem Daarmkriibs, ass et néierens erweisen, och wëssenschaftlech net erweisen, dass en ähnleche Screeningsprogramm ab 50 Joer bei der Osteoporose eppes géif bréngen.

D'Gefor ass nämlech ganz grouss, dass een, wann een esou en totale Screening géif maachen an een och nëmmen dee geréngsten Zweifel hätt, erëm géif zu der Schépp gräifen a Medikamenter verdeelen. Sou wéi dat ufänkt zu enger Zivilisationskrankheet hei zu Lëtzebuerg, awer och an deenen aneren europäesche Länner, ze ginn, dass een, wann een e Risiko vu Krankheete feststellt, dann emol direkt zu de Medikamenter gräift, déi mat de Schéppen eragehätt, amplaz dass ee bei deem Einfachsten ufänkt, an dat sinn déi gesond Liewensaart a -weisen.

Dir wësst, dass Ähnlech bei Cholesterol, Häerz- a Kreeslafkrankheete gëllt; wann déi geréngsten Zweifel do sinn, da gëtt ugefaang Medikamenter ze verschreiben. Ech mengen, dass et méi wichteg ass, dass een op d'Ursaachen awierkt. Dat wëllt allerdéngs net heeschen, dass mer den Dépistage net och sollte verbessern. Do gëtt et eng Rei vu Regeln, un déi ee sech soll halen. Dat wëllt awer net heeschen, dass Medikamenter net hir Roll hätten, mä si musse richteg agesat ginn.

Et muss ee bei der Schoulung vu Gesondheetspersonal drop hiweisen an drop insistéieren, dass, wann e Verdacht do ass - an och déi europäesch Direktive ginn an déi Richtung -, een da soll déi Analysen, déi Ennersichungen iwwert den Osteodensimeter féieren an dann déi richteg Therapie kann engagéieren.

Einfach Beispill: Wann en eelere Mënsch sech eppes brécht, dann ass déi schlecht Solutioun, dass een em just e Gips undeet an en dann heemgoe léisst an näischt mécht. Déi richteg Attitüd ass, wann en eelere Mënsch sech e Glidd brécht, dass ee virsiichtshalber och d'Schankendicht moosst an, wann e Problem domat verbonnen ass, dass een dann och déi richteg Therapie mécht. An déi Richtung wëlle mer goen, Preventioun an Zesummenaarbecht mat de Professionellen, fir op déi dote Krankheet kënne geziilt anzegoen.

Merci.

» M. le Président. - Merci, Här Gesondheetsminister. Da kritt den Här Bodry d'Wuert. Hie freet de Minister vun den Travaux publics, wéi et mam Échangeur zu Biereng steet.

- Question N°287 du 21 octobre 2008 de M. Alex Bodry relative à la construction d'un nouvel échangeur à la sortie Burange de la Collectrice du Sud à Dudelange, adressée à M. le Ministre des Travaux publics

» M. Alex Bodry (LSAP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eng Fro vu menger Säit wat e gréissere Bauprojet ugeet, dee scho méi laang, eng Rei vu Joren an Diskussioun ass. Et geet em de Bau vun engem neien, méi groussen Échangeur an der Sortie Biereng op der Collectrice du Sud.

All Erhiewungen, wat d'Verkéisersopkommes ugeet, weisen, dass den alen Échangeur, déi al Op- an Ausfahrten eigentlech net méi zäitgeméiss sinn. Duerfir gëtt un deem Projet scho méi laang geschafft. Déi Viraarbechte waren och schon esou wäit ofgeschloss, wat den Échangeur selwer ugeet.

Bis eng nei Iddi komm ass am Zesummenhang mat der neier Erschléissung vun de WSA-Terrainen zu Diddeleng/Beetebuerg, wou jo vu Regierungssäit geplangt ass - an déi Émklasséierungsprozedure si schon amgang -, fir do eng spezialiséiert national Zon fir Logistik-Betribler ze installéieren. Dat trainéiert natierlech nach zousätzlechen Trafic an déi dote Géigend eran, an duerfir

ass d'Iddi opkomm, fir eng Stéchstrooss ze baue vun deem neien Échangeur a Richtung WSA-Terrain, fir esou de Verkéisersfloss do och an Zukunft kënnen ze garantéieren.

Meng Fro un d'Regierung, un de Baute-minister ass déi, wéi wäit elo déi Viraarbechte fortgeschritt sinn un deem neie Gesamtprojet Échangeur Biereng plus Stéchstrooss hin zu den ale WSA-Terrainen, a wéini dass eventuell mam Dépôt vun engem Gesetzesprojet an där Hisiicht ze rechnen ass.

Merci.

» M. le Président. - Den Här Baute-minister huet d'Wuert.

» M. Claude Wiseler, *Ministre des Travaux publics*. - Merci, Här President. Den Här Bodry huet a sech d'Geschicht vun deem hei Projet scho ganz gutt beschriwwen. Et war effektivt schon, dass virun enger Rei Joren e Projet de loi quasiment fäerdeg war fir ze déposéieren, fir hei an d'Prozedur ze goen. Dat ass awer dee Moment net geschitt, well eben eng nei Iddi komm ass fir de Logistik-Zenter bei Diddeleng ze implantéieren.

E Logistik-Zenter, deem natierlech wäert och Verkéier beinhalten, an dee Verkéier, dee muss een esou an de Gréif kréien, dass mer en net duerno op deene Stroossen hunn, op deene mer en net wëllen, an dass mer en duerch eis Gemenge fueren hunn. Duerfir ass den éischte Projet, dee fäerdeg war, och eng Kéier ganz frësch gekuckt ginn. An deem ass och esou gekuckt ginn, dass een déi Entréeën op de Logistik-Zenter dann och iwwer e Bypass op dem Rond-point selwer mécht, dass mer, ouni de Rond-point méi ze belaaften, an de Logistik-Zenter uerdentlech erakommen; dass mer och um Logistik-Zenter selwer kënnen eng Organisatioun vun dem Verkéier maachen, déi logesch ass an déi keng Problemer stellt.

E puer Variante waren ausgeschafft ginn. Varianten, déi deelweis a Konflikt ware mat deene Projeten, déi d'Eisebunn do hat, och um Niveau vun der Eisebunn.

Et muss selbsterständlech an esou engem Logistik-Zenter eng ganz Rei Léisunge fonnt ginn. Elo ass et esou, dass am Laf vun deem Mount d'Ponts et Chaussées e Projet fäerdeg gemaach huet, wou all déi Konfliktsituatiounen, déi bestanen hunn, menge mer, geléist sinn. Deen ass pour avis un d'CFL gaangen, pour approbation un d'Travaux publics mat enger Proposition vum Financement.

Dir wësst, dass et hei selbsterständlech muss e Mëschfinanzement zwëschen den Travaux publics op där enger Säit, den CFL an der Economie, wéinst der Zone d'activités anerersäits ginn.

Ech denken, dass dee Projet, esou wéi mer en elo hunn, okay ass, esou dass ech kann an deenen nächste Wochen - eventuell nach dëst Joer, dat muss mer kucken - e Projet de loi hei an der Chamber presentéieren.

Dee Projet de loi wäert dann och e Bypass beinhalten, deem also gebaut gëtt a wäert - wat och wichteg ass a wat eng Demande war vun de Gemengen - all Bewegunge garantéieren, dass een also vun alle Säite vun der Autobunn kann, ouni op d'Niewestroossen ze fueren, an de Logistik-Zenter erakommen. Dat war jo déi wichtegst Revendicatioun, déi gestallt ginn ass.

Den Dossier geet also hei virun an ech denken, dass mer an deenen nächste Méint deem nächste Schrëtt da wäerte kënne maachen.

Merci.

» M. le Président. - Merci, Här Minister. Mir kommen dann zur leschter Fro. D'Madame Loschetter adresséiert sech un d'Familljeministesch iwwert d'Gesetzter zur Adoptioun. Madame Loschetter, Dir hutt d'Wuert.

- Question N°288 du 21 octobre 2008 de Mme Viviane Loschetter relative aux projets gouvernementaux concernant une réforme de la législation relative à l'adoption, adressé à Mme la Ministre de la Famille et de l'Intégration

» Mme Viviane Loschetter (*DÉI GRENG*). - Merci, Här President. Mir kommen zum Schluss vun der Legislaturperiode an ech wëll ganz kuerz zitieren, wat am Koalitionsaccord drastoung. Do stoung dran: «Le Gouvernement envisage d'engager une réflexion sur cette question de société.»

Dat ass natierlech e Saz, deem zimlech vag bleift, esou dass mir dee Saz deemools, 2004, zur Kenntnis geholl hunn. Entre-

temps ass jo awer scho munch Fro iwwert dat Thema vun der Adoptioun hei an deem Plenum gestallt ginn, notamment vu mengem Kolleg Marc Angel, deem am Juli 2007 eng Question avec débat zum Thema Adoptioun ugefrist hat.

Do hat d'Madame Ministesch och an deem Kontext d'Informatioun weiderginn, dass scho länger Zäit amgaange wier studéiert ze ginn, eng Reform zum Adoptiounsgesetz ze maachen, an dat nächst Joer - dat wär jo dann 2008 normalerweis - kéint ee mat enger Proposition kommen. Datt och e Centre de ressources en matière d'adoption gérennt gi wier an datt deem och géif schaffen.

Am Januar 2008 huet de Kolleg Laurent Mosar och eng Question parlementaire gestallt, notamment am Kader vun dem Uerteel, dem Arrêt vun der Cour européenne des droits de l'Homme, wou eng Persoun, déi Single an homosexuell war, e Refus kritt hat an där selwechter Thematik, an dëst wéinst hirer Orientation sexuelle. Do krut den honorabelen Här Mosar als Äntwert, dass d'Aarbecht vun der Reform vum Adoptiounsgesetz en cours wier an datt do och munch Neiegkeete kéinten hei eng Kéier verkénneg ginn.

Vu datt mer elo bal zum Schluss komm si vun där Reflexioun, déi d'Regierung sech jo awer virgeholl hat ze maachen, wollt ech d'Madame Ministesch froen, wou se da mat den Aarbechten dru wärem am Kader vun der Adoptioun, notamment och vun hiren Dérivée, wéi Familles d'accueil zum Beispill, a wat de Centre de ressources en matière d'adoption schonn un Aarbechte geleescht hätt.

» M. le Président. - Merci, Madame Loschetter. Madame Minister, wann ech gelift.

» Mme Marie-Josée Jacobs, *Ministre de la Famille et de l'Intégration*. - Merci, Här President. Ech géif vläicht mat der Fro zum Centre de ressources, dee fonctionnéiert an dee jo haaptsächlech do ass, fir d'Familljen ze beroden, ufänken. D'Familljen ze beroden am Virfeld vun den Adoptiounen, mä virun allem och de Familljen zur Verfügung steet dee Moment, wou d'Kanner do sinn a besonnesch och a méi schwierige Situatiounen dee Moment, wou d'Kanner an d'Pubertéit kommen, wou ee ganz dacks mierkt bei adoptéierte Kanner, mä awer och bei anere Kanner, dass dat net ëmmer esou einfach ass.

Dofir also, dat fonctionnéiert schonn. Ech hunn och bis haut keng Kloen doriwwer héieren, esou dass ech denken, dass dat och gutt fonctionnéiert. Déi maache jo d'Aarbecht fir sämtlech Servicier, déi an der Adoptioun schaffen. Déi sinn awer ënnert der Koordination vun der Croix-Rouge geschitt.

Ech war elo e bëssen iwwerrascht, dass der déi Fro iwwert déi Aarbechten iwwert d'Adoptioun esou gestallt hutt. Mir haten eng Réunion jointe zwëschen der Famille an der Justice. An där Kommissioun hu mer eis jo laang a breet doriwwer ënnerhal. Do ass gesot ginn, mir géifen eis kënne virstellen, an d'Richtung vun enger eenzeger Adoptioun ze goen, déi mer nach géifen halen. Mir hätten och gären nom Virbild vun der franséischer Gesetzgebung, dass mer bei den Accouchements anonymes géife kucken Elementer ze kréien, fir datt d'Kanner herno kéinten erausfannen, wien dann hir Eltere wieren.

Zur gläicher Zäit hu mer do decidéiert, dass mer géifen Avisé froen: eng Kéier beim Kannerrechtscomité - deem Avis ass d'lescht Woch oder dës Woch komm - an ee bei der Commission nationale d'éthique. Do hu mer nach keng Äntwert drop.

Ech muss éierlech soen, de Rapport, dee vun Kannerrechtscomité komm ass, geet eigentlech an eng aner Richtung wéi déi, déi mir gemengt hunn dass mer kéinten huelen. Well d'Kommissioun seet:

Éischtens soll een net iwwerstierzt Décisionen huelen. Dat ass emol ee vun de Punkten, dee se soen. Si soen: Iwwerleed lech dat doten alles ganz gutt, well dat huet alles ganz wäitreechend Konsequenzen. Et gëtt kee Recht op ee Kand, et gëtt nëmme Rechter vun de Kanner. Déi mussen an alle Fäll respektéiert ginn.

Si soen, si wieren iwwerhaupt net där Meenung, fir d'Adoption simple ofzeschaffen, mä si wieren éischer der Meenung, dass een d'Adoption simple misst ausbauen an och d'Adoption plénière bäibehalen.

Da soe se iwwert den Accouchement anonyme - ech maachen dat elo alles hei am Schnellverfahren -, dass si am Prinzip derfir wieren, dass d'Kanner misste kënne wëssen, wien hir Eltere wieren. Et géif awer

Fäll ginn, wou dat erëm aneschtens wier, esou dass se eigentlech soen, dass een dat awer och nach an der Zukunft soll bäibehalen.

Mir waarden elo. Well ech fannen et awer onmanéierlech, fir elo sollen e Gesetzestext auszeschaffen, wa mer ewell zwee esou Organer froen, fir hir Meenung ze soen, an da soe mer: Eis ass et awer egal, wat Dir sot; mir maachen elo emol e Gesetzestext.

Ech denken, dass mer an der nächster Zäit och den Avis vun der Ethikskommissioun kréien. Da géif ech et gutt fannen, wa mer eis nach eng Kéier - déi zwou Kommissiounen - géifen zesummesetzen an da gemeinsam kucken, wat elo wierklech soll geännert gi respektiv wat net soll geännert ginn.

Mä an deem Moment an opgrond och vun deem Rapport, deem - denken ech - Der och gelies hutt, hunn ech erëm nach vill méi nei Froen, déi ech mer stellen, wéi dat am Virus war, obscho schonn eng ganz Partie dervun déiselwecht si wéi déi, déi si sech stellen, a wou se och zu deene Konklusiounen kommen, dass et net einfach ass, fir do mat engem Fiederstréch ze soen: Mir maachen et elo esou an domadder huet et sech.

Ech hat och bis elo keng Geleeënheet, fir mam Justizminister iwwert deem Avis ze schwätzen, well hien elo eréischt dese Weekend komm ass an den Här Frieden net am Land ass. Mä et wier meng Proposition vis-à-vis vun der Chamber, wann deem zweeten Avis och do ass, dass mer eis nach eng Kéier zesummesetzen, fir nei mateneen ze beroden, a wéi eng Richtung datt et kéint goen.

Merci, Här President.

» M. le Président. - Den Här Goerens freet d'Wuert.

* * *

» M. Charles Goerens (*DP*). - Här President, ech wollt e Virschlag maachen. Mir hunn elo erëm eng Kéier an der Fro - an Äntwertestonn vun Här Biltgen héieren, dass hien net eleng zoustänneg wier, fir op eng Fro ze äntwerten.

Kënne mer eis net drop eenegen, dass d'Regierung, wa si mengt, si kéint nëmmen op een Deel vun enger Fro äntwerten, engem anere Kolleg dat seet, dass den entweder och mat heihinner kënt oder dass den dann dee schrëftlechen Deel noliewert?

Et ass d'Praxis am ganze Stat, dass, wann een Dépositaire ass vun enger Demande, déi och fir en anere gëllt, deem Departement, Minister oder déi Verwaltung déi virugëtt un een aneren. Et misst och bei de Ministeren esou sinn, wa se Dépositaire si vun enger Question parlementaire.

» M. le Président. - Ech mengen, mir sollten dat doten an d'Conférence des Présidents ginn. Dat ass absolut logesch a vertriebar. Et ass eng Fro vun Ofsprooch. D'Fro ass, ob d'Regierungsmemberen Zäit genuch hunn, fir dat doten ze maachen. Et geet an d'Conférence des Présidents.

Ech soen de Kollege Merci fir d'Disziplin. Mir hunn d'Froestonn a knapp enger Stonn ofgewéckelt; eelef Froen, eelef Äntwerten. Merci fir d'Disziplin!

(Interruption)

Haut de Mëtteg ass de Moment, fir et ze maachen.

Mir kommen dann un d'Deklaratioun vun Ausseminister iwwert d'Lag a Georgien. Um Uschloss dorun hu mer eng Debatt. D'Riedezäit sinn 20 Minutte fir d'Regierung, an dann hunn d'Fraktiounen fënnf Minutte respektiv zwou an eng hallef Minutte. Et hu sech ageschriwwen: den Här Mosar, den Här Goerens, den Här Fayot, den Här Huss an den Här Henckes.

Här Minister, Dir hutt d'Wuert.

7. Déclaration de M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration, sur la situation en Géorgie, suivie d'un débat

» M. Jean Asselborn, *Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration*. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zënter dem Ausbruch vun der mat militäresche Mëttele gefuierter Kris a Georgien de 7. an den 8. August an och nom Waffestellstand-Ofkomm vum 12. August ass d'Situatioun a Georgien an och am Kaukasus an den Zentrum vun der internationaler politescher

Aktualitéit geréckelt. D'Événementer, déi an där Regioun stattfannen, concernéieren direkt déi europäesch Sécherheitsinteressen. Et ass duerfir néideg, d'Lag am Kaukasus ze stabiliséieren, och am Interesse selbsterständlech vun der Stabilitéit an der Europäescher Unioun.

Wichtig Etappen op deem Wee goufen iwwert de Summer geholl. Nieft der Aktivitéit vun der Présidence wësst Der, dass d'Ausseministerer zesumme waren, dass och d'NATO-Ausseministerer zesumme waren. Wichtig Etappe bleiwen nach ze duerchlafen. Dorobber komme mer zréck.

Lëtzebuerg engagéiert sech mat sengen europäeschen an internationale Partner staark fir een Erfolleg vun deem Prozess, deen zënter August sai Wee geet. Ech sinn dofir och dankbar, Här President, dass mer hei an der Chamber kënnen eng Analys vun der Situatioun an der öffentlecher Sitzung maachen, nodeem mer jo an der Kommissioun schon am Summer matenee konnten doriwuer schwätzen.

Wann haut d'Waffen a Georgien net méi am Asaz sinn a mer vun engem Stabiliséierungsprozess schwätze kënnen, esou ass dat an éischter Linn de Verdéngscht vun der Europäescher Unioun, déi wuel fir d'éischt an hirer aussepolitichescher Geschicht an engem Konflikt deen eenzegen effikassen an och kredibelen Acteur fir de Fridden duergestallt huet a sech als aktive Vermittler tëschent de Parteien ka bewisen.

Der Europäescher Unioun ass des Roll zougedroen ginn indirekt souwuel vun den USA wéi vu Russland, well mer eng équilibréiert Positioun a Saache Beurteelung vun Ausbrieche vun deem Konflikt ageholl hunn. Nämlech déi, dass de militäresche Konflikt vu georgescher Säit ugefaange gouf an d'Riposte vu Russland onverhältnisméisseg war.

Als Europäesch Unioun ass et eis zouzeschreien, dass mer an eiser éischter Sitzung vun den Ausseministerer am August zu Bréssel net de Feeler gemaach hunn, de Schëllegen ze sichen oder ze uerteelen, mä eis ze konzentréieren: a) op de Wafestellstand, b) op d'humanitär Hëllef an dréttens c) op d'politesch Stabiliséierung.

Wann de politesche Wëllen an der EU do war, fir zesummen ze agéieren, kënnen mer an der Europäescher Unioun Grousses leeschten an den europäesche Gedanke vu Fridden a Stabilitéit och ausserhalb vun de Grenze zur Europa, vun der Europäescher Unioun zur Realitéit maachen.

D'Erreechen an de Respekt vun der Waffer war effektiv déi éischt Prioritéit - wéi Der wësst - um Sechspunkteplang, deen déi franséisch Présidence am Numm vun der Europäescher Unioun mam President Medwedjew an dem georgesche President Saakaschwili ausgehandelt huet.

Op dee Sechspunkteplang vum 12. August huet sech dunn den 8. September een zweeten Accord grefféiert, deen d'Émsetze vun deem Sechspunkteplang eigentlech am Fong detailléiert. Dozou gehéiert de Réckzuch vun allen Truppen aus de Pufferzonen ëm Südostetien an Abchasien an hir Positioun virum Ausbroch vum Konflikt.

Déi russesch Säit huet hire Réckzuch konditionéiert un den Déploiement vun enger europäescher ziviler Observatiounsmissioun, déi an de Pufferzonen de Réckzuch vun den Truppe soll observéieren.

D'Europäesch Unioun gouf domat zu engem zentralen Acteur, net nëmme fir d'Verhandele vum Friddensoffkomm, mä och fir deem seng konkret Émsetzung. A si huet Wuert gehalen. A Rekordzäit - dat muss een zouginn - vu knapp dräi Wochen hunn déi 27 Memberstaaten eng iwwer 300 Mann staark Missioun, déi sougenannten EUMM, dat heescht EU Monitoring Mission, op d'Bee gestallt, déi wéi ofgemaach den 1. Oktober a Georgien konnt hir Aarbecht ophuelen.

Loosst mech och hei direkt e Wuert soen zur Lëtzebuerger Bedeelegung un där Missioun. Virun allem ass Lëtzebuerg an der EUMM-Missioun mat zwee Leit vertrueden - Membere vun eiser Police -, déi zu Gori, südlech vun der Regioun Südostetien, zesumme mat Kolleegen aus Frankräich, Polen, Bulgarien a Malta stationéiert sinn. Lëtzebuerg huet ausserdeem den Transport vun engem Groussdeel vu Material, notamtend de gepanzerte Gefierer, déi aus ganz Europa zur Verfügung gestallt goufen, fir d'Sécherheet ze garantéieren, assuréiert an huet domat ee ganz wichtige Bäitrag gelescht, dass d'Europäesch Unioun hiren Engagement konnt zur Zäit anhalen.

An et war d'Anhale vun deem Engagement, wat als Konsequenz hat, dass Moskau seng Truppen aus de Pufferzonen ofgezunn huet

an domat sengersäits de Fuerderunge vum Friddensplang nokomm ass.

D'Europäesch Unioun viséiert ee weidere Réckzuch vu russeschen Truppen aus Regioun wéi der Kodori-Schlucht an Abchasien an Akhagori a Südostetien.

Här President, et sief an deem Kontext och drun ernnert, dass Lëtzebuerg sech staarkgemaach huet fir eng international Enquêtékommisssioun anzesetzen, fir den Originé vun deem Konflikt op de Fong ze goen. Et bleiwen nämlech vill Froen ze klären iwwert d'Originen an den Déroulement vum Konflikt, a leider och iwwert d'Afferzuelen, vun deene mer awer all Grand hunn ze hoffen, dass se sech maximal am Honnertberäich an net, wéi oft am Ufank behaupt gouf, am Dausenderberäich bewegen.

D'Iddi vun enger Enquêtékommisssioun gouf am September och vum Europäesche Ministerrot zréckbehalen. Op e Bréif hin, dee mer mat eisen däitschen, belschen an hollännesche Kolleegen un déi franséisch Présidence geschéckt hunn, mécht des elo Propose fir d'Émsetze vun där Iddi. Et geet drëm, d'Energie, déi a géigesäitege Schuldzouweisung geif verluer goen, ze bündelen, an engem gewëssene Mooss och ze depolitiséieren, fir dass mer eis deene Froe kënnen widmen, déi elo vu méi grousser Urgence sinn.

D'Europäesch Unioun, déi sech engagéiert huet, fir der Gewalt een Enn ze setzen a fir d'Truppen aus Georgien zréckzeziehen, déi dem georgesche Vollek am humanitären am Sécherheitsberäich hëllef, déi Europäesch Unioun kann et net den Historiker eleng iwwerloossen, déi wierklech Grënn, déi de Konflikt ausgeléist hunn, erauszefannen. Et muss virun allem Kloerheet geschaf ginn, fir ähnlech Fäll selbsterständlech ze verhënneren.

Ech ginn dovunner aus, dass d'franséisch Présidence an den nächsten Deeg konkret op eise Bréif wäert äntwerten. Et ass e Courier an der Virbereedung, an doropshi wäerten och an deenen nächsten Deeg kënnen déi Décisioun geholl ginn an och déi Kommissioun zesummesat ginn.

Zu deene Froe gehéiert notamtend d'Situatioun vun de Flüchtlingen. Déi lescht Woch huet den UNHCR, d'Agence vun de Vereenten Natiounen fir d'Flüchtlingen, ee massive Retour vu méi wéi 20.000 Leit an hir Dierfer südlech vun Ossetien gemellt. Uganks leschter Woch konnt de Flüchtlingscamp zu Gori zougemaach ginn. Vun den 113.000 Flüchtlingen, déi Tbilissi als Konsequenz vum Konflikt am August gezielt huet, sinn der elo eng 78.000 nees zréckkomm. An Nordossetien, also op russeschem Territoire, hale sech haut nach eng 2.000 vun ursprüngelech 30.000 Flüchtlingen op.

Mir wëssen, dass de Wanter méi no kënn, an den UNHCR schafft dru fir déi 35.000 Flüchtlingen, déi et nach ëmmer queesch duerch Georgien gëtt, ënnerdaach ze bréngen.

Lëtzebuerg huet och hei direkt reagiert an huet der Croix-Rouge an och der Caritas je 50.000 Euro ginn, ausserdeem gounge 70.000 Euro un de Programme Alimentaire Mondial a 25.000 Euro u Care, dést alles fir Flüchtlingen ze hëllef, déi nach net konnten heemgoen oder déi sech doheem mussen a schwieere Konditiounen op de Wanter virbereeden. Eisen Engagement ass gekoppelt un d'Besoin vun deene Leit op der Plaz a bleift dofir och 2009 bestoen.

Eng aner Fro, där mer eis musse stellen, ass déi politesche a rechtlech Situatioun vun de sécessionnistesche Regiounen Südostetien an Abchasien. Am Kader vun der Europäescher Unioun hu mer kloergemaach, dass des Regiounen, deenen hir soi-disant Onofhängegkeet just vun zwee Länner, nämlech vu Russland a vun Nicaragua unerkannt gëtt, weiderhin zum georgeschen Territoire gehéieren.

Dës Positioun ass am Aklang mat der Resolution 1808, déi de Sécherheitsrot vun de Vereenten Natiounen de 15. Abrëll adoptéiert huet an déi ganz eendeiteg déi territorial Integritéit a Souveränitéit vu Georgien iwwert de gesamten Territoire, also och Südostetien an Abchasien, festhält. Och Russland - muss ee betounen, an engem positive Sënn - hat am Abrëll fir des Resolution gestëmmt.

Och wa mer d'Unerkennung vun enger Onofhängegkeet vun den zwou Regiounen oflehnen, esou muss mer dach der russescher Positioun Rechnung droen an no dauerhafte Léisunge sichen. Well mir musse wëssen, dass eppes geschitt ass. Et ass e Konflikt ausgebrach, deen net vu Russland provoziert ginn ass.

Dofir gouf am Kader vum Accord vum 8. September festgehalten, fir sougenannten

„international Diskussiounen“ zu Genf ze lancéieren, un deenen all d'Parteien géifen deelhuefen, fir genee déi Léisungen ze fannen. Dese Prozess ass selbsterständlech ongemeng wichtig. All Stëllstand bedeit d'Festegung vun enger fir eis inakzeptabler Situatioun.

Eng éischt Ronn - Dir wësst dat - vun de Gespréicher huet de 15. Oktober zu Genf stattfonnt. D'Usetze vun dese Gespréicher esou kuerz no dem Enn vun den Hostilitéiten ass eleng schon e groussen diplomatesche Succès, deen alt erëm just dank der Aktioun vun der Europäescher Unioun an d'Weeër geleet gouf. Si huet och, vertrueden duerch hire Représentant spécial, de Pierre Morel, zesumme mat der OSZE an der UNO, d'Coprésidence vun de Gespréicher gestallt. Et war jiddferengem kloer, dass des Gespréicher alles anescht wéi liicht géife ginn - de Pierre Morel huet säit senger Ernennung ouni Paus dru geschafft, fir d'Modalitéiten vun de Gespréicher festzeleeën.

Et war ze liesen an et war och ze héieren, dass d'Gespréicher no engem Échec hu misse reportéiert ginn. Richtig awer ass, dass déi verschidde Parteien formal a prozedural Froen an de Vierdergrond gestallt hunn, déi also fir d'éischt musse gekläert ginn, ier ka vun der Substanz geschwat ginn. Dést ass an deem Prozess an an deem Sënn normal, dass d'Formalitéiten hei natierlech och eng politesch Bedeelegung hunn.

Dofir war et scho wichtig an och e grouss Schrëtt, dass all Parteien zu de Gespréicher op Genf komm sinn a sech am Palais des Nations begéint sinn, och wa se formell net direkt mateneen diskutéiert oder verhandelt hunn. Den Unnäherungsprozess ass lancéiert an d'Tatsaach, dass déi nächst Diskussiounsrönn mam Accord vun alle Parteien fir den 18. November festgehal gouf, weist, dass eng Dynamik kreéiert gouf, op där kann opgebaut ginn.

Nieft der Fro vun den zwou sécessionnistesche Regiounen, bleift och d'Fro vun der Stabiliséierung vu Georgien selwer ze klären. Déi georgesche Wirtschaft huet selbsterständlech duerch de Konflikt ferm Abousse gelidden. Eisen Intérêt muss et sinn, Georgien laangfristeg ze stabiliséieren, an dofir brauch dat Land am Kaukasus eng Economie, déi fonctionnéiert. Dést ass d'Grundlag fir déi demokratesch Entwécklung vun deem Land, déi jo och nach net ofgeschloss ass.

Et ass kloer, dass d'Europäesch Unioun och hei hir Responsabilitéit hält an aktiv zur Verbesserung vun der Situatioun bäidréit. Et ass an deem Sënn wou d'Europäesch Kommissioun, wéi Der wësst, e Paquet vu 500 Milliounen Euro an Aussicht stellt. E Paquet, dee fir déi nächst dräi Joer selbsterständlech zielt. E Paquet, wou d'Suen och nëmmeen d'eerfe fléissen, wann d'Affectatioun vun deene Sue kloer ass. Nun, d'Sue wäerten duerch bestehend Programmer débourséiert ginn an de Flüchtlinge virun allem zeguttkommen, grad wéi och der Rehabilitatioun vun der Wirtschaft an där makroökonomescher Stabiliséierung.

Dese Paquet wäert muer bei der Conférence des Donateurs fir Georgien zu Bréssel virgestallt ginn. Bei där Geleeënheet wäerten och aner Staten hir Ënnerstëtzung fir Georgien ukënnegen.

Ech widerhuelen nach eng Kéier, dass d'Stabilitéit am Kaukasus net nëmme militärescher, mä virun allem och wirtschaftlecher an demokratescher Natur muss sinn. Op deser Schnëttstell vun eise Dialog mat eisen östleche Partner kënnen mer eis näischt anescht leeschten. An eisen Aen ass de Stand vun der Demokratie a Georgien nach net - ech hunn et ugedeit - op sengem Maximum ukomm. De Wahlsystem, d'Justiz, d'Fräiheete vun Einzelne wéi och vun der fräier Meinungsbildung si staark Verbesserungsbedürftig. Grondleeënd Reforme mussen also duerchgesat ginn.

Här President, loosst mech nach kuerz e Bléck op d'Zukunft vun deem Dossier geheien, well deen ass jo esou wichtig, wann net vill méi wichtig wéi d'Vergaangenheet.

Déi nächst Etappe si festgeluecht a si vu grousser Wichtigkeit. No der Conférence des Donateurs vu muer muss mer déi nächst Ronn fixéieren; wéi gesot, den 18. November zu Genf. Virun awer fént e wichtige Rendez-vous statt, nämlech de 14. November ass zu Nice de Sommet tëschent der Europäescher Unioun a Russland. Do gëtt mat Russland op héchstem Niveau iwwert de Sujet dialogéiert. Och mat op de Wee gi soll a muss ee Russland, dass mir an der Europäescher Unioun op eng konstruktiv Astellung vun hirer Säit hoffen.

Am Dezember kommen dann nach zwee grouss Rendez-vousen op eis zou an deem Kontext. Deen éischten ass sécherlech e ganz wichtige, wann e vläicht och indirekt nëmme domat ze dinn huet, mä et ass d'Reunioun vun de Ministeren aus den NATO-Länner zu Bréssel.

Wéi Der wësst, krut Georgien um leschten NATO-Sommet zu Bukarest am Abrëll dést Joer an Aussicht gestallt, der Allianz enges Daags kënnen bäizetrieden. Déi Lëtzebuerger Positioun dozou huet sech net geännert: Mir, a mat eis vill Bündnispartner, sinn iwwerzeugt, dass de Rendez-vous am Dezember eng gutt Geleeënheet ass, fir eng éischt - an ech betounen: eng éischt - Evaluatioun vun de Progrès vu Georgien ze maachen. Eng Entscheedung ass mat Sécherheet op deem Sommet net ze erwaarden.

Deen zweete grouss Rendez-vous wäert och uganks September stattfannen, dann direkt duerno zu Helsinki d'Reunioun vun den OSZE-Ausseministeren. Dës Reunioun ass wichtig, well d'OSZE zënter 1992 eng wichtige Roll a Südostetien spillt. Dést duerch d'Präsenz vun hirer Missioun, hir Roll an alle Verhandlungsrönnen, déi et säitdeem zur Südostetien-Fro gouf, an duerch Observateuren, déi hirem Mandat no och a Südostetien operéieren dierften.

Lëtzebuerg ënnerstëtz d'Iddi vun enger Ausweidung vun deser Observatiounsmissioun, déi leider nach ëmmer vu Russland blockéiert bleift. Mir plädéieren am Kader vun der OSZE fir den Déploiement vun den zousätzlechen 80 Observateuren a si bereet, eis um Finanzement vun där Missioun ze bedeelegen. Mir fuerderen och, dass déi Observateure sech kënnen fräi a Südostetien bewegen; wat bis elo net de Fall ass.

Et sief hei och un d'UNO-Observatiounsmissioun MONUG ernnert, där hire Mandat, fir an Abchasien d'Situatioun ze observéieren, kierzlech bei der UNO zu New York ëm véier Méint - also bis am Fréijoer - d'nächst Joer verlängert ginn ass.

De Kader ass also gesat, fir aus der Kris kënnen erauszekommen. Et bleiwen nach vill Froen ze klären an et gëtt keen einfache Wee dohinner. Mä d'Europäesch Unioun huet et fäerdeg bruecht, sech anzemëschen, d'Waffe rouen ze dinn an eng international Diskussioun ze lancéieren. D'Europäesch Unioun war an deem Konflikt ëmmer op der Hutt an huet gemaach wat néideg war, fir dést ze erreechen.

Gläichzäiteg ass vu kapitaler Wichtigkeit, dass mer gutt Relatiounen mat Russland ënnerhalen. Léisunge kënnen nëmme am Dialog fonnt ginn a Spannungen nëmme duerch Kontakt a Gedold ofgebaut ginn. Russland ass bereet fir deen Dialog a mir d'eerfen déi Offer net ausschloen. Lëtzebuerg setzt op Kooperatioun, setzt net op Konfrontatioun oder Distanzierung zu Russland.

Och wa mir net drun denke kënnen, fir Abchasien oder Südostetien unzeerkennen, esou ass et dach an engem Kooperatiounsgeescht, wou ech en Donneschdeg, also iwwermuer, op Moskau fléien, fir mech ënner anerem mat mengem russeschen Homolog, dem Ausseminister Lawrow, ze ënnerhalen a virun allem selbsterständlech och iwwert de Konflikt a Südostetien an Abchasien am Kaukasus ze schwätzen.

Lëtzebuerg ënnerstëtz och weiderhin d'Weiderféieren an d'direkt Erëm-Ophuelen - fir et besser ze soen - vun den Négociatiounen fir een neit Partnerschaftsoffkomm tëschent der Europäescher Unioun a Russland. Dës Négociatiounen bidden ee perfekte Kader, esou meng mer, fir eis gemeinsam Problemer an eis gemeinsam Ziler ze beschwätzen an och eng Zukunft ze schafen, an där et net méi néideg ass, fir Differenze mat Gewalt ze léisen.

Ech soen lech Merci.

» Plusieurs voix - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Mir huelen Akt vun Ärer Deklaratioun. Deen éischte Riedner ass den Här Mosar. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

Débat

» **M. Laurent Mosar (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, matzen am August, prezis an der Nuecht vun der Ouverture vun den Olympesche Spiller, war nees Krich am Kaukasus. Dës Kéier a Südossetien, wou sech südossetesch Truppen, vu Russland kräfteg ënnerstëtzt, mat der georgescher Arméi Gefechter geliwwert hunn. Ob et Russland war, dat sech duerno dru gemaach huet, grouss Deeler vum georgesche Kärland ze besetzen, oder Georgien, fir ee fir allemol d'Kontroll iwwer Südossetien zrëckzegewannen, déi et schonn 1992 verluer huet, bis haut an doriwir eraus wäert nach vill gerätselt ginn, wien dann elo dës Krich ugefaangen huet.

D'Fro no der Aggressioun an der Reaktioun, no lwwerfall a Verdeedegung soll den europäeschen Ausseministeren no gekläert ginn. Dat ass e luewenswäerten Usproch, an den Ausseminister Jean Asselborn huet et schonn e puermol däitlech formuliert.

Allerdéngs, ech mengen, ech verroden hei kee Geheimnis, wann ech soen, datt dës Opklärung wäert schwéier, fir net ze soen onméiglech ginn. No de Scharmützele während den Deeg virum 8. August téschent georgeschen a südosseteschen Truppe riskéiert eng Enquête driwwer, wien den eigentleche Krich ugefaangen huet, sech séier eidelzelafen.

Och Russland muss sech de Virwurf gefale loosse, ob Aggresseur oder Verdeedeger, datt sáin Amarsch a Georgien objektiv muss als disproportional bezechent ginn. Dofir Russland mat Boykott a Sanktiounen ze beleeden, halen ech allerdéngs fir keng gutt Iddi. Eis Regierung huet sech de Riff no esou Aktiounen och net ugeschloss a Russland géintiwirer déiselwecht Moderatioun bewisen, wéi se och Georgien entgéintbruecht huet.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Kärpunkt vum georgesch-russesche Konflikt virum Krich war an ass sécherlech och d'Perspektiv vum engem georgeschen NATO-Bäitritt. Esou en NATO-Bäitritt wëllt Moskau ënner kengen Émstänn. Dat dierf eis eigentlech net wonneren. E militärescht Bündnis, wou Russland net dran erwünscht ass, wat méi a méi no u d'Grenze vu Russland expandéiert, gétt zu Moskau als eng Bedroung, awer och als eng Form vun Aggressioun emfonnt.

D'Europäer, also déi Staten, déi Russland als Noper, Alliierten, Géigner jee nodeem wéi et grad nun emol war, während Jorhonnerte kennt hunn a kennen, misste wëssen, datt et e Stat ass, deem een net sollt d'Gefill vermëttelen, e géif gedemüteg.

Datt verschidden nei Memberstate vun der Unioun, déi Russland an d'Sowjetunioun ni als Partner, mä virun allem oder souguer nëmmen als Besatzungsmuecht kennt hunn, gewësse Ressentimenter an Angschtgefiller virun deem Noper hunn, ass zwar verständlech, mä där Angscht muss mer duerch d'Konsolidatioun vun der aussen- a verdeedegungspolitescher Dimensioun vun Europa begéinen. Dëst iwwert d'NATO ze maachen, hëlleft hei net onbedéngt.

Net de baltische Staten, déi eigentlech am meeschte Grond hunn, éischter ängstlech op Moskau ze kucken, an och net deenen alen europäesche Memberlänner, déi Russland als Partner brauchen an net als geopoliteschen oder souguer militäresche Géigner. Mir sollen duerfir virsiichteg sinn, ier mer d'Prozedur, fir Georgien an d'NATO opzehuelen, aleeden a mir sollen eis op jidde Fall déi néideg Zäit heifir huelen.

Här President, d'Realitéit am Kaukasus ass elo eng nei, mat där d'Europäesch Unioun sech muss offannen, wa se wëllt e positiven Afloss op d'Geschécker vun där Regioun huelen. D'Europäesch Unioun muss sech besosst ginn, datt et an dës Regioun vun der Welt ëm d'Interesse vun de Groussmuechten, ëm Uelech an aner Ressourcë geet.

Ee vun deenen härtesten Tester fir d'Soliditéit an d'Wierksamkeet vun enger europäescher Aussen- a Sécherheetspolitik waart genee do. Dëst kann e grouss Risiko, mä awer och eng grouss Chance fir eng gemeinsam Aussen- a Sécherheetspolitik vun der Europäescher Unioun sinn.

Här President, eng Léier solle mer aus dem Krich am Summer op jidde Fall zéien: D'Expansion vun der NATO géint déi russesch Bedenke soll ënner kengen Émstänn iwwerstierzt ginn! Dat géllt fir Georgien an et géllt gradesou fir d'Ukraine. Och d'Bäitrittsbestriewunge vun dëse Staten zur Europäescher Unioun - an der Ukraine méi ausgeprägt wéi a Georgien - sinn am Moment verfréit a kënnen net befriddegt ginn. D'Europäesch Unioun huet nach e grouss Schantjen um Westbalkan opzeschaffen, ier se wäit no Oste kann a soll kucken.

Dat muss een och de betraffene Staten éierlech soen an net elo schonn Hoffunge schüeren, déi een zumindest esou bal net kann erfüllen. D'NATO ass net do, fir aggressiv géint Russland virzegoen oder op d'mannst den Androck dovunner ze erwächen. D'Europäesch Unioun ass net do, fir sech definitiv duerch lwwerexpansioun ze schwächen. Dovun hätt keen eppes; net déi, déi haut an deenen zwou Organisatiounen Member sinn, an nach manner déi, déi et ze séier wëlle ginn.

Weder d'NATO nach d'Europäesch Unioun kënnen jiddferen ophuelen, besonnesch an dësem Deel vun der Welt. Net nëmmen, mä och dës Erkenntnis muss an Zukunft de wesentleche Bestanddeel vun enger gemeinsamer Sécherheets- an Aussepolitik vun der Europäescher Unioun sinn.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Mosar. Den nächste Riedner ass den Här Charles Goerens. Här Goerens, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Charles Goerens (DP).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn et am Fong an der Kris Georgien/Russland mat engem dräifachen Échec, engem zweifelhafte Succès ze dinn.

En dräifachen Échec, well éischtens, sur le plan humanitaire hu mer leider ganz vill Victimen ze bekloen. Mir hunn et mat honnertausende Personnes déplacées ze dinn. Déi, déi iwwerlief hunn, si menacéiert oder insécuriséiert.

Ech wëll hei net dee ganze Cortège vun Humiliatiounen, vun Déplacementer, vu Pillagen opzielen, déi zu de Konflikter gehéieren, ouni ze schwätze vun de Mines anti-personnel oder vu Streebommen, déi och gebraucht goufen. Ofgesinn dovunner, datt och souguer d'georgesch Ausseministesch d'Wuert „purification ethnique“ gebraucht huet an enger Réunioun, déi den 20. August am Europaparlament war a wou och d'Représentanté vun den nationale Parlamenten invitéiert waren - ech hat d'Éier fir d'Chamber do ze vertrieeden. Déi Informatioun ass natierlech duerno vun eenzelne Kolleegen als eesäiteg emfonnt ginn, well déi russesch Partie net vertruede war, well och keen Invité vum Rang vum Minister konnt dohinner kommen. Duerfir huet d'Europaparlament och kee vun där Säit invitéiert. Also en Échec sur le plan humanitaire.

Zweetens ass et och en Échec vun enger Partie vun Institutiounen. Ech wëll emol beim Conseil de l'Europe ufänken. Et ass déi éischte Kéier säit de Conseil de l'Europe besteet, datt zwee vu senge Memberen, déi sech engagéiert hunn, all hir Différendé mat friddleche Mëttele ze léisen, Krich géintenee féieren. D'Preventioun huet net fonctionnéiert, an och d'Knäppe vu Kontakter huet net fonctionnéiert. Wann de Generalsekretär vum Conseil de l'Europe virun der Assemblée parlementaire zum Beispill seet, datt e sech virgeholl hat, zesumme mat enger Delegatioun souwuel an d'Haaptstad vu Georgien wéi och an d'Haaptstad vu Russland ze goen, an datt hien eng „fin de non-recevoir“ vun de russeschen Autoritéite kritt huet, ass dat och en Échec, wat d'Seriöhuele vun där Organisatioun duerch Russland ubelaangt.

Et ass och en Échec fir d'OSCE, well déi Mechanismen, déi normalerweise virgesi sinn, fir Konflikter ze beenden, net fonctionnéiert hunn. Wat an dësem Fall d'UNO ubelaangt, ass leider dem De Gaulle seng Bezechnung vum „machin“ och net ganz feel op der Plaz, well mir hunn et hei och mat engem Échec vum Conseil de Sécurité ze dinn, aus deene Grënn, déi mer natierlech kennen, well eng vun de Parties en conflit selwer am UNO-Sécherheetsrot sëtzt, mat Vetorecht.

Eng drëtt Serie vun Échecen huet mat de Relatiounen vu Russland mat enger Partie vun internationalen Organisatiounen ze dinn. Ech denken do zum Beispill un d'NATO/Russland, ech denken awer och un d'Relatiounen Vereenegte Staten/Russland. Ech wëll hei net mam Fanger op deenen oder deenen anere weisen. D'Schold ass gedeelt, och wann et evident ass, datt

d'Reaktioun vu Russland disproportional war.

Et muss een awer soen, datt dat hei sech och op enger Toile de fond vun Degradatioun vu Relatiounen téschent Russland a senge Partenairen ofwéckelt. Ech denken zum Beispill un de Système de défense antimissile, deen a Polen soll opgeriicht ginn, deen elo beschlosse Saach ass, mat enger Radarstatioun an der Tschechescher Republik, wou et och kredibel Alternativen dozou gouf. Ënner anerem huet den Henry Kissinger der genannt. Déi Propositione sinn an de Wand geschloe ginn. Also ass dat och en Échec, dee mer musse bekloen.

Ech denken och un ee gewëssenen Expansionismus vun der NATO, woubäi ee sech wierklech froe muss, ob et indispensable ass, datt d'NATO esou séier wiisst, an datt ee parallel zu dem Expansionismus net à même ass, fir d'europäesch Sécherheet als Ganzt ze iwwerdenken. Wa mer elo emol iwwert d'Menace militaire schwätzen, stelle mer awer fest, datt Russland momentan e Militärbudget huet, deen ongeféier 10% ass vun deem vun de Vereenegte Staten, wat awer trotzdem et schonn eng relativ Lecture zouléisst vun der Menace, déi vun do ka kommen. Ech wëll aus Zäitgrënn deen Aspekt net verdéiwen.

Ech hat gesot, datt mer et och mat engem „Succès douteux“ ze dinn hätten. Et muss een hei dem President Sarkozy deen Tribut zollen, deen en zegutt huet, well en huet schnell reagiert, en huet schnell eng Mediatoun gemaach. D'Fro ass just déi, ob en de Succès, deen e remportéiert huet, an deen ech net wëll aus der Welt diskutieren, fir d'Obtentioun vun engem Cessez-le-feu, Frankräich, senger Funktioun als President vun der Franséscher Republik, ze verdanken huet, oder ob en dee senger Funktioun als President vum Conseil européen ze verdanken huet.

Wa mer ganz éierlech sinn - wann ee gesäit, wéi Russland mat Einzelnen ëmgesprongen ass, och mat Institutiounen -, gleewen ech net, datt an dësem Fall d'Funktioun vum President vum Conseil européen méi schwéier gewien huet, wéi déi vum President vun der Franséscher Republik. Ech soen dat, well domadder de Prinzip vun der Gläichheet vun de Staten innerhalb vun der Europäescher Unioun tangiert ass. En ass tangiert, well déi nächst Présidence vun engem klengen Land gemaach gétt, vun der Tschechescher Republik. Ech hoffen duerfir, datt déi Grouss alleguer hannert deene Klengen stinn a näischt maachen, wat an deem Moment kéint de Rôle vum President vum Conseil européen minéieren.

Här President, ofschléissend wëll ech soen, datt mer esou net kënnen viru Politik maachen. Et wier déck Zäit, datt mer eis Gedanke géife maachen, ob mer net erëm eng Kéier sollen eng Aart Sécherheetskonferenz an Europa maachen, esou wéi dat an de 70er Joren de Fall war, wou mer wierklech alles op den Dësch leeën, wat stéiert, alles, wat kéint en Obstacle sinn zu engem friddleche Reglement vun den Différenden, an da vläicht kucken, wéi mer d'Rapports de force solle maachen.

Well dat hei ass en „waste of time“ an en „waste of money“, wou mer d'Suen an d'Moyenen dach vill méi néideg op aner Plaze bräichten, wéi elo erëm Rekonstruktionsprogrammer ze maachen, déi hätte kënnen évitéiert ginn, wa mer méi preventiv kéinte wierke wéi reaktiv. Wa mer wëlle méi preventiv wierken, da muss mer eis och déi Moyené ginn, an ech mengen, esou wéi d'Institutiounen elo fonctionnéieren, geet et net duer.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Goerens. D'Wuert huet elo den Här Fayot. Här Fayot, wann ech gelift.

» **M. Ben Fayot (LSAP).** - Här President, ich möchte auf der Tribüne unseren Kollegen Walter Kolbow begrüßen, Mitglied des ausserpolitischen Ausschusses des deutschen Bundestages, der sich ganz besonders für den Konflikt im Kaukasus interessiert und daher auch Kontakte mit den nationalen Parlamenten aufnimmt. Willkommen in Luxemburg!

Här President, ech wollt dem Ausseminister fir d'éischt emol Merci soe fir seng Deklaratioun de Mëtteg an och fir déi permanent Informatioun, déi mer vun him kritt hunn zënter dem Ufank vun deem Konflikt a Georgien. Hien huet ons an der aussepolitescher Kommissioun permanent iwwert de leschte Stand vun der Situatioun informéiert. Obschonn elo de militäresche Konflikt net méi an de Medien à la une ass, ass et dach nach e Politikum vun éischer Importenz, a mir mussen ons also weider domat ofginn. Mir begréissen, als LSAP, d'Approche vun

der Regierung, déi équilibréiert war an och nach ass an ouni Scholdzouweising an d'Behandlung vun deem Konflikt eraangaangen ass.

Haut stelle sech dräi Froen, zu deene mer eng Haltung mussen hunn. Déi éischt Fro betrëfft d'Zukunft vu Georgien. Mir hëlleft mat dat Land an eng richteg Demokratie opzebauen, a mir hoffen, dass d'Politik a Georgien, a besonnesch de President vun deem Land, dat och ganz seriö wëllen. Mir kënnen a mir wëllen och net an den interne Konflikt téschent Georgien a sengen zwou offrünnege Provënzen agräifen. Mir erkenne jo déi zwou - vu Russland onofhängeg erkläerte Republiken - net un, a mir wäerten dat héchstwahrscheinlech och nach laang net maachen, wat awer net verhënnert, dass een natierlech muss probéieren, op laang Siicht de Konflikt téschent deenen zwou Provënzen a Georgien duerch vertrauensbildend Moosname lues a lues ze léisen.

(**Mme Colette Flesch prend la Présidence**)

Déi zweet Fro hänkt enk domat zesummen. Georgien wëllt jo enges Dags an d'Europäesch Unioun kommen; dat ass verständlech an nozevollzéien. Ech warnen awer, dass mer et net maachen, wéi mer dat virdu schonn öfters gemaach hunn, nämlech dass mer Georgien Hoffunge maachen, déi esou bal net ze erfëlle sinn. Georgien wëllt och an d'NATO. Déi Organisatioun bedeit Solidaritéit ënnert de Memberen, besonnesch wann e Memberstat vu baussen ugegraff gétt. Ech ka mer net virstellen, dass Georgien Member vun der NATO gétt, soulaang et sáin internen offene Konflikt net bäigeluecht huet a mat Russland op Konfrontatioun geet.

Mat anere Wieder: Well d'NATO keng Krichsmaschinn géint en anert Land méi ass, ka se och net vun engem Memberstat géint en anert Land instrumentaliséiert ginn.

Déi drëtt Fro betrëfft Russland. Mir wëssen net genee, wie wien an deem Konflikt provoziert huet a wien ugefaangen huet. Mä dat Opplame vu Gewalt an deem Eck bedeit näischt Guddes, weder am August nach elo. Net fir Georgien a net fir Russland, dat esou hefteg reagiert huet, wou een eigentlech vun enger Groussmuecht, déi d'Weltgeschäfte wëllt matbestimmen, méi Rou an Zréckhaltung erwaarde muss.

Et ass e Fait, dass Europa mat Russland zesummeliwe muss an dass dat Zesummeliwien organiséiert muss ginn. Duerfir mussen onst Partnerschaftsofkommes mat Russland erneiert an ons wirtschaftlech a politesch Relatiounen ausgebaut ginn. Konstruktiv a gutt Relatiounen mat Russland ginn éischter méiglech a méi einfach, wann dat Land oppen, fräi an demokratesch ass, wéi wann et autoritär an net viraussehbar ass, zum Beispill wann et mat sengen Energiereserven Europa wëllt ënner Drock setzen.

Ech hoffen, dass déi politesch Kräften a Russland dat selwer esou schnell wéi méiglech unerkennen, well d'Vertrauen zwëschent Russland an der Europäescher Unioun muss opgebaut ginn. Dat ass fir Länner, déi un der Grenz vu Russland liewen a virdu an Sowjetimperium waren, méi schwéier wéi fir ons. Déi Aufgab brauch hir Zäit. De Friden op onsem Kontinent hänkt jiddefalls dovunner of. Ech mengen, och als Parlament si mer engagiert, fir mat onse russesche Kolleegen aus dem Parlament dorunner ze schaffen, fir déi Relatiounen opzebauen.

Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **Mme le Président.** - Merci, Här Fayot. D'Wuert huet elo den Här Huss.

» **M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).** - Merci, Madame Presidentin. De 7. Juni 2008, also praktesch zäitgläich mat der Ouverture vun den Olympesche Spiller zu Peking, ass am Kaukasus en oppene Krich ausgebrach. Den direkten Ausgangspunkt dovunner war, datt de georgesche President, de Michail Saakaschwili, säi Militär an déi abtrünneg Regioun Südossetien geschéckt huet an domadder eng vehement an disproportional militäresch Reaktioun vu Russland provoziert huet.

Den Zäitpunkt war sécher iwwerraschend, mä de Krich u sech hat sech schonn zënter Méint ugekënnegt, an trotzdem war d'Europäesch Unioun net dorobber virbereet. Well nämlech schonn a sengem Wahlkampf hat de georgesche President ugekënnegt, de georgesche Territoire schnell an nouffalls mat Gewalt ze vereeneg. Zënterhier huet d'Land massiv operéiert. De Rüstungsbudget huet sech op quasi eng Milliard Dollar vervielfacht.

Mardi,
21 octobre 2008

D'Ukraine, Israel, d'USA an och verschidden EU-Länner hu monter Waffe verkaaft. Israel an d'USA hunn honnerte vu Militärausbilder a Beroder dohinner geschéckt. No engem russesche Militärmanöver am Norde vum Kaukasus huet d'NATO mat der Bedeelegung vu Georgien an der Ukraine e Militärmanöver am Schwaarze Mier ofgehalen. An e bësse méi spéit gouf et dunn och nach e gemeinsamen US-georgesche Manöver a Georgien selwer. Kee Wonner, datt Russland just op eng gutt Geleeënheet gewaart huet fir eng Muechtdemonstratioun.

D'Ursaache vun dësem Konflikt sinn awer komplex. Op där enger Säit de georgeschen Nationalismus, verschäerfte geopolitesch Aflosskämpf zwëschent den Amerikaner, der Europäescher Unioun a Russland. An natierlech och de Sträit ëm d'Energiereserven, dat heescht den Zougang zu de Pétrols- a Gasreserve ronderëm de Kaukasus an d'Kaspescht Mier.

Georgien war fir de Westen e strategesche Piller, fir d'europäesch Energieversuergung der russescher Kontroll ze entzéien. Eng aktuell Pipeline vun Uelech an e weidere Gasprojet sollten den Uelech an de Gas laanscht Russland a Richtung Europa transportéieren. Duerch deen aktuelle Konflikt ass dat georgescht Nadelöhr oder Transitland elo alles anescht wéi sécher.

Dräi weider Hannergrondelementer dierfte jiddferengem bekannt sinn. Den Här Goerens huet och virdu schonn dovunner geschwat. Dat sinn op där enger Säit den amerikanesche Rakéitnofwierprojert an Osteuropa, op där anerer Säit d'NATO-Kandidatur vu Georgien an der Ukraine, an zu gudder Lescht déi völkerrechtlech net onëmstridden Unerkennung vum Kosovo. Dräi kruzial Elementer mat als engem Point commun dozou och nach eng feelend eenheetlech Haltung vun den europäesche Länner.

Et muss een allerdéngs der Europäescher Unioun zeguthalen, datt se nom Ausbroch vum Konflikt relativ séier reagiert huet an d'franséisch Présidence den Accord vu Russland fir hire Sechs-Punkte-Plang krut. Russland huet zënterhier seng Truppen nëmme ganz lues a widerwëlleg aus Georgien ofgezunn a se a Südossetien an Abchasien par conter verstärkt an demonstrativ d'Onofhängegkeet vun dësen zwou Regiounen unerkannt. An dach ass dësen EU-Russland-Plang bis elo emol e gewëssenen Deelerfolg.

Allerdéngs steet dee leschten an entschuedende Punkt awer eréischt zënter dem 15. Oktober um Ordre du jour, nämlech déi international Verhandlungen zu Genf ëm eng endgültig Léisung vun der Situatioun.

Dëse Konflikt weist an eisen Aen awer nees, datt Krich a Gewalt nimools eng Léisung fir politesch an ethnisch Problemer kënnen sinn, am Géigendeel, si verschäerfen dës Problemer just nach.

Déi Gréng sinn allerdéngs haut méi wéi skeptesch, datt et zu Genf schnell zu konkrete Resultater ka kommen. Duerch all déi ernimmen Elementer an Hannergrënn hânt eng Eenegung bäi Wäitem net nëmme vu Russland a Georgien of a wäert extrem schwéier ginn.

Speziell d'Europäesch Unioun an hir Memberlänner mussen oppassen, mat wéi enger Kap se dobäi och wëlle schwätzen, ob se als EU schwätzen, als NATO oder als interesséiert Clienten oder Lobbyiste fir Energiefroen.

Den NATO-Bäitritt vu Georgien schéngt haut definitiv keng Optioun méi ze sinn. Stattdesse misst een an eisen Aen éischer goen a Richtung vun enger privilegiierter Partnerschaft mat der Europäescher Unioun. Dat wär e wichteg net militärescht Signal an e wichtige Piller fir den ekonomeschen Erëmpobau an d'Stabiliséierung vun der Region.

Wéi den Här Ausseminister hei betount huet a senger Deklaratioun - an domadder si mir d'accord -, gehéiert zur Stabiliséierung vun der Region awer net nëmme eng ekonomesch Stabiliséierung, mä virun allem och eng demokratesch Stabiliséierung a Georgien selwer, wou wierklech nach viles ze maache bleift, an et muss een déi zwou Saachen an eisen Ae maachen, fir do eng Chance ze hunn, fir dat Land wierklech iwwert déi nächst zéng Joer zu engem privilegierte Partner ze maachen.

Merci.

» **Plusieurs voix**.- Très bien!

» **Mme le Président**.- Merci, Här Huss. Den Här Henckes huet d'Wuert.

» **M. Jacques-Yves Henckes (ADR)**.- Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir

Hären, an deenen zwouanenghalfe Minutten, déi mer zur Verfügung sinn, wëll ech op e puer Punkten agoen.

Éischtens, d'EU huet wëlles, fir eng wirtschaftlech Hëllef a Georgien ze ginn. Ech fäerten, datt dat net vill wäert bréngen.

Firwat? Well Georgien sech selwer an eng ganz schwiereg Situatioun bruecht huet, doduerjer, datt et aus der CIS ausgetratt ass. Och e gudden Deel vun den Entrepreneuren, déi a Georgien sinn, si justement an deem Land, well se deen Ablack konnten no Russland an no anere CIS-Länner exportéieren. Dës Entrepreneuren sinn amgaangen elo ze kucken, fir sech an Aserbaidschan an an Armenien ze delokaliséieren.

Zweete Punkt, deen an der Debatt steet, ass eng NATO-Memberschaft vu Georgien. Ech muss éierlech soen, do si mer méi wéi skeptesch, wann net grad ganz kritesch, fir op dee Wee ze goen, well souwisou d'Konditiounen net erfëllt sinn.

Éischtens ass Georgien bäi Wäitem net dat, wat ee kéint eng Demokratie nom westleche Modell nennen. Mir hu gesinn, datt d'politesch Flüchtlingen zimlech zahlräich sinn, datt et keng Pressefräiheet gëtt, weder an der geschriwwener Press nach op der Televisioun.

Mir gesinn, datt de fréiere Verdeedegungsminister accuséiert ginn ass vum President, hie géif politesch Opponenten an onbequem Leit ermorde loossen. D'Wahle si vun der OSZE kritiséiert ginn. Bref, do bleift nach ganz vill Aarbecht ze maachen.

Et ass och kloer, datt een net kann e Land als Member vun der NATO ugesinn, wat à tout moment nees erëm eng Kéier ka Rakéiten op d'Zivilbevölkerung schéissen an eng ganz NATO an e Krich mat eranzéien.

Deen drëtten Punkt, deen ons wichtig schéngt an Ärer Erklärung, dat ass, datt mer eng gutt Relatioun mussen mat Russland hunn. Ech mengen, dat schéngt jo och de gudden Wee ze sinn, quitta datt nach an der EU net onbedéngt déi gréissten Unanimitéit dofir do ass. Duerfir muss een e bësse Gedold weisen.

Eng lescht Fro, Här Minister. Lëtzebuerg huet sech am Kader vun dem georgeschen Konflikt och derfir agesat, fir eng etlech Finanzhëllef ze ginn. Duerfir wollt ech froen, wat do d'Kontributioun vu Lëtzebuerg ass a woufir déi Sue solle gebraucht ginn.

» **Mme le Président**.- Merci, Här Henckes. Elo geet d'Wuert zréck un d'Regierung. Här Minister, Dir hutt d'Wuert.

(*Interruption*)

» **M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration**.- Ech hat dat gesot, Här Henckes, ech ginn lech dann nach eng Kéier d'Ennerlagen.

Ech wollt ee Wuert soen zu deem, wat den Här Goerens gesot huet. Ech deele seng Approche, dass duerch déi Diskussioun ëm d'Rakéiteschëld viles an eng schlecht Richtung gedréint huet, wat d'Relatiounen tëschent der Europäescher Unioun a Russland ugeet. Villes!

Mä ech sinn net esou pessimistes wéi hien, wann hie seet, dat wier beschlossene Saach. Et ass beschlossene Saach tëschent deenen zwou Regierungen. Dat stëmmt. Mä et ass net beschlossene Saach ënnert der Parlamentar, déi deen Accord, dee jo bilateral tëschent den Amerikaner, de Polen an Tschechen ausgehandelt ginn ass um Niveau vun de Regierungen, mussen ratifizéieren.

Do hunn ech nach grousse Hoffnung, dass nach ganz viles kéint an eng aner Direktioun gedréint ginn, dass nach viles kéint geschéien, souguer um Niveau vun der Europäescher Unioun a vun der NATO, fir, ier déi lescht Décisioun do geholl gëtt, dass do sech nach eng Kéier wierklech de Kapp zerbrach gëtt, nach eng Kéier nogeduecht gëtt, wat d'Konsequenze vun esou enger Décisioun kënnen sinn.

Merci.

» **Mme le Président**.- Merci, Här Minister. Domadder ass d'Diskussioun zu dësem Punkt ofgeschloss. Mir kommen zum nächste Punkt vun onsem Ordre du jour, dat ass d'Fro mat Debatt N°37 vun der Madame Loschetter a vum Här Adam iwwer eng Etüd iwwert den Décrochage scolaire zu Lëtzebuerg. Ech weess eigentlech net, wéi een den Décrochage scolaire op Lëtzebuergesch nennt, mä dat ginn ech da vläicht elo gewuer.

(*Hilarité*)

Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

8. Question avec débat N°37 de Mme Viviane Loschetter et de M. Claude Adam au sujet d'une étude sur le décrochage scolaire au Luxembourg

» **M. Claude Adam (DÉI GRÉNG)**.- Merci, Madame Presidentin. Dir Dammen an Dir Hären, Madame Minister, wéi Enn Juni dëst Joer déi nei Etüd iwwert den Décrochage scolaire zu Lëtzebuerg erauskomm ass - ech géif den Décrochage scolaire mat Schoulofbriechen op Lëtzebuergesch ausdrécken -, dunn hu mir eis, wahrscheinlech genauso wéi Dir, Madame Minister, fir d'éischt emol gefreet, well d'Zuel vun deene Jonken, déi hir Studien am Lycée technique oder am Lycée classique ouni Diplom opginn hunn, ass nämlech an där Zäit vun dëser Etüd tëschent Mee 2006 an Abrëll 2007 erofgaangen. Par rapport zu 2003/2004 souguer ëm 45%. Dat ass zwar erfreeslech, mä leider kee Beweis, datt mer an eise Schoulen alles am Grëff hätten, a keng Ursaach, fir d'Hänn an de Schouss ze leeën an näischt méi ze schaffen. Duerfir hu mer och direkt den 3. Juli dës Question avec débat ugefrot, well mer der Iwwerzeugung sinn, datt déi Etüd derwäert ass, hei eng Kéier debattéiert ze ginn.

Mir schwätzen an der Etüd vun 1.320 Schüler, déi hir Schoul am Zäitraum vun engem Joer ouni Diplom, ouni Ofschloss verlooss hunn. Fir ee groussen Deel ass dat een endgültig Schrëtt. A wann ee weess, datt mer zu Lëtzebuerg tëschent 5.000 an 5.500 Schüler pro Joergang hunn, da gëtt ee sech bewosst, mat wéi engem groussen Phenomeen mir et hei ze dinn hunn. Ee vu véier Schüler ënnerbrécht seng schoulesch Carrière a geet aus der Schoul ouni Ofschloss. Vun deenen 1.320 hu sech der 369 am Laf vum Joer erëm an d'Schoul ageschriwwen. Zweek Drëttel zu Lëtzebuerg, deen aneren Drëttel am Ausland, meeschtens an der Belsch.

Mir stelle fest, datt méi wéi 100 Jonker zwar keng Décrocheurs scolaires tout court sinn, mä Décrocheurs du système scolaire luxembourgeois. Mir stellen och fest, datt d'Orientation scolaire zu Lëtzebuerg ze wënschen iwwerreg léisst.

538 Jonker hunn d'Schoul definitiv ouni Diplom verlooss. 104 hunn eng Aarbecht fonnt, woubäi mer mussen dovun ausgoen, datt besonnesch dës Aarbechtsplaze vu jonken net qualifizéierte Salariéen alles anescht wéi stabil sinn. Nëmme 36,5% vun hinnen hunn en CDI. 138 Jonker sinn an enger Mesure d'insertion professionnelle, wou mer jo och wëssen, datt dat nach keng besonnesch roseg Perspektive fir den Aarbechtsmaart sinn.

An da liese mer an der Etüd, datt 296 Jonker näischt maachen. De Gros vun hinne sicht eng Léier oder eng Aarbecht, e puer sinn och krank oder erwaarden e Kand, mä ëmmerhin 24% vun hinne soen, si géifen näischt maachen oder näischt sichen oder näischt méi sichen. 413 Schüler sinn trotz den Effort vum der Action locale pour jeunes verluer gaangen.

Et ass net nëmme erstaunlech, et ass och onbefriddend, datt esou eng grousse Zuel vu Schüler aus eise Schoule verschwënnt, ouni datt mer genau wëssen, wou se dru sinn a wou se hi sinn. Datt déi meescht vun hinnen eventuell net méi am Land sinn, schéngt eng plausibel Erklärung, beluecht ass déi Hypothees awer net, wéinstens net komplett.

Déi Etüd confirméiert och eng ganz Rei Fakten, déi mer scho méi laang kennen a wou mer bis elo nach keng Äntwert, keng Léisung fonnt hunn. Zum Beispill, et si méi Jonge wéi Meedercher vum Décrochage scolaire betraff. Schüler, déi schonn een oder méi Joren eng Klass doubléiert hunn, riskéieren éischer, d'Schoul ofzebriechen, wéi Schüler, déi nach net doubléiert hunn. Schüler mat Migratiounshannergrond si prozentual méi betraff wéi Schüler ouni Migratiounshannergrond. Als Ursaache gëtt vun de Schoulofbriecher selwer de Mangel u Léierplazen, feelend Motivatioun, schlecht Orientatioun a keng Perspektiv op schouleschen Erfolleg uginn.

Wéi schonn am Ufank gesot, och mir freeën eis, datt d'Statistike besser si wéi déi Jore virun. Oder misste mer net méi richtig soen, d'Statistike sinn e bësse manner schlecht wéi virun?

D'Madame Minister huet am Communiqué gemengt, als Reaktioun op déi Etüd, datt déi besser Statistike schonn e Resultat wiere vun enger Rei Mesuren, déi ergraff gi wieren. Mir wëssen awer, datt déi meeschte

Mesuren net esou nei si wéi déi verbessert Statistiken. Mir mengen, et wier Zäit, och déif gräifend strukturell Reformen an eiser Schoul ze maachen: eng Filière unique fir all schoulpflichteg Kanner, en aneren Émgang mat eiser Sproochvielfalt - besonnesch, wann d'Kanner bis an de Secondeire ginn.

Mir si frou, datt mer d'Geleeënheet kruten, hei an der Chamber dës wichteg Etüd unzeschwätzen, an an deem Kontext géife mer och gären héieren, wéi eng politesch Konklusiounen d'Madame Minister aus der Etüd zitt a wéi eng Moossnamen d'Regierung eventuell nach ze ergräife gedenkt, fir géint den Décrochage scolaire virzegoen.

Ech soen lech Merci.

» **Mme le Président**.- Merci, Här Adam. Madame Loschetter, wëllt Dir och nach d'Wuert huelen?

(*Négation*)

Dann ass et un der Madame Minister.

» **Mme Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle**.- Madame Presidentin, ech si frou, dass e puer Leit déi Etüd gelies hunn. Ech brauch näischt méi dozou ze soen. Den Här Adam huet se esou gutt resuméiert. Ech freeë mech fir déi Leit, déi d'Aarbecht gemaach hunn, dass se Lecteurë fannen, well et ass näischt méi frustrant, wéi wann ee probéiert, Chifferen zesammenzestellen, an et ass keen, deen dovunner Kenntnis hält.

Ech wëllt och soen, dass meng Freed iwwert déi besser Statistike sech a Grenze gehalen huet. Ech ka mech net erënneren, dass ech do eng grousse Freed ausgedréckt hatt.

Ëmmerhin, den éische Mérite vun deenen Etüden ass, dass mer 2004 emol ugefaangen hunn ze kucken, wéi vill Schoulofbriecher mer hunn. Dat wosste mer virun net.

Mir haten der am Joer 2004, dat ass also dat éischt Joer, wou mer déi Etüd gemaach hunn, nach 1.984. Bei där leschter Etüd, déi mer gemaach hunn, si mer nach bei 1.320. Dat sinn der nach ëmmer fuerchtbar vill. Eis Joergang hunn de Moment ongeféier 5.500 Kanner.

Dat éischt, wat ech emol wollt soen, dat ass, dass mer e groussen Effort gemaach hu bei all deenen, déi dat Joer, nodeem d'Rentrée erëm ass, net méi an eise Fichier erschéngen, dass d'ALJ gefrot ginn ass, fir deenen emol alleguerten nozetelefonéieren a kucken ze goen, wou se sinn. Duerfir wollt ech deene Leit vun der ALJ villmools Merci soen, well dat ass nämlech keng einfach Aarbecht. A vill vun deene Jugendeche hu gesot, dat ass elo déi éische Kéier, wou een no eis kucke kënnt, Dir hätt besser gehat, éischer ze kommen.

Duerfir kommen ech dann op déi Fro, déi den Här Adam mer gestallt huet, dat ass: Wat kënnen mer maachen, fir dass mer manner Schoulofbriecher kréien, well dat ass jo den Enjeu? Ech mengen, et gëtt zwee Enjeuen: Éischtens, wéi verhënnere mer et? An zweetens, wat offrëiere mer dann deenen, déi zréck an d'Schoul kommen?

Well ëmmerhi sinn 369 Kanner, déi sech frësch an eng Schoul ageschriwwen hunn, dovunner 122 am Ausland, mä awer och 247 zu Lëtzebuerg. Dat heescht, vun deenen, déi zréck an d'Schoul gaange sinn, sinn zwee Drëttel an eng Lëtzebuerg Schoul gaangen, an et geet drëm, fir deenen eng Offer ze maachen, dass se och waméiglech zu enger Qualifikatioun kommen. Dat ass dee groussen Effort, dee mer mussen maachen.

An deen zweete groussen Effort ass, fir ze kucken: Wéi verhënnere mer an der Zukunft, dass esou vill Kanner ophalen?

Do gëtt et ganz vill, an och net vill Äntwerten. Also, ech sinn dankbar fir all Suggestioun. Ech mengen, mir fänken un an der Primärschoul. Et ass jo d'Zil vun der Primärschoul, ze soen, mir solle kucken, dass mer esou mann wéi méiglech Kanner kréien, déi schonn an der Primärschoul den Anschluss verpassen.

Wann een nämlech d'Etüd genau kuckt, da gesäit een, dass déi éischt Ursaach, firwat

den Décrochage ass, dee méi wéi zwee Joer Retard scolaire ass vu jonke Leit. Dat ass de Redoublement. A mir hunn an eise Primärschoulen onheemlech vill Redoublement.

Wann ech par ailleurs kucken, vun deene ronn 800 Schüler, déi an de Préparatoire orientéiert ginn, déi am Joer dohinner ginn, si 40%, déi nach net am sechste Schouljoer sinn. Dat ass natierlech dann en immens groussen Effort, dee muss gemaach ginn, fir deene Kanner erëm zu enger Qualifikatioun an zu enger Motivatioun ze verhëlfen. Duerfir setzen ech grouss Hoffnungen an dat Primärschoulgesetz an déi Reform, déi dorauer entsteet, fir eben ze verhënnern, dass et esou wäit kënn, dass mer d'Kanner esou demotivéieren, dass se erëm mat vill Méi mussen opgebaut ginn.

Ech wëll och fir de Préparatoire soen, dass mer d'Halschent vun deenen 800 Schüler, déi an de Préparatoire orientéiert gi sinn, elo suivéieren, säit mer déi besser Datebanken hunn, a fénnel Joer duerno ass d'Halschent vun hinnen an engem classeschen Ausbildungsdeal. Dat heescht, si sinn op de CATP an d'Formation professionnelle erakomm, Verschiddener op den Technique a ganz, ganz selten an e classesche Lycée. Mä ëmmerhi bréngt se et fäerdeg, fir d'Halschent vun deene Schüler erëm esou opzubauen, dass se zréck an de Schoulcircuit fannen, wat ech eng gutt Leeschtung fannen.

Dir froet mech elo: Wat ass d'Äntwert fir déi aner?

Mir hu jo virun engem, zwee Joer e Gesetz gestëmmt fir déi Klassen, déi mer COIPs-Klassen nennen, wouhinne de Moment ganz vill Kanner orientéiert ginn. Déi sinn elo e Joer gelaf. Ech hat gehofft, ech kéint lech haut de Suivi gi vun deene Kanner. Dat kann ech nach net. Mir hu misse waarde bis den Dezember, well der do eng ganz Rei amgang sinn, no enger Léier ze sichen, an dat nach net ofgeschloss ass. Ech kann lech déi Chifferen also haut nach net ginn. Och do ass en Optrag eraus un d'Leit um Terrain, fir de Suivi ze maachen.

Mir wëlle méi Preventioun maachen. Eent vun de Mëttele sinn d'Classes Mosaïque. An 13 Lycéeën hu mer esou Klassen, wou Kanner, déi grouss Schwierigkeeten hunn, periodesch erageholt ginn, fir hinnen ze hëllefen a se besser opzubauen.

Mir hunn och mat engem Lycée e Projet duerchgefouert mat relativ vill Succès, fir mat de Redoublantë fir dat Joer, wou se redoubliieren - well déi kritesch Klass jo d'Neuvième oft ass -, e gezielte Programm ze maachen an op hir Schwierigkeeten anzegoen, net einfach e Redoublement ze maachen, mä et soen: Hei, du muss méi Mathematik maachen, du méi Sproochen, fir deen Niveau u Kompetenzen ze kréien.

Da maache mer natierlech all déi alternativ Schoulen, déi jo am Fong och e Moyen sinn, fir op d'Spezifisitéit vun de Schüler anzegoen. Ech mengen, leider gëtt et net eng eenzel Äntwert, well all Kand, all Jugendlécher, deen an der Schoul ophält, ass jo en Échec fir hie selwer, ass en Échec fir eis Gesellschaft, an d'Ursaachen dovunner sinn oft net eenzelner. Et gëtt net eng Ursaach, mä et sinn der vill, déi zesumme kommen. Duerfir muss een eng Betrieng maachen, déi ganz op déi Jugendlécher zougesehn ass. An dat ass eng ganz intensiv Betrieng. Mir sinn och amgang, un engem Projet de loi ze schaffe fir déi Betrieng, an hoffen, dat eventuell nach ze déposieren an der nächster Zäit.

Ech hoffen dobäi op Är Ënnerstëtzung.

» Mme le Président - Merci, Madame Minister. Här Adam, wëllt Dir nach d'Wuert ergreifen?

» M. Claude Adam (DÉI GRÉNG).- Jo, wann Der erlaabt, Madame Presidentin a Madame Minister. Ech hätt am Fong geholl eng Fro, déi méi wäit geet. Ech mengen, dee Problem vum Décrochage scolaire ass jo e bësselchen eppes, wat een haaptsächlech an deene Länner kennt, déi wéi mir mat engem dräiglidrege Schoulsystem funktionéieren. Dat ass och eppes, wat d'Uni Lëtzebuerg ronderëm de Romain Martin zum Beispill kritiséiert. Zum Beispill seet de Romain Martin a sengem leschte Wierk, mir

sollen déi Schüler méiglechst méi laang zesummen enseignéieren.

Ass dat och eppes, wat een als Mesure wéinstens da méttelfristeg soll ugoen? Wéi gesitt Dir dat?

» Mme Mady Delvaux-Stehres, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle*.- Also, déi Fro do geet awer elo iwwert déi gesaten Zäit vun enger Question avec débat eraus.

Ech kommen nach eng Kéier drop zréck, dass et vill Ursaache gëtt, firwat mer en Décrochage hunn. Et kann ee feststellen, wann een d'Etüd liest, dass déi Länner, déi méi en integrative Modell hunn, effektiv manner Décrochage hunn.

Allerdéngs gehéieren zu engem integrative Modell eng Ausbildung vun den Enseignanten; eng Method, fir Schoul ze halen; eng Benoutung, déi anescht ass; eng Evolution, déi anescht ass, an haaptsächlech gëtt et do kee Redoublement.

A wann Der lech elo referéiert op eng Ausso aus enger Etüd wéi där vum Romain Martin, Chercheur op der Uni an Auteur vun engem Buch iwwert d'Lëtzebuerg Schoul, da gëtt et dach e ganze Koup, déi mussen zesummegeen.

Ech sinn also wierklech e Vertrieeder dovunner, fir d'Integratioun ze praktikéieren a se esou laang wéi méiglech duerchzéieren. Nach soen ech, muss mer eis Konditiounen ginn, an deenen een dat dote ka realisieren, an déi schafft een net duerch eng Strukturreform, mä déi schafft een doduerch, dass een d'Leit forméiert, dass een et fäerdeg bréngt, se zesummezebréngen, an dass mer vill kleng Elementer un der Formatioun änneren.

Ech wëll awer nach eppes dobäi soen. Wann ech d'Population scolaire vu Lëtzebuerg kucken an ech vergläiche se mat där vu villen anere Länner, notament deenen, déi da méi en integrative Modell hunn, dann hunn déi e Prozentsaz vun Ausländer oder vu Kanner mat Migratiounshannergrond, dee variéiert tëschent zwee, zéng a 15%. Mir hunn no deene leschte Chiffre 46%. Dat heescht, mir hunn ee riseg Problem als System, fir déi jonk Leit, déi op Lëtzebuerg kommen, wa se e gewëssenen Alter hunn a wa se schonn eng gewëssen Zuel vu Jore vu Schoul hanneru sech hunn, an eise Schoulsystem ze integréieren. An dat sinn der natierlech vill, déi mer dann herno erëm fannen, déi 12, 13 Joer hunn, wa se op Lëtzebuerg kommen, déi keng vun eise Sprooche vun der Schoul schwätzen, mat deene mer dann natierlech ganz grouss Problemer hunn, fir déi zu enger Qualifikatioun ze bréngen.

Do mengen ech, dass ee muss alternativ Schoulmodeller proposéieren an och Ziler, fir ze errechen, fir hinnen awer zu enger Qualifikatioun ze verhëllefen. An do hëlleft deen Opbau vun ënnen natierlech net alles.

» Mme le Président.- Merci, Madame Minister. Domat ass de Punkt ofgeschloss, a mir kommen zum nächsten a leschte Punkt vun onsem Ordre du jour. Et ass d'Diskussioun iwwert de Projet de loi 5805, deen de Code du Travail modifizéiert. D'Wuert huet elo de Rapporteur, den honorablen Här John Castegnaro.

9. 5805 - Projet de loi portant modification du Code du Travail

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle

» M. John Castegnaro (LSAP), *rapporteur*.- Madame Presidentin, Madame Minister, Kolleginnen a Kollegen, et geet haut, wéi d'Presidentin dat gesot huet, ëm eng Modifikatioun vum Code du Travail iwwert de Projet de loi 5805. Mir erliewen a mir wäerten nach erliewen, dass ëmmer öfters de Code du Travail muss ugepasst ginn.

De Problem ass, dass déi Titelen, déi dann iwwert de Projets de loi stinn, sech wéi e Geheimcode unhéieren an net méi siichtbar ass respektiv net méi erëmgi gëtt, ëm wat et sech eigentlech inhaltlech handelt. Mä dat läit an der Natur vum Code du Travail, a senger Roll an a sengem Opbau.

Mä haut geet et da bei deem, wat mer solle maachen, ëm d'berufflech Weiterbildung an d'staatelech finanziell Ënnerstëtzung an de Betriber, déi do matmaachen. Fir dat kënnen nei ze organisieren, muss d'Basisgesetz vum 22. Juni 1999 ëmgeännert ginn, an dat eben, andeem den Artikel 542 aus dem Code du Travail och geännert gëtt.

Den Intitulé vum Gesetz vum 22. Juni 1999 erspueren ech lech, well e riseg laang ass, mä eigentlech gëtt dat do ëmschriwwen ënner anerem als „un système de soutien de la formation professionnelle continue dans les entreprises“. Et geet schlicht an einfach ëm d'berufflech Weiterbildung an ëm dat, wat mer op Lëtzebuergesch „lifelong learning“ nennen.

De Projet de loi ass den 22. November 2007 hei deponéiert ginn. D'Beruffschamberen hu kuerz duerno hir Avisen ofginn, an och de Conseil d'État huet sech den 23. September dëst Joer derzou geäussert. Déi zoustänneg Parlamentskommissioun huet an zwou Sitzunge Stellung bezunn an de 15. Oktober de Rapport verabschit.

Eng positiv Approche gouf et vun alle Säiten, wann och d'Privatbeamtechamber an d'Arbeiterkammer deels eng méi kritesch Approche haten, déi dora bestan huet, dass se soen, dass mat deem Projet hei d'Grousszüegkeet géif agefouert ginn a fir si d'Gefor géif bestoen, dass manner Qualitéit herno an der berufflecher Weiterbildung géif ugebuede ginn.

Ech wëll elo scho profitéieren, fir all deene Merci ze soen, déi hei matgeschafft hunn.

Zum Inhalt e puer Bemierkungen. Mir hunn hei d'lescht Woch am Débat iwwert d'Lissabon-Strategie an domat iwwert déi onendlech Diskussioun a permanent Diskussioun fir méi Wirtschaftswuesstum a méi Beschäftegung eigentlech en Deel vun där Problematik ugeschwat. Dee Projet de loi vun haut reit sech wéi e Mosaiksteen a vill Moosnamen an, déi noutwendeg sinn, wann een déi Ziler vu Lissabon wëllt errechen.

Dëse Projet de loi huet eng duebel Funktioun - wat net ëmmer esou ass -, déi dora besteet, souwuel d'Interesse vun de Salariéen ze verrieden, mä och déi vun de Betriber. Dat erkläert sech doduerch, dass mer mat engem permanenten technesche Wandel konfrontéiert sinn, deen ëmmer méi grouss Ufuerderungen un d'Arbeitnehmer stellt, an deen et duerfir noutwendeg mécht, dass ee konkret Moosnamen am Beräich vum „lifelong learning“ entwéckelt, am Sënn vun där beschter Qualifikatioun.

Ech wëll hei eng Klammer opmaachen, fir drop hinzeweisen, dass mer deemnächst d'Basisgesetz vun der Berufsausbildung hei wäerten diskutéieren. De Projet de loi 5622 ass sprooch- an diskussionsräif, well mer d'Aarbechten d'lescht Woch an der Kommissioun konnten ofschléissen a mer dervun ausginn, dass mer Enn November de Projet hei zum Vote kënnen stellen.

Nach eng Kéier: Déi beschte Qualifikatioun an déi regelméisseg Upassung un d'technesch Entwécklung erfuereeren eben, dass een all Viraussetzunge schafft an dass et domat méiglech gëtt, dass een an d'Lag versat gëtt, liewenslaang léieren ze kënnen. Dat féiert derzou, dass a) de Risiko vun engem Aarbechtsplazverloscht méi kleng gëtt, a b) d'Chance méi grouss gëtt, dass déi Betreffen, déi permanent léieren, och méi kënnen verdéngen a sech kënnen eng besser Stellung an hire Betriber erschaffen.

Et muss een awer och an dësen Zäiten derbäi soen, dass an där Zäit, an där mer liewen, wou Mobilitéit a Flexibilitéit verlaangt sinn, et nach ëmmer keng absolut Beschäftegungsgarantie gëtt. Dat ännert och näischt mat deem Projet de loi hei. Mä wann een op där anerer Säit vill léiert, wann ee sech permanent adaptéiert, ass d'Chance awer méi grouss, wann een eng Aarbechtsplaz verléiert, dass een eng nei ka méi schnell oder iwwerhaupt fannen doduerch, dass ee méi eng héich Qualifikatioun huet.

Dat Gesetz, wat mer mat dësem Projet de loi reforméieren, ass eréischt e puer Joer al. Et ass den 1. Januar 2000 a Kraaft getratt an huet direkt en enorme Succès kann. Dat dréckt sech an e puer Zuelen aus. Am Joer 2000 gouf et 167 Demandé säitens de Betriber. Déi sinn 2006 op 500 Dossieren ugewuess. De Schéinheitsfeeler läit doran, dass et wéineg bis guer keng kleng Betriber gouf, déi sech dofir interesséieren konnten. De finanziellen Impakt vun deem Gesetz huet 118 Milliounen an der Zäitspann 2000 bis 2006 bedroen. Et gesäit een also, dass dat schonn unerkannt a genotzt ginn ass.

Mä wann de Succès hätt kënnen méi grouss sinn, dann erkläert sech dat doran, dass mer besonnesch déi kleng Betriber net interesséieren konnten, duerch schwéierfällg Prozeduren an duerch Grenzwärter, déi esou ware wéi se waren, nämlech, dass de Montant, de Käschtpunkt fir de Plan de formation bei 12.395 Euro respektiv mindestens 0,5% vun der Masse salariale vun de leschten dräi Joer huet misse bedroen. Da waren dat Saachen, déi net jiddferree konnt esou novollzéien. Déi Lourdeur administrative huet et deene kleng Betriber

praktesch onméiglech gemaach, fir dobäi matzemaachen.

» Une voix.- Ganz richtig.

» M. John Castegnaro (LSAP), *rapporteur*.- Wéi scho gesot, wëlle mer dat Gesetz vun 1999 haut mat de prakteschen Erkenntnisser, déi sech elo a sechs Joer zesummedroen hunn, erweideren. Mir wëllen den Aktiounsradius méi grouss maachen a mir wëlle virun allem d'Schwéierfällgkeet eraushuelen an e wéineg mat manner restriktiven Dispositionen d'Attraktivitéit erhéien.

D'Objektiv also vum Projet de loi, dat erreicht soll ginn, ass a) méi Betriber an och méi kleng Betriber un de Weiterbildungsmoosnamen duerch vereinfacht Prozeduren an de staateleche Kofinanzement méiglech ze maachen, a b) domadder natierlech och méi Salariéen ze errechen, fir dass si hir Kompetenze kënnen verbesseren. Dat bedeit fir si méi Chancen, mä et bedeit och fir d'Betriber méi Kompetitivitéit, méi Performance, méi Qualitéit, eng besser Konkurrenzfähigkeit. Esou gesinn, ass souwuel de Betrib wéi de Salaré Gewënner.

Am Résumé, wat de Projet de loi ubelaangt:

Éischtens ginn déi Montanten, fir de Plan de formation opzestellen, changéiert. An zwar gi se vun 12.395 op 75.000 Euro eropgesat. Dat féiert derzou, dass eigentlech 20% vun den Entreprisé vun enger méi einfacher Prozedur profitéieren kënnen, well se dann nach just ee Plan de formation auszeschaffen hunn, deen aus engem Dokument besteet - e Bilan annuel -, am plaz vun zwee - Demande d'approbation a Rapport final -, wéi et elo de Fall ass, wat vill administrativen Opwand fir d'Betriber bedeit huet.

Zweetens, e Plus besteet doran, dass d'Donnéeën, déi d'Betriber am Plan de formation musse weisen, och reduzéiert ginn. Esou brauchen d'Betriber just Donnéeën unzeginn, déi beim Plangen an Opstelle vu Weiterbildungsmoosnamen wierklech relevant sinn.

Drëttens, de Kritär, dass den Investissement a Weiterbildungsmoosnamen mindestens 0,5% vun der duerchschnëttlecher Masse salariale vun deene leschten dräi Joer vum Betrib ausgemaach muss hunn, gëtt fale gelooss. Och esou kënnen méi Entreprisé vun der staatelecher Ënnerstëtzung profitéieren an dobäi eben erëm eng Kéier virun allem déi kleng, mä och eng ganz Rei vu Mëttelebetriber.

Véiertens, d'Formatioun fir Persounen, déi a Sous-traitance bei Betriber schaffen, ass och elo méiglech. Déi ginn also och éligibel fir e staateleche Kofinanzement.

Fënneftens - dat muss een ervirsträchen -, 50% vun der Ausbildungszeit muss während der normaler Aarbechtszeit duerchgefouert ginn a géllt als Aarbechtszeit.

Sechstens, betraff sinn d'Salariéen, déi bei Lëtzebuerg Gesellschafte schaffen, déi hei etabléiert si respektiv déi bei der Lëtzebuerg Sécurité sociale affiliéiert sinn; an dat alles am Privatsecteur.

Siwentens, den INFPC, also den Institut national de la formation professionnelle continue, bleift responsabel fir d'Ofwécklung an ass duerfir och personell an informatesch opgestockt ginn. Do waren an der Vergaangenheet Problemer. Déi sinn elo behuewen.

(M. Jos Scheuer prend la Présidence)

Op déi Fro vun der Qualitéit an der Kontroll, do muss een drop hiweisen - dat ass jo eng Fro, déi, wéi ech gesot hunn, d'Arbeiterkammer an d'Privatbeamtechamber opgeworf hunn -, dass déi Formatiounen ausschlieslech a staatelech unerkannte Schoulen am In- an am Ausland stattfannen an deenen normale Kontrollen do ënnerleien.

Fazit: Dëst Gesetz soll d'Zuel vun de Betriber an de Salariéen erhéien. A wann et 2006 500 Betriber waren, déi sech ugemellt haten an déi ronn 92.000 Salariéen - wat en Drëttel vun de Gesamtbeschäftegten oui Secteur public duerstelt - representéieren, da wäert dat sech veränneren. Mä et muss een derbäi soen, dass déi 500 Betriber virun allem aus véier grouse Branché kumm sinn an dass aner Branché wéi de Commerce, de Bau, d'Hotelen, d'Restauration net konnte matmaachen, well se den administrativen Opwand net ronnkritt hunn. Déi Simplification administrative, déi hei och stattfënn, wäert dat ebe veränneren a grundsätzlech verbesseren.

Ech wëllt nach eng Kéier alle Kommissionsmitglieder Merci soe fir déi gutt Zesummenaarbecht. Ech wëll och drop hiweisen, dass d'LSAP dëse Projet de loi stëmme wäert.

Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Castegnaro. D'Wuert huet elo d'Madame Hetto.

Discussion générale

» **Mme Françoise Hetto-Gaasch** (CSV). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir unzefänken dem Rapporteur villmoos Merci soe fir säi gudde mëndlechen an och schrëftleche Rapport.

2000 gouf e Gesetz agefouert, dat dem Stat et erméiglecht, d'Weiterbildung an de Betriber finanziell ze ënnerstëtzen.

Dës Ënnerstëtzungsbestëmmunge goufe vum Code du Travail iwwerholl.

D'Weiterbildung vum Personal an de Betriber ass eng fundamental Measure, well si erméiglecht, dass d'Employéen hiert Wëssen an hir Kompetenze permanent un d'Entwécklung vun de Produktiouns-, den Organisatiouns- an och de Verkafstechnike vun de Betriber upassen. Doriwwer eraus erlaabt d'Formation continue de Salariaéen an hire Virgesetzten awer och, sech op eng aner professionell Aktivitéit respektiv méi eng exigent Aarbecht virzubereeden, déi den Aarbechtsmarché eventuell verlaangt.

Et gëtt hei zu Lëtzebuerg eng ganz Partie Betriber, déi an d'Weiterbildung vun hirem Personal investéieren an och schonn investéiert hunn. De Produktiounsfacteur „Wëssen“ gewënnt ëmmer méi u Bedeitung. A wa Weiterbildung no un der Aarbechtsplaz geschitt, ergëtt sech doraus de Virdeel, dass eng genee Bedarfsanalys an och eng bedarfsorientéiert Bildung méiglech ass. Esou geléngt et am beschten, sech geziilt a käschtespuerend op d'Aarbechtswelt vu muer ze preparéieren.

Madame Minister, an deem Kontext ass mer e Saz an d'A gesprongen, deen an der Broschür vun der Reform vun der Formation professionnelle steet an dee sécherlech och heifir zoutreff: „Et kann ee säin Job vun haut net mat de Methode vu gëschter ausféieren an dobäi hoffen, am grouse Geschäft vu muer derbäi ze sinn.“ Genee dorëms geet et bei der Formation continue an de Betriber.

Zënter d'Weiterbildungsprogrammer finanziell vum Stat ënnerstëtzt ginn, ass d'Zuel vun den Dossieren, déi eragerecht goufen, permanent gewuess. De Rapporteur ass och schonn drop agaangen. Am Joer 2006 si 500 Ufroe fir eng staatlech Ënnerstëtzung erageschéckt ginn. Am Joer 2000 waren et der eréischt 167.

Dem Stat seng Ausgabe fir déi finanziell Bedeegung un de Betriber hirer Weiterbildung si vun 12 Milliounen am Joer 2000 op 20.000 Milliounen am Joer 2005 geklommen. Dobäi variéieren déi Dépensen natierlech ëmmer a Fonctioun vun der Unzuel vun de Betriber, déi op dës Hëllef zréckgräifen, an a Fonctioun vum Investissement, deen d'Entreprisë getäteg hunn.

Dernieft spillen awer och eng ganz Rei extern Facteuren eng Roll, déi konjunkturell Situatioun, eventuell Fusiounen vun Entreprises, d'Astelle vun neie Mataarbechter oder och nach d'Benotze vun neien informatésche Systemer.

Fir an de Genoss vun de staatleche Bähëllefem ze kommen, mussen d'Betriber ee Formatiounsplang respektiv e Bilan annuel un den Educatiounsministère eraschécken. Bis ewell hunn d'Betriber dat och gemaach, awer dacks ënner engem enormen administrativen Opwand. Et ass awer esou, dass dës Bildungspläng aus ënnerschiddlechen externen Ursaachen, déi een net konnt virausgesinn, net ëmmer 100%eg konnt emgesat ginn; wat dann derzou gefouert huet, dass se vum Ministère net ugeholl goufen.

Fir also d'Formation continue rigouréis kënnen ze plangen, fir der ëmmer méi grousser Demande nozekommen an en vue och vun enger Simplification administrative hu sech Ännerungen an deem Gesetz opgedrängt. An deem Projet de loi 5805 ginn also folgend Haaptännerunge virgeholl:

Éischtens: D'Prozedur, fir eng Ënnerstëtzung ze kréien, gëtt vereinfacht. An Zukunft brauch e Betriber eréischt dann eng ministeriell Approbatioun unzefroen an en detailléierte Formatiounsplang ze presentéieren, wann déi Formatioun méi wéi 75.000 Euro kascht. Heiranner mussen dann awer d'Objektiver, d'Dauer vun der Formatioun, d'Käschten an den Avis vun der Personaldelegatioun festgehale ginn. Momentan läit de Montant bei 12.395 Euro.

Läit e Betriber also ënner dem Montant vu 75.000 Euro, da geet et duer, dass e just de Joresbilan vun de realiséierte Formatiounen

presentéiert. 20% vun deene Betriber, déi eng Demande gemaach hunn, géife vun deeser vereinfachter administrativer Prozedur profitéieren.

Zweetens: An Zukunft kënnen och Leit an de Weiterbildungsprogramme opgeholl ginn, déi fir de Betriber, deen eng Demande mécht, als Sous-traitant schaffen.

Drëtens: An Zukunft brauch sech och e Betriber, wat den Invest a Formatiounen ubelaangt, net méi un d'Limite vun 0,5% vun der Moyenne vun der Masse salariale vun de leschten dräi Joer ze halen. Duerch dës Measure kënnen da vill méi Salariaéer vun enger Weiterbildung profitéieren.

D'CSV begréisst selbstverständlech all dës Changementer um Gesetz, well se derzou féiere wäerten, dass wesentlech méi Betriber a Weiterbildungsprogramme investéieren. D'Betriber sinn deemno gefuerdert, a Relatioun mat hirer Produktiouns- a Gestionsstrategie qualitativ héichwäerteg an effizient Formatiounen unzebidden.

Nëmme esou kann d'Personal op d'Erausforderungen, déi duerch d'Entwécklung vum Betriber op si duerkommen, virbereet ginn. Nëmme esou kann de Chef d'entreprise sech nei Kompetenzen uneegnen, souwuel a senger Spezialisatioun, fir kënnen a komplexe Systemer ze denken an dës organisatoresch ëmzesetzen, wéi och - an dat ass och ganz wichteg - am Émgang mat senger Mataarbechter. An nëmme esou kann d'Personal sech déi noutwendeg Kompetenzen uneegnen, fir den Ufuerderunge vum Aarbechtsmarché vu muer gerecht ze ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren an ech bréngen och den Accord vu menger Fraktioun.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Madame Hetto. Den nächste Riedner ass den Här Eugène Berger. Här Berger, wann ech gelift.

» **M. Eugène Berger** (DP). - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëllt och dem Rapporteur Merci soe fir säin ausféierleche schrëftlechen a mëndleche Rapport. Dat mécht et engem och méi einfach, fir dann nach duerno d'Wuert ze ergreifen, respektiv kann een och da méi kuerz sinn. Ech géif mech duerfir op zwou, dräi Remarqué beschränken.

Éischtens wëllt ech nach eng Kéier d'Wichtigkeet vun der Weiterbildung ënnersträichen; dat an enger Aarbechtswelt, déi a permanenter Evolutioun ass a wou bal all Dag nei Erausforderungen op d'Betriber an natierlech och op hir Mataarbechter zoukommen.

D'Weiterbildung muss e permanent Uleies fir d'Betriber sinn, fir datt hiert Personal ëmmer un leschte Stand vun Know-how ass, fir datt d'Entreprise performant bleift. Dat ass dann ënner dem Stréch och e Plus fir d'Kompetitivitéit. Mir hate jo d'lescht Woch eng Debatt hei an der Chamber iwwer de Prozess vu Lissabon, an do ass jo méi wéi eng Kéier op d'Wichtigkeet eben och an deem Beräich vun der Weiterbildung higewise ginn.

D'Weiterbildung, de Lifelong learning, muss awer och eng permanent Erausforderung fir den eenzelne Mënsch an der Berufswelt sinn. Doduerch, datt ee sech weiterbildt, bleift een e kompetente Mataarbechter am Betriber, bleift een um leschte Stand vun der Exzellenz vu sengem Beruff. An doduerch verbessert een och da seng Positioun an engem Betriber, mécht sech nei Chancen op, zum Beispill wann ee wëllt Carrière an engem Betriber maachen oder vläicht een aneren, méi responsabele Poste kréien.

Och vläicht wann dat net ëmmer déi éischt Motivatioun ass, kann eng performant Weiterbildung et och erméiglechen, fir besser gestiwelt ze sinn, wann een entweder wëllt oder leider heiansdo och muss de Betriber changéieren; wat jo an de leschten Zäiten och méi oft op der Dagesaktualitéit ass.

Ouni elo all déi Iddien nach weider vill wëllen auszebreen, ze verdéiwen, kënnen mer alleguerten dermat d'accord sinn, datt d'Weiterbildung eng Plus-value ass, souwuel fir de Betriber op där enger Säit wéi awer och fir d'Employéen op där anerer Säit. Duerfir gëtt och net a Fro gestallt, datt mer d'Betriber bei deenen Efforten an deem Beräich sollen ënnerstëtzen a se dobäi och uspornen.

Mir haten Dispositiounen am Code du Travail, déi staatlech Ënnerstëtzung fir déi Betriber virgesinn hunn, déi an d'Weiterbildung investéieren. D'Erfahrung an d'Praxis hunn eben elo gewisen, datt déi

Dispositiounen e bëssen ze komplizéiert an der Prozedur waren an duerfir vläicht och net genuch Betriber Hëllefem ugefrot hu respektiv incitéiert gi sinn, fir an d'Weiterbildung ze investéieren.

Mir hu kuerz d'Zuelen an der Kommissioun diskutéiert: Ronn 500 Entreprises, ronn 92.000 Leit, sinn an de Genoss vun esou Hëllefem komm. Do kann ee sech elo froen: Ass dat vill? Net genuch? Wann ee bedenkt, datt dat awer nëmme en Drëttel vun de Beschäftegten hei zu Lëtzebuerg ass, kann ee soen: Dat geet sécherlech net duer.

Et ass och scho virdu vum Rapporteur gesot ginn, datt ee virun allem och festgestallt huet, datt déi kleng Betriber net esou vill op déi Mesuren oder déi Méiglechkeeten do zréckgegraff hunn an datt dat sécherlech e Schwaachpunkt ass, deen ee muss verbessern.

Dësé Projet de loi oder d'Ëmännerung vun deem bestehende Code du Travail gesäit also elo Dispositiounen am Sënn vun de Betriber vir, datt nach méi Betriber an d'Formation continue investéieren, datt do also verschidden Ëmännerunge virgeholl gi sinn, déi de Rapporteur am Detail hei virgestallt huet.

An engem Wuert: De Mot d'ordre war hei virun allem „Simplification administrative“. Wat mer och ganz ausdrécklech begrëissen, well d'DP huet scho méi wéi eng Kéier hei op der Tribün gefrot, fir méi konsequent an allen Domänen d'administrativ Prozedure beim Stat ze vereinfachen. Hei hu mer dat emol eng Kéier ganz schnell fäerdig bruecht, dat am Intérêt vun de schaffende Leit an de Betriber. Duerfir kënnen mir och voll dës vereinfacht Mesuren am Intérêt vun der Weiterbildung ënnerstëtzen. Mir stëmmen och dësé Projet de loi a mir hoffen, datt domat och an Zukunft nach méi Betriber da wäerte vun där Offer profitéieren.

Ech soen Iech Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Här Berger. Den nächste Riedner ass den Här Adam.

» **M. Gast Gibéryen** (ADR). - Här President, kréien ech d'Wuert och nach?

» **M. le Président.** - Den Här Gibéryen kënnt och nach.

» **M. Claude Adam** (DÉI GRÉNG). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Madame Minister, ech soen dem Rapporteur, dem honorabelen Här Castegnaro, Merci fir säin ausféierleche schrëftlechen a mëndleche Rapport. Dee Rapport an d'Ausféierung vu mengem Virriedner erlaube mir et mech kuerz zefaassen.

D'Zil vun deem neie Gesetz ass et, fir eng Rei administrativ Démarché méi einfach ze maachen, fir nach méi enger grousser Zuel vu Betriber den Zougang zu staatlechen Hëllefem am Kader vun der berufflecher Weiterbildung zougänglech ze maachen. D'Wichtigkeet vum sougenannte Lifelong learning soll domat souwuel fir d'Betriber wéi fir d'Salariaéen nach weider ervirgehewe ginn.

Souwuel de Statsrot wéi och d'Chambre de Commerce an d'Chambre des Métiers begrëissen dës Gesetz. Déi Mesuren, déi vun deeser zwou Kummere begrëisst ginn, ginn awer vun der Aarbechter- a vun der Privatbeamtékummer kritiséiert. Dës Kummere ginn ze bedenken, datt d'Eropsetze vum Montant vu bis elo 12.395 Euro op 75.000 Euro fir e Plan de formation mussen ze presentéieren an d'Opgi vum Critère d'éligibilité vun 0,5% vun der Moyenne vun der Masse salariale vun deene leschten dräi Exercicen zu enger Déresponsabilisatioun vun de Chefs d'entreprises kéinte féieren.

Besonesch d'Chambre de Travail bezweifelt, datt dat aalt Gesetz vum 22. Juni '99, dat am Januar 2000 a Kraaft getrueden ass an dat ënner anerem den Zougank zu staatlechen Hëllefem an d'Entwécklung vun der berufflecher Weiterbildung vun Entreprises zum Zil hat, e Succès war, esou wéi dat am Exposé des motifs steet. Well jo haaptsächlech d'Banke bis elo de gréissten Deel vun de staatleche Gelder akasséiert hunn, a well ee kann dovun ausgoen, datt d'Banken och an d'Weiterbildung vun hirem Personal investéiert hätten, wa se keng staatlech Hëllef kritt hätten, schreift dës Kummer an hirem Rapport, an ech zitieren: «La question de la pertinence de la loi et celle du gaspillage des deniers publics qui y est liée continuent à se poser.»

Mir huellen dës Bedenken net op déi licht Schëller, ginn awer dovun aus - an dat ass och hei vun all Riedner betount ginn -, datt grad duerch déi nei Mesuren an deem Gesetz den Zougank méi einfach gëtt fir déi kleng a mëttelstänneg Betriber, fir datt dat Ongläichgewicht vun den Hëllefem zu-

gongschte vun de groussen Entreprisë mat deem neie Gesetz an een aneren, besseren Equiliber kënnt. Duerfir bréngen ech och den Accord vun der grénger Fraktioun zu deem Gesetz.

Erlaabt mer zum Schluss nach eng Fro an eng Ureegung. Meng Fro ass: Kann een dovunner ausgoen, datt déi Commission consultative, déi mat dem Amendement vum Gesetz vum 2002 an d'Liewe geruff ginn ass, fir déi Mesuren ze begleeden, hir Aarbecht weidermécht a mer och eng Evaluatioun kréien, fir ze gesinn, ob dat Gesetz an déi Richtung geet, wéi mer eis et alleguerten erhoffen?

An eng Ureegung: Et ass jo kloer, datt dat Gesetz hei d'öffentlech Hand ausschléisst. Do ass eng gewësse Logik derhannert. Mä mir denken, et wier vläicht sënnvoll, sech ze iwwerleeën, ob een net och kéint esou Mesurë fir d'Gemengen ergräifen, déi jo och un enger Weiterbildung vun hirem Personal interesséiert sinn. Well och déi Weiterbildung ka ganz villsäitig sinn, an et kéint ee sech iwwerleeën, wéi een d'Gemengen do mat abezéie kéint.

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

» **M. le Président.** - Merci, Här Adam. De leschte Riedner ass den Här Gibéryen.

» **M. Gast Gibéryen** (ADR). - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll och dem Kolleeg John Castegnaro Merci soen, well hie war wierkech komplett a sengen Ausféierungen, wat de Rapport zu deem Projet de loi ubelaangt. Dat hunn ech och bei mengem Virriedner gemierkt, esou datt kee méi ka vill derbäifügen, wat den Inhalt vun deem Projet de loi ubelaangt, ausser datt mer versichen nach déi eng oder déi aner allgemeng Remarque ze maachen.

D'Weiterbildung ass fir jiddferee vun eis heibannen e wichtige Punkt, a jiddfereen heibannen huet, an all deenen Diskussiounen, déi mer an de leschte Jore gefouert hunn, ëmmer en Akzent op d'Weiterbildung geluecht. D'Weiterbildung ass wichtig fir d'Betriber, se ass awer och wichtig fir d'Salariat, an duerfir ass et wichtig, géif ech soen, fir eis national Economie, wa mer e Maximum vu Leit un enger Weiterbildung participéiere loosse, fir se am Interessi vun eiser Economie an an hirem perséinlechen Interessi kënnen anzusetzen.

Weiderbildung gëtt awer nëmme profitéiert, vun de Betriber a vun de Leit, wa se akzeptabel ass, wa se praktikabel ass, souwuel wat d'Prozedure wéi d'Fonctionnement vun der Weiterbildung ubelaangt. Duerfir ass et wichtig, datt een e Gesetz huet, an datt ee sechs Joer duerno Erkenntnisser erauszitt, wat gutt ass a wat positiv ass, an dann eben déi Korrekturen ubréngt, déi néideg sinn. Dat, wat an deem Gesetz gemaach gëtt, ass nun emol einfach déi Korrektur, déi verlaangt ginn ass, fir datt all d'Betriber, virun allem och méi kleng Betriber, kënnen vun der Weiterbildung profitéieren, well mer eben elo, kann ee soen, eng Procédure simplifiée hei uwenden.

Mir schwätze praktesch permanent - och wa mer iwwer eis Betriber, wa mer iwwer d'Mëttelstandspolitik heibannen diskutéieren - vun der administrativer Vereinfachung. Et gëtt ëmmer kritiséiert, datt vill doriwwer diskutéiert gëtt, awer wéineg an der Praxis geschitt. Ech sinn ee Politiker, dee léiwer eng Politik vu klenger Schrëtt gesäit, wéi datt ee mengt, et misst een ze vill an en Déppen erantässelen, an da kritt een näischt realiséiert. Dat hei ass ee klenger Schratt, awer ee wichtige Schratt an deem Domän.

Ech wier frou, wa mer nach vill weider där Schrëtt kéinten ënnerhuelen, net nëmme am Kader vun der Weiterbildung, mä insgesamt. Wéi laang schwätze mer elo schonns heibannen zum Beispill vun engem Guichet unique fir d'Betriber, wat mer awer nach ëmmer net realiséiert hunn! Duerfir sinn ech awer zumindest frou, datt mer hei, wat d'Weiterbildung ubelaangt, elo eng Procédure simplifiée realiséiert hunn, an dovunner kënnen dann, wéi gesot, och méi kleng Betriber profitéieren.

Et huet kee Wäert méi, datt ech op d'Technik oder op d'Chifferen aginn, se sinn

elo schonn e puermol genannt ginn. Et bleift mer duerfir nach just d'Zoustëmmung vun eisem Grupp ze bréngen.

» **M. le Président.** - Merci, Här Gibéryen. D'Madame Unterrechtsministerin huet d'Wuert.

» **Mme Mady Delvaux-Stehres,** *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.* - Merci, Här President. Och ech wëll dem Rapporteur Merci soe fir säi Rapport, a wéi de John Castegnaro et gesot huet, ass dat Gesetz hei e klengt Element fir d'Strategie vu Lissabon. E klengt Element, mä et ass een Element, fir d'Kompetitivitéit vun eise Betriber ze verbesseren.

D'Gesetz vun 1999, wat also d'Ënnerstëtzung an d'Entwécklung vun der Formation professionnelle continue als Objet hat, war e gutt Gesetz. Ech wëll dat awer hei ënnersträichen. Et huet haaptsächlech och dozou gefouert, dass déi Betriber, déi wollte vun der finanzieller Hëllef vum Stat profitieren - all meng Virriedner hunn hei gesot, dass dat haaptsächlech déi grouss Entreprisé waren, déi souwisou Formation continue fir hir Leit gemaach hunn -, an ee Kader erabuecht goufen, dass e Plang do war, dass eng lwwerleeung do war, wat d'Strategie ass, an dass dann och e Bilan downner gemaach ginn ass. En éischte Pluspunkt vun deem Gesetz war also, dass

mer eng besser Strukturatioun an eng besser Reflexioun iwwert dat, wat d'Zil vun der Formation continue ass, an de Betriber hunn, an duerfir war et scho richtig, dat Gesetz deemools ze stëmmen.

De Succès vum Gesetz beweist dat jo och. Mir hunn d'lescht Joer 25 Milliounen Euro als Hëllef fir d'Weiterbildung am Betrib un d'Betriber ausbezuel. Wann een ausrechent, dass dat ongeféier 14% vum ganze Chiffer ass, da weess ee jo, wéi ee Montant zu Lëtzebuerg a betriblech Weiterbildung gestach gëtt. Dat ass substanzuell, an dat ass och wichteg fir d'Leit an de Betriber a fir d'Betriber selwer.

Den Text, deen elo doläit, ass, wéi meng Virriedner all gesot hunn, eng administrativ Vereinfachung. Dat ass och d'Resultat vun den lwwerleeungen a Reflexiounen vun der Commission consultative, déi jo all Projet begleet, déi da Leitlinie festleet an déi zur Konklusioun kënn, dass, wa mer gär e Schrëtt weiderginn - nodeems en éischte Schrëtt gemaach ginn ass, fir all déi grouss Entrepreneuren dran ze kréien - an d'PMEE wëlle mat implizéieren, mer net raisonnablenment vun hinne verlaange kënnen, dass se an engem Joer eigentlech zwee grouss Efforté maachen, eng Kéier e Plang presentéieren, deen dann eng Approbatioun kritt, an duerno e Bilan, wat all Kéiers e ganz groussen Opwand ass, mä dass et duergeet, wa se eemol e Bilan presentéieren an dann hir Hëllef kréien. Duerfir gëtt dee Seuil vun 12.395 op 75.000 Euro gehuewen. Ech hoffen, dass mer dat Zil, wat mer eis fixéiert hunn, dat heescht, méi méttel a kleng Betriber an déi Pläng vu Formation professionnelle continue eranzekréien, mat deem Gesetz errechen.

Et kann een ëmmer driwwer nodenken, wat mer nach alles als Instrumenter mussen opbaue fir d'Formation continue an anere Secteuren, wéi zum Beispill an de Gemengen, mä dat ass elo net den Objet vun deem Gesetz, an ech mengen, denke kann een ëmmer weider. Duerfir wollt ech lech alleguete Merci soe fir déi interessant Bäitrag, a sämtlechen Deputéierte Merci soe fir dee breeden Accord, an ech si frou, wann dat Gesetz hei gestëmmt gëtt, dass déi Ännerunge kënnen fir den 1. Januar 2009 a Kraaft treden.

Villmools Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Madame Minister. Domadder ass d'Diskussioun ofgeschloss a mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi. Dir fannt den Text am Document parlementaire 5805⁶.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Gesetz 5805 ass ugehall mat 59 Jo-Stëmmen, bei kenger Enthaltung a kenger Nee-Stëmm.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers (par M. Marcel Oberweis), Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer (par M. Laurent Mosar), Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank (par M. Lucien Clement), Marc Spautz (par Mme Nancy

Arendt), Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel (par Mme Martine Stein-Mergen), Lucien Weiler (par M. Norbert Hauptert) et Michel Wolter;

MM. Marc Angel (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich (par M. Romain Schneider), Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner (par M. Roger Negri) et Mme Vera Spautz;

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Eigen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger, Alexandre Krieps (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Gast Gibéryen).

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn elo um Schluss vun der Sëtzung ukomm. Muer treffe mer eis dann erëm um hallwer dräi.

D'Sëtzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 18.13 heures)

SÉANCE 5

Mercredi, 22 octobre 2008

Présidence: M. Lucien Weiler, Président

Sommaire

1. Communication
 - M. le Président
2. Heure d'actualité demandée par le groupe LSAP sur le nouveau plan hospitalier
 - Exposé: Mme Lydia Mutsch
 - Débat: Mme Martine Stein-Mergen, M. Carlo Wagner, M. Jean Huss, M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale

* * *

Mme Vera Spautz - M. le Président
3. Ordre du jour
 - M. le Président
4. 5882 - Projet de loi portant création de la Commission consultative des droits de l'Homme du Grand-Duché de Luxembourg
 - Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration: Mme Lydie Err (déposant une motion et une résolution)
 - Discussion générale: M. Marcel Glesener, M. Charles Goerens, M. Félix Braz, M. Jacques-Yves Henckes, Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration
 - Vote et dispense du second vote constitutionnel
 - Motion 1 et résolution 1: adoptées
5. Question avec débat N°39 de Mme Vera Spautz au sujet du fonctionnement de la Caisse nationale des Prestations familiales
 - Mme Vera Spautz - Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Marie-Josée Jacobs, MM. François Biltgen et Mars Di Bartolomeo, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.32 heures)

» **M. le Président.** - D'Sëtzung ass op. Huet d'Regierung der Chamber eng Kommunikatioun ze maachen?

» **M. Mars Di Bartolomeo,** *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.* - Neen, Här President.

1. Communication

» **M. le Président.** - Ech hu folgend Kommunikatioun un d'Chamber ze maachen:

En date du 12 au 13 octobre 2008 s'est tenue une réunion extraordinaire de l'Assemblée parlementaire euro-méditerranéenne (APEM) à Amman (Jordanie).

La Chambre des Députés y était représentée par Mme Lydie Err, Présidente de la délégation luxembourgeoise auprès de l'APEM, Mme Martine Stein-Mergen, Vice-Présidente et M. Xavier Bettel, Membre de la délégation luxembourgeoise.

À l'ordre du jour figuraient notamment des discours de M. Hans-Gert Pöttering, Président de l'APEM et du Parlement européen, de M. Abdel-Hadi Majali, Vice-Président de l'APEM et Président du Parlement jordanien ainsi que de M. Nader Dahabi, Premier Ministre du Royaume hachémite de Jordanie. L'Assemblée a adopté une recommandation sur le rôle de l'APEM au sein du Processus de Barcelone: une Union pour la Méditerranée ainsi qu'une déclaration sur le Processus de Paix au Proche-Orient.

Mme Lydie Err et Mme Martine Stein-Mergen ont également participé à une réunion sur l'énergie solaire et la désalinisation de l'eau de mer.

Mme Martine Stein-Mergen a assisté à une réunion de la commission politique, de sécurité et des droits de l'Homme qui s'est tenue le 11 octobre 2008.

Fir haut de Mëtteg hu mer op eisem Ordre du jour, esou wéi dat gëschter arrëtéiert ginn ass, fir d'éischt eng Aktualitéitsstonn iwwert den neie Plan hospitalier. D'LSAP-Fraktioun huet dës Aktualitéitsstonn ugefrot. D'Riedezäit ass am Artikel 84 (2) vum Chamberreglement festgehalen a gesäit Folgendes vir:

Déi Fraktioun, déi ufreet, huet zéng Minutten, déi aner Fraktiounen jeeweils, Här Wagner, fënnf Minutten, an d'Sensibilités politiques zwou Minutten. D'Wuert huet elo déi honorabel Madame Lydie Mutsch als Vertriederin vun der LSAP-Fraktioun. Madame Mutsch, wann ech gelift.

2. Heure d'actualité demandée par le groupe LSAP sur le nouveau plan hospitalier

» **Mme Lydia Mutsch (LSAP).** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Här Minister, de Projet vun neie Plan hospitalier gouf als Exekutiounsinstrument vum Spidolsgesetz vun 1998 scho virum

Summer vun der Regierung guttgeheescht a fir d'Rentrée un de Statsrot weidergereecht. Mir kënnen eis heibannen nach gutt erënneren, dass beim leschte Spidolsplang, deen am Abrëll 2001 virgeluecht an 2006 liicht modifizéiert gouf, d'Chamber den ausdréckleche Wonsch hat, fir méi staark an d'Diskussiounen agebonnen ze ginn an d'Stoussrichtungen fir d'Zukunft matzebestimmen.

Dofir sinn ech frou, dass mer haut d'Geleeënheet hunn, fir d'Gesamtausrichtung ze kommentéieren, an domat och déi rezent Offer vum Minister kënnen unhuelen, iwwert den Detail an der Gesondheetskommisioun weiderzediskutéieren. Et ass esou wéi et muss sinn.

Dass sech d'Spidolslandschaft vun engem Land, och wann et esou kleng ass wéi Lëtzebuerg, net vun haut op muer ännere léisst, weist d'Tatsaach, dass schonn ënnert dem Gesondheitsminister Lahure mat der Sema-Etüd d'Jaloné gesat goufe fir déi zukünfteg Entwécklung vum Spidolswiesen. Deemools gouf, wann och nach méi zaghaft, e Kader fir d'gesondheetspolitesch Zukunft vum Land skizzéiert, net ouni d'Fangereen op eis Faiblessen ze leeën, mä virun allem op déi enorm Potenzialitéit fir d'Verbesserung vun der gesondheetlecher Versuergung fir d'Lëtzebuenger Populatioun hinzeweisen.

Haut sti mer matzen dran an där Phase de transition, dem Remodelage vun eiser Spidolslandschaft, dee mam Spidolsgesetz vun 1998 - also deem leschten neien - an d'Weeër geleet gi war. Hat de Spidolsplang 2001 nach virrangeg d'Vocatioun, fir de schwierigen Equiliber tëscht ze villen Haiser an ze villen Acteuren hierzestellen, esou hunn déi wichteg Regruppementen vun haut a vun de leschte Joren den enorm grouse Mérite, dass dese Plan hospitalier déi wichteg Pisté fir d'Zukunft mam Numm nenne kann, an domat déi iwwerfällg Debatt erlaabt, en neit Spidolsgesetz fir déi nächst zéng bis 15 Joer laangfristeg an nohalteg virzereeden.

An déi Pisté sinn:

1. d'Qualitéit vun de Gesondheetsleeschtingen a vun de Soiné fir de Patient kontinuéierlech eropzesetzen, mat der beschtméiglecher Proximitéit an de Spideeler an de Services nationaux a vernetzt op nationalem Plang, mat festen Indicateuren, ob-

jektive Moossparametereen a kloeren Objektiv fir d'Qualitéitsufuerderunge vum der Zukunft;

2. nei Kompetenzzentre schafen a bestoender festegen, mat kloeren Zilsetzungen, präzise Laaschtenhefter, mat Qualitéits- an Evaluationskritären, déi den Numm dann och herno verdéngen, mat Convention-de-collaborationen, déi e Suivi assuréieren a garantéieren, an domat och last but not least d'Investitioune justifiéieren, déi d'Fonctionnement vun dese Centre-de-compétences iwwerhaupt erméiglechen;

3. der demographescher Entwécklung, dem Alterungsprozess vum der Populatioun Rechnung droen an duerch den dréngend noutwendege konsequente Ausbau vum der Gériatrie nei Behandlungsméiglechkeeten, nei Forme vum der Prise en charge an nei Servicer schafen, an

4. ouni Qualitéitsofbau de Virage ambulatoire do erlaben, wou e Sënn mécht, an duerch d'Erhéije vum de stationäre Behandlungsméiglechkeeten nei Ressourcé fräisetzen, déi dem Patient da leschtendlech kënnen zeguttkommen.

Här President, op dëser Plaz wéilt ech ganz besonnesch ervirsträchen, dass et nëmme méiglech ass, des laangfristeg a laangzäitig orientéiert Perspektive fir eng qualitativ Opwärtung vum eiser Gesondheitsversuergung ze schafen, well d'Regioune sech am Partenariat mat der Regierung regroupéiert hunn an duerch liewenswichtig Synergien d'Wuel vum hirer Populatioun viru lokalpolitesch Intérète gestallt hunn.

Ech denken hei virun allem un d'Pionéieraarbecht vum der Südregioun, déi als nei Centre hospitalier Emile-Mayrisch, genannt CHEM, no de Fusioune als Hôpital régional multisite modern Dénngschleeschunge fir de Patient ubidde kann an nei Weeër fir d'Gesondheitsversuergung am Süde konnt goen.

Gläiches gëllt fir d'Nordregioun, wou sech mat der Fusioun vum der Wolzer Klinik an dem Ettelbrécker Spidol eng exemplaresch Allianz fir e Centre hospitalier du Nord bilde konnt, an domat beschméiglech Perspektive fir d'Zukunft erginn hunn.

D'Tatsach, dass den nei Plan hospitalier des Entwécklung begleet, d'Bettenzuel an deenen dräi Régions hospitalières net reduzéiert, mä confirméiert, dass déi noutwendeg Investitioune, fir virrangeg niert dem Zentrum och de Süden an den Norde vum Land weider ze stäerken, am aktuelle Budget pluriannuel integréiert sinn, beweist, dass hei Hand an Hand geschafft gëtt an d'Weeche fir dat nei Spidolsgesetz, dat mer an der nächster Legislaturperiod ausschaffe mussen, haut richteg gestallt sinn.

Grad am Hibleck op dat nei Spidolsgesetz bleiwe weider wicteg Diskussiounen ze féieren iwwert dat, wat haut nach net geregelt ass oder eréischt amgaangen ass geregelt ze ginn oder an der Zukunft nach muss geregelt ginn, iwwert d'Opdeelung vum de Responsabilitäten an de Spideeler, d'Organisation interne, d'Nomenclature an de Rôle vum de Spidolsdokteren, iwwer en nei Patientengesetz - jo, och dat ass noutwendeg -, iwwer zukünfteg Finanzierungsmodeller, fir déi zum Deel awer nach ëmmer bestoend infrastrukturell a strukturell Defiziter ze besäitegen.

Fir des an aner grouss Erausforderungen ze meeschteren, gëtt et wuel verschidden Instrumenter, wou et och kee Sënn mécht, fir se duercherneenzegeheien, well e Plan hospitalier ass kee Spidolsgesetz; dat muss een auserneenhalen. Mä si mussen awer alleguerter vum enger Visioun gedroe ginn - dat ass och mä Schluss -: där vu moderne Spideeler mat enger beschméiglecher Gesondheitsversuergung fir all d'Bierger vum eise Land an alle Regioune vum Land.

Ech soen Iech Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Madame Mutsch. Déi éischt ageschriwwer Riednerin ass déi honorabel Madame Martine Stein-Mergen. Madame Stein, Dir hutt d'Wuert.

Débat

» **Mme Martine Stein-Mergen (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann ee mat de betraffene Fachleit iwwert deen nei Spidolspang geschwat huet, da krut een eng Rei gelungen Äntwerten. Déi eng soen: Et ass e Wischiwaschi-Dokument. Dat sinn awer wuel déi, déi en net richteg gelies hunn.

Déi aner soen: Et ass en Iwwergangsspidolspang, an dat haaptsächlech aus zwou Ursachen. Well e puer Spideeler, déi hei an dësem Plang nach individuell gefouert

ginn, amgaange sinn, mat aneren - d'Madame Mutsch huet et schon ugeschwat - méi grouse Strukture gemeinsam Weeër ze sichen.

Mir hu jo deemnächst de Projet iwwert d'Fusioun vu Wolz an Ettelbréck op der Dagesuerdung. Och d'Sainte-Marie zu Esch kënnt dem Centre Emile-Mayrisch méi no a sollt sech an dësem Zesammenhang ëmmer spezialiséieren.

Déi zweet Ursach, firwat et en Iwwergangsspidolspang ass, ass ganz sécher déi, dass, wéi d'Entente des hôpitaux dat bemierkt huet, eng Rei incongruencë bestinn tëscht dem Spidolsgesetz, esou wéi et de Moment besteet, an dem Règlement grand-ducal vum Spidolspang. Zum Beispill ass de Spidolspang jeeweils fir siwe Joer gültig, an d'Autorisation d'exploitation vum de Servicer ëmmer nëmme fir fënnf Joer.

Ganz allgemeng gehéiert wuel éischer d'Spidolsgesetz deemnächst op d'Lee geholl. Ech mengen, d'äers - d'Madame Mutsch huet et och schon ugeschwat - ass sech onse Gesondheitsminister och bewosst. Mir hunn am Rapport général vum der Sécurité sociale alt erëm dëst Joer gelies, dass de Spidolssecteur deen ass, deem seng Käschte weiderhin am stäerksten explodéieren. Visiounen vum deene Moosnamen, déi néideg wieren, fir dese wictege Posten an de Grëff ze kréien, feelen der CSV an dësem Spidolspang.

Uni Reform vum Spidolsgesetz ass de Spidolspang eleng och net de richtegen Outil. Eng Moosnam, déi hei kënnt gräifen, wier zum Beispill e kloere Jo zur ambulanter Chirurgie a Medezin. Verschidden Haiser hunn des Initiativ selwer geholl, si hunn dese Wee kloer erkannt. Mir fannen och am virleiede Règlement grand-ducal eng Rei vum Dagesbetten erëm, notament déi vum der Chirurgie ambulatoire, d'Dagesbetten an der Psychiatrie, a schliesslech d'Litsporte fir d'Polyclinique, wat scho laang a verschiddene Spideeler onse Wonsch war.

Déi absolut Bettenzuel ass méi oder wéineger déiselwecht bliwwen. Elo ass awer ons Populatioun gewuess. Dat heescht, an der Realitéit hu mer eng Reduktioun vum de Betten. Ech wëll awer hei rappeléieren, dass, obwuel e Spidol ni zu 100% beluecht ass, een déi net beluechte Better net beliebig an der Praxis kann interchangéieren. Et mussen dauernd eng gewëssen Zuel vu Betten zur Verfügung stoe fir Urgencen, fir de Fall, dass d'Dagesbetter mussen an e richteg Bett, an en normaalt Bett ëmgewandelt ginn.

Schliesslech wollt ech rappeléieren, dass mer op nationale Plang missten iwwer eng Reserv verfügen, wann et bei ons zu engem groussen Accident kënnt a wann de „Plan nombreuses victimes“ misst beméit ginn - mir hoffen, dass dat natierlech net de Fall ass -, oder wann zum Beispill e Spidol misst evaküiert ginn, wat an der Vergaangenheet e puermol de Fall war.

Dat war nach zu enger Zäit, wou d'Betten net streng no de Kritäre vum der Akutmedezin beluecht waren. Et war zu deem Zäitpunkt also nach méiglech, eng Rei Patienten heemzeschécken. Wann dat net méi de Fall wäert sinn, wann also déi Kritäre streng ugewannt ginn, da wäert dat net méi esou einfach méiglech sinn. Et misst een an dësem Zesammenhang och méi Donnéeën hunn iwwer regional a grenziwwerscheidend Bewegungen, déi ze erwaarde sinn, och am Liicht vum deem nei Projet de directive iwwert d'Circulatioun vum de Patienten an Europa.

Wien dann also dese Spidolspang wirklech gelies huet, deem ass awer och d'Kapitel 4 opgefall. Dat ass eng Neierung, et handelt iwwert de Quality management am Spidol. Der AMMD war et opgefall, also den Dokteren, an hire President hat an dësem Zesammenhang vum KGB geschwat. Mir wëllen net dramatiséieren, mä et bleiwen eng ganz Rei Froen an dësem Zesammenhang net beäntwert. Wann och de Fong, also dass eng Spidolsdirektioun sollt wësen, wat fir eng Aarbecht a wat fir eng Qualitéit an hirem Haus geleescht gëtt, respektiv wat dra virgeet, wicteg ass. Et ass esou, dass de Patient - dat huet jo dëslescht e Geriicht festgestallt -, deen an e Spidol geet, zwee kontraktuell Verhältnissen ageet, eent mat dem Spidol an eent mat sengem Dokter.

D'CSV-Fraktioun stellt sech och d'Fro no der Anonymitéit vum den Dossier an Kader vum deene Comités d'évaluation et d'assurance qualité des prestations hospitalières. Si freet sech, ob bei deenen Dossier, déi do sollen analyséiert ginn, de Secret médical ausräichend an dese Prozedure garantéiert ass.

Eng Fro, déi d'CSV-Fraktioun sech och gestallt huet, ass déi vum der kloerer Rollebezeechnung vum deenen nei Gériatrien, déi sollen an de Spideeler entsto. Mir dierfen net vergiessen, dass a leschter Zäit ganz vill Efforté gemaach gi sinn, fir de Lien vum dem Hospitalier mat dem Extrahospitalier ze verbesseren, haaptsächlech och mat de Fleeeinstitutiounen.

» **M. le Président.** - Madame Stein, Dir musst zum Schluss kommen.

» **Mme Martine Stein-Mergen (CSV).** - Jo, pardon. Sinn des Gériatrien dofir geduecht, fir déi aner héich spezialiséiert Servicer ze entlaaschten? Wann et sech em kuerz Séjourn handelt, kann de Gériater ganz sécher souwuel am Spidol wéi och duerno eng berodend Roll spillen. Wann et sech awer em moyen Séjourn handelt, muss ee bedenken, dass an dësem Fall eng ganz Rei vu Fléegebetter, jee nodeem wéi d'Envergure vum de Gériatrien ass, wäerte blockéiert bliwen.

Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Madame Stein. Nächste Riedner ass den honorabelen Här Wagner. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Carlo Wagner (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, e Plan hospitalier ass en äusserst wictegt Dokument am Krankewiesen, besonnesch am Secteur hospitalier. Ech hätt dofir begréisst, wa mer de Mëtteg hätte weinstens kënne méi eng déif gräifend Diskussioun doriwwer féieren, well an Zäit vu fënnf Minutten ass et einfach net méiglech fir vill ze soen. Dat wär awer méiglech gewiescht, wann ee bedenkt, wéi moer dass de Programm haut nees eng Kéier hei an der Chamber ass.

Dat Zweet, wat ech awer och wollt virausschécken, ass, dass mir frou gewiescht wären a mir et begréisst hätten, wa mer d'Dokumentatioun iwwert dese Plan hospitalier méi fréi kritt hätte wéi e Méideg den Owend. Esou war et net méiglech, och an de Fraktiounen doriwwer ze schwätzen.

Méi allgemeng, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, stellen ech fest, dass et siwen an en halleft Joer hier sinn zënter deem leschte Plan hospitalier. Dee Plan hospitalier kann also net esou schlecht gewiescht sinn, well soss hätt de Minister e jo selbstverständlech direkt op de Leescht geholl. Mä en huet sech iwwer véier Joer Zäit geholl.

Wann een da bedenkt, wéi eng Attacken a Kritiken deemools fuséiert sinn! Ech wëll drun erënneren, éischts emol, dass souwuel vum deemolegen Oppositionspolitiker an heitege Minister, awer och ënerstézt vum der CSV, gesot ginn ass, dass dee Règlement grand-ducal misst ofgeschafft ginn, dass dat misst e Projet de loi ginn. Or, ech mengen alleguerter déi doten Acteure sinn haut, siwen an en halleft Joer méi spéit, mat mir averstanen iwwert de Bien-fondé vum deem Reglement.

En zweete Punkt, wou ech wollt drun erënneren, ass, dass déi allergréissten Erneierung an deem Plan hospitalier vum 2001 jo awer d'Synergienpolitik war. Or, wat waren deemools d'Attacken heftig! Si sinn haaptsächlech aus de klenge Spideeler komm, mä awer och, muss ech soen, vum deemolegen Oppositionspolitiker a jëtzege Minister, dem Här Di Bartolomeo, deen deemools och nach als Buergermeeschter selbstverständlech versicht huet fir Diddeleng ze retten.

Ech muss soen, dass ech frou sinn, dass de Minister haut och erkannt huet, dass déi Synergie déi eenzeg richteg war, an dass hie konsequent och op dem Wee vu sengem Virgänger weidergefuert ass. Ech muss awer, trotz deene positiven Evolutiounen, déi mer an de Synergien hunn, verschidde Froe stellen, notament wat d'Zukunft beispillsweis vum der Sainte-Marie ass, oder vum der Zithaklinik hei an der Stad. D'Zithaklinik war jo laang am Gespréich mat dem CHL, mä et ass leider net zu engem Komproméss komm.

En drëtten Punkt, an dat war ëmmer dee vementsten an den Attacken, war dee vum der Reduktioun vum de „Beeter“, „Better“ soe se hei an der Stad.

(Hilarité)

Deemools, wéi mer op fënnf Promille erofgaange sinn, hunn ech ëmmer argumentéiert, dass, doduerch dass d'Durée de moyen séjour géif sensiblement erofgoen, den Ambulatoire géif ëmmer méi zouhuelen, mer eis dat erlabe kéinten. Och do schéngen alleguerter d'Avise sech awer elo ralliéiert ze hunn. Ech menge souguer - den Här Minister verbessert mech, wann ech eppes Falsches soen -, dass mer haut en-

ner fënnf Promille sinn - bei 4,6 Promille dorëmmer wäerte mer leien -, an deen nei Plan hospitalier gesäit vir, dass ee souguer kéint op véier Promille erofgoen, eréischt da géif eng Interventioun vum Minister kommen.

Ech muss soen, Här Minister, Dir hutt eng formidabel Metamorphos gemaach. Mä vu dass se awer an déi richteg Richtung geet, dat heescht an d'Richtung vum der Politik vum Ärem Virgänger, wëll ech Iech dozou begléckwënschen.

(Hilarité)

Et bleiwen awer bei deem nei Plan hospitalier, Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären, ganz vill Froen op. Esou maachen ech mer beispillsweis Gedanken em den Artikel 18 Alinea 3, dee virgesäit, dass Lits aigus kënne konvertéiert ginn an Emplacementer fir den Ambulatoire, awer och fir de moyen Séjour, a wou souguer och gesot gëtt, déi Better vum moyen Séjour kéinten déi vum der Reduktioun vum de Lits aigus iwwertrompen. Ech stelle mer d'Fro, ob et wirklech néideg ass, dass mer d'Lits aigus an deem dote Fall erofsetzen. Ech weess net, hu mer do Projektiounen fir d'Zukunft, oder wéi?

En zweete Punkt, dee mech e bësselchen intrigéiert, ass deen, dass sämtlech Etablissementer, souwuel d'Hôpitaux régionaux wéi och d'Hôpitaux généraux, an awer och d'Hôpitaux de proximité, an Zukunft sollen d'Prise en charge huele vum de Personnes âgées poly-pathologiques, an dat am Kader vum engem Service spécialisé vum der Gériatrie. Ass dat nëmme à l'intérieur vum de Spideeler? Kann dat och an Antenne geschéien? Ass do beispillsweis, an deem Sënn, eppes virgesi fir den Hôpital Sainte-Marie, oder net?

An d'Fro stellt sech och: Wäer et net besser gewiescht, mir hätte fir déi dote geriatresch Fäll direkt Better, speziell Better am Virus virgesinn?

Den Artikel 22 - wéi gesot, ech zielen der nëmme e puer op vum deene Saachen, déi mer an där kuerzer Zäit, déi ech hat, opgefällt sinn - gesäit vir, dass d'Etablissementer sollten de Virage ambulatoire en fait favoriséieren op d'Hospitalisation de jour zou. Dat sollt duerch e Règlement ministériel an d'Hand geholl ginn.

» **M. le Président.** - Här Wagner, Är Zäit leeft of.

» **M. Carlo Wagner (DP).** - Ech froe mech, ob dat de Rôle vum dem Minister ass oder ob een net sollt dee Moment awer d'Leit um Terrain gewärde loosson.

Ech kommen direkt zum Schluss, well ech - am Géigesaz zu anerer - versichen, mech esou wäit wéi méiglech un d'Zäit ze halen, Här President.

(Interruption)

» **M. le Président.** - Dir laaft deenen anere fort an der Zäit.

» **M. Carlo Wagner (DP).** - Ech si schon um leschte Punkt, Här President.

Dee véierte Punkt ass d'Missioun an d'Komposition vum de Structures d'assurance qualité. D'Madame Stein war schon dorober agaangen.

Do stellen ech mer d'Fro awer, ob et richteg ass, fir deen dote Punkt an de Règlement vum Plan hospitalier ze setzen, oder ob et net méi richteg wär, fir een eenzelt Règlement am Kader vum Artikel 23 vum der Loi hospitalière vum 1998 virzugesinn. Dat ware wéi gesot nëmme e puer Remarquen.

Méi laang dierf ech leider net schwätzen, Här President, duerfir maachen ech och Schluss. Wéi gesot, et ass jo versprach ginn, dass mir am Kader vum der Kommissioun och nach op munch aner Punkte kënnen zrëckkommen.

Ech soen Iech Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Wagner. Nächste Riedner ass den honorabelen Här Huss.

» **M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).** - Merci, Här President. Fënnf Minutte Riedezäit, fir

den neie Plan hospitalier hei ze diskutéieren, ass u sech e schlechte Witz, duerfir just a Stéchwierder e puer Aschätzungen.

Et geet dobäi haaptsächlech ëm eng Weiderentwécklung vun der bestehender Entwécklungsplanung an der Spidolslandschaft, woubäi mir als Gréng mat der Opdeelung vun dräi regionalen Zentren a mat der Definitivitéit vu Services spécialisés, Services nationaux an esou viru kee Problem hunn. Datselwecht géllt och fir d'Opdeelung a Rééducationen-, Convalescence- a Kurhaiser.

Als Gréng hu mer sécher och keng gréisser Problemer mat der envisagéierter Betteplanung ënnert der Responsabilitéit vum Gesondheitsminister, mat der sännvoller Förderung vu méi ambulanten oder Kuerzzäitbehandlungen oder mat méi Eebetzëmmeren.

Mir fannen et och wichteg, datt bei der Planifikatioun vun deieren Apparater an Equipementer virun allem och no Qualitéitskritären an no der Participatioun u Qualitéitsprogrammer gekuckt soll ginn. All dës Aspekter vun enger méi seriöser Planifikatioun bleiwen hei am Land leider méi wéi néideg, net eleng fir eng méiglechst rational a rationell Verdeelung vu stationären Traitementer an alle Regiounen vun eisem Land ze garantéieren, mä virun allem ass dat och néideg, fir endlech dat onséilegt Konkurrenzdenken tëschent de groussen öffentlechen a professionellen Spideeler e wéineg anzuschranken.

Amplaz vu Prestige- a Konkurrenzdenken tëschent de Spideeler soll laut den Article 25 bis 28 vum virleiende Plan hospitalier den Aspekt vun der Qualitéit vun de medezineschen oder fleegende Prestatiounen méi staark betount ginn.

Duerfir sollen an alle Spideeler an all Services nationaux e sougenannte Comité d'évaluation et d'assurance qualité geschaf ginn, chaperonnéiert um nationalen Niveau vun engem Comité national de coordination de l'assurance qualité. Dat kléngt natierlech alles ganz positiv, wann elo endlech offiziell an ëmfaassend d'Problematik vun der Qualitéitskontroll vun eise Spideeler an de Mëttelpunkt gestallt soll ginn.

Woubäi ech awer kloer wéilt betounen, datt eis Spideeler sécherlech net méi schlecht dostinn, wéi Spideeler an eisem internationalen Ëmfeld. Bei eis wéi am Ausland ass awer an deene vergaangene Jore leider ëmmer méi heefeg vu Patienten a vu Medien iwwer Qualitéitsproblemer, iwwer Feelbehandlungen, iwwer Operationsspannen, iwwer geféierlech Infektionserregger a Spideeler an esou viru geklot ginn.

Zwee kleng auslännesch Beispiller, fir datt ech net nëmme hei als Nestbeschmutzer dostinn, wat eis Spideeler ubelaangt: Laut enger kanadescher Etüd, déi 2004 an der kanadescher Dokteschzeitung publizéiert gouf, ware ronn 7,5% vun de Spidolpatienten, dat ware ronn 200.000 Patienten, mat sougenannten Effets indésirables an de Spideeler konfrontéiert ginn. 37 bis 51% vun deenen Accidenter hätte kënne verhënnert ginn, an tëschent 9.250 an 23.750 Doudesfäll an de Spideeler hätte kënne évitéiert ginn a Kanada.

Zweetklengst, mä topaktuell Beispill aus der däitscher Press vu gëschter. Zitat: „Die Zustände in vielen deutschen Krankenhäusern sind so schlecht, dass sich rund 800.000 Menschen im Jahr durch die Übertragung von Krankheitserregern eine Infektion zuziehen, wie die Deutsche Gesellschaft für Krankenhaushygiene berechnet hat. Davon erkranken 64.000 Menschen an einer Blutvergiftung, 25.600 von ihnen sterben daran.“

Erschreckend Zuelen, wann ee weess, datt dobäi och nach dausende vun Doudege kënne kommen duerch Feelbehandlungen oder Feelmedikatiounen, well doriwwer gétt et och erschreckend Zuelebeispiller aus dem Ausland.

Et waren also sécherlech net eleng déi ominéis Evénementer an der Neurochirurgie vum CHL vum leschte Joer, déi zur neier Betounung vum Aspekt Qualitéit a Qualitéitskontroll am neie Plan hospitalier gefouert hunn.

E klengen zweifelhaften Deelaspekt bei deem neie Comité fir d'Evaluatioun an d'Kontrollfunctiounen, Här Minister, ass allerdéngs an eisen Aen d'Absence vu Patientevertrieder. Obschonn et bei dem Usproch op Qualitéit a beim Vermeide vu Feeler dach grad och erëm ëm d'Droits du patient an ëm öffentlech Transparenz geet.

Ech hunn elo leider hei net d'Zäit, fir derzou Proposen ze maachen, mä grad op deem Gebitt vun der Implikatioun vu Patientevertrieder an dem Prozess bleift dee virleiende Plang e bëssen enttäuschend.

Weider wichteg Problemer oder Aspekter, déi eis an deem Kontext e wéineg feelen, sinn zum Beispill - mä ech hu leider net d'Zäit, fir dorop anzugeen - den Aspekt vun den Ufuerderungen no Nohaltegkeet, no ekologescher a gesondheetlecher Nohaltegkeet vun eise Spideeler a Saache Material- oder Ressourcéverbrauch.

Wat och feelt, ass de Problem zum Beispill vum Statut vun engem Médecin hospitalier. Wat och feelt, ass de Problem vun de lafende Käschtsteigerungen, a virun allem vun deenen an den nächste Joren ze erwaardende Käschtsteigerungen, déi duerch d'Spidolswiesen op eis wäerten zoukommen.

Wat och feelt, ass dee vun de Gewerkschaften a vum Fleegepersonal invoquéierte Frust iwwer hir Aarbechtskonditiounen a virun allem iwwer hire Personalmangel. A wat feelt an deem Kontext a wat een awer och misst diskutéieren, sinn déi nach relativ onkloer Implikatiounen vun där neier EU-Direktiv op eise Lëtzebuerger Spidolswiesen. An et gétt nach eng Rei vun anere Problemer.

Här President, Här Minister, ech gesinn, datt ech op meng fënnf Minutten zoukommen. Et ass also wéi gesot net méiglech, op déi dote Problemen anzugeen. Et wier awer noutwendeg am Kontext vun engem neie Plan hospitalier, och alles matzédiskutéieren, esou datt ech e wéineg onglécklech sinn iwwer déi gewielte Form vun där Heure d'actualité, wou een hei soll a fënnf Minutten iwwer all déi dote Saache schwätzen.

Merci.

» M. le Président.- Merci, Här Huss. D'Wuert huet elo den Här Gesondheitsminister Mars Di Bartolomeo.

» M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Et sinn, mengen ech, zéng Minutten, déi ech hunn, gell?

» M. le Président.- Jo. Ech kucken dat no.

(*Interruption*)

Ech hunn eng gutt Nouvelle fir Iech, Här Minister, Dir hutt net nëmme zéng Minutten, mä eng Véirelstonn.

» M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Seriö?!

» M. le Président.- Jo, jo.

(*Hilarité*)

» M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Da brauch ech mech jo net ze hetzen.

(*Brouhaha général*)

» M. le Président.- Dir hutt all d'Zäit.

» M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Villmools Merci, Här President, dat do ass jo onerwaart.

Fir d'éischt emol de Kolleegen aus der Chamber Merci fir déi Ureegungen, déi ech mat op de Wee kritt hunn.

Zweetens ass et zwar richtig, dass déi Heure d'actualité limitéiert an der Zäit ass, mä et ass awer zumindest emol eng Stonn méi, wéi dat normalerweis bei de Plans hospitaliers war, well d'Plans hospitaliers si laanscht d'Chamber gelaf, gréisstendeels laanscht d'Chamber gelaf, a sinn net um offiziellen Ordre du jour vun der Chamber gewiescht.

Et ass ganz richtig, wat de Carlo Wagner, mäi Virgänger, gesot huet, dass déi leschte Kéier, wou an der Chamber doriwwer diskutéiert ginn ass, gesot ginn ass, dass aus deem Grond, well mer am Virfeld, ier de Plan hospitalier veröffentlecht war, net déi Geleeënheet haten, fir doriwwer ze diskutéieren, mer eventuell sollte vun engem Règlement grand-ducal zu engem Gesetz iwwergoen.

Ech war och ee vun deenen, déi där Meinung waren, an ech gi ganz gär zou, dass ech meng Meinung revidéiert hunn, well een net sollt d'Spidolsgesetz mat dem Exe-

kutiounsreglement vum Spidolsgesetz verméschen, a well, wann ee gär méi fundamental Ännerunge mécht wéi just Exekutiounsreglementer vun engem Spidolsgesetz, ee jiddfer Zäit un d'Spidolsgesetz selwer ka goen.

De Plan hospitalier an d'Reglementsform gétt engem méi Flexibilitéit. Normalerweis huet de Plan hospitalier eng Lafdauer vu siwe Joer. Dese Plan hospitalier huet eng vu fënnf Joer, ass also méi limitéiert, do kann ee méi schnell reagéieren. Et ass also esou, dass mer eng éischte Kéier Geleeënheet hunn, zu engem Zäitpunkt iwwer de Plan hospitalier ze schwätzen, wou en nach net a Kraaft ass.

E läit beim Conseil d'État. Ech huelen dat Ugebuet och ganz gär un, fir mam Projet vum Spidolspang an d'Chamberskommissionen ze kommen a fir dann nach eng Kéier a Rou mat de Kolleegen aus der Gesondheits- a Sozialkommissionen doriwwer ze diskutéieren an och eng Rei vun Äntwerte kënne ze ginn op déi Froen, déi vun der Initiatorin vun dëser Aktualitéitsstonn, der Madame Lydia Mutsch, suscitéiert gi sinn an och vun deenen anere Kolleegen.

Ech wëll just nach eng Kéier ënnersträichen: Et ass zënter den 90er Joren, wou déi Moderniséierung, Renovatioun, Neigestaltung vun der Spidolslandschaft ënnert dem Johnny Lahure incitéiert ginn ass, ënnert dem Carlo Wagner weidergefouert ginn ass an elo vu mir weidergefouert gétt. Et ass extrem vill geschitt um Terrain, awer och an de Mentalitéiten.

An et ass richtig, dass, wa mer ufanks den 90er Joren eng Prise de conscience an Enn den 90er Jore bis zu dëser Amtsperiod eng Konfrontatioun oder eng Polarisatioun haten, mer duerch déi Entwécklung virukomm sinn. Ech bedauern och déi Polarisatioun net, déi et zu gewëssenen Zäite ginn ass, well dat huet erlaabt an deem heiten Dossier virunzuekommen. Et huet net jiddferree just op senge Positionen campéiert, mä mir hu probéiert dat ze maachen, firwat dass mer eigentlech hei sinn, fir en adaptéierte Spidolsecteur ze kréien, deen op d'Besoiné vun de Leit heibannen an hoffentlech och muer vun dobausse kann agoen.

Och bei mir ass eng Evolutioun komm an eenzelnen Domänen, grad wéi et bei anere Kolleegen an eenzelnen Domänen zu Evolutiounen komm ass. Wat derzou féiert, dass mer haut mat méi Serenitéit kënne iwwer deen dote Secteur schwätzen.

Ech wëll ausdrécklech soen, dass et an deem Dossier vun der Evolutioun vun der Spidolslandschaft eng ganz Rei vu Leit gétt, déi sech kënne Tranchen erfroschneiden, dass mer haut op deem Punkt stinn, wou mer haut stinn: Leit um Terrain, déi eng Wäitsicht haten, dass den „stand alone“ am Spidolsecteur net dee richtigen ass, mä dass et wichteg ass, Regruppementer ze fannen; Leit, déi d'Polariséierung net gescheit hunn an och emol de Sträit a Kaf huelen; Leit, déi bereet waren, sech a Fro ze stellen.

Haut kënne mer soen, opgrond vun Investitiounen, déi mer iwwer zéng Joer gemaach hunn, déi 700 Milliounen Euro bedroen, dass mer e gutt evoluéierte Spidolsecteur hunn, an eenzelne Beräicher toppmodern, an anere Beräicher mat engem groussen Besoin fir weider ze investéieren. En Investitionsbesoin, deen ech graff schätzen an deenen nächste puer Joer op nach eng Kéier eng hallef Milliard Euro. Wa mer dat hannerun eis hunn, dann hu mer e ganz modern Instrument a Saachen Infrastrukturen.

Mir hunn am Norden e fuschneit Spidol mam Saint-Louis, e Spidol, dat a Moderniséierung ass mam Saint-Joseph, a ganz kloer ass an engem Projet de loi, deen hei deponéiert ginn ass, d'Intentioun, de Wonsch vun deenen zwee Haiser dokumentéiert, fir ze fusionéieren an de Centre hospitalier du Nord. Domat wäert déi Regioun mëttelfristeg, wann déi Moderniséierungsplang vum Saint-Joseph ofgeschloss sinn, wiederfest si fir déi nächste zéng, 15, 20 Joer.

Am Zentrum hu sech fréi eng Rei vun Haiser zesummegegoen an hunn den Hôpital Kierchberg gebaut; zesummegegoen mat der Klinik Böler. Dat ass ee vun deene Pölen, déi fir d'Zukunft gerüst sinn.

Am Zentrum ass och den CHL, deen an der Metamorphos ass, dee moderniséiert gétt, wou d'Moderniséierung wäit fortgeschritt ass, a wou elo weider Etappe wäerte kommen, fir dat Schwéierpunktspidol um leschte Stand ze halen. D'Zitha, d'Sainte-Thérèse, wou de Projet fir d'Moderniséierung an der Instruktioun ass, bal ofgeschloss ass, a wou mer gudder Hoffnung sinn, dass mer der Chamber an deenen nächste Méint kënne dee Moderniséierungsprojet virleeden. Esou dass dann déi Zentrumsregioun och gerüst ass.

De Süden - d'Madame Mutsch huet et gesot - ass vill méi enk zesummegekréelt. No der Fusioun vun Esch an Diddeleng am CHEM ass Nidderkuer derbäikomm. D'Sainte-Marie steet nach e bëssen als klengt Spidol eleng an där Landschaft. Mä och dat soll a muss sech änneren.

Wat déi zukünfteg Investitiounen an de Süden ugeet, wäert e groussen Deel vun där hallwer Milliard Euro an de Süden erafléissen, well do e grouse Moderniséierungsbedarf ass am Escher Haus, am Déifferdenger, Nidderkuerer Haus, an am Moment si kuerzfristeg Renovatiounen amgaange gemaach ze ginn zu Diddeleng.

Ech hu mer soe gelooss, dass déi nächste Etapp vum Escher Schwéierpunktzentrum an deenen nächste Deeg am Ministère wäert landen. Dee gétt gradesou schnell instruéiert wéi déi aner Projeten, déi an deene leschte Méint erakomm sinn.

Fir déi méi längerfristeg Zukunft vun Diddeleng an der Sainte-Marie ass e Projet ugeduecht. Et ass en Accord de principe do, fir d'Sainte-Marie an dat Diddelenger Haus an e spezialiséiert Spidol fir Gériatrie eranzeféieren. D'Spidol soll zu Diddeleng entstoen.

Fir och op d'Fro anzugeen, wéi déi Ausrichtung vun deem Spidol soll sinn: selbstverständlich en akute Beräich, selbstverständlich och weiderhin e Rehabilitationsberäich, a selbstverständlich och méi Flexibilitéit wéi en Akutspidol, fir d'Leit esou laang dozehalen, wéi et noutwendeg ass. Doniewent bleift d'Proximitéitsmissioun vun dem Haus.

Ech wëll net weider vill iwwer déi national Servicer schwätzen, déi awer och eréischt zum Deel an deene leschten zéng Joer entstanen sinn. Wann ech den INCCI huelen: eng Success Story. Wann ech de Centre François-Baclesse huelen: eng Success Story. Wann ech kucken, wat am Moment an der Psychiatrie geschitt, entaméiert ënnert deem viregten Gesondheitsminister, realiséiert ënnert deem Gesondheitsminister, wou mer vum grouse Badetti - deem risege Building, dee fir d'Psychiatrie vu gëschter stoung - an eng dezentraliséiert Psychiatrie eraginn a wou mer elo am Extrahospitalier amgaang sinn extrem vill ze investéieren. Dat wollt ech just eng Kéier soen, fir dee Plan hospitalier hei ze situéieren.

Dee Plan hospitalier kann op dat opbauen, wat sech an deene leschte Joren um Terrain gemaach huet. Dat ass ganz relevant. Et ass bahnbrechend, wann ee sech ëm 15 Joer zrëckversetzt a sech iwwerleet, wéi schwéier dass esou Mouvementer viru 15 Joer nach gewiescht wäeren. Do ass et zu engem komplette Bouleversement vun den Approchë komm.

D'Madame Mutsch huet eng ganz Rei vu Froen opgeworf. Ech wäert probéieren op hir an op d'Iwwerleeung vun hire Kolleegen anzugeen.

Dee Plan hospitalier hei muss och grad wéi d'Spidolslandschaft insgesamt sech an déi europäesch Evolutiounen eranartikuléieren. Mir gehéieren zu deenen an Europa, wann et ëm eng Direktiv Santé geet, déi op eis traditionell Wäerter opbauen, op déi mer houfreg sinn. Dat ass e gudder garantéierten Zougang zu qualitativ héije medezineschen Déningschtleeschungen, ouni Ennerscheid vu Revenu. Also, e kloeren Neen zu enger Zwouklassesmedezin, an e kloeren Neen zu enger voll kommerzialisierter, dem Maart no orientierter Gesondheitspolitik, wou de Gesondheitssystem Rücksicht op de Maart muss huelen an de Maart keng Rücksicht hält op déi Valeuren, déi eis sinn.

Do hu mer eis ganz kloer artikuliert. Mir wäerten eppes aneschters och net zuloossen. Mir gehéieren zu deene Länner, déi der Meinung sinn, dass d'Steiercapacitéit fir d'Gesondheitssystemer, d'Planungshoheit fir d'Gesondheitssystemer an den Hänn vun deenen eenzelne Länner soll bleiwen an dass een eis traditionell Wäerter, déi sech bewäert hunn, net soll um Altoer vum Maart afferen. Do sti mer net eleng, a mir wäerten an deenen nächste Deeg als Ministeren, déi déi Meinung do deelen, eis och nach méi zolidd opstellen, fir d'Plang vun enger Kommissioun, déi vläicht an eng aner Richtung ginn, mat Zäit kënne richtig ze kanaliséieren.

D'Madame Stein huet gesot, wéi iwwerflächlech een deen heite Plan hospitalier, wann een en iwwerflächlech hätt wëlle liesen, interpretéieren hätt kënne, an huet gesot, dass Einzelner, déi de Projet wuel net richtig gelies hunn, vu Wischiwaschi geschwat hunn. D'Madame Stein huet ganz richtig gesinn, dass dee Projet eng ganz Rei vun neien Akzenter huet, grad wéi d'Madame Mutsch an och de Carlo Wagner an den Här Huss.

Ech schwätzen éischtens emol vun der Méiglechkeet, fir d'Visibilitéit vun deem, wat eis Spideeler kënnen, eropzesetzen. Et ass richteg gesot ginn, eis Spideeler sinn net méi schlecht wéi aner, mä si hu méi Schwiergekeiten, fir et ze dokumentéieren, well se heiansdo net kënnen nowiesen, wat geschitt.

Dofir schafe mer d'Méiglechkeet, fir Kompetenzzentren auszuweisen. Dat setzt méi eng staark Aufgabendeelung an den Haiser viraus. Esou Kompetenzzentren ginn opgrond vu Laaschtenhefter accordéiert, wou Engagementer musse geholl ginn, fir dat ze garantéieren, wat se virgi wëllen ze maachen.

Dann ass et wichteg, dass mer d'Bettenzuel, déi stabil bleift, an engem anere Liicht gesinn, well zu Lëtzebuerg si mer wäit vun deenen Zilsetzungen an de Realitéiten am Ausland ewech, wat den Ambulatoire ugeet.

Mir hunn eenzel Disziplinen, wou am Ausland zu 80%, bis zu 90% ambulatoire behandelt gëtt, a bei eis hei zu Lëtzebuerg zu 20%. Do gëtt et e risege Potenzial an do gi Sue verbëtzt, do gi Leit hospitaliséiert, déi net brauchen hospitaliséiert ze ginn, nëmme fir d'Zuel vun de Better heiansdo kënnen ze legitiméieren. Wou ech ganz nuancéiert derzou sinn, mä wou et awer am Intérêt vum Patient, vum Finanzéierungssystem a vum Dréinen an de Spideeler ass, dass mer dat ambulatoire maachen, wat mer ambulatoire kënnen maachen.

Dofir soll mam Plan hospitalier déi ambulante Behandlung gefördert ginn.

Hei ass d'Méiglechkeet am Plan hospitalier, dass mer eng Lëscht opstelle vun deenen Interventionen, déi prioritär mussen hei zu Lëtzebuerg och ambulatoire gemaach ginn. Et ka jo net sinn, dass de Katarakt am Ausland bal zu 100% ambulatoire behandelt gëtt, a bei eis hei zu Lëtzebuerg bal zu 100% stationär. Dat ass net seriö, dat kann net esou sinn.

» M. le Président. - Här Minister, gesitt Der, elo hutt Der schonn iwwerzunn.

» M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*. - Ech kommen zum Schluss, Här President.

Da mengen ech, wat wichteg ass...

» M. le Président. - Awer wierklech, Här Minister!

» M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*. - Ech kommen direkt zum Schluss. Ech follegen lech direkt.

» M. Robert Mehlen (*ADR*). - Passt op Äre Blutdruck op, Här Minister.

» M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*. - Wichteg ass am neie Plan hospitalier, dass mer eng regelrecht Gériatriefilière aféieren. D'Fro ass gestallt ginn, ob nëmmen an den Haiser oder a spezialiséierte Kliniken. Selbstverständlech a Filiären an deene groussen Haiser, déi mer jo nei kategoriséiert hunn an Hôpitaux régionaux an Hôpitaux généraux, wou mer an deene verschiddene Regiounen Hôpitaux régionaux hunn - am Süden eent, am Norden eent, am Zentrum zwee, an d'Zitha als Hôpital regional -, esou dass an deene groussen Haiser jeeweils och Filière fir d'Géiatrie entstinn a Pôles de compétence a Saache Géiatrie.

Ech insistéieren net méi vill op déi lescht wichteg Neierung, well e puer Kolleegen dorop insistéiert hunn. Dat ass déi ganz Démarche Qualitéit an den Haiser, an de spezialiséierte Servicer an enger Superstruktur driwwer, wou mer net méi aneschtens kënnen, wa mer am Verglach mam Ausland wëllen duerhalen, well am Ausland ass déi Démarche largement entaméiert vun dokumentéierten Resultater a vun dokumentéierten Aktivitéiten. Mir mussen datselwech kënnen maachen, well soss ginn d'Leit déi aner Säit kucken, net nëmme kucken, mä loosse sech och déi aner Säit behandelen. Et ass ëmmer méi schwéier, fir een zréckzehalen, an et brauch een een och net zréckzehalen, wann ee Qualitéit ka bidden.

Dofir ass e ganz Kapitel am neie Plan hospitalier der Qualitéitssécherung, der Patientesécherheet gewidmet.

(*Coups de cloche de la Présidence*)

» M. le Président. - Merci, Här Minister!

» M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*. - De Kollegen een hærzeleche Merci fir déi konstruktiv Beiträg, an lech, Här President, dass Der mer esou vill Flexibilitéit geséichert hutt.

» M. le Président. - Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen dann zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour. Dat ass d'Question avec débat vun der Madame Spautz iwwert de Fonctionnement vun der Familjekeess.

» Mme Vera Spautz (*LSAP*). - Ech kann den Débat mat mer selwer féieren, d'Ministesch ass net do.

» Une voix. - Déi ass ënnerwee!

» Mme Vera Spautz (*LSAP*). - Solle mer esou laang waarden, oder?

» M. le Président. - Mir waarden, bis d'Madame Minister hei ass.

(*Interruption*)

» Mme Vera Spautz (*LSAP*). - Den Här Di Bartolomeo kennt den Dossier a kéint drop äntwerten.

» M. le Président. - Mir kënnen den nächste Punkt vum Ordre du jour huelen. Ier mer awer zum nächste Punkt vum Ordre du jour kommen, komme mer nach zum Ordre du jour vu muer.

3. Ordre du jour

Mir hate virgesinn, fir an eiser Sitzung vu muer de Punkt iwwert de Financement vun de grouse staatlechen Infrastrukturen ënner der Form vun engem Débat de consultation ze traitéieren. Ech muss awer soen, dass no Récksprooch mat de Fraktiounen et eis besser schéngt, dass mer dëst ënner enger anerer Form maachen, wéi mer dat och d'lescht Joer gemaach hunn, dat heescht, fir d'éischt schwätzen d'Rapporteurs, duerno déi eenzel Deputéierten an zum Schluss äntwerten d'Ministernen op déi Froen, déi gestallt gi sinn.

Si mer d'accord mat där doten Ëmännerung vun der Prozedur?

(*Assentiment*)

Dann ass et esou decidéiert.

Vu dass d'Madame Minister nach net hei ass, géif ech emol proposéieren, dass mer kéinten den nächste Punkt vun eisem Ordre du jour huelen, de Projet de loi 5882. Madame Err, wiert Dir bereet, fir direkt de Rapport ze maachen?

» Mme Lydie Err (*LSAP*). - Ech kann dat maachen. Ech schwätze jo oft am Liewen. Dat ass kee Problem.

(*Interruptions diverses et hilarité*)

» M. le Président. - Madame Err, Dir hutt d'Wuert.

4. 5882 - Projet de loi portant création de la Commission consultative des droits de l'Homme du Grand-Duché de Luxembourg

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

» Mme Lydie Err (*LSAP*), *rapporteuse*. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat hei ass e Projet, deen eigentlech e konsultatiivt Organ vun der Regierung schaaft, mä deen eis sécherlech gradesou vill ugeet wéi d'Regierung. Mir kënnen dee jo dann och an aller Rou ënner eis hei an aller Intimitéit behandelen. Et geet dorëms, fir dass mer déi Commission consultative des droits de l'Homme, déi mer zënter 1999...

» M. le Président. - Ech géif dann emol em Opmierksamkeet fir d'Madame Err bidden!

» Mme Lydie Err (*LSAP*), *rapporteuse*. - ...annoncéiert kruten an déi et zënter Joren - mä iwwert de Wee vun engem Reglement - gëtt, haut sollen ëmmandelen an eng Commission consultative, déi eng aner Base légale kritt, dat heescht, déi am Fong e Gesetz als Basis kritt.

Firwat ass dat esou wichteg? Mä well entretens vum der UNO aus nei Prescripitiounen erauskomm sinn, déi virschreiwten, dass d'Nationalstrukturen iwwer Mënscherechter mussen eng Base légale hunn, fir als representatiivt nationaalt Gremium un internationale Plang kënnen unerkannt ze ginn.

Mir wëllen natierlech och, dass eis Commission consultative eis och kann am Ausland

valablement verrieden. Dat ka se net ënner hirem aktuelle Statut, deen am Fong nëmmen - enfin, „nëmmen“ - eng Reglements-basis huet. Dat ass och d'Ursaach, firwat mer dee Projet hei elo e bësse rapid op den Ordre du jour kritt hunn, well en ass eréischt am Laf vum dësem Joer déposéiert ginn.

De Statsrotsavis kuum elo rezent, mä och déi Chambres professionnelles, déi hiren Avis dozou ofginn hunn, hu relativ schnell geschafft. An och wa mer eréischt dee Projet hei d'virescht Woch akzeptéiert hunn a viregt Woch eréischt diskutéiert hunn an der Kommissioun, hu mer dat gemaach, fir dass eng Sitzung, déi uganks November stattfënnt, dësem alen oder bestehende Gremium et erlaabt, ënner senger neier Form als vollwärtigt Mitglied unerkannt ze ginn.

Vläicht an dräi Wieder, wat an deem Gesetz hei drasteet a wat de Mandat vun der Kommissioun ass. Et ass ganz kloer, déi Commission consultative ass en Organe consultatif vun der Regierung a ka gefrot gi vun der Regierung, fir Avisen zu Texter an zu Problemer ze maachen. Si ka sech awer och autosaiséieren a sech gegebenenfalls selwer ausdrécken iwwer Projeten, déi an der Aktualitéit sinn.

Déi Kommissioun huet 21 Memberen. Wa mer an deem leschte Rapport annuel vun der Kommissioun kucken, da stellt ee fest, dass do verschidde Profiler dra vertruete sinn, logescherweis och Juristen. Mä vläicht sinn aner Profiler wéi déi vun de Juristen ënnerrepresentéiert, esou dass een, och wann een elo net wëllt nei Konsultationsgremie fir d'Kompositioun oder fir de Renouveau vum der Kommissioun schafen, sech eventuell ka froen, a wat fir enge Beräicher et particulièrement interessant nach kéint sinn, Spezialisten derbäi ze hunn.

Et ass jo net par hasard, wou Synergie sollen duerch dëst Gesetz geschaaft ginn, déi et net nëmmen dem Médiateur, mä och dem ORK, der Commission nationale de protection des données an nach anere Gremien erlaben, als konsultativ Membere bei den Assemblée-généralen derbäi ze sinn, ebe just fir hiert Fachwëssen an engem spezielle Gebitt vun de Mënscherechter mat afléissen ze loosse an déi Debatten, déi an der Kommissioun stattfannen.

Den aktuelle President ass de Jean-Paul Lehnens. Mir an och d'Regierung hunn eis bis elo net an déi Saachen do anzemésche gehat, ausser d'Nominatiounen, déi vun der Regierung proposéiert ginn, mä de President an de Fonctionnement vun dëser Kommissioun, déi ginn natierlech decidéiert vun der Kommissioun selwer. De President an d'Vizepresident mussen mat enger Majorité absolue vun hiren eegene Kolleege genannt ginn. A si hunn, wéi dat logesch ass, d'Méiglechkeet, an hir Avisen an Avis minoritaire mat unzeschléissen. En Avis minoritaire, deen nëmme kann annexéiert ginn, wa weinstens dräi Leit aus dëser Kommissioun domadder averstane sinn.

Vläicht ee Wuert Explikatioun. De Statsrot huet a sengem Avis gemengt, et wär logesch, dass ëmmer dann, wann ee Member en aneren Avis hätt, dee kënn en Avis minoritaire uschléissen. An der Kommissioun ware mer der Meenung, dass et rasonnabel wier, fir d'Kohärenz vun där Kommissioun do unzuerkennen, fir dräi Leit als Support vun engem Avis minoritaire virzugesinn. Mir sinn also och dobäi bliwwen a mir hunn op deem Punkt d'Suggestioun vum Statsrot net ugeholl.

Mir hunn och eng aner kleng Ännerung als Kommissioun virgeschloen, an zwar déi, dass et an der Assemblée plénière, esou wéi et am Text vun der Regierung drastoung, méiglech ass, e Vote par procuration ze maachen. Mir fannen et wichteg, dass dee Vote par procuration ka passéieren. Mir hunn eng Prezisioun derbäigesat an deem Sënn dass mer soen: Ee Member kann eng Procuratioun hunn, mä hie kann net eng Procuratioun fir méi aner Memberen hunn.

Et hätt ee sech och nach kënnen Froen stellen, ob déi Procuratioun muss schrëftlech sinn, fir dass ee sécher ass, dass dat par procuration ofgestëmmt gëtt. Mä bon.

Vu dass am Projet de loi selwer drastoung, dass deen Text ausgeschafft ginn ass an enger Konsultatioun mat deene Leit aus der Kommissioun, gi mer dervun aus, dass dat bis elo kee Problem war. A mir wëllen dann als Baussestehend souzeseo keng Problemer do siche goen, wou déi Leit, déi selwer concernéiert sinn, keng haten.

Interessant ass et dann och nach - wéi dat bis elo och de Fall war -, dass déi Kommissioun sech kann entouréiere loosse an Groupe-de-travail an organiséieren an Experten héieren an dass se hiert eegent Reglement kënnen maachen.

Interessant ass och bei den Dispositions financières - an dat kënn een eigentlech contestéieren -: «Les frais de fonctionnement de la commission sont à charge du budget de l'État dans la limite des crédits budgétaires. Le secrétariat est assuré par des employés de l'État.» Dat ass eng Formulatioun, déi d'Madame Ministesch, déi de Moment heibannen ass, ganz gutt kennt, well mir hunn dëselwech Formulatioun am Centre de l'égalité.

Och do hunn ech se net bedeitend gutt fonnt, mä...

(*Interruption*)

...enger Struktur, där ee wëllt iergendeng wichteg Missioun ginn, misst een eigentlech eng Garantie ginn, dass net nëmmen déi Memberen, déi doranner schaffen, respektéiert ginn, mä do moins dass se e Sekretariat hunn, wat d'Kontinuitéit kann assuréieren.

Ech kann lech soen, dass ech probéiert hunn, Detailfroen iwwert déi Kommissioun gewuer ze ginn, an dass déi Telefonsnummer, déi am Rapport annuel an och um Internet steet, net besat war. Dat wonnert mech net, esou wéi den Artikel libelléiert ass. Ech fannen dat net gutt, well ech denken, dass, wann een e Gesetz mécht, fir eng Kommissioun, déi eng wichteg Missioun huet, ofzeänneren, een da misst hinnen och d'Méiglechkeet ginn an d'Moyenen zur Verfügung stellen, fir déi Missiounen, déi se hunn, wierklech auszuféieren.

Ech soen lech vläicht nach zur Organisatioun e puer Elementer. Si hu Sous-Kommissiounen. Véier Sous-Kommissiounen gëtt et an der Commission actuelle. Eng iwwer Education, eng iwwer Institutionen an eng iwwert Demandes d'asile et d'immigration, an da gëtt et e Groupe de travail iwwert d'Mineurs en prison.

All déi Saachen do maachen déi Organisatioun vun den Aarbechte ganz logesch, fir ze wëssen, wat op der Table des matières vun 2007 vun dëser Kommissioun stoung. Fir d'éischt emol en Avis zu engem Projet de loi iwwert de Centre de rétention. Si hunn och par autosaisine e Communiqué gemaach iwwert d'Gesetz vum Droit d'asile. Si hunn iwwer Refoulementer e Communiqué gemaach. A si hunn natierlech am Kader vum 60. Anniversaire vun der Déclaration universelle des droits de l'Homme - dëst lescht Joer - Aktivitéite gehat, déi dëst Joer an d'Praxis ëmgesat gi sinn.

Aner Aktivitéite vun der Kommissioun 2007 waren notament iwwer hire Statut, wou d'Konklusiounen zu där Gesetzgebung gefouert hunn, déi mer haut iwwert d'Ronne kréien. Nach eng Kéier iwwert d'Mineuren am Prisong, iwwert d'Education aux droits de l'Homme, obschonn dee Volet wierklech och an hirem Rapport annuel vläicht e bëssen ze kuerz kënn; wat awer och vläicht eppes domat ze dinn huet, dass déi Leit, déi an där Commission consultative des droits de l'Homme dra sinn, e Jeton kréien, deen net terribel incitativ ass, fir op verschiddene Punkten an den Detail ze goen.

Ech menge beispillsweis, dass d'Education aux droits de l'Homme eppes wier, wat wichteg wier fir ausgeschafft ze ginn, fir Programmer oder weinstens Deelprogrammer virzeschloen. Dat ass de Moment net geschitt. Vläicht ass déi Base légale en neien Incentive fir dës Kommissioun, fir all déi nombreuses Missiounen, déi se hunn, obscho se eigentlech keng Moyenen zur Verfügung gestallt kréien, mat enger neier Base légale méi effizient kënnen ze exekutéieren, wéi dat bis elo de Fall ass.

Ech wollt och, Här President, zu dësem Thema eng Motioun an eng Resolutioun erausginn. Déi ass ënnerschriwwen vum Här Fayot, vum Här Glesener, vum Här Carlo Wagner, vum Här Félix Braz a vu mir selwer. Do steet am Fong haaptsächlech dran - an ech si sécher, dass d'Ministesch dee Message un d'Regierung mat grousser Conviction kënn weiderginn -, dass et wichteg wier, dass déi Commission consultative déi néideg budgetär Kreditter zur Verfügung gestallt kritt, och wann eng Reserv am Text selwer ass, fir dass se hir Missiounen kann uerdentlech erfëllen.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- *considérant que l'adoption du projet de loi portant création de la Commission consultative des droits de l'Homme du Grand-Duché de Luxembourg permettrait à celle-ci de rejoindre au plus vite le Comité international de Coopération des Institutions nationales de protection des droits de l'Homme, qui fonctionne sous les auspices du Haut-Commissariat des Nations unies aux Droits de l'Homme;*

- *insistant que la Commission des droits de l'Homme puisse développer pleinement ses potentialités;*

invite le Gouvernement

- *à mettre à la disposition de la CCDH les crédits budgétaires nécessaires afin de garantir le bon fonctionnement du secrétariat de la CCDH, qui est assuré par les employés de l'État.*

(s.) *Lydie Err, Félix Braz, Ben Fayot, Marcel Glesener, Carlo Wagner.*

An eng zweet Resolutioun. Déi schéngt mer wichteg, och besonnesch fir d'Chamber. Eng Resolutioun, well am Text vum Gesetz steet dran, dass de Rapport vun dëser Kommissioun soll publizéiert ginn. Et steet awer néierens dran, wéi e soll publizéiert ginn.

Mir fannen et wichteg, dass et net mat der Publikatioun eleng duerget, mä dass mer duerch d'Publikatioun vun deem Rapport kënnen en Débat public lancéieren iwwer Froe wéi Mënscherechter. Duerfir proposéiere mer, dass zu dëser Publicitéit éischters eemol d'Joer eng Debatt an der Chamber soll gefouert ginn. D'Dauer dovunner ka jo esou gehale ginn, wéi de Contenu vun deem Rapport dat verlaangt. Mä dat hätt den Avantage, dass mer dann an engems och wéissten, dass dee Rapport géif am Chambersblietche mat publizéiert ginn an dass am Fong eventuell contestéiert oder discutabel Sujeten hei kéinten öffentlech debattéiert ginn.

Ech mengen, dass dat zur Opwärtung vun den Aarbechte vun dëser Commission consultative géif bäidroen. Et ass sécherlech och aus där Ursach eraus, wou d'Kollegee vun alle Borden d'accord waren, fir déi Resolutioun ze ënnerschreiven.

Résolution 1

La Chambre des Députés,

- *saluant le fait que le projet de loi portant création de la Commission consultative des droits de l'Homme du Grand-Duché de Luxembourg prévoit de manière générale une publicité obligatoire des travaux de la CCDH;*

- *estimant que cette plus large diffusion animera le débat politique et contribuera ainsi à une sensibilisation de l'opinion publique aux droits de l'Homme;*

décide

- *d'organiser annuellement un débat public à la Chambre des Députés sur le rapport général sur les activités de la CCDH;*

- *de publier l'intégralité du rapport dans le compte rendu de la Chambre des Députés.*

(s.) *Lydie Err, Félix Braz, Ben Fayot, Marcel Glesener, Carlo Wagner.*

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Madame Rapportrice. Dann huet den éischte Riedner, den honorabelen Här Glesener, d'Wuert.

Discussion générale

» **M. Marcel Glesener (CSV).** - Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, Madame Minister, fir d'éischt wëll ech der Rapportrice, eiser Kolleegin, der Madame Lydie Err, villmools Merci soe fir hire schrëftlechen a mëndleche Rapport, a virun allem awer och fir déi Schnelligkeet, mat där si et fäerdeg bruecht huet, fir dëse Rapport ze presentéieren. Esou dass mer haut an der Chamber kënnen iwwer dee Projet de loi ofstëmmen.

Esou wéi d'Madame Err elo gesot huet, existéiert d'Mënscherechtskommissioun hei

zu Lëtzebuerg zënter dem Mee 2000. Si ass an d'Liewe geruff ginn nodeem d'Generalversammlung vun der UNO am Joer 1993 eng Rei vu Grondsätz adoptéiert huet, déi ënnert dem Numm vun „Paräiser Prinzipien“ bekannt sinn, an deenen d'Länner opgefuerdert gi sinn, eng national onofhängeg - an ech leeën den Akzent op „onofhängeg“ - Mënscherechtskommissioun an hiren eenzelne Länner ze schaffen.

Zënter hirer Schafung huet dës Struktur hiren Avis hei zu Lëtzebuerg zu enger ganzer Rei vu Gesetzesprojeten a Sujeten ofginn. Wéi zum Beispill zum Immigrationsgesetz vum 29. August 2008, zum Gesetz vum 27. August 2007 iwwer de Centre de rétention, zu der europäescher Verfassung, zu der Integratioun vu behënnerte Kanner oder méi rezent zur Situatioun vu Mannerjähregen, déi am Prisong sëtzen.

Si dréit mat hirer Aarbecht a Präsenz dozou bäi, iwwer d'Situatioun vun de Mënscherechter zu Lëtzebuerg an iwwer d'Grenzen eraus ze informéieren, Mënscherechtsverletzung virzebeuge souwéi Mënscherechter ze schützen an och ze promovéieren.

Si lenkt d'Opmierksamkeet vun der Regierung op problematesch Aspekter a stellt Moosname vir, déi an hiren Ae fir e gréisere Schutz vun de Mënscherechter sinn.

Dir gesitt also, eng ganz wichteg Institution. Mat hirer Informatioun an der Promotioun spillt d'Mënscherechtskommissioun, wéi gesot, eng wesentlech Roll an eiser demokratescher Gesellschaft.

Ech wëllt dës Geleeënheet benotzen, fir och alle Memberen aus dëser Kommissioun fir hir wäertvoll Aarbecht an hiren Engagement Merci ze soen.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. Marcel Glesener (CSV).** - Bis haut huet dës Kommissioun op der Basis vun engem Reglement vun Regierungrot vum 26. Mee 2000 funktionéiert. Zënter datt den institutionelle System vun der UNO evoluéiert huet, brauche mir e legale Kader.

Den internationale Koordinatiounscomité vun den nationale Mënscherechtsinstitutionen huet virun e puer Joer d'Akkreditatiounskritären, déi déi national Strukture mussen erfëllen, nei definéiert. Just national Institutione mat engem legale Kader dierfen an Zukunft un de Réunionne vum Koordinatiounscomité deelhuefen.

Wéi d'Rapportrice, d'Madame Err, zu Recht gesot an an hirem Rapport ënnerstrach huet, iwwerhëlt de virleienden Text vum Projet déi meescht Dispositiounen vum Reglement vum 2000.

Déi eenzeg Innovatioun besteet doranner, datt aner Organer wéi de Médiateur, den Ombudskomitee fir d'Rechter vun Kand, d'Dateschutzkommissioun un den Assembléee vun der Kommissioun kënnen mat Voix consultative deelhuefen, wat sécherlech fir eng besser Informatioun vun de Membere vun der Mënscherechtskommissioun steet, déi e Gesamtbild vun deene verschiddene Situatiounen heimadder kréien.

Extrem begréissenswäert ass doriwwer eraus d'Tatsaach, datt d'Avisé vun der Mënscherechtskommissioun eng gréisser Publicitéit kréien. De virleienden Text gesäit nämlech vir, datt de Premier all Avisen, Etüden, Recommendationen vun der Kommissioun der Chamber wäert zoukomme loosse. Dëst dréit, wéi de Statsrot zu Recht gesot huet a sengem Avis, zur Sensibiliséierung vun der öffentlecher Meenung iwwer d'Mënscherechter hei zu Lëtzebuerg an an der Welt bäi.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, zum Schluss nach ee Wuert. Et ass absolut noutwendeg, der Mënscherechtskommissioun ee legale Kader ze ginn, fir datt dës Kommissioun weiderhin hire Flichten an Aufgaben un internationale Plang nogoe kann. Dat ass genau den Objet vun dem virleiende Gesetzesprojekt an dofir, ënner anerem, ginn ech den Accord vu menger Fraktioun a soen lech och Merci, datt Der mer esou opmierksam nogelauschert hutt.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Glesener. D'Wuert huet elo den honorabelen Här Goerens.

» **M. Charles Goerens (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt uganks der Madame Rapportrice félicitéieren. Si huet dat Meescht gesot. Ech wëll mech just op e puer Bemierkunge beschränken, déi menger Meenung no awer am Zesammenhang mam Projet de loi 5882 ubruecht sinn.

Mir begréissen et als demokratesch Fraktioun, datt dee Reglement grand-ducal elo

ersat gëtt duerch e Gesetz, well esou d'Commission nationale de promotion des droits de l'Homme méi eng zolidd legal Basis krit. Dat ass och noutwendeg, fir am internationale Kontext kënnen en accord ze si mat de Principes de Paris, déi Bezuch hunn op de Statut, op d'Pouvoiren an op de Fonctionnement, wat d'Promotioun an d'Protektioun vun den Droits de l'Homme ubelaangt.

Déi Bemierkungen, déi ech wollt maachen, hunn engersäits Bezuch op dat, wat um nationale Plang geschitt, an zweetens anersäits op d'Promotion et la protection des droits de l'Homme um internationale Plang.

National gesi begréisst mer et, datt den ORK an och den Ombudsmann d'Voix consultative kréien an de Pléniëren, déi mindestens all zwee Méint eng Kéier sollen zesummekommen. Mir fannen dat gutt. Aus zwee Grënn. Wuel huet d'Commission nationale des droits de l'Homme eng spezifesch Aufgab a beschränkt sech an hire wesentlechen Aspekter jo op d'Protection an op d'Promotion des droits de l'Homme vun der éischter Generatioun, déi am Fong grosso modo kënnen resuméiert ginn als d'Kodifikatioun vun de Prinzipien, déi an deem doten Domän an der Franséischer Revolutioun gebuer goufen.

Mir begréissen dat a mengen och, datt, well et am Fong déi eenzeg Rechter sinn, déi bis haut richteg codifiéiert sinn, déi och sollen eng ganz zolidd Méiglechkeet kréien, fir hir Promotioun an och hir Protektioun ze assuéréieren.

Mir sinn awer net dobäi stoe bliwwen, an d'Droits sociaux, d'Droits économiques an och Droits environnementaux mussen och eng Kodifikatioun kréien, well mir kënnen eis net virstellen, datt ee Rechter huet a Fräiheet huet, deen näischt ze räissen an näischt ze bäissen huet - fir et op Lëtzebuergesch ze soen.

Mir haten eng Kéier als Lëtzebuerger Kooperatioun zu Dakar e Colloque iwwer d'Promotion des droits de l'Homme, un deem och deemools d'Chamber deelgeholl huet a vertraude war duerch den Här Vizepräsident Scheuer. Op deem Colloque ass deemools och festgehale gi vun der Madame Aminata Traoré, der fréierer Kulturministesch vu Mali, datt am Fong een Aarme keng Droits de l'Homme huet, well d'Droits de l'Homme d'Existenz vun der Fräiheet présupposéieren, a wann een aarm ass an et ass een dépourvu de tout, huet ee keng Optioun méi. A wann ee keng Optioun méi huet, huet een och keng Fräiheet. Jiddfalls net d'Wahlfräiheet tëschen verschiddenen Optiounen.

Duerfir menge mer, och wann et méi laang dauert, mussen déi Rechter awer progressiv codifiéiert ginn a wa méiglech och international harmoniséiert ginn, fir datt och déi Leit, déi vun deene Rechter privéiert sinn - ech denken un déi ekonomesch an déi sozial -, aus deene Rechter och kënnen aklobar Rechter maachen, wa se dovu privéiert si respektiv wann déi Rechter blesséiert sinn.

Wat den internationale Plang ubelaangt - dat ass meng zweet a lescht Bemierkung an deem doten Zesammenhang -, wollt ech unhand vun deem onsägleche Skandal vun den illegale Volé vun der CIA soen, datt mer mat deem neien Instrument, wat jo konform ass zu de Prinzipien vu Paräis, och misste kënnen Politik maachen, an am Fall, wou international Gremien, wéi zum Beispill de Conseil de l'Europe oder d'Europaparlament sech esou enger Saach unhuefen, déi Gremien aschalten - déi national Commission consultative des droits de l'Homme.

Firwat? De Generalsekretär vum Conseil de l'Europe huet, wéi den Här Dick Marty säi Rapport gemaach huet - dee Rapport, deen natierlech d'Synthèse war vun där Enquêtekommissioun, déi agesat ginn ass -, déi eenzel Regierungen ugeschriwwen, fir hir Haltung ze kréien, ob déi Virwërf, déi Allégatiounen géifen op si zoutreffen, an et si ganz wéineg Reaktiounen komm an engem éischte Stadium, an déi Reaktiounen waren oft enttäuschend.

D'Enquête, déi d'Europaparlament gemaach huet, huet eng ganz Partie Faiten un d'Dageslicht gezunn, an dat, wat erauskomm ass - an dee Rapport ass och der Öffentlechkeet zougängelech -, léisst mech schlëssen, datt mer als Europäer am Fong net ganz stolz brauchen ze sinn iwwer dat, wat an deem doten Domän passéiert ass.

Wat kann een do maachen? Dat einfach akteieren a soen, hoffentlech kënn näischt méi esou vir, geet net duer. Mä vläicht kucken, ob de Système institutionnel, dee besteet, richteg openeen agestëmmt ass an ob deen à même ass, fir esou Saachen un d'Dageslicht ze zéien. Et geet net, fir nëmme just ex post esou eppes feststellen an dann duerno de Comportement vun

eenzelne Regierungen ze stigmatiséieren, mä et geet och dorëm, fir esou eppes an Zukunft ze prévenéieren.

Also mussen déi Gremien do och eng dissuasiv Fonctioun hunn. A wéi kéinte se méi dissuasiv ginn, wéi duerch e gutt Zesummeschaff vun deenen eenzelnen nationale Gremien?

Ech kéint mer virstellen, wa mer an Zukunft a Präsenz vun esou engem schwierigen Dossier sinn, datt mer géifen d'Regierung froen, ob se net kéint déi national Kommissioun, wann déi sech net selwer autosaiséiert, chargéiere mat engem Rapport iwwer deen doten Tatbestand. Da kéint een deen och mat deem vergläichen, wat aner Kommissiounen zesummebréngen u Fakten, un Analysen, un Erkenntnisser, an da kéint menger Meenung no déi dissuasiv Fonctioun, vun där ech geschwat hunn, voll zum Droe kommen.

En zweete Grond, firwat déi international Zesummenaarbecht a mengen Ae wichteg ass, ass d'Onfäegkeet fir gewësse Mësstänn a puncto Non-respect des droits de l'Homme ze stigmatiséieren. Huele mer zum Beispill de Fall vun de Mënscherechter a China. De fréieren hollänneschen Ausseminister huet emol eng Kéier probéiert virun der Commission des droits de l'Homme zu Genève - wéi se nach esou geheescht huet; haut heescht se jo Conseil - d'Situatioun vun den Droits de l'Homme a China ze thematiséieren.

E war ee vun deene ville Presidente vum Conseil Affaires générales et relations extérieures vun der Europäescher Unioun, deen dat probéiert huet. En ass awer ofgeblézt um Widerstand vun enger Partie Länner aus de Memberstate vun der Europäescher Unioun, deenen hir Verrieder seng Démarche net gedeelt hunn. Et daerf een dräimol roden, ob et war wéinst de Kontrakter, déi amgaange waren ausgehandelt ze ginn. De Fait war jiddfalls deen, datt duerno den hollänneschen Ausseminister, President vum Conseil, am Fong eleng am Ree stoe gelooss ginn ass.

Dat daerft am Fong net virkommen. Dat kënn och net virkommen, wann déi 27 Memberstate sech eens wieren, bei esou fundamentale Saachen duerch ee Rouer ze schwätzen, de President ze mandatéieren, iwwer seng Verrieder am Conseil de Protection et de Promotion des Droits de l'Homme vun der UNO, mat enger Sprooch ze schwätzen, an da mat 27 Stëmme versichen déi Punkten op den Ordre du jour ze kréien. Wa mer et net fäerdeg bréngen, international emol esou Punkten iwwerhaapt op den Ordre du jour ze kréien, da stëmmt eppes an deem ganze Gefüge net. An et ass dat précisément, wat mer misste verbesseren.

Dat ännert guer näischt un de Mériten, déi eis Leit hei am nationale Conseil hunn, an esou wéi ech Eenzelner vun deene kennen, sinn déi och un deenen doten Aspekter ganz staark interesséiert, well d'Droits de l'Homme sont indivisibles, an et kann een dat net op d'Grenze vun engem eenzelne Land beschränken.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. Charles Goerens (DP).** - Ech wënschen deem neie Gremium vill Chance, eng konstruktiv Zesummenaarbecht, an ech hoffen och, datt mer hei an der Chamber periodesch e Rapport ze diskutéiere kréien iwwer d'Erkenntnisser vun deem Gremium do.

Mir hunn elo also e Gremium, deen - bei där zolitter Besetzung, an och bei deem Ankrage an der Lëtzebuerger Realitéit, bedéngt duerch d'Präsenz vum Ombudsmann a vum ORK - absolut d'Héicht muss hale mat den Erausforderungen, an déi si bekanntlech net kleng. Mir hunn haut an engem Kontext, dee markéiert ass vun enger berechtigter Angscht vis-à-vis vum Terrorismus an och heiansdo mat lwwerreaktiounen op deeselwechte Phänomeen, ze di mat enger ganz grosser Erausforderung, an déi kënnen nëmme just Leit mathëllefe behiewen, déi déi néideg Pondéeratioun hunn, déi richteg Sensibilitéit an och dee richtigen institutionellen Encadrement, fir deenen Aufgabe kënnen gerecht ze ginn.

Esou kann ech absolut déi Konkusiounen deelen, déi d'Madame Err hei, am Numm vun der Commission des Affaires étrangères, der Chamber matgedeeelt huet, hir nach eng Kéier Merci soen, an deem neie Gremium vill Chance wënschen, fir senge wichtegen Aufgaben nozekommen.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Goerens. Den honorabelen Här Braz huet als leschte Riedner d'Wuert, ier d'Regierung kënn.

**Mercredi,
22 octobre 2008**

» **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).** - Merci, Här President. Ech kann och ganz kuerz sinn, well d'Madame Err huet als Rapportrice wierklech alles gesot an och an hirem Rapport geschriwwen, wat ze soen ass. Den Här Goerens huet nach e puer Saachen drugehaangen, wou ech mer och eenzel Stéchwierder notéiert hat, déi ech mer dann awer ka spueren an net méi hei nach eng Kéier widderhuelen.

Just zwou, dräi ganz kuerz Remarquen. Déi éischt, fir z'ännersträchen, dass mer et ausdrécklech ënnerstëtzen, dass déi Kommissioun elo eng legal Basis kritt. Och wa se weiderhin e berodende Gremium vun der Regierung bleift, fanne mer et besser, dass d'Parlament hei e Wuert matzeschwätze kritt, an dat aus zwee Grénn.

Deen éischte Grond ass, well hei zu Lëtzebuerg d'Menscherechter sech net automatesch astellen. Et ass net esou, dass mer zu Lëtzebuerg keng Problemer hätten. Problemer mat de Mänscherechter ass net en Apanage vun Diktature vun anere Kontinenten, mä och hei an Europa, an och hei zu Lëtzebuerg, gétt et am Beräich vun de Mänscherechter praktesch am Alldag Froen opzeweieren an och Froen ze diskutieren.

Mir hu gesinn, dass déi Kommissioun an de leschte Jore wuel eng Rei Avisen ofginn huet; mir hunn awer och gesinn, dass déi Avisen net ëmmer vun der Regierung ugefrot waren. Mir sinn der Meenung, dass et dofir eng Valoriséierung vun der Kommissioun brauch, déi se duerch hire neie Statut och kritt, well de Réckgrëff op déi Kommissioun an de leschte Joren net esou oft an automatesch stattfonnt huet, wéi et eiser Meenung no hätt misse sinn. Dofir hu mer dat och ëmmer ënnerstëtzt, wann d'Kommissioun vu sech aus eng Initiativ geholl an en Avis produzéiert huet zu Themen, déi wichteg waren, notament ronderëm dee ganzen Themekomplex Asyl an Immigration.

Mir mengen, dass een d'Kommissioun soll doranner bestärken, op hir eegen Initiativ hi weiderhin Avisen ze maachen, an dass se probéiere soll, d'Bandbreit vun hiren Aktivitéite méi breet ze begräifen. Mir sinn net der Meenung, dass se soll beschränkt bleiwen op originaire Mänscherechter, wéi se an der Mänscherechterskonvention geschriwwen sinn, mä dass se tatsächlech soll probéieren, net nëmme reaktiv ze schaffen, mä an enger proaktiver Logik sech selwer mat Froen ze saisieren, déi am breede Sënn vum Wuert mat Mänscherechter ze dinn hunn. Do falen da Stéchwierder wéi d'Recht op eng gesond Ëmwelt, Sozialrechter, Aarmut fir eis ausdrécklech och mat an hiert Aufgabebeitt, a mir wëlle se och doranner als gréng Fraktioun ënnerstëtzen a bestärken.

Eng lescht Remarque, fir nach eng Kéier z'ännersträchen, dass dat awer och eng Saach ass vun de Moyenen. D'Madame Err huet schonn drop higewisen, dass déi Moyenen, déi hinnen zur Verfügung gestallt ginn, vläicht nach net optimal sinn. Si sinn zum Deel un der Limite vun deem, wat een als Minimum géif qualifizieren. Do si mer och der Meenung, dass an deenen nächste Méint a Joren, zesumme mat der Aarbecht vun där Kommissioun, een dat am A behale sollt, wéi déi Kommissioun sech entwéckelt.

Et läit och eng Resolutioun um Dësch, déi déi gréng Fraktioun mat ënnerstëtzt, fir dass mer och op enger järelecher Basis sollen net nëmme en inhaltleche Bilan iwwert d'Aarbecht vun der Kommissioun maachen, mä och all Kéiers präwien, ob déi Moyenen, déi se hunn, et erlaben, hiren Aufgaben an hiren héijen Ziler, déi mer ënnerstëtzen, gerecht ze ginn.

Et ass also och eng Fro vu Moyenen, an do ass eiser Meenung no, och nom Vote vun deemem Text, dee mer ënnerstëtzen, nach munches ze verbesseren. An deem Sënn wäert déi gréng Fraktioun d'Aarbecht vun der Kommissioun suivieren, fir dass se déi Hoffnung, déi a se gesat gétt, an den nächste Joren och erfëlle kann.

Ech soen lech Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Braz. D'Wuert huet elo d'Madame Minister Marie-Josée Jacobs.

(Interruption)

Pardon! Här Henckes, Dir waart net ageschriwwen, Dir hat lech och net gemellt. Mä et ass ni ze spët.

» **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Här President, ech wäert mech och ganz kuerzfaassen. Fir d'éischt wëll ech der Madame Rapportrice Merci soe fir hire mëndlechen a schrëftleche Bericht. Si huet och zwou Motioune déposiert, wou ech direkt wëll soen, dass mir bereit sinn, se matzedroen an ze stëmmen.

Am Projet de loi geet et ëm dräi Punkten. Beim éischte geet et drëm, der Commission consultative eng legal Basis ze ginn, wat noutwendeg ass fir um Niveau vun der UNO kënnen matzeschwätzen. Dofir ass et och richtig, dass mer op dee Wee do ginn.

Déi zweete wichteg Neierung läit doranner, dass alleguerten déi aner Organismen, wéi de Médiateur, d'Commission nationale pour la protection des données, den Ombudskomitee fir d'Rechter vun Kand an de Centre pour l'égalité de traitement entre hommes et femmes, och elo iergendwéi mat an dee ganze Komplex vu Mänscherechter integréiert ginn. Dat bewierkt, dass se kënnen matdiskutieren, dass dat institutionaliséiert gétt, dass viraussichtlech och méi Publikatiounen a méi Avisé wäerten aus deem Ganzen do entstoen, an dass eng gewësse Koordinatioun um Niveau vun den Avisé wäert geschéien. Doduerch ass och d'Palette, mat där elo d'Mänscherechter hei zu Lëtzebuerg sollen ofgedeckt ginn, erweidert ginn.

Et schéngt mer och wichteg ze sinn, dass mer hei am Gesetz virgesinn, dass d'Avisé vun der Kommissioun publizéiert ginn. Wa se net publizéiert ginn, da bleift et just nuren Insiderwëssen, an dat ass net gutt.

Duerfir ass dat heiten och eng ganz wichteg Neierung an deemem Gesetz. Bien entendu geet et och drëm, fir d'Moyenen zur Verfügung ze stellen, wat mer jo och iwwert de Wee vun enger Motioun dann un d'Regierung wëlle realisieren. Ech hoffen, dass deem dann och Rechnung gedroe gétt am Budget fir d'nächst Joer.

Dat gesot, hoffen ech, dass mer alleguerten haut hei a grousser Unanimitéit deemem gudden Gesetz kënnen zoustëmmen.

(Interruptions)

» **M. le Président.** - Merci, Här Henckes. D'Madame Marie-Josée Jacobs huet elo d'Wuert.

» **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.** - Här President, ech géif awer, fir unzefänken, de Statsminister wëllen entschëllegen, deen eigentlech dee Projet hei déposiert huet, a selbstverständlech mech och deene Félicitatiounen an de Mercien uschlësse vis-à-vis vun der Rapportrice, déi hei op eng exzellente Aart a Weis dee Projet virgestallt huet, sou dass et sech eriwweert fir eis alleguerten, fir nach laang doriwwer ze schwätzen.

Ech denken, dass mer, esou wéi et ausgesäit, jo à l'unanimité dat wäerte stëmmen, wou mer dee Comité haten, dee fonctiounéiert huet, deen elo Gesetzesgewalt kritt an doduerch dat eenzegt Organ ass, dat Lëtzebuerg och op internationalem Niveau wäert verrieden an all deene Froen, déi mat Mänscherechter ze dinn hunn.

Esou wéi eng Rei vu Virriedner et gesot hunn, ass et och wichteg, dass déi Zesummenaarbecht stattfënnt mat dem Médiateur an dem Kannerrechtscomité. Mir sinn awer an engem klengen Land, also ass et och wichteg, dass déi verschidden Organer matenee schaffen an dat déi Vernetzung do wäert stattfannen, déi wichteg an néideg ass.

Dee Comité gétt entweder vun der Regierung befaasst, fir sech mat engem Thema ze befaassen, oder awer e ka sech och selwer saisieren, esou dass ech denken, dass dat och eppes ass, wat all deenen Erwaardungen, déi hei un hie gestallt ginn, Rechnung dréit.

Ech huele selbstverständlech déi Motioun mat, déi hei vun der Chamber proposéiert gouf, fir dann och déi néideg Mëttelen zur Verfügung ze stellen, fir dass dee Comité ka fonctiounéieren. Iwwert d'Resolutioun hunn ech näischt ze soen, dat ass der Chamber hir Aufgab.

Duerfir géif ech lech Merci soen a mech deene gudden Wësch mat uschlëssen, dass dee Comité och an deenen nächste Joren eng ganz wäertvoll Aarbecht mécht fir d'Land, awer doriwwer eraus och am Kader vun der UNO a vun all deenen internationale Gremien, an deene mer vertritt sinn.

Merci villmools.

» **M. le Président.** - Merci, Madame Minister. Mir kommen dann, Dir Dammen an Dir Hären, zum Vote vun deemem Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5882 ass eestëmmeg ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-

Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer (par M. Marcel Oberweis), Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank (par M. Laurent Mosar), Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider (par M. Alex Bodry), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps (par Mme Colette Flesch), Claude Meisch (par M. Eugène Berger) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Félix Braz), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par Mme Viviane Loschetter) et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Motion 1

D'Motioun, déi d'Madame Err déposiert huet, ass vun alle Fraktiounen ënnerschriwwen. Kënnen mer par main levée doriwwer ofstëmmen?

(Assentiment)

Vote

Wien domat d'accord ass, ass gebieden, d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Ech gesinn, dass ass d'Unanimitéit.

Résolution 1

D'Resolutioun ass och vun alle Gruppen ënnerschriwwen. Och do kënnen mer par main levée stëmmen.

Vote

Wien domat d'accord ass, ass gebieden, d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Déi Resolutioun ass och à l'unanimité ugeholl.

Dann, Dir Dammen an Dir Hären, komme mer zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut de Mëtteg, der Fro vun der honorabler Madame Spautz iwwert d'Caisse nationale des Prestations familiales. Madame Spautz, Dir hutt d'Wuert.

5. Question avec débat N°39 de Mme Vera Spautz au sujet du fonctionnement de la Caisse nationale des Prestations familiales

» **Mme Vera Spautz (LSAP).** - Här President, Madame Minister, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dee Problem, op deen ech hei wëll agoen, ass leider net nei. Schonn 1993, also viru 15 Joer, huet de fréiere Familljeminister etlech Froen iwwert de Fonctionnement vun der Kannergeldkeess misse beäntweren. Ënner anerem eng vun dem deemolegen LSAP-Deputéierte Mars Di Bartolomeo, dee wollt wëssen, firwat dass d'Kannergeldkeess e Retard vu sechs Méint hätt, fir Dossierer ze evaluieren. Deemools huet de Minister sech engagéiert, dës Administratioun mat zousätzlechem Personal opzestocken, an ausserdeem hu Leit de Samschdeg lwwerstonne gemaach, fir mat der Aarbecht nozekommen.

1998 ass dann en Audit vun der Kannergeldkeess gemaach ginn. An déi Recommendationen - wéi zum Beispill eng komplett Reorganisatioun vun de Services -, déi dobäi erauskomm sinn, sinn 1999 an 2000 ëmgesat ginn.

Ech wëll ënnersträchen, dass ech net dorunner zweifelen, dass déi Leit, déi op der Kannergeldkeess schaffen, hir Aarbecht gutt a gewëssenhaft erleedegen a sech all erdenklech Méi ginn, fir den Demandeuere esou schnell wéi méiglech dat zoukommen ze loossen, wat si zegutt hunn.

Ech gesinn och, dass déi jeeweileg Ministeren eng ganz Rei Ustrengunge gemaach hunn a maachen, fir d'Kannergeldkeess esou auszustatten, dass si en optimale Service um Client ka bidden. Trotzdeem ass d'Situatioun net wierklech besser ginn.

Op eng nei Fro vum Mars Di Bartolomeo, dës Kéier war dat am Juli 2001, huet d'Familljeministesch eng ganz Rei Erklärungen ginn iwwert den Traitement vun den Dossierer, iwwert d'Kollaboratioun mat den Autoritéite vun eisen Nopeschlänner fir d'Demandé vun de Frontalieren, iwwert d'Situatioun vum Personal an esou weider, mä si huet awer och ënnerstrach, dass generell d'Dossierer innerhalb vun enger Woch géifen traitéiert ginn. Just an Ausnahmefäll a wa Pièce feelen, géif et méi laang schleefen. Esou wäit an esou gutt.

Wann ech dann awer de Rapport d'activité vun dem Familljeministère aus dem Joer 2007 liesen, stellen ech fest, dass d'Problemer an all deene Joren anscheinend net konnte geléist ginn, oder wéi erkläert ee sech, dass de Volet iwwert d'Prestations familiales feelt, an dat mat folgender Erklärung: «À noter également qu'en vue de la charge de travail accrue de la Caisse nationale des Prestations familiales ainsi que le manque de personnel particulièrement ressenti, il n'a pas été possible d'intégrer dans le présent rapport le volet des 'Prestations familiales'.»

Dëst Joer den 23. September 2008 huet eng Lëtzebuergesch Televisioun de Fonctionnement vun der Kannergeldkeess erëm op en Neits op de Leescht geholl. Ech weess och, dass déi zwee Beispiller vu Frontalieren, déi iwwer ee Joer op hir Sue waarden, net därfe generaliséiert ginn. Trotzdeem sinn an deem Reportage awer och erëm Schwieregkeeten op d'Tapéit komm, déi menges Wëssens nach net geléist sinn an op déi ech gären dann hei eng Äntwert hätt.

Ech hu mech selwer dovunner kënnen iwwerzeegen, dass et eng Saach vun der Onméiglechkeet ass, fir bei der Kannergeldkeess een op den Téléfon ze kréien. Ech wësst gären, firwat dass dat nach ëmmer esou ass, oder wéi d'Ministesch gedenkt, dee Kommunikatiounswee méi einfach ze maachen.

An deem Kontext stellt sech natierlech d'Fro, wéi wäit dann den Internetsite genotzt gétt, fir Froen aus der Bevëlkerung ze kläre respektiv fir mat der Kannergeldkeess a Kontakt ze trieden. Och do hunn ech selwer eng Rei Deeg gewaart.

Ass et richtig, dass och schrëftlech Ufroen un d'Kannergeldkeess eréischt no e puer Woche beäntwert ginn?

Ech denken, d'Zil vun der Regierung muss et sinn, déi Administratioun méi clientsfrëndlech ze maachen.

Ee Problem sinn awer ganz sécher och déi ageschränkten Öffnungszäiten. Et kann net sinn, dass een um Téléfon guer keng Äntwert kritt, schrëftlech wochelaang duerno, a wann een dann an de Guichet wëllt goen, een och nach stonnelaang muss waarden, well den Undrang esou grouss ass, dass ee schonn eleng stonnelaang muss waarden, fir en Ticket ze kréien, fir da weider ze waarden.

D'Krënung ass dann awer och, dass d'Büroen an der Mëttesstonn zou sinn an de schaffenden Normalbürger sech muss Congé huelen, fir op d'Kannergeldkeess ze goen. D'Öffnungszäiten, fir se vläicht ze soen, si vun 8 bis 11.30 a vu 14 bis 15.30 Auer mëttes.

Huet d'Ministesch geplangt deem Zoustand entgéintzewierken, a wa jo, wéi?

Wéi huet dee Guichet unique sech entwéckelt a wéi e Bilan kann een dorauer zéien?

Méi generell wëilt ech einfach wëssen, wéi d'Regierung den aktuelle Fonctionnement vun der Kannergeldkeess aschätzt an ob Moosname geplangt sinn, fir en optimalen Accueil an Zukunft ze garantieren.

Wéi ech virduer erwähnt hunn, feelt de Volet iwwert d'Prestations familiales am Rapport d'activité vum Ministère vun 2007. Kënn den nach? Oder kann d'Ministesch der Chamber e puer Zuelen nennen iwwert d'Evaluatioun vun der Unzuel vun den Dossierer an deene leschte Joren...

» **M. le Président.** - Madame Spautz, Är Zäit leeft of.

» **Mme Vera Spautz (LSAP).** - ...an d'Charge de travail vum Personal am Allgemengen?

Ech sinn direkt fäerdeg.

Well d'Frontaliere méi eng spezifesch Situation hunn, wéilt ech och wëssen, wéi laang et an der Regel elo dauert, ier déi Dossieren evaluéiert sinn.

Ech soen lech Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Madame Spautz. D'Madame Minister Marie-Josée Jacobs huet d'Wuert fir d'Antwort.

» **M. Robert Mehlen (ADR).** - Et ass domat wéi iwwerall hei am Land.

» **M. le Président.** - Här Mehlen, Dir hutt de Moment d'Wuert net.

(Hilarité)

Dir hätt lech kënnen zu Wuert mellen, mä Dir hutt et elo op jidde Fall net. Elo huet d'Madame Minister Jacobs d'Wuert.

» **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.** - Här President, ech géif lech wëlle fir d'éischt, fir op eng ganz Partie vu Froen ze äntweren a fir datt d'ganz Chamber sech doriwwer kann informéieren, de Compte rendu vum Exercice vun der Kannergeldkeess vun 2007 iwwerreechen, wouran Der eng ganz Partie vun Donnéeën a Grafike fannt, wat de Fonctionnement vun der Kannergeldkeess ubelaangt.

» **M. le Président.** - Merci.

» **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.** - D'Lëtzebuurger Kannergeldkeess ass méi eng komplex Entreprise wéi vläicht verschidden anerer et sinn. Ech wëll lech just e puer Zuelen nennen, fir lech och ze sensibiliséieren fir dat, wat do an deem Betrib lass ass.

1997 hate mer 135.000 Kanner, déi an der Kannergeldkeess affiliéiert waren; 2007: 185.234. Mir rechne fir d'nächst Joer mat ronn 240.000 Kanner, déi an der Lëtzebuurger Kannergeldkeess affiliéiert sinn.

Domadder gétt do e Montant vu Suen ausginn: Fir 2007 sinn 863.760.402 Euro virgesinn; fir d'Joer 2008 estiméiere mer dat op 1.119.202.000 Euro. Ech denken, datt dat deene Leit, déi nolauschten an déi et interesséiert, ewell e bëssen en Iwwerbléck gétt iwwer dat, wat dat doten heescht.

Mir hunn 243.258 Kanner. Dovu sinn 120.922 Résidanten an 122.336 Netrésidanten. Dat heescht also, datt mer méi Kanner hunn, déi Netrésidantë sinn, wéi déi, déi Résidantë sinn. Allogueren, déi sech och nëmmen e ganz bëssen derfir interesséieren, wëssen, datt et dann ëmmer erëm zu Complémentë kënn, déi an deenen anere Länner ausbezuelen ginn. Och d'Kannergeldkeess ass net eleng Meeschter doriwwer.

Mir sinn also och zu engem gudden Deel ofhängeg vun deenen auslännesche Kannergeldkeessen. Mir hu Verhandlung gefouert mat de Fransousen, mat deene mer eis och zu engem Deel konnten eenegen, fir

ze soen: Mir bezuelen dat ganz Kannergeld op Lëtzebuurger Sait aus a mir ginn et bei lech als Keess erëmsichen. Mir fannen awer kee Partner, weder an der Belsch nach an Däitschland, well dat ëmmer erëm aneschters organiséiert ass. Entweder sinn et d'Länner, d'Gemengen oder och nach aner Träger wéi d'Mutuellen, déi dat maachen, mat deenen een also muss verhandelen.

D'Madame Spautz huet zu Recht hei d'Analyse vun der KPMG vun 1999 ervirgefouert a gesot, deemools wier gesot ginn, datt dat misst alles reforméiert ginn; wat och gemaach ginn ass. Mä d'KPMG hat och deemools erausfonnt, datt d'Zait fir e Frontalierdossier, wat d'Complémenten ubelaangt, véiermol méi Zait un Usproch hält, wéi en Dossier vun engem Résidant. Seele sinn och d'Reklamatioune vun de Résidanten a vun de Lëtzebuurger, mä se kommen haaptsächlech selbstverständlech iwwer d'Frontalieren.

Dat ass keng Entschëllegung. Dat ass och net fir ze soen, datt dat eis egal wier oder datt dat mer net gradesou wichteg wier. Mä dat erkläert selbstverständlech, wéi et dann och bei deene Länner ass a wéi et bei eis ass.

D'Kannergeldkeess huet zéng verschidde Prestatioune; wann ech de Congé parental als Prestatioun rechnen. Dat ass eigentlech keng Prestatioun, dat ass eng aner Form, mä dat ass egal. Fir och ze soen: Ëmmer erëm changéiert eppes bei eis. Du kout de Kannerboni derbäi. Déi aner Länner si jo net besser wéi mir, déi changéieren och permanent. Wat dann erëm derzou féiert, datt et erëm méi komplizéiert gétt, et erëm aneschters muss gerechent ginn, erëm alles nei muss organiséiert ginn.

An deene leschte Joren hate mer, wat d'Personaleffektiv ubelaangt: 1998 een an der Carrière supérieure; haut hu mer der dräi doranner. An der Carrière moyenne waren et der 25, an haut sinn et der 58. Dat sinn also 35 Unitéite méi. An deenen anere Prestatioune huet dat net geännert.

Ech sinn awer ganz frou lech kënnen haut matzedeelen, nodeem datt och de Médiateur sech ewell am Joer virdru geäussert hat, datt mer zousätzlech Personal misste kréien, datt de Regierungrot de Moien décidéiert huet, fir 25 nei Posten an der Kannergeldkeess ze schafen.

Ech hoffen, datt mer de President elo net schwaachfällt douewen,...

(Hilarité)

...well mer hunn eis elo zënter laange Jore vill zerstridden. An dat heite si Posten - dat muss ee wëssen -, déi ginn op d'Käschte vun aneren. Da kritt Der vläicht nach Gespréicher mat Verschiddenen dorëmmer, déi dann hir mussen hierginn, fir eben déi heiten an d'Kannergeldkeess ze setzen. Mä wann een en Numerus clausus huet, da muss ee jo och kucken, datt ee sech iergendwou dorunner hält.

(Interruption)

Mir hunn awer doriwwer eraus eng ganz Partie och vun anere Vereinfachungen am Laf vun deene leschte Jore gemaach. Ech wëll lech just déi opziele bei der Allocation de naissance, wou mer d'Délaie vun de medezineschen Examen ofgeschaaft hunn, well dat selbstverständlech anerer sinn an Däitschland, anerer sinn a Frankräich, anerer sinn zu Lëtzebuerg, wat dann ëmmer

derzou gefouert huet: Da sinn d'Leit bei eis froe komm. Dann hu mer gesot: Ah neen, Dir hutt lech net un den Délai gehalen. Duerno hu se Recours beim Comité oder beim President gemaach, an da goug erëm dee ganze Spaass vu vir un. Herno hu mer gesot, da géife mer dat ofschafen.

Mir wollten dat och bei de Kanner maachen. Do war awer de Gesondheitsminister net d'accord, well hie gesot huet, aus gesondheetleche Grënn wier et wichteg, datt een och déi Délaie géif halen, déi awer och erëm anerer sinn zu Lëtzebuerg wéi am noen Ausland, wat d'Saach net méi einfach mécht.

Dann hu mer och eng Allocation familiale agefouert fir Kanner, déi net a Länner sinn, déi zu Europa gehéieren. Ech denke besonnesch un de Cap-Vert, un Tunesien, Ex-jugoslawien, wou an der Zait déi Elteren, déi hei zu Lëtzebuerg geschaff hunn a Kanner do haten, iwwerhaapt näischt kritt hunn. Déi kréien elo, wa se kënnen beweisen, datt se all Mount dohinner Suen iwwerweisen, och ee Montant, deen awer selbstverständlech een anerer ass wéi deen, deen hei zu Lëtzebuerg bezuelen gétt.

Dann denken ech, datt eng ganz Partie vun lech vläicht emol konfrontéiert gouf mat de Problemer - well dat war ee vun deene Punkten, wou d'Lëtzebuurger sech doriwwer opgereegt hunn -, wann d'Kanner viru léiere gaange sinn. Net heiansdo, mä ëmmer muss de beweisen, datt déi Plaz, wou se gaang sinn, och unerkannt wier, an dat och en Diplom wier, deen entweder vun der Lëtzebuurger Uni oder dem Educationsmintère unerkannt wier.

Och dat hu mer ofgeschaaft, well mer gesot hunn: Mir wëssen et net, si wëssen et net. Et ass heiansdo schwierig erauszefannen, wie wat fir eng Schoule mécht. Dofir hu mer gesot: Hei, een, deen nach wëllt am Ausland op eng Schoul goen, dee solle mer goe loossen. Mir hunn der net esou vill, déi dat wëlle maachen, esou datt mer dat och méi kulant behandelen.

Dat, wat ech awer och wëll maachen, dat ass: Mir hunn eis d'accord erkläert mam Minister vun der Fonction publique, esou wéi virgesinn an der Réforme administrative déi Autoevaluatioun ze maachen, fir eben och ze kucken, wat zousätzlech aner Saache wieren, déi mer kéinte vereinfachen, fir domadder och d'Aarbecht an der Kannergeldkeess selwer méi einfach ze maachen.

Ech hat eng ganz Rei vu Réunionne mat de Gewerkschaften an och dräimol de Comité directeur, mat deenen ech diskutéiert hunn, wou mer e Comité de méthodologie hunn, e Comité de pilotage a wou och verschidden Aarbechtsgruppen draschaffen, fir ebe justement déi Aarbechten an och déi Prestatioune. Do muss ee sech an deenen nächste Joren iwwerleeën: Wou kann een eventuell Regruppement maachen? Wat kann een aneschters maachen, fir domadder vläicht vun deenen zéng verschiddene Leeschtungen erofzekommen? Wuelwësend, datt da wahrscheinlech d'Gejätz lassgeet, well dann awer erëm ee fénnt, datt hie vläicht en hallwe Frang iergendwou erëm manner géif kréien, wéi dat, wat elo de Fall ass.

Dann hu mer an deene leschte Joren enorm vill Suen an d'Informatioun investéiert. D'Kannergeldkeess bezuelen all Joer Milliounen Cotisatioune. An deene leschte

sechs Joer waren et 13 Milliounen un de Centre informatique vun der Sécurité sociale, fir Programmer gemaach ze kréien; plus nach 3,7 Milliounen Egeméttel, déi se doranner investéiert hunn, fir also besser kënnen ze fonctionnéieren.

D'Guichete sinn op vu Véierel vir aacht bis hallwer zwielf a vu Véierel vir zwou bis hallwer véier. A wa Leit dobanne sinn, déi iwwer der Mëttesstonn do sinn, da gétt och selbstverständlech hire Problem geregelt a si ginn net erausgesat bis déi aner Leit vum Mëttegiessen erëmkommen.

Den Téléfon, dat ass eng ganz interessant Fro, déi ech ewell méi dacks hei beäntwert hunn. Eng Etüd vun 2001 huet gewisen, datt am Duerchschnëtt 82.500 Appels téléphoniques de Mount an d'Kannergeldkeess erakomm sinn. Dat heescht, datt ee misst 20 Mann Personal eleng op den Téléfon setzen, wann ee wëllt hunn, datt dat dote géif fonctionnéieren.

De Guichet unique hu mer am Juni 2008 agefouert, woubäi d'Kannergeldkeess déi éischt Institutioun ass, déi dat mécht, wou ee kann iwwer d'Signature électronique mat der Keess schaffen. Den Téléchargement vu Formulieren ass bis elo keen esou e groussen Erfolg, muss ech soen.

Et sinn eng bis zwou Demandë pro Dag, déi iwwer de Guichet unique erakommen. Et ass och virgesi fir an deenen nächste Joren zousätzlech mat engem Serveur vocal kënnen ze schaffen, fir déi gängeg Froen och doriwwer kënnen ze beäntweren. Woubäi ech meng Zweifelen doriwwer hunn, well ëmmer all Dossier aneschters ass a well et am Fong wahrscheinlech ganz vill individuell Dossierer awer ëmmer wäerte bliwen.

Wann dann dat eent Kand an dat zweet Kand an dat drëtt Kand an dann erëm de Rang changéiert an d'Nimm vun de Kanner changéieren, well dat gehéiert jo och zu de moderne Familjen derzou, mécht dat alles d'Aarbecht vun deene Leit net méi einfach.

Ech géif mech do gären der Madame Spautz ralliéieren fir ze soen, datt déi Leit an der Kannergeldkeess ganz vill schaffen an datt se et net liicht hunn, besonnesch net déi, déi am Guichet sinn, an och net déi, déi heiansdo um Téléfon sinn, wa se dann net am Guichet sinn, an déi heiansdo dat alles auszedrénke kréie vun deene villen Demanden, déi do sinn, an déi dofir nu wierklech net kënnen.

Elo hoffen ech, datt mer iwwer déi verschidde Moosnamen an, wéi gesot, besonnesch och iwwer déi grouss Zuel vun neie Leit, déi mer kënnen an deem nächste Joer astellen, et besser kënnen an de Grëff kréien, fir domadder och e bessere Service um Client kënnen ze garantéieren wéi dat, wat mer bis elo konnte maachen.

Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Madame Minister. Domadder, Dir Dammen an Dir Härren, si mer um Enn vun eisen Aarbechte vun haut ukomm. Déi nächste Sitzung ass muer de Mëtteg um hallwer dräi.

D'Sitzung ass opgehewen.

(Fin de la séance publique à 16.14 heures)



Chambre
des Députés

L U X E M B O U R G

Chamber TV

weist all öffentlech Sëtzung
live an integral

An der Gemeng Bartreng um Kanal S40 / 455.25 Mhz

Zu Beetebuerg um Kanal S40 / 455.25 Mhz

Zu Walfer um Kanal S29 / 367.25 Mhz

Zu Biwer an zu Wecker um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Bous um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Bërmereng um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Konter um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Dippech um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Dikrech um Kanal S19 / 287.25 Mhz

Zu Iermsdref um Kanal S40 / 455.25 Mhz

Zu Esch-Sauer um Kanal S40 / 455.25 Mhz

Zu Nidder- an Uewerfeelen um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Gréiwemaacher
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Hieffenech um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Hesper um Kanal S40 / 455.25 Mhz

Zu Kielen (& Brameschaff), Keespelt, Meespelt,
Ollem an Nouspelt um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Mamer um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Manternach um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Medernach um Kanal S40 / 455.25 Mhz

Présidence: M. Lucien Weiler, Président
M. Jos Scheuer et M. Laurent Mosar, Vice-Présidents

Sommaire

1. Prise de position du Parlement luxembourgeois
- M. le Président
2. Dépôt d'une proposition de loi
- M. Michel Wolter
3. Débat d'orientation sur le financement des grands projets d'infrastructure réalisés par l'État
- *Papier de discussion de la Commission des Travaux publics: M. Lucien Clement, corapporteur (déposant une motion)*
- *Papier de discussion de la Commission des Transports: M. Roland Schreiner, corapporteur (déposant une motion)*
- *Débat: M. Jean-Paul Schaaf, M. Fernand Etgen, M. Fernand Diederich, Mme Viviane Loschetter (déposant une motion), M. Robert Mehlen, M. Ali Kaes (qui répond à M. Jean-Pierre Klein), M. Xavier Bettel, M. Claude Wiseler, Ministre des Travaux publics (à qui M. Ali Kaes pose une question), M. Lucien Lux, Ministre des Transports (répondant à Mme Viviane Loschetter et à M. Fernand Etgen), M. Charles Goerens, M. Xavier Bettel, M. le Ministre Claude Wiseler*
- *Motions 1 (adoptée), 2 (adoptée) et 3 (rejetée)*
4. 5818 - Projet de loi concernant la gestion des déchets de l'industrie extractive
- *Rapport de la Commission de l'Environnement: M. Roger Negri*
- *Discussion générale: M. Marcel Oberweis, M. Eugène Berger, M. Camille Gira, M. Robert Mehlen, M. Lucien Lux, Ministre de l'Environnement*
- *Vote et dispense du second vote constitutionnel*
5. Interpellation de M. Ben Fayot au sujet de la Bibliothèque nationale
- *Exposé: M. Ben Fayot (déposant une motion)*
- *Débat: M. Marco Schank, Mme Colette Flesch, M. Claude Adam, M. Robert Mehlen, Mme Octavie Modert, Secrétaire d'État à la Culture, à l'Enseignement supérieur et à la Recherche*
- *Motion 1 (adoptée)*
6. Question avec débat N°38 de M. Claude Adam au sujet du fonctionnement et de la composition du Service des Sites et Monuments
- *M. Claude Adam - Mme Octavie Modert, Secrétaire d'État à la Culture, à l'Enseignement supérieur et à la Recherche*

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Lucien Lux et Claude Wiseler, Ministres; Mme Octavie Modert, Secrétaire d'État.

(Début de la séance publique à 14.31 heures)

» M. le Président. - D'Sitzung ass op. Huet d'Regierung der Chamber eng Kommunikatioun ze maachen?

» M. Claude Wiseler, *Ministre des Travaux publics.* - Neen, Här President.

1. Prise de position du Parlement luxembourgeois

» M. le Président. - Mesdames, Messieurs, chers collègues, permettez-moi de faire dès l'ingrès la déclaration suivante:

La Chambre des Députés du Grand-Duché de Luxembourg tient à protester vigoureusement contre la manière dont a été présentée la place financière luxembourgeoise au cours du journal télévisé de 20 heures du 21 octobre 2008 sur France 2. Elle s'insurge particulièrement contre le reportage, la soi-disant «enquête» et sa mise en images, introduisant l'interview de Monsieur le Premier Ministre Jean-Claude Juncker. L'amalgame qui y a été fait entre «paradis fiscal», «blanchiment d'argent» et «secret bancaire» est à ses yeux inacceptable et indigne d'un organe d'information qui se veut sérieux en général, et d'une chaîne de service public en particulier. Il est par ailleurs diffamatoire dans la mesure où il suggère aux téléspectateurs une image de la place bancaire qui ne correspond d'aucune manière à la réalité.

De façon plus générale, la Chambre des Députés récuse toute insinuation visant à discréditer le Grand-Duché de Luxembourg et sa place financière. Elle dénonce toute tentative d'établir une relation quelconque entre la crise financière actuelle et les activités développées par le secteur financier luxembourgeois, ce dernier n'étant de toute évidence pas à l'origine de la crise qui préoccupe le monde entier.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen dann zu eisem Ordre du jour vun haut de Mëtteg.

(Interruption)

Den Här Wolter huet d'Wuert gefrot.

» M. Michel Wolter (CSV). - Ech géif gär den Dépôt maache vun enger Proposition de loi, wann Der dat géift akzeptéieren.

» M. le Président. - Den Här Wolter huet d'Wuert.

2. Dépôt d'une proposition de loi

» M. Michel Wolter (CSV). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géif gär den Dépôt maache vun enger Proposition de loi, déi d'Gesetz vum 5. Abrëll 1993 iwwert de Secteur financier an d'Gesetz vum 5. August 2005 iwwert d'Contrats de garantie financière géif ofänneren.

Et geet mer en substance doré, dass am Kader vun enger méiglecher Faillite vun enger Bank et zu engem automatischen Ausgleich téschent dem Aktiv an dem Passiv vun de Konten, déi e Client bei enger Bank huet, géif kommen.

Ech géif lech bieden, dat an d'Prozedur ze ginn a vläicht mat anere Mesuren, déi vun der Regierung de leschte Freideg annoncéiert gi sinn, zesumme kënnen ze diskutéieren. Dat schéngt mer e wesentleche Element ze sinn, fir de Bierger dobaussen an deem seng Suen ze schützen.

Ech soen lech Merci.

» Une voix. - Très bien!

5946 - Proposition de loi portant - modification de la loi du 5 avril 1993 relative au sec-

teur financier; - modification de la loi du 5 août 2005 relative aux contrats de garantie financière.

» M. le Président. - Ech ginn lech Akt vum Dépôt vun dëser Proposition de loi, déi an d'Prozedur weidergeleet gëtt.

Mir kommen dann zur Debatt iwwert d'Finanzéierung vun deene grouse staatlechen Infrastrukturen. Mir waren eis gëschter eens ginn, fir d'Prozedur ëmzeänneren, sou dass, Dir Häre Ministeren, fir d'éischt d'Rapporteurs d'Wuert kréien, duerno d'Debatt stattfënnt an um Enn vun der Debatt d'Regierung op d'Suggestiounen an d'Iddiën vun den Deputéierten äntwert.

Deemetspriedend huet elo fir d'éischt den honorabelen Här Clement d'Wuert, an duerno den honorabelen Här Roland Schreiner. Et sinn ageschriwwen: déi Här Schaaf, Etgen, Diederich, d'Madame Loschetter an den Här Braz. Den Här Clement huet als Éischt d'Wuert.

3. Débat d'orientation sur le financement des grands projets d'infrastructure réalisés par l'État

Papier de discussion de la Commission des Travaux publics

» M. Lucien Clement (CSV), *corapporteur.* - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi dat och schonn an de leschte Joren de Fall war, wëll ech haut op dëser Plaz mäin Diskussiounspabeier zum Financement vun de groussen Infrastrukturprojete virstellen.

Iwwert d'Prozedur, déi virun zwee Joer déi éischte Kéier duerchgefouert ginn ass, brauch ech jo elo keng weider Explikatiounen méi ze ginn. Ech wëll awer just drop hiweisen, datt mer den Timing an d'Délaie ganz exakt kënnen anhalen.

D'Regierung hat hir Lëscht zur Zäit ausgeschafft, a mir hunn an der Bautekommission an der Sëtzung vum 22. September alles virgestallt an och explizéiert kritt, a selbsterständlech hu mer och doriwwer diskutéiert.

Wéi och an de Jore virdrun, hunn ech kee Rapport geschriwwen, dee mer dann noutwendegerweis och hätte missen an der Kommissioun ofstëmme, mä e Papier de discussion, an deem alles kuerz virgestallt gëtt.

Op Basis vun dësem Papier de discussion sinn dann och all Fraktiounen en mesure heibannen, beim Débat ze soen, mat wat fir enge Projete si averstane sinn a mat wat fir enge Projete si dat dann eben net sinn.

An deem Kontext, Här President, wëll ech dann och direkt eng Motioun presentéieren. Eng Motioun, déi d'Regierung autoriséiert, weider op deenen eenzelne Projeten ze schaffen a selbsterständlech och déi Gelder ze engagéieren, déi fir dës Etüden noutwendeg sinn.

D'Motioun gëtt gedroe vun der CSV, vun der LSAP, der DP an der ADR an erfreet sech also, wéi Der gesitt, enger grousser Majoritéit hei an der Chamber.

Déi gréng Fraktioun huet mer matgedeelt, si géif dës Motioun net ënnerstëtzen. D'Grënn an d'Ursachen dofir, denken ech, wäert hire mandatéierte Spriecher herno hei op dëser Tribün sécherlech selwer erläutere.

Dem onofhängegen Deputéierte Jaerling seng Meenung weess ech net, vu datt hien och net Member vun der Bautekommissioun ass.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- *vu la nécessité de garantir une transparence optimale lors de l'élaboration des grands projets d'infrastructure telle qu'elle a été mise en évidence par la déclaration gouvernementale du 4 août 2004;*

- *vu la volonté du Gouvernement, affirmée dans la même déclaration gouvernementale, d'assurer la définition, la conception et la mise en œuvre d'une politique intégrée en matière d'aménagement du territoire, de réseaux de transports et de bâtiments publics;*

- *vu d'autre part:*

l'avis de la Cour des Comptes sur l'adaptation du budget voté des grands projets d'infrastructure du 22 mars 2001;

la motion de la Chambre des Députés du 29 janvier 2002 prise suite à la présentation de l'avis précité;

les propositions des groupes parlementaires au sujet d'une amélioration des procédures permettant d'éviter les dépassements des coûts des grands projets d'infrastructure dans le futur, transmises en date du 12 avril 2005 par Monsieur le Président de la Chambre des Députés à Monsieur le Premier Ministre;

- *vu la nouvelle procédure à suivre en matière de préparation et de présentation des grands projets d'infrastructure adoptée en date du 3 avril 2006 par la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire et des Comptes sur proposition de Monsieur le Ministre des Travaux publics;*

- *vu notamment les trois premières étapes de cette procédure qui comprend en tout les six points ci-dessous:*

1. *Au 30 juin de l'année en cours au plus tard, le Ministère des Travaux publics présente à la Commission des Travaux publics de la Chambre des Députés une liste de projets prioritaires à construire par l'État au cours de l'exercice suivant, voire les exercices suivants, et susceptibles d'atteindre un coût d'au moins 7,5 millions d'euros, hors emprises. Cette liste comporte des projets émanant de divers ministères, mais n'englobe pas les projets de construction auxquels l'État participe par l'intermédiaire d'une subvention (plafonnée). Le prix des projets figurant sur cette liste sert à donner un ordre de grandeur très approximatif de leur coût futur.*

2. *La Commission des Travaux publics examine cette liste. Elle prépare un avis et un débat au sein de la Chambre des Députés en tenant compte des avis (écrits) des Commissions concernées par certains projets (par exemple, de la Commission de l'Éducation nationale en cas de construction d'un établissement scolaire). Ce débat a lieu chaque année au cours de la deuxième semaine d'octobre au plus tard.*

3. *Au cours du débat, la Chambre des Députés examine chaque projet de la liste et choisit les projets auxquels elle souhaite donner son accord de principe par voie de motion. La liste finale des projets accordés figure en tant qu'article budgétaire dans la loi budgétaire dont le vote permet au Ministère des Travaux publics d'engager les frais nécessaires à des études en vue de l'établissement de l'avant-projet sommaire, de l'avant-projet détaillé, du dossier d'autorisation et, le cas échéant, des cahiers des charges nécessaires pour la mise en adjudication publique, ainsi que du projet de loi.*

4. *Pour chaque projet, le Ministère des Travaux publics dépose un projet de loi élaboré sur base d'un avant-projet détaillé.*

5. *Tout changement important de programme survenant après le vote de la loi doit faire l'objet d'un nouvel examen par la Chambre des Députés.*

6. *Un nouveau projet de loi doit être déposé chaque fois que les dépenses pour un projet dépassent 5% du montant autorisé, un dépassement inférieur à 5% étant à régulariser au moment du décompte final du projet. Cette régularisation a lieu dans le cadre de l'approbation de la loi portant règlement du compte général de l'État.*

- *considérant que ladite procédure répond aux préoccupations exprimées dans la motion précitée du 29 janvier 2002;*

- *vu la liste des avant-projets de loi en voie d'élaboration à soumettre à l'approbation de la Chambre des Députés en vue de l'autorisation de principe et d'autorisation pour l'imputation des dépenses pour frais d'études et d'élaboration d'un APD à charge du Département des travaux publics en 2008/2009 présentée par Monsieur le Ministre des Travaux publics lors de la séance du 22 septembre 2008 de la Commission des Travaux publics;*

- *considérant que, suite aux informations détaillées fournies par Monsieur le Ministre*

des Travaux publics, l'élaboration des études nécessaires à la réalisation des projets en cause s'avère indispensable à partir de l'exercice budgétaire 2009 afin de garantir les objectifs suivants:

a) en ce qui concerne le champ d'intervention de l'Administration des Bâtiments publics:

1. doter le pays d'une infrastructure spécifique permettant d'accueillir dans des conditions appropriées les détenus préventifs en complément du centre pénitentiaire de Schressig: maison d'arrêt de Sanem

2. valoriser un élément important de notre patrimoine industriel en lui donnant une affectation permettant à la fois de répondre à sa récente vocation culturelle et de contribuer à la revitalisation du quartier concerné de la ville de Luxembourg: aménagement des rotondes à Luxembourg-Bonnevoie

3. poursuivre les efforts entrepris depuis 2004 en vue d'améliorer substantiellement l'infrastructure scolaire du pays, ceci dans le respect des principes de décentralisation de l'aménagement du territoire: construction du Lycée technique pour professions de santé et construction du Centre national de la formation professionnelle continue à Ettelbruck

4. intégrer à la priorité d'intervention qu'est l'infrastructure scolaire également des projets de rénovation et de réaménagement, en vue notamment d'améliorer les performances énergétiques des bâtiments en question: rénovation de l'Athénée de Luxembourg, réaménagement et extension du Lycée Hubert-Clément à Esch/Alzette, transformation du Centre d'éducation différenciée à Esch/Alzette

5. lancer au cours de la prochaine année un apport au niveau d'une autre priorité d'action du Gouvernement, à savoir celle des infrastructures sociales: transformation du centre intégré pour personnes âgées à Bofferdange

b) en ce qui concerne le champ d'intervention de l'Administration des Ponts et Chaussées:

1. assurer une liaison directe de la «Nordstad» au réseau autoroutier, d'aménager un réseau performant jusqu'au rond-point «Fridhaff»: mise à 2x2 voies de la B7 entre le viaduc de Colmar-Berg et Ettelbruck, élargissement de l'assise de la N27A entre le rond-point «Fridhaff» et l'échangeur d'Erpeldange

2. dégager les localités de Heinerscheid et de Hosingen du trafic de transit et des poids lourds, tout en se donnant la possibilité de déclasser l'ancienne N7 en déplaçant la route européenne E421/N7 sur les deux contournements concernés: contournements de Heinerscheid et de Hosingen

3. améliorer et assurer une meilleure cohérence du tracé de la collectrice du sud par la création d'une liaison performante entre les parties est et ouest de cette autoroute, assurer le désengorgement de l'échangeur de Lankelz, ainsi que le délestage du réseau secondaire: élargissement de l'autoroute A4 entre l'échangeur Ehlerange/Lankelz et l'échangeur Foetz

4. adapter le réseau routier aux besoins de capacité et de sécurité suite au développement des localités de Sanem et Differdange, de créer la possibilité de raccorder le crassier Differdange/Sanem via le CR175 à l'A13 et d'offrir ainsi un deuxième accès à cette friche en vue de sa reconversion: réaménagement de l'échangeur de Sanem sur la collectrice du sud

5. améliorer les performances du réseau routier dans le Sud par des mesures de détail ciblées: réaménagement de l'échangeur Gadderscheier sur la collectrice du sud

6. compléter au niveau de la voirie le projet de la nouvelle maison d'arrêt compte tenu des exigences spécifiques de cette infrastructure: voirie d'accès vers la nouvelle maison d'arrêt de Sanem

donne son accord de principe aux projets énumérés ci-dessus et autorise le Gouvernement à engager les frais nécessaires à des études en vue de l'établissement de l'avant-projet sommaire, de l'avant-projet détaillé, du dossier d'autorisation et, le cas échéant, des cahiers des charges néces-

saires pour la mise en adjudication publique, ainsi que du projet de loi pour l'ensemble des projets présentés par Monsieur le Ministre des Travaux publics à la Commission des Travaux publics lors de sa séance du 22 septembre 2008.

(s.) Lucien Clement, Fernand Diederich, Fernand Etgen, Ali Kaes, Robert Mehlen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech ginn lech elo e kuerzen Aperçu vun all deene Projeten, déi mir an der Kommissioun virgestallt kruten an iwwert déi mer natierlech och, wéi ech scho gesot hunn, diskutéiert hunn.

Ech weess, Här President, datt esou en Exercice bis op vläicht e puer Ausnahmen eng relativ dréche Matière ass, mä ech wäert probéieren, dat esou gutt wéi méiglech ze maachen.

Ech fänken u mat de Projeten, déi ënnert d'Kompetenz vun der Administration des Bâtiments publics falen.

1) De Bau vun dem Prisong zu Suessem. Dëse Projet, dee jo ganz rezent ass, rezent op jidde Fall wat de Site ugeet, ass nach net ganz prezis an ass eréischt an enger éischter Etapp vun der Programmation. D'Administration judiciaire muss nach déi genee Besoinen definéieren.

Aus dësem Grond konnt verständlecherweis och kee Budget heifir ausgeschafft ginn. Gewosst ass, datt de Prisong eng Capacitéit soll kréie vu 400 Prisonnier. E soll och a véier Bléck ënnerdeelt ginn. Et solle kleng Unitéite mat maximal 15 bis 20 Persounen ginn. Déi Responsabel vum Ministère hunn der Kommissioun bestätegt, datt och Strukturen ageplangt ginn, fir verschidde Services judiciaires dran ënnerzebréngen, wa si dat wëllen.

2) Den Aménagement vun de Rotonden zu Bouneweg. Ech denken net, datt ech lech d'Rotondë laang muss virstellen, Dir kennt se allegueren.

Dëse Projet huet initialement dem Kulturministère ënnerstanen an ass op Demande vun der Madame Statssekretärin an d'Travaux publics transferéiert ginn. Mir waren eis eens, datt dësen Transfert u Kompetenz Sënn mécht. Ech denke schon, datt d'Bâtiments publics besser outilléiert sinn, fir esou eng Renovatioun vun dëser Gréissenuerdung duerchzeféieren, wéi dat vläicht de Ministère de la Culture kënn maachen.

Trotzdem bleiwe verschidden Aspekter vun Projeten ënnert der Responsabilitéit vu Sites et Monuments. Esou gëtt zum Beispill en detailléierte Plang vun den Aarbechten no den Uweisung vum de Beamten aus dem Kulturministère ausgeschafft, an och dat huet eis logesch geschéngt, well do si si jo schliesselech d'Spezialisten.

Wat d'Käschte vun der Dekontaminatioun ugeet, esou ass festzehalen, datt d'CFL de Propriétaire vun de Rotonden ass oder war. Normalerweis misst de Prinzip vum Pollueur-payeur do och dann zum Droe kommen.

Dës Froe konnten an der Kommissioun awer net direkt beäntwert ginn. Ech denke schon, datt se am Kader vum Projet de loi, deen da kënn, hei an der Chamber kënnen diskutéiert ginn.

3) D'Démolitioun an d'Neikonstruktioun vum Verwaltungsgebai an der Enneschtgaass op der Nummer 11. Dëse Projet gëtt der Chamber just zur Informatioun virgeluecht, well e mat engem viraussichtleche Budget vun 2,5 Milliounen Euro däitlech ënnert der virgeschriwwener Limite vu 7,5 Milliounen Euro läit.

4) De Bau vum Lycée technique fir Gesondheitsberuffer zu Ettelbréck an de Bau vum Centre national de formation professionnelle continue, och zu Ettelbréck.

Den neie Lycée fir Gesondheitsberuffer huet eng Capacitéit vu bis zu 430 Schüler. Dobäi kënn och en Internat fir 30 Schüler.

D'Fro ass: Soll de Lycée fir Gesondheitsberuffer op deeselwechte Site komme wéi zum Beispill den Nordstad-Lycée?

Wier dat de Fall, wieren hei sécherlech Synergie méiglech, virun allem wat de Volet vu parascolairen Infrastrukturen ugeet. Ass de Lycée awer méi no beim Spidol, wier dat als e groussen Avantage fir d'Stagë vun de Schüler unzeséieren. Ech denken, datt deen zweeten hei opgezielten Avantage eventuell iwwerweie kënn.

Et ass ervirzesträichen, datt beim Ausschaffe vun dësen zwee Projeten a virun allem och bei der Auswiel vun den Terrainen, op déi déi zwee Gebaier stoe kommen, d'IVL-Konzept ëmmer muss am Hannerkapp gehale ginn.

Déi zwee Projete gehéiere selbstverständlech zum Konzept Nordstad.

5) D'Renovéierung vum Stater Kolléisich an de Réaménagement vum Lycée Hubert-Clément zu Esch.

Bei dësen zwee Projete geet et, niest de Renovéierungsarbechten, och ganz zolidd ëm d'Verbesserung vun den Energiewärter an deenen zwou Schoulen. De Kolléisich, gebaut 1964, ass energetesch gesinn, kënn ee soen, eng eenzeg Katastroph an entsprécht a kengem Moment méi deenen heitege Kritären a muss deemno total nei isoléiert ginn, fir datt en déi virgeschriwwen Normen a puncto Performance énergétique kann erfëllen. Zum Deel kënnen dës Aarbechten och aus dem Kyoto-Fong matfinanzéiert ginn. Dernieft sollen ënner anerem och d'Sanitäranlage souwéi d'Kantin renovéiert ginn.

Well een déi plus/minus bal 1.400 Schüler aus dem Kolléisich awer net esou einfach delogéiere kann, mussen d'Aarbechten och zu engem groussen Deel während de Schoulstounen gemaach ginn. Dat geschitt awer an Etappen, an et misst méiglech sinn, datt de Schoulbetrib duerch de Kaméidi, dee logescherweis entsteet, och net ze vill gestéiert gëtt. Dës Prozedur fir ze bauen ass net déi bescht, mä ass scho bei anere Schoulgebaier ugewannt ginn an huet jo och, bis op e puer Ausnahmen, muss ee soen, dach ëmmer nach relativ gutt geklappt.

Am Lycée Hubert-Clément besteet nach d'Méiglechkeet, en Deel vun de Schüler an aner Etablissementer ze verdeelen, soulaang wéi d'Aarbechten hei daueren. Och hei geet et ëm d'Energiekonzept, dat den Norme muss ugepasst ginn. Et gi verschidde Säll bäigebaut souwéi en neie Bloc administratif an eng nei Sportshal. Anescht wéi beim Stater Kolléisich ass d'Bausubstanz vum Lycée Hubert-Clément nach an engem relativ gudden Zoustand, oder op jidde Fall an engem besseren Zoustand. Alles an allem...

Gelift?

» Une voix. - ...dat hält besser.

» M. Lucien Clement (CSV), corapporteur. - Dat hält besser. Fréier hu se besser gebaut.

Alles an allem huet de Lycée Hubert-Clément Plaz fir 900 bis 1.000 Schüler.

6) D'Transformatioun vum Centre d'éducation différenciée zu Esch. Och bei dësem Projet, wou d'Gebai sech an engem relativ schlechten Zoustand befënn, geet et, niest verschidde Transformatiounen, haaptsächlech ëm d'energetesch Sanéierung vun de Gebaielechkeeten, an eventuell ëm en Ausbau fir 95 Schüler.

7) D'Transformatioun vum CIPA zu Bouferdeng. Bei dësem Projet soll déi bestoend Capacitéit vun 130 Zëmmere bäibehale ginn. Duerch d'Transformatioun sollen d'Zëmmere virun allem un den aktuelle Standard vu Gréisst a Komfort ugepasst ginn. Dës Aarbechte sinn als lescht Etapp vun engem a Phasen opgedeelte Konzept unzegesinn.

Här President, ech kommen elo zum zweeten Deel vu mengem Exposé, mat de Projeten, déi ënnert d'Kompetenz vu Ponts et Chaussées falen.

1) Do hu mer fir d'éischt den Ausbau op zweemol zwou Spure vun der B7 téschent Colmar-Bierg an Ettelbréck an d'Verbreedung vun der N27A téschent dem Rond-point Fridhaff an der Op- an Offahrt zu lerpeldeng.

Déi uwiesend Membere vun der Bautekommissioun begréissen dës Moosname selbstverständlech an och ausdrécklech, well heiduerch d'Sécherheet op Deeler vun der N7 an der aler B7 erhieflech wäert verbessert ginn. Hei gëtt deenen dach groussen Autosbeweegung Rechnung gedroen. Pro Dag ginn 18.000 Autoe Richtung Süde gezielt a 6.000 Bewegunge Richtung Norden. Ausserdeem gëtt hei och den Accès zu der Zone industrielle Fridhaff mat verbessert.

Trotzdem wäert duerch dës Aarbechten de Verkéiers- a Sécherheitsproblem, deen ouni Zweifel op dëser Strooss besteet, sécherlech net ganz geléist ginn, soulaang wéi dësen Tracé net op zweemol zwou Spuren ausgebaut gëtt. Zu dëser Konklusioun koumen och kierzlech 13 Gemengen aus dem Norden an hunn dat och via Communiqué an als Fuerderung un d'Regierung an de Medië publizéiert. Heizou ass awer ze soen a soll och ënnerstrach ginn, an den Här Wiseler huet eis dat och an der Kommissioun confirméiert, datt dës zwee Projete just en Deel vun deem globale Programm sinn, an deem mëttelfristeg virgesinn ass, datt d'B7 an d'N27A op zweemol zwou Spuren ausgebaut solle ginn.

Well d'Konzept Nordstad nach net ganz steet, ass dat Stéck Ettelbréck bis Échan-

geur lerpeldeng einstweilen nach ausgeklammert. Des Weidere gëlle souwuel administrativ wéi och finanziell Grënn als Ursach, fir deen dach grouss Projete a verschidde Phasen ze realiséieren.

2) De Contournement vun Hengescht an och de Contournement vun Housen, dat ass op där nämlecher Strooss. Ech mengen, ech brauch och kengem heibannen d'Noutwendegkeet vun dësen zwee Projeten ze erklären, jiddefalls net deenen, déi dës Streck méi dacks fueren oder méi dacks fuere mussen. Et muss awer ervirgehewe ginn, datt de Contournement vun Housen, mat ronn 40 Milliounen Euro, ganz erhieflech méi deier kaschte wäert, wéi dee vun Hengescht, mat just - entre guillemets awer gesot - 15 Milliounen.

Dat ass doduerch bedéngt, datt zu Housen vill méi muss investéiert ginn, fir d'Nuisancen, déi duerch esou eng Émgehungsstrooss entstinn, kënnen ze entschärfen. Ech schwätzen hei vun enger méi héijer Geräischkuliss, déi dann d'Liewensqualitéit vun den Awunner zolidd géif reduzéieren. Fir eben esou en Zeenario ze verhënnern, ass virgesinn, Deeler vum Contournement duerch e méi déiwe Gruef, oder besser gesot, Dall ze féieren. Fir duerch e klengen Hiwwel am Norde vum Duerf ze kommen, muss souguer en Tunnel gebaut ginn. All dat erkläert natierlech déi grouss Käschten-differenz vun deenen zwee Projeten.

Fir de Contournement vun Housen, deen 2,8 km laang gëtt, ass grad wéi fir dee vun Hengescht, wat d'Breet vun de Fuerspuren ugeet, virgesinn, mat darselwechter Stroosesebreet eran- respektiv erauszefueren, wéi se dee Moment op der N7 op där Plaz ass. All Dag passéieren hei ronn 12.000 respektiv 8.000 Autoen. Et gëtt elo awer schon esou gebaut, datt och hei en Ausbau vun deene Contournementer op zweemol zwou Spure méiglech ass, sollt dat sech spéiderhin als néideg erweisen.

Et mécht kee Sënn, an et wier och nach äusserst geféierlech, fir elo schon op engem Stéck vun 2,8 respektiv 1,8 km vun zweemol zwou Spuren op manner Spuren, ob dat eng oder zwou sinn, zrëckziewieselen.

Den Här Molitor huet eis och an der Kommissioun gesot, datt d'Autosbeweegungen, déi iwwert dem Seuil vun 8.000 leien, Ulass géife gi fir e Contournement ze bauen. 35-40.000 Autoe pro Dag géifen als Argument gëlle fir de Bau vun enger Autobunn. Ze soe bleift awer, datt mat dem Contournement vun Hengescht, dee plus/minus 1,8 km laang gëtt, och e besseren Accès zu der Zone d'activité garantéiert gëtt.

Doduerch, datt de Contournement vun Hengescht an de Contournement vun Housen elo gebaut ginn an déi Verbreederung gemaach gëtt, gëtt d'Sécherheet op der N7 natierlech verbessert. Et sinn an der Lescht vill, an och verschidde ganz schwéier Accidenter op dëser Streck geschitt. Duerch déi virleied Projete soll, an enger éischter Phas, probéiert ginn, déi geféierlech Plazen e bësselchen ze entschärfen.

3) Dann hu mer d'Deelung vun der Autobunn A4 téschent den Échangeuren Éilereng, Lankelz a Féiz. Hei gëtt et zwou méiglech Varianten, an eng Etüd soll elo klären, wéi eng dann déi bescht Optioun ass. Fir wat fir eng Variant elo schlussendlech optéiert gëtt, hängkt nach vu verschidde Etüden of. Mir wäerten eis jo an Zukunft, wann de Projet bis an der Chamber déposéiert ass, nach eng Kéier ausféierlech domadder beschäftege kënnen. Et bleift awer ze ënnersträichen, datt d'Zuchlinn Lëtzebuerg-Esch absolut kompatibel ass, egal mat wat fir enger vun deenen zwou Varianten.

4) Da komme mer zu der Erneuerung vum Échangeur Suessem op der Collectrice du Sud. Déi aktuell an déi zukünfteg Entwécklung vu Suessem an Déifferdeng mécht eng Upassung op dësem Stéck un d'Standarde vu Capacitéit a Sécherheet dréngend néideg. D'Erneuerung vum Échangeur Suessem erlaabt et och, de Crassier Déifferdeng-Suessem via den CR175 un d'A13 unzabannen an esou de Frichen en zweeten Accès ze ginn. Op laang Siicht bleift dës Liaison och kompatibel mat der Visioun vun enger interurbaner Desserte vu Bieles, Uewerkuer, Déifferdeng an och Nidderkuer.

5) Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen elo zu mengem leschte Punkt fir haut, dat ass d'Erneuerung vum Échangeur Gadderscheier op der Collectrice du Sud an d'Stroossen, déi zu deem neie Prisong zu Suessem féiere sollen. Dës zwee Projete sinn nach an hirer Planifikatioun guer net ausgeräit, a folglech konnt och nach kee prezise Budget heifir opgestallt ginn. Et ass awer laut den Aussoe vum Här Wiseler souguer méiglech, datt dës Projeten ënnert dem Seuil vu 7,5 Milliounen Euro bleiwen an deemno dann och net den Ac-

cord vun der Chamber via Gesetz géife brauchen.

Här President, dat wier et gewiescht, wat déi eenzel Projeten ugeet. Et ass sécherlech opgefällt, datt ech relativ wéineg, oder nëmmen approximativ Informatiounen zum finanziellen Volet gemaach hunn. Dat ass besonnes esou geschitt an och gewollt esou geschitt, well déi Motioun, déi ech déposéiert hunn, autoriséiert d'Regierung jo eréischt, fir Gelder ze engagieren, fir déi eenzel Projete méi am Detail ze studieren. Méi am Detail bedeit jo och, datt mer herno, wa mer de Projet de loi zu deenen eenzelne Projeten hei an der Chamber diskutieren, da wesentlech méi no bei der finanzieller Realitéit sinn, an och denken, dat ass eigentlech de Wonsch vun eis alleguerten heibannen.

Zum Schluss wëll ech dann awer och nach meng Satisfaktioun zum Ausdrück bréngen an der Regierung Merci soen, datt si trotz Finanzkris, an trotz allem aneren, wat nach do esou drunhänkt, gewëllt ass, hir Investitiounspolitik op engem dach héijen Niveau ze halen. D'Héichhale vum Investitiounsvolume ass e wichtegt Element, dat zum Iwwerliewe vun der Realekonomie, oder besser gesot vun eisen Handwerksbetriber an dëse fir si dach schwieregen Zäite bäidréit.

Hei geet et an nächster Zukunft ëm d'Erhale vun Aarbechtsplazen, ëm d'Erhale vun der Kafkraaft vun all Eenzelne, oder besser gesot ëm d'Wuel vum Lëtzebuurger Land, also ëm d'Wuel vun eis alleguerten.

Ech soen dat net nëmmen als President vun der Bautekommission, mä virun allem als Mëttelständler. Aus menger laangjäreger Berufserfahrung als Patron vun engem Mëtzelstandsbetrieb weess ech, vu wat ech schwätzen. Ech kennen deemno och d'Problemer, mat deenen e Betrib ze kämpfen huet, wann et eemol net méi grad esou richtig dréit wéi ee sech dat virstellt; wann haut net méi richtig ass, wat gëschter nach als selbstverständlech gegollt huet.

Dat gesot, Här President, sinn ech frou, datt d'Politik vun der Regierung an dësem Domän d'Ennerstëtzung vun enger breeder Majoritéit hei an der Chamber huet a soe selbstverständlech Merci fir d'Nolauschtere.

►►► **Plusieurs voix.** - Très bien!

►►► **M. le Président.** - Merci, Har Clement. D'Wuert huet dann den honorabelen Här Roland Schreiner. Här Schreiner, wann ech gliift.

Papier de discussion de la Commission des Transports

►►► **M. Roland Schreiner (LSAP), corapporteur.** - Merci, Här President. Här President, Dir Häre Ministeren, léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Kollege Lucien Clement huet elo grad a senger Interventioun e bësse d'Prozedur beschriwwen, déi mer als Chamber decidéiert hunn unzeweiden, fir e bessere Suivi ze kréie vun deene groussen Infrastrukturprojeten, déi de Stat wëllt realisieren. Dat erspuert mer alles dat nach eng Kéier ze widerhuelen.

Ech wëll just soen, dass, wa mer vu groussen Infrastrukturprojete schwätzen, natierlech och déi grouss Investissementer an eis Schinneninfrastruktur derzougehieren. Dat huet dann och virun zwee Joer mëttlerweil schonn den Transportminister dozou beweegt, de Wonsch zum Ausdrück ze bréngen, déiselwecht Prozedur anzuschloe wéi de Bauteminister fir seng Projeten. Grad wéi bei de Bauprojete beinhalt déi Lëscht, déi mer all Joer vum Minister virgeluecht kréien, déi prioritär Projeten, déi am Laf vun nächstem Exercice respektiv vun den nächsten Exercicer solle realiséiert ginn an déi de Seuil vun de 7,5 Milliounen Euro iwwerschreiden oder susceptibel si se ze iwwerschreiden.

Un eis ass et dann, eise prinzipiellen Accord dozou ze ginn an iwwert d'Loi budgétaire de Minister ze beoptragen, d'Kreditter ze engagieren, fir d'Projeten iwwert den Niveau APS, APD bis hin zum Projet de loi weiderzedéveloppieren. Do géllt och fir d'Schinneprojeten, wat de Lucien Clement virdu fir d'Bauprojete gesot huet. Eréischt da wäert et méiglech sinn, och déi finanziell Envergure genee ofzeschätzen, well dann d'Projete jo an hirer definitiver Versioun virleien. Dofir ass u sech hei de finanziellen Impakt bei all deenen eenzelne Projeten nach net genee chiffriert an och net de Mëttelpunkt vun den Diskussiounen.

Här President, den Transportminister huet de 24. September der Transportkommission eng Lëscht vun zéng Projete virgeluecht a virgestallt, déi an deenen nächste Jore solle realiséiert ginn. Dës Lëscht komplettéiert eigentlech d'Lëscht vun deene mëttlerweil insgesamt 21 Projeten, déi mer schonn an deene leschten zwee Joer virge-

luecht kruten an déi alleguer zesumme mat deenen, déi schonn an deene Jore virdu gestëmmt goufen, e Globalkonzept duerstellen, fir d'Eisebunn hei zu Lëtzebuerg an och am Grenzberäich weiderzedéveloppieren. Dëst Konzept huet jo och mëttlerweil mat „mobil 2020“ e konkreten Numm. Déi zéng zousätzlech Projeten, vun deene mer haut schwätzen, reie sech an dëse Konzept an a sinn e feste Bestanddeel dovun.

Ech erënneren och drun, dass déi grouss Projeten, déi ëmmer erëm diskutéiert ginn, wéi zum Beispill d'Aféierung vum Tram oder déi nei Eisebunnstrecken op Esch respektiv Beetebuerg oder och de Bau vun de Gare-périphériques, scho virun zwee Joer op där Lëscht stoung bei deene 16 Projeten. Et ass also net, wéi dat heiansdo gesot gëtt, dass déi vergiess gi sinn. Déi si schonn eng Kéier op der Lëscht gewiescht an duerfir brauche mer net méi drop zrëckkommen. Déi si jo och schonn entretemps weiderzedéveloppéiert ginn, ebe fir dann hei an der Chamber an hirer definitiver Versioun diskutéiert ze ginn.

Ier ech kuerz op déi eenzel Projeten aginn, wëll ech drun erënneren, dass d'Regierung sech jo an hirer Regierungserklärung zu engem leeschtungsfaegen öffentliche Transport hei zu Lëtzebuerg an zu enger Eisebunn, déi d'Réckgrat dervu soll duerstellen, bekannt huet.

(Interruption)

Et gëtt och e parteiwwergräifende Konsens an der Aschtzung, dass, wa mer den affichéierten „modal split“ vu 25/75 am Kader vum IVL wëllen errechen, mer hei am Land eng Eisebunn brauchen, déi performant ass, déi sécher ass, déi attraktiv ass an déi an der Lag muss sinn, fir d'Mobilitätsbedürfnisser vun de Leit, déi hei zu Lëtzebuerg schaffen an déi hei zu Lëtzebuerg wunnen, ze befriedegen. Mir brauchen also dofir zousätzlech Transportcapacitäten iwwert d'Schinn, wa mer wëllen d'Eisebunn fit maache fir déi zukünftige Herausforderungen, déi op eis duerkommen.

Et ass richtig, dass mer um Niveau vun den Infrastrukturen am Schinneberäich nach e groussen Nohuelbedarf hunn. Duerfir hu mer och an der Transportkommission mat grousser Satisfaktioun festgestallt, dass et en ambitiöses Investitiounsprogramm gëtt, deen d'Eisebunn an d'Lag soll versetzen, fir och an der Zukunft dat zousätzlech Transportopkomme am Personeen- an och am Gidderverkéier ze bewältegen.

Wann een emol eng Kéier den Iwwerschlag mécht iwwer all déi Investitiounsprojeten, déi zum Deel schonn amgang sinn ausgefouert ze ginn, an déi vill, déi nach geplangt sinn, da komme mer awer ganz séier op e globale Montant vu ronn - souwäit dat haut méiglech ass ofzeschätzen - 3,5 Milliarden Euro. De Minister verbessert mech, wann ech e falsche Chiffer gesot hunn. An dat an engem Zäitraum vun, jo bis zu 15 Joer!

Ech wëll derbäi soen, dass jo och de Budget vum Joer 2009 Investissementer an enger Rekordhéicht vu 458 Milliounen Euro um Niveau vum Fonds du rail virgesäit. Dorënner falen och dann 100 Milliounen Entretien constructifs a 60 Milliounen Maintenance. Et gesäit een also, dass net nëmmen investéiert gëtt an nei Projeten, mä och a bestoend Infrastrukturen, wat net ze négligieren ass a wat wichteg ass, wéi gesot, am Kader vun deem ganze Konzept. D'Konzept steet also a muss elo ëmgesat ginn.

Här President, ech hu gesot, Bestanddeel vun dësem Globalkonzept sinn och all déi Projeten, deene mer haut eis prinzipiell Zoustëmmung solle ginn. Et sinn der zéng, déi mer de 24. September an der Kommission vum Transportminister proposéiert kritt hunn.

Ech wëll emol einfach ufänke mat deem éischten, mat der Gare Beetebuerg respektiv dem Triage zu Beetebuerg/Diddeleng, wou et drëms geet, d'Gleisinstallatiounen, déi schonn aus de Joren 1978 an 1982 respektiv 1980 an 1981 hierdatéieren, ze moderniséieren an ze erneieren. Datselwecht géllt dann och fir déi jeeuweileg Stellwierker, déi aus de Joren 1981 respektiv 1982 stammen, déi altersbedéngt mussen moderniséiert ginn a fit mussen gemaach ginn, fir deem zukünftigen Transportopkomme, wat sech jo nach wäert positiv weiderentwëckelen, kënnen gerecht ze ginn.

D'Eisebunn huet jo aus wirtschaftlechen, awer och aus organisatoresche Grënn all hir Rangieraktivitéiten op Beetebuerg konzentriert, wat natierlech zur Folle huet, dass déi bestoend Capacitéiten, esou wéi den Triage viru Jore geplangt ginn ass, net méi duerginn. Dat ëmsou méi ee jo och dervun aus ka goen dass e Gidderverkéier, opgrond vun där erfreescheerweis positiver Entwécklung vun der CFL Cargo - mir hate

viru kuerzem d'Geleeënheet, den zweete Gebuertsdag ze feieren -, an der Zukunft nach wäert zouhuelen, wann ee kuckt, wéi d'Entwécklungen do sinn.

Bei der Modernisatioun vum Triage ass dann och virgesinn, fir véier nei zousätzlech Gleiser unzeleeën an och d'Bremsvirrichtungen op deene bestehende Gleiser am Triage ze erneieren.

An déiselwecht Richtung wéi ech elo vu Beetebuerg geschwat hunn, geet eigentlech och d'Modernisatioun an d'Erneiere vun de Gleisanlagen an der Gare Belval, déi och hir Alterslimite lues a lues errechen. Dës Anlagen datéieren aus dem Joer 1989 a mussen spéitstens an de Joren 2014 bis 2016 komplett erneiert ginn. Dëst soll am Kader vun engem globale Projet geschéien, dee souwuel d'Erneiere vun den Haaptgleiser wéi och d'Erneiere vun den Niewegleiser wäert erfassen.

Derniewent ass dann och virgesinn, dat bestoend Stellwierk, wat och seng Alterslimite mëttlerweil erreicht huet, duerch en neit informatiséiert Stellwierk ze ersetzen, wat da vum moderniséierte Stellwierk vun Esch aus wäert télécommandéiert respektiv bedéngt ginn.

En anere Projet, dee virgesinn ass, ass weider d'Suppressioun vun de Barriären. Nodeem mer d'lescht Joer dräi Stéck zu Schëffleng, eng zu Heeschdref an eng zu Luerenzweiler op der Lëscht haten, geet och déi Politik weider. D'Suppressioun vu gläich dräi Barriären ass dës Kéier virgesinn. An zwar geet et hei drëm - wéi ëmmer bei der Suppressioun vu Barriären -, fir potenziell Geforequellen ze eliminieren an domat d'Sécherheet an eisem Schinnen-, awer och an eisem Stroosseverkéier wesentlech ze verbesseren.

Bei deem éischte Projet geet et ëm d'Suppressioun vum Passage à niveau 4a zu Beetebuerg, deen ersat gëtt duerch eng Bréck, déi dann - fir déi, déi op der Plaz kënneg sinn - d'Rue Dicks mat den Terrainë vun der fréierer Propriétéit Valvasori, déi mëttlerweil dem Fonds du rail gehieren, verbënt. Deen Ouvrage soll eng reng lokal Verbindung tëschent zwee Quartieren duerstellen, an duerfir bleift och d'Verdeelung vun de Käschte mat der Gemeng Beetebuerg auszuhandelen.

D'Barriären Nummer 13 a 14 zu Uewerkuer bedenge praktesch exklusiv zwee Wunnquartieren, déi natierlech ënnert der heefeger Schléissung vun de Barriären, bedéngt duerch déi héich Zuchfrequenzen, ze leiden hunn. Hei soll amplaz vun de Barriären eng Unterführung kommen, déi ënnert der Linn Péiteng-Esch duerchféiert. Woubäi nach studéiert gëtt, a wéi enger Form och kënnen d'Foussgänger an d'Velofuere do mat agebonne ginn, well et awer wichteg ass, dass och d'Kritäre vun der Mobilité douce an all deene Projeten dës le départ mat virgesi sinn a mat berücksichtegt ginn.

Beim nächste Projet geet et dann ëm d'Erneierung vun de Gleisanlagen am Mäerterter Hafen. Dëst a Concertatioun mat der Hafefegesellschaft an deene verschiddenen Opérateuren, déi am Hafen tätég sinn. Hei sollen déi bestoend Gleiser a Weiche komplett erneiert ginn an och sollen zousätzlech Gleiser aménagéiert ginn, fir d'Desserte vun dräi zousätzlechen neien Tanken, déi opgeriicht ginn, ze erméiglechen. Dann ass awer och virgesinn, d'Stellwierk, wat schonn aus dem Joer 1962 staamt a sâin Déngscht méi wéi gelescht huet, duerch en neie Poste mat enger méi moderner zäitgeméisser Technologie ze ersetzen.

Här President, e ganz wichtige Projet ass och dee vun Réaménagement vun den Alentouren vun der Gare Ettelbréck. Mir hu schonn des Öfteren hei op dëser Plaz iwwert d'Zukunft vun der Eisebunn am Norde vum Land geschwat. Hei gëtt duerch dëse Projet och e ganz wichtige Akzent gesat mam Réaménagement an der Rekonstruktioun vun der bestehender Gare, mat der Schafung vun enger neier Gare routière fir d'Autobusservicer an och mat dem Uleeë vun engem neie Park & Ride.

Och ass am Kader vun dësem Projet virgesinn, en zweete Souterrain fir d'Zuchbenotzer ze aménagéieren. E Souterrain, deen natierlech och handicapéiertegerecht soll ugeluecht ginn.

Weill hei an dësem Projet méi Acteuren implizéiert sinn, muss och nach d'Verdeelung vun de Käschten tëschent deene verschiddene Partner definéiert ginn.

Vläicht net gradesou visibel, mä dofir awer net manner wichtig ass de Projet vun enger neier elektrescher Sous-statioun um Eisebunnréseau, an zwar zu Fléiber, mam But fir d'elektresch Capacitéit vun der Linn Lëtzebuerg-Élwen-belsch Grenz, also der Nordstreck ze erhéien. Hei gëtt eng nei Sous-statioun gebaut mat 225kW respektiv

zweemol 25kW, déi mam Aspeicherungsposte vu Michelau a Verbindung ass.

Dëse Projet schreift sech an an d'Globalstrategie vun der Viabilisatioun an der elektrescher Capacitéitserhéijung vun gesamte lëtzebuergeschen Eisebunnréseau, an e stäipt sech op de Konzept vun dräi Sous-statiounen: eng zu Esch-Belval, eng zu Bierchem an eben déi zu Fléiber. E Konzept, dat virgesäit, dass och bei enger Pann zwou vun deenen dräi Statiounen et fäerdeg bréngen, d'Alimentatioun vum gesamten Netz kënnen ze garantéieren an ze assurieren, wat mat enger Sous-statioun net méiglech wär. Wann dann eng géif ausfalen, hätte mer grouss Défaillancen, wat dann natierlech ënner Ermëstänn zum Zesummebroch vum Netz oder vum Zuchverkéier kéint féieren.

E ganz bedeutende Projet am Sënn vun enger besserer Organisatioun vun de betrieblchen Ofleef am Zuchverkéier ass och d'Installatioun vun enger sougenannter Betriebsleitcentral, wat och en Novum ass hei zu Lëtzebuerg, wat et awer schonn am Ausland gëtt. Eng Betriebsleitcentral, déi et erméiglecht, e Suivi quasi online ze maache vun den Zich en temps réel - wéi ech gesot hunn - an domat och d'Fluiditéit vum Trafic besser kënnen ze assurieren.

Dat ass virun allem wichteg a Konfliktsituatiounen, wou de Régulateur vum Trafic da kann agräifen a seng Propositionen, well hien de Gesamtverkéier jo dann iwwerbléckt, un déi verschidde Fahrdienstleiter op deene verschiddene Stellwierker ka weiderginn, déi dann hir Décisiounen en toute connaissance de cause all Kéiers kënnen huelen.

Dës Leitcentral soll awer net nëmmen en direkte Suivi vun den Zich maachen, mä och Statistike féieren an auswäerten, virun allem och wat d'Verspéidungen ugeet. Dat am Sënn vun engem bessere Service au client an enger méi effizienter betrieblcher Organisatioun.

Beim leschten, dem zéngte Projet geet et dann ëm d'Schafe vun enger nationaler Zentral, déi et soll erméiglechen, déi verschiddenen Installatiounen aus dem Génie technique, déi et bei der Eisebunn gëtt, wéi zum Beispill Feierschutzanlagen, Ventilatiouns- a Klimatisatiounssystemer, Heizungen, Lifter, Videoanlagen, Rulltrapeen an esou weider a distance ze iwwerwaachen. Op déi Manéier soll all Störung am Fonctionnement vun esou Anlage méi séier kënnen détectéiert ginn an natierlech och d'Behiewung méi effizient organiséiert ginn, well einfach den Dépannage direkt kann an d'Wee geleet ginn.

Dës Zentral soll dann awer och Interface mat de Rettungsdéngschter an deene jeeuweilege Forces de l'ordre sinn, fir méi séier kënnen anzegräifen an déi verschidde Problemer, déi optauchen oder optauche kënnen, fir deene kënnen nozekommen a se ze behiewen.

Här President, domadder hätte mer, wat d'Schinneprojeten ugeet, d'Lëscht vun de Projeten, déi d'Regierung eis virgeluecht huet, ofgehandelt. Wéi gesot, mat deenen zéng vun haut komme mer op insgesamt 31 an deene leschten zwee, dräi Joer. Als Transportkommission si mer der Meinung, dass all dës Projeten, jiddereen individuell, seng Wichtigkeet huet an dass se sech areien an d'Bestriewung fir eist Eisebunnnetz nach méi sécher, méi performant ze maachen an domadder insgesamt d'Qualitéit vun der Offer am öffentliche Transport, awer och am Gidderverkéier ze verbesseren.

An deem Sënn wëlle mer och d'Regierung invitéieren - esou wéi de Lucien Clement dat och scho virdu gemaach huet, wat d'Bauprojeten ugeet -, fir dës Projeten all weiderzedéveloppieren, fir dass mer hinnen hei an der Chamber kënnen eng gesetzlech Basis le moment venu ginn. Mir hunn dat och an där Motioun, déi an der Prozedur virgesinn ass, festgehalen.

Dës Motioun dréit déi néideg Ënnerschrëfte vun alle Parteien, déi hei an der Chamber vertruede sinn. Eng Motioun, déi ech lech da géif heimadder iwwerrechen, Här President.

Motion 2

La Chambre des Députés,

- considérant la nécessité de garantir une transparence optimale lors de l'élaboration des grands projets d'infrastructure;

- considérant l'avis de la Cour des Comptes sur l'adaptation du budget voté des grands projets d'infrastructure du 22 mars 2001 et la motion de la Chambre des Députés du 29 janvier 2002 y relative;

- considérant les propositions des groupes parlementaires au sujet d'une amélioration des procédures permettant d'éviter les dépassements des coûts des grands projets d'infrastructure dans le futur, transmises en date du 12 avril 2005 par Monsieur le Président de la Chambre des Députés à Monsieur le Premier Ministre;

- considérant la procédure à suivre en matière de préparation et de présentation des grands projets d'infrastructure ferroviaire, adoptée par la Commission du Contrôle de l'Exécution budgétaire et des Comptes au cours de sa réunion du 10 juillet 2006;

- considérant que ladite procédure répond aux préoccupations exprimées dans la motion précitée du 29 janvier 2002;

- considérant la liste des projets d'investissement du Ministère des Transports qui ont atteint le niveau d'avant-projet sommaire ou qui sont susceptibles de l'atteindre au cours de l'exercice 2009 et la note y relative, établies à l'attention de la Chambre des Députés conformément à la procédure à suivre en matière de préparation et de présentation de nouveaux projets d'infrastructure dépassant le seuil de 7,5 millions d'euros prévu à l'article 80 de la loi modifiée du 11 juin 1999 sur le budget, la comptabilité et la trésorerie de l'État et présentée par Monsieur le Ministre des Transports en date du 24 septembre 2008 aux membres de la Commission des Transports;

- considérant le papier de discussion que la Commission des Transports a émis après avoir examiné la liste des projets d'infrastructure ferroviaire précitée;

- considérant que, suite aux informations détaillées fournies par Monsieur le Ministre des Transports, l'élaboration des études nécessaires à la réalisation des projets en cause s'avère indispensable à partir de l'exercice budgétaire 2009 afin:

1) de moderniser et de renouveler à la gare de Bettembourg les infrastructures ferroviaires en raison de leur âge et de l'usure avancée du matériel de superstructure et pour pouvoir répondre dans les années à venir à l'augmentation du trafic;

2) de moderniser et de renouveler au triage de Bettembourg/Dudelange les installations fixes en raison de leur âge et de l'usure avancée du matériel de superstructure, pour réduire au minimum les risques de sécurité et pour pouvoir répondre dans les années à venir à l'augmentation du trafic de toutes directions;

3) de réduire le risque d'accidents, ainsi que les frais de maintenance et de contribuer en même temps au développement urbain de la Commune de Bettembourg par la suppression du passage à niveau N°4a à Bettembourg;

4) de moderniser et de renouveler à la gare Belval-Usines les installations fixes en raison de leur âge et de l'usure avancée du matériel de superstructure et pour réduire au minimum les risques de sécurité;

5) de renouveler et de compléter au Port de Mertert les installations fixes, en remplaçant des installations qui arrivent à limite d'âge et par l'adjonction des voies supplémentaires pour les besoins des exploitants dans le faisceau de voies côté Grevenmacher et dans la cour près du bassin portuaire;

6) de réaménager les alentours de la gare d'Ettelbruck, de reconstruire le bâtiment-voyageurs, de créer une gare routière et un Park & Ride et d'adjointer un deuxième souterrain pour voyageurs répondant aux critères d'accessibilité pour personnes à mobilité réduite;

7) de construire une sous-station 225 kV / 2x25 kV à Flebour liée au poste d'injection de Michelau dans le cadre d'une stratégie globale de fiabilisation et d'augmentation de capacité électrique du réseau ferroviaire luxembourgeois;

8) d'installer un système de suivi et de régulation de la circulation des trains en temps réel pour permettre aux régulateurs de la circulation de prévoir des mesures de disposition nécessaires pour parer à d'éventuels conflits et d'augmenter ainsi la fluidité du trafic ferroviaire;

9) de créer une centrale nationale en vue de la surveillance à distance des multiples installations de génie technique du réseau ferré luxembourgeois;

10) de réduire le risque d'accidents, ainsi que les frais de maintenance et de faciliter l'accès à certains quartiers d'Oberkorn par la suppression des passages à niveau N°s 13 et 14 à Oberkorn

donne son accord de principe pour les projets énumérés ci-dessus et autorise le Gouvernement à engager les frais nécessaires à des études en vue de l'établissement des avant-projets sommaires, des avant-projets détaillés, des dossiers d'autorisation et, le cas échéant, des cahiers des charges nécessaires pour la mise en adjudication publique, ainsi que des projets de loi pour l'ensemble des projets présentés par Monsieur le Ministre des Transports à la Commission des Transports lors de sa réunion du 24 septembre 2008.

(s.) Roland Schreiner, Eugène Berger, Félix Braz, Robert Mehlen, Marc Spautz.

» M. le Président. - Merci.

» M. Roland Schreiner (LSAP), corapporteur. - Ech soen lech Merci.

» Plusieurs voix. - Très bien!

» M. le Président. - Merci, Här Schreiner. Den éischten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Schaaf. Här Schaaf, Dir hutt d'Wuert.

Débat

» M. Jean-Paul Schaaf (CSV). - Här President, Dir Häre Ministeren, léif Kollegen, ech wëll am Numm vun der CSV-Fraktioun hei op dëser Plaz just zum Beräich vum öffentlechen Transport schwätzen, fir duerno dem Kolleeg Ali Kaes d'Geleeënheet ze ginn, zu den Travaux publics Stellung ze bezéien.

Mir hunn also hei vum Här Schreiner een Zéng-Punkte-Programm virgestallt kriit, dee mer och schonn an der Transportkommission diskutéiert hunn a wou mer och schonn do eigentlech eis positiv Meenung derzou ausgedréckt hunn. Déi Projete komme jo - an dat ass och gesot ginn - nach eng kéier heihinner zrëck ënner Form vu Projets de loi. Duerfir ass et net den Zäitpunkt, fir hei am Detail op déi oder déi aner Saachen anzegoen. Si erlaven eis awer haut ze gesinn, a wat fir eng Richtung dass den Zuch fiert - fir bei deem Sproochgebrauch ze bleiwen -, fir also ze gesinn, wéi dëst Land sech am Transportberäich op d'Zukunft virbereet.

Mir wësse jo alleguer, dass den öffentlechen Transport esou e bëssen en vogue ass am Land. Net nëmmen zënter dem IVL, mä och scho virdrun, wësse mer allegueren, dass bei alle landesplanerische Modeller, Initiativen, Iddien ëmmer erëm den öffentlechen Transport groussgeschriwwé gëtt an dass d'Ubannung un den öffentlechen Transport bei alle Realisatiounen eng Roll spillt.

Duerfir ass et jiddferengem kloer, dass den Zuch d'Réckgrat vun der Mobilitéit zu Lëtzebuerg ass. A mir sinn eis och all eens, dass d'Sécherheet an d'Zouverlässigkeet vun der Eisebunn eng Noutwendegkeet ass, där mir eis op kee Fall kënnen an dären entzéien. Mir sinn eis och eens, dass mer den aktuellen Niveau net kënnen halen, mä dass bei wuessenden Awunnerzuelen, wuessenden Aarbechtsplazen, méi Grenzgänger eng Erweiderung an eng Modernisierung vum öffentlechen Transportréseau muss realiséiert ginn. Dës grouss Infrastrukturprojete mussen sech liesen ebe vum Hannergrond vun engem klengen Land mat awer engem groussen Bedarf u Mobilitéit.

Déi zéng noutwendeg Projets de loi fir eist Eisebunnnetz sinn - an den Här Schreiner huet dat richteg gesot - eng impressionnant Zuel. Dës Projeten auszuschaffen, sprochräif ze maachen, se ëmzesetzen, ass dann och ee groust Stéck Aarbecht. Duerfir wëll ech hei am Numm vun der CSV-Fraktioun alle Mataarbechter vum Transportministère a vun der CFL wierklech ee grouse Merci ausdrécken, gradesou wéi dem Transportminister, fir dat doten ze maachen an an där Form weiderzebréngen.

Si leeschten eigentlech eng komplizéiert Aarbecht. Komplizéiert dowéinst, well et héich technesch ass, a komplizéiert op där anerer Säit, well do och e mënschlechen Aspekt hannendrustécht, deen net ëmmer

ganz einfach ass, mat de Befindlechkeete vun all deene Leit, déi duerch déi Projete concernéiert sinn. Ech weess aus eegener Erfahrung vun den Diskussiounen ronderëm d'Gare Ettelbréck, wou ech jo dann och ee vun deene sinn, mat deenen ee muss diskutéieren, dass dat wierklech net ëmmer esou einfach ass mat allen Acteuren an een duerfir ebe Gedold, awer och Zilstrebegkeet brauch, fir e Konsens ze fannen. Ech mengen, dass déi Voraussetzungen do sinn.

Virun allem muss mer awer och wëssen, dass d'Ukënnegung vun dëse Projeten och mat Erwaardung fir eng séier Ëmsetzung verbonnen ass. Duerfir meng Hoffnung wierklech, dass dës Sujete séier zrëckkommen an dëst Haus ënner Form vun engem Projet de loi.

Vun deenen zéng Projeten, dat ass gesot ginn, sinn der dräi zu Beetebuerg, ronderëm d'Installatiounen vun der Gare, den Triage an och d'Suppressioun vun engem Gleiswüergang. Et ass d'Gare vu Belval-Usines, Mäerterter Hafen, eng national Zentral fir d'Surveillance, d'Ferniwwerwaachung Fléiber nach dobäi. All déi dote Projete sinn noutwendeg technesch Erneuerungen. Déi si wichteg, mä si bleiwen eigentlech fir den Zuchbenotzer net direkt spierbar.

Spierbar ginn d'Suppressiounen vun de Gleiswüergäng zu Uewerkuer an zu Beetebuerg, allerdéngs méi fir den Autofuerer wéi fir den Zuchbenotzer direkt, wat awer net heescht, dass se net gradesou noutwendeg sinn.

Spierbar fir de Benotzer vum öffentlechen Transport bleiwe bei all dësen zéng Projeten also haaptsächlech den zentrale Steuerungssystem, wéinst eben der Verbesserung oder op alle Fall der Hoffnung op Verbesserung vun der Pünktlechkeet, a virun allem dann deen anere Projet, de Réaménagement vun der Gare vun Ettelbréck.

Ech wëll och do wierklech meng grouss Satisfaktioun zum Ausdruck bréngen fir déi Bereetschaft, déi zweetgréisst Gare am Land, wann een d'Passagéierzuele kuckt, op dee Stand ze setzen, dee se wierklech dréngend brauch.

Dee Chantier huet jo méi Facetten. Et ass eng kéier d'Busgare. Mir hunn de Moment ronn 160 Busse pro Dag, déi do zirkuléieren. Dat geet net méi duer op deene Quaieren, déi do sinn. Et ass weder komfortabel nach sécher nach accessibel fir d'Leit. Dann dréint et sech ëm d'Gebai vun der Gare selwer, wou téschent Renovatioun, Vergrößerung oder Neibau an deenen nächste Méint muss eng Entscheedung fallen. Déi fällt téschent der Gemeng, de CFL, dem Transportministère an dann awer och dem Bauteministère, well eben an deem Kontext, an dat ass deen anere Volet vun der Saach, dann och eng nei Stroosseféierung laanscht d'Gare an der AUSAARBECHUNG ass, woubäi d'Administratioun vun de Ponts et Chaussées eng extrem positiv a wäertvoll Aarbecht leescht an deem dote Sujet.

Op dat Lescht vun dem Aspekt wollt ech mat zwee Sätz nach agoen. Dat ass deen extrem wichtige Dossier vun dem Parking Park & Ride bei der Gare. Ronderëm déi Ettelbrécker Gare hu mer haut effektiv een akute Parkplazmangel. Et gëtt vill Leit, déi géife mam Zuch fueren, wa se eng Parkplaz bei der Gare géife kréien. Ech kennen der perséinlech, déi entre-temps mam Auto schaffe fuere just aus deem dote Grond. Ech kennen der, déi nördlech vun Ettelbréck wunnen, déi fuere mam Auto bis op Miersch op d'Gare an huelen dann op der Mierscher Gare den Zuch, fir déi lescht 16 km an d'Stad eranzefueren. Si géife gradesou gären zu Ettelbréck den Zuch huelen. Et ass net méi méiglech, zu Kautebaach net méi, zu Dikrech och net, respektiv ass d'Verbindung net esou, wéi si sech et wënschen.

Dat si Situatiounen, déi net glécklech sinn, esou dass mer eigentlech froen op dëser Plaz, Här Minister, fir awer och do e Gesamtkonzept, wat déi Park & Ride-Problematik ubelaangt, virzeleeën.

Ech mengen, dass dat méi wéi noutwendeg ass. Déi Problemer, déi mer zu Ettelbréck hunn, déi hu mer zu Kautebaach, déi hu mer zu Clierf, déi hu mer zu Elwen. Derbäi kennt dann och nach de Grenzverkéier. Mir hunn de Problem och nach e bëssen déi Säit der Grenz, wou een de Leit muss eng Méiglechkeet ginn, fir deen Zoubrénger déngscht bei den öffentlechen Transport, dee se oft mat hirem Auto maachen, kënnen propper hinzekréien. Ech wëll do gären aschleissen, dass een déiselwech Lwwerleung och bei de Busarréiten a Busgaren op verschiddeenen zentrale Plazen, wou Linne sech kräizen, misst an d'A faassen.

Ech denken, dass bei esou enger Gesamtplanung een ebe muss virausgesinn, dass een net plangt mat de Parkplazen, déi haut

do sinn, mä mat deenen, déi een, wann een den „modal split“ erreecht hätt, géif brauchen, esou dass ee se eigentlech grouss muss virgesinn.

Ech weess och net, ob et an alle Fäll richteg ass, fir de Gemengen de Ball ze iwwerloosen an ze soen, si sollen e Park & Ride baue mam Hiweis, dass si jo 80% Subsid kréien, wat wäertvoll a vill ass a wourop och vill Gemenge positiv reagieren. Wa si fir d'Eisebunn e Parking bauen, kréie se also dann 80%. Ech weess trotzdem net, ob et ëmmer esou ka sinn, dass d'Gemengen dat sollen an Eegeregie maachen.

Da wëll ech awer nach op eppes hiweisen. Do kennt een als Norddeputéierten op dëser Plaz net derlaanscht, well et eis ëmmer en Uleies ass am Norden. D'CSV-Norddeputéierten hunn et schonn e puermol hei gesot, dat ass déi Fuerderung, de Wonsch wierklech, déi Noutwendegkeet, déi sech ergëtt, fir eng duebelgleiseg Nordstreck an d'A ze faassen, aus enger Rei vun Argumenten, déi eiser Meenung no eendeiteg sinn.

Dat ass un alleréischter Stell selbstverständlech d'Sécherheet, bedéngt duerch eben d'Topographie, duerch Lagen, wou een net bäikënn, duerch Tunnelen, déi enk a schwéier zugänglech sinn, wat eigentlech wierklech e Problem ass, wou jo och en Audit de sécurité, wéi Dir geäntwert hutt op eng Fro vum Kolleeg Marco Schank, ënnerwee ass.

Dann ass en anert Argument selbstverständlech d'Auslaaschtung vun der Streck. Haut ass déi Streck op hirem Maximum ausgelaaucht. Eng Erhéijung vum Takt, eng Verbesserung wäert mat deenen aktuelle Méiglechkeete kaum do sinn. Mir begréissen natierlech den Ausbau vu Méchela, mengen awer trotzdem, dass dat e klengt Stéck ass vun der Solutioun, déi ee vläicht am Hibleck op de Wuesstum, dee mer am Land a besonnesch am Norden hunn, wierklech misst iwwerdenken. Duerfir eise Wonsch, fir dach awer eng Etüd emol ze maachen iwwert d'Machbarkeet an och iwwer eventuell d'Käschten, déi dat géif mat sech bréngen.

De Marco Schank huet och a senger Question parlementaire op eppes higewisen, wat eis nach wichtig schéngt. Dat ass de Billet transfrontalier mat am Fong geholl engem eenheetlechen, einfache Präis, deen elo bilateral ëmmer négociéiert gëtt, deen awer och schwierger ass. Do hu mer grouss Hoffnung, dass den Transportminister et fäerdeg bréngt, dass mer wierklech am Land do eng Einfachheet hätte fir déi vill Frontalieren, déi mer hunn, fir dass déi all Intérêt hätten, bei sech an den Zuch oder an de Bus ze klammen, fir dann iwwert d'Grenz ze fueren.

Fazit ass, dass munches dran ass an dësen zéng Projeten, virun allem awer Entretien a Sécherheet. Duerfir gi mer selbstverständlech eis Zoustëmmung zu all deenen dote Projeten, déi hei uleien.

Erlaabt mer awer zum Schluss just nach eng Remarque ze maachen an domat eigentlech eng kleng Bréck an de Stroossebau ze schloen. Ech wëll dat un engem Beispill erklären: Zënter méi wéi 15 Joer - ech denken, dass et der wéinstens 20 sinn - ass e Contournement Ettelbréck-Feelen scho bekannt an an der Planung. Scho wéi déi N7 verlängert ginn ass Richtung Colmar, ass dat virgesi ginn, sinn d'Opfahrten an Zone reservéiert ginn an esou weiter, fir e Contournement Feelen ze maachen.

Dann héiert een awer esou, wéi wa vu Säite vum Ëmweltministère e Plan sectoriel «Grands ensembles paysagers» esou ausgeschafft wier, dass en deem net géif Rechnung droen, wat op Onverständnis stéisst an op d'Suerg op alle Fall, ob mer domadder net riskieren, eis eegen Transportpolitik, déi mer awer brauchen an dësem Land, méi komplizéiert respektiv souguer op Plaze vläicht onméiglech ze maachen.

Duerfir, Här Transportminister, denkt eng kéier drun, wann Der beim Ëmweltminister sidd, fir hien ze froen, ob hien dann awer och der Transportpolitik - an dozou gehéiert nun emol och den Individualverkéier an de Bus, well déi deele sech eng Strooss - a senger Projete kéint Rechnung droen.

Dat gesot, hunn ech domat eng kleng Bréck zum Stroossebau gebaut, an den Ali Kaes kennt elo iwwert d'Bréck.

Merci.

» M. le Président. - Merci, Här Schaaf. Nächste Riedner ass den honorabelen Här Etgen. Här Etgen, Dir hutt d'Wuert.

(Hilarité et interruptions)

Mir hunn awer en Tour de rôle hei.

(Interruptions)

Ech wëll soen, dass mer hei eng Regel hunn, dat ass den Tour de rôle, dat heescht, eng Fraktioun wiesselt mat enger anerer of. Elo ass et um honorablen Här Etgen.

» **M. Fernand Etgen (DP).** - Merci, Här President, fir déi Uerdnung, déi Dir hei an d'Haus bréngt.

(Hilarité)

Kolleeginnen a Kolleegen, déi aktuell weltwäit Finanzkris gëtt dësem Débat en aneren, mat Sécherheet e méi wichtege Aspekt wéi déi Jore virdrun. Jiddereen an dësem Haus, mengen ech, ass vun der Richtigkeet vun der Prozedur, déi 2006 vun der Budgetkontrollkommission ausge-schafft ginn ass, iwwerzeegt. Op dës Manéier soll en optimale finanzielle Suivi vun de groussen öffentliche Infrastrukturopro-jete garantéiert ginn.

A wirtschaftlech méi schwierigen Zäite gëllt et awer och, dës Prioritéiten ze iwwerpräi-wen an op hir Opportunitéit ze analyséieren. Weider gëllt et, Projeten esou ze ficeléieren, datt se a puncto Effizienz beschtméiglech geplangt sinn.

Erlaabt mer duerfir bei menger Interventioun bei deene puer méi generellen Iwwerleeun-gen unzefänken. Grouss Projete brauche virum Ufank vun den Aarbechten um Chan-tier selwer eng detailléiert Aarbechtsplan-ung. Am Allgemenge gëllt: Wat ee Projet méi grouss ass, wat et méi laang dauert, fir Käschten, Dauer, Émfang an déi eigentlech Ziler richtig ze definéieren respektiv anze-schätzen.

Wat d'Projete méi grouss sinn, wat weider-hin och Feelplangung méi grouss ausfale respektiv méi an d'Geld schloen. Heivunner kann ee sech unhand vun der neier Cité judi-ciaire e gutt Bild maachen: Raim, déi ze kleng oder ze grouss sinn; Mikroen, déi net fonctionnéieren an esou weider.

Bei all neiem Projet gëtt et Saachen, déi falsch gemaach kënne ginn. Mat enger gudder an detaillierter Planung kann een eng Rei Facteurs am Virus erkennen a vermeiden.

Et gëllt awer net nëmme op d'Qualitéit an d'Käschten uechzeginn. Bei öffentleche Projete muss mer verstärkt d'Kritäre vun der Nohaltegkeet, Ëmweltverträglechkeet an Energieeffizienz a Considération huelen. De Prinzip vun der Nohaltegkeet grad wéi de Prinzip vun der Energieeffizienz muss bei allen öffentliche Ausschrei-wungen zur absoluter Prioritéit ginn, esou wéi dat am DP-Ëmweltpabeier nozeliesen ass.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. Fernand Etgen (DP).** - An der Ver-gangenheet ass et allze oft ënnerlooss ginn, fir staatlech Gebaier enger regelméi-seger Kontroll op eventuell Mängel an dë-ser Hisiicht ze analyséieren an esou gréis-ser Sanierungsarbeiten ze vermeiden. Haut hu mer dann och Projeten op der Lëscht, déi genee an dëst Muster falen. Ech wäert am weidere Verlaf vu menger Ried nach eng Kéier méi genee dorop agoen.

Grad a wirtschaftlech méi schwierigen Zäi-ten, wéi mer se aktuell erliewen, ass et be-dauerlech, datt vill Sue mussen duerfir ausgi ginn, well an der Vergaangenheet net genuch op esou Saache beim Bau vun neie Gebaier opgepasst ginn ass. Am Respekt vun der Nohaltegkeet an de Wirtschaftlech-keetskritäre muss bei öffentleche Gebaier op erneierbar Energien zréckgegraff ginn. De Stat muss hei absolut eng Virreiderroll spillen an all Potenzialitéiten ausnotzen.

Här President, och bei den Investitiounen, déi geduecht si fir d'Mobilitéit ze verbesse-ren, mussen d'Kritäre vun der Nohaltegkeet de politeschen Décisionsprozess méi staark beaflossen. Grad hei muss bei de Käschtberechnungen och Zousazkäscht-en, déi eventuell duerch nei Ëmweltschied oder Schadstoffbelaaschtung fir d'Loft ent-stinn, mat a Betruecht geholl ginn; e weidert Element aus dem DP-Ëmweltpabeier.

Transportpolitik, Ëmweltpolitik a Klima-schutzpolitik kënnen net vunenee lassge-léist behandelt ginn. Duerfir brauche mer e couragéiert Gesamtkonzept, fir alle Facetté Rechnung ze droen. Fléckaarbecht oder Puzzlestécker ze leeën, ass a bleift an dë-ser Fro déi falsch Äntwert. Ee méi staarke Conseil national pour le développement du-rable kënn hei wegweisend, zukunftsorien-téiert Akzenter virginn, fir Wirtschaftlechkeet mat Nohaltegkeet bei den Investitiounen am Hibleck op eng besser Mobilitéit ze verban-nen.

Allerdéngs schéngt et mer de Moment jo esou ze sinn, datt d'Membere vun der So-zialistescher Aarbechterpartei net vill vun dësem Gremium halen. Op jidde Fall ass re-zent ee vun hinnen ausgetrueden; vläicht war hien och einfach net op enger Linn mat

sengem Ëmweltminister. Oder awer deen anere Member, deen de CNDD verlooss huet, hat Problemer mat de Prioritéite vun Landesplanungsminister.

All gutt Virsätz déngen awer näischt, wa mer déi verschidde Plans sectoriels net endlech kréien. De Minister fir Landesplanung huet hei schon e puermol just grouss Ukënnung-e gemaach. Schéi Prosa fir d'Säite vun Compte rendu ze fëllen, ouni datt awer eppes Konkretes geschitt wier.

Et ass sécher richtig, datt d'Opstelle vun de sektorielle Pläng seng Zäit brauch. Vun 2004 bis haut ass awer ee laangen, ee ganz laangen Dag. Mir bedauern hei haapt-sächlich, datt de Stat et net fäerdeg bréngt, a sengen Décisionen déi grouss Linne vun IVL ze respektéieren. Dobäi misst dach grad bei engem integrative Konzept de Stat mam gudden Beispill virgoen.

Allze oft ginn awer nach ëmmer öffentlech Gebaier op een net kompatibel Site im-plantéiert. A wann ee Projet et bis op d'Pri-oritéiteléisch gepackt huet, da geet ee pro-zedurale Wirrwarr sonnergläichen un: Trans-porttüden, eng Etüd iwwert den Impakt op d'Ëmwelt, op d'Ëmweltverträglechkeet an esou weider.

Um Enn vun all dësen Etüde kënn dann eraus, datt de Plan sectoriel «Grands pay-sages» a Widersproch steet zum Plan sec-toriel «Transports» oder awer a Widder-sproch mat de Pläng vun „route 2020“ vun de Ponts et Chaussées. Hei muss et onbe-déngt zu engem besseren horizontalen Ze-summeschaffen téschent deene verschid-dene Ministère kommen. An de Kolleeg Jean-Paul Schaaf huet et virdrun unhand vun engem Beispill gesot.

Haut schwätze mer iwwert déi grouss vum Stat geplangte Projeten. Erlaabt mer awer eng Klammer opzemaachen.

Bei ville kleng Projeten ass d'Zesummen-aarbecht téschent deenen eenzelnen Admi-nistratiounen net besser wéi bei deene groussen. D'Ponts et Chaussées hunn eng ganz Rei vu Projeten am Budget, déi awer net kënnen exekutiert ginn, well d'Autorisatioun vun Ëmweltminister net virläit. Grad an dëse wirtschaftlech méi schwierigen Zäite kënnen mir eis esou Verzögerungen net leeschten.

Hei stinn Aarbechtsplazen an der Realwirt-schaft um Spill. Vill Kleng- a Mëttelbetriber aus eisem Mëttelstand, deen d'Réckgrat vun eiser Ekonomie duerstellt, sinn op eng séier Ëmsetzung vun dëse Projeten ugewi-sen. Et kann net sinn, datt schwéierfällg Prozeduren an Autorisatiounen, déi net aus-gestallt ginn, dozou féieren, datt d'Betriber musse Leit entloossen an datt Leit onver-schëllt an de Chômage rétschen. Klammer zou.

Zu de generelle Remarquë wëll ech nach soen, datt de Stat sech oft schwéierdeet beim Ukaf vun Terrainen. Et ass gewosst, datt an engem kleng Land wéi Lëtzebuerg, wou den Drock op d'Land grouss ass, wou d'Terrainen oft rar sinn, dëst net ëmmer ein-fach ass. Duerfir misst de Stat an eisen Aen eng méi offensiv Akafspolitik praktikzéieren, fir d'Realisatioun vu grouss Projeten net ze vill an d'Längt ze zéien a fir gegebenefalls och Terrain am Besetz ze hunn, fir en échange ze ginn.

Här President, d'Lëscht, déi de Bauteminis-ter an den Transportminister der Chamber presentéieren, ass jo bekanntlech d'Lëscht mat deene Projeten, déi de Stat am Laf vun de kommende Jore wëlles huet ze realiséieren. Dës Projete mussen awer an engem rã-sonnablen Zäitraum um Terrain konkret realiséiert ginn. Hei ass ze bemängelen, datt d'Chamber vum Gros vun de Projeten, déi an deenen zwee leschte Joren op der Lëscht stoungen, nach net mat engem ent-sprechende Projet de loi befaasst ginn ass. Déi nei Prozedur dāerf awer net zu enger purer Ukënnungsprozedur verkommen, wou de Minister just tape à l'oeil mécht, fir d'Gemiddler dobaussen ze berouegen.

Här President, erlaabt mer elo e puer kon-kret Projete vun der Lëscht méi genee ze analyséieren. Fir d'éischt awer wëll ech nach vläicht deenen zwee Rapporturen, dem Här Lucien Clement, wat de Volet vun den Travaux publics ubelaangt, an dem Här Roland Schreiner, wat de Volet vun Trans-port ubelaangt, Merci soe fir hiren ausféier-leche Rapport, esou datt et mech am Fong geholl ka mat e puer punktuelle Re-marqué begnügen.

An deene leschte Joren an och dëst Joer kréie mer een net Puzzlestéck ronderëm d'Nordstad zerwiéert. Ech wëll gläich vir-ewechnuelen, datt dës Deelrealisatiounen meng Zoustëmmung fannen, well se a vill-facher Hisiicht vu grousser Wichtigkeet sinn. D'Sécherheetsproblemer um Contourne-ment vu Schieren an Ettelbréck si bekannt a wäerte sech mam zouhuelende Verkéier an

deenen nächste Joren nach verschäerfen, besonnesch wann dann iergendwann eng Kéier och d'Nordstrooss ganz fäerdeg wäert sinn.

Wa mer aus der Nordstad wëllen ee moder-nen an attraktiven Déngschtleeschungs-zentrum maachen, een Zentrum respektiv ee Service provider fir d'ganz Ardennen, da musse fir d'éischt emol déi duerfir néideg Infrastrukture geschafte ginn. Wéi am Süden no 20 Joer déi sougenannt Collectrice du Sud bis fäerdeg war, war et méi einfach, déi wirtschaftlech Diversifikatioun an där Re-gion virunzedeiwen. Datselwecht gëllt fir den Nordstadraum. Och hei brauche mer ee kohärent Mobilitéitskonzept a kee Fléck-wierk, wou opgrond vun enger vun der Re-gierung propagéierter Salamatik iwwerfäll-g Décisionen einfach no hanne ver-drängt ginn.

Eppes ass kloer: D'Kärstéck vun Nordstad-projet ass d'Realisatioun vun der Zentral-achs Ettelbréck/Dikrech. Dëse Projet kann awer verkéiersternescher eréischt no der Realisatioun vun der Collectrice Nordstad, dat heescht vum Bau vun der Südwestum-gehung vun Ettelbréck, dem Bau vun der Nordumgehung vun Dikrech vun der Blees-bréck op de Fridhaff an dem Ausbau vun der B7 op véier Spuren téschent Schieren a Fridhaff an Ugrëff geholl ginn.

Dësen Ausbau op véier Spuren hätte mir eis an engem eenzege kohärente Projet gewünscht.

Den Ausbau vu Colmar op Ettelbréck an den Accès zu där nach ze schafenden In-dustriezon um Fridhaff léisen zwar akut Sécherheetsmängel, mä schafen awer pa-rallell och nei Geforequellen on de verblei-wenden Enkpäss. Besonnesch den Échan-geur zu Angelduerf wäert dann de Point noir ginn, well hei Schluss ass mat der Autobunn A7. Den Iwwergang vun der A7 op d'N7 misst eiser Meinung no direkt an ouni Zäit ze verléieren um Rond-point Fridhaff ge-schéien.

Vill ass a leschter Zäit iwwert de weidere Verlaf vun der N7 geschwat a geschriwwé ginn. Mëttelfristeg wäerte mer kaum der-laanschtkommen, e véierspuren Ausbau do ze vollzéien. Et gëllt aus dëser Optik och d'Realisatioun vu weidere Puzzlestécker ze gesinn, déi op der Lëscht, iwwert déi mir haut diskutéieren, stinn, nämlech d'Contour-nement vun Housen a vun Hengescht. Dës zwou Uertschafte sinn zu de Spët-zenzäite mat engem immens héijen a virun allem a puncto Liewensqualität onerträg-leche Verkéiersopkommes konfrontéiert.

Mat der Fäerdegstellung vun der Nord-strooss wäert een an der Zukunft séier vun der Haapt- an d'Nordstad an émgedréint kommen. Mir mussen awer och kucken, datt d'Leit aus dem Rescht vum Éislek, aus der Nordspëtzt, dat heescht aus de Regionen nördlech vun Ettelbréck an Dikrech, besch-méiglech an d'Nordstad kommen. Dozou gehéiert niewent enger sécherer N7 och en effikassen öffentliche Transport.

Duerfir begréisse mir als DP d'Investitiou-nen an d'Schinnennetz am Generellen, an am Besonneschen och de Réaménagement vun der Ettelbrécker Gare an déi Investitiou-nen an d'Nordstreck. Esou sollen de Confort, d'Sécherheet an d'Frequenz vun öffentliche Transport optiméiert ginn.

Här President, déi aner Stroossebauproje-ten op der Lëscht dokumentéieren gutt, wat ech virauser schon ukléngé gelooss hunn: Iwwerall do, wou op der Collectrice du Sud minimalistesche geplangt ginn ass, musse mer haut d'Échangeuren optimiséieren, dé-doubléieren a réaménagéieren.

Duerfir plädéieren ech nach eng Kéier der-fir, datt dëse Feeler bei weidere Stroosse-bauprojete soll ënnerlooss ginn. Leider si schon nees Usätz vun deeneselwechte Feeler bei de Projeten op a ronderëm d'N7 erkennbar.

Här President, déi generell Iwwerleeungen, déi ech ufanks iwwert déi bestehend Ge-baier gemaach hunn, gi beschuens beluecht mat der Sanierung a Renovatioun vu Ge-baier wéi dem Athénée hei an der Stad, dem Lycée Hubert-Clément zu Esch, deen endlech op der Lëscht ass, oder och mam administrative Gebai an der Rue Notre-Dame.

D'Regierung huet de blutnéidegen Ausbau vun CNFPC zu Ettelbréck wéi och de Bau vun Lycée technique pour professions de santé ëmmer erëm no hanne geréckelt, an d'Fro vun den Terrainen dobäi als Argument ugefouert, fir dës dréngend Projete méi oder manner laang schleefen ze loossen. An och haut sinn nach déi méiglech Stand-ueren optional oder an Etüd, wéi et esou schéin heescht.

Et feelt einfach un engem Gesamtkonzept fir am Raum Nordstad d'Schoullandschaft

esou ze gestalten, datt mer hei eng Offer vun alle méigleche Formatiounen fir de ge-samten Nordbezirk kënnen ubidden. De Schoulchaos an der Nordstad ass momen-tan stabil. Dëst ganz einfach, well keng Bes-serung an Aussicht ass.

Hei geet et awer och ëm e politesche Mes-sage. De Raum vun der Nordstad ass als e wirtschaftlech a soziaalt Ganz ze gesinn, an hei gëllt et eng vollstänneg Schouloff-er unzebidden, wéi et sech fir een Haaptun-zéiungspunkt aus enger Region gehéiert. Dëst wär iwwerengs och konform zu den Zi-ler vun der Landesplanung.

(M. Jos Scheuer prend la Présidence)

Nei Infrastrukture gehéieren op d'Zentral-achs Nordstad, op d'Achs Ettelbréck/Dikrech. Hei schéngt et awer esou ze sinn, datt de Stat sech bis elo nëmme hal-lefhäerzeg ëm den Ukaf vun den néidegen Terrainë beméit huet.

Dee viséierten CFL-Terrain als Standuert fir den CNFPC ass allemol en Terrain, deen den IVL-Kritären entsprécht. Dësen Terrain läit bei der Gare an huet direkten Uschloss un d'Émgehungsstrooss. Hei kënn een och eng nei Busgare bauen. Virun allem awer kënn dësen Terrain séier mobiliséiert ginn.

Fir d'Nordstad an hirer Fonctioun als Wunn-an Aarbechtsschwéierpunkt, awer och als Déngschtleeschungszentrum ze stärke-n, wier fir de Lycée technique pour professions de santé de Site an direkter Proximitéit zur neier Klinik déi ideal Léisung.

Wat d'Schoulinfrastrukturen am Raum Nord-stad ugeet, wëll ech hei fir déi x-te Kéier widerhuelen, datt et gëllt, de Site bei der Laduno zu Angelduerf als Optioun am A ze behalen.

Här President, a wirtschaftlech méi schwéieren Zäiten dāerfe mer net vergies-sen, datt grad dann déi öffentlech Investi-tiounen mussen op engem héijen Niveau ge-hale ginn, fir e laangfristige Wuesstum ze garantéieren.

Et gëllt an deem Zesammenhang awer och dorop opzepasst, datt déi Lëtzebuerger Betriber vun dësem héijen Investitionsvo-lume kënnen profitéieren. Grad elo, wou mer um Punkt sinn, datt d'Finanzkris amgang ass, op d'Realwirtschaft iwwerzeschloen, muss d'Regierung bei den Ausschreiwunge vu grouss Projeten oppassen, datt och d'Lëtzebuerger Entrepreneuren an dësen Aus-schreiwunge kënnen deeluelen. Et bréngt eiser Ekonomie net vill, wann de Stat seng Investitiounen héich hält, an eis Betriber awer net kënnen dovou profitéieren.

Här President, zum Schluss wëll ech och de Wonsch ausdrécken, datt dës Prioritéite-léisch keng einfach a belanglos Déclaration d'intention bleift, mä datt konkret un dëse Projete geschafft gëtt, fir hir Realisatioun a kuerzer Zäit ze erméiglechen.

Prioritéite setzen, dāerf am negative Sënn jiddefalls net heeschen, déi Projeten aus-wielen, déi solle leie bleiwen. An dësem Sënn wëll ech dëser Lëscht den Aval vun der Fraktioun vun der Demokratescher Par-tei ginn.

Wéi bei esou villem ass d'Bedeutung vun den Investitiounen och schon an der Bibel op de Punkt bruecht ginn: Nëmme wie séit, kann och duerno an d'Récolte goen.

(Interruptions)

Wien awer vill Wand ëm näischt mécht, ris-kéiert vu senger eegener waarmer Loft ëm-geblosen ze ginn.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Etgen. Den nächste Riedner ass den Här Diederich.

(Interruptions)

» **Mme Anne Brasseur (DP).** - Dat ass, well Dir déi gutt Relatiounen hutt!

» **M. le Président.** - Här Diederich, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Fernand Diederich (LSAP).** - Här President, Dir Häre Ministeren, Kolleeginnen a Kolleegen, no dem Exkurs an d'Bibel ass et mer schwéier, elo nach eng Kéier hei ze toppen, wat den Här Etgen gesot huet.

Ech wëll mech och ganz kuerzfaassen, well de Rapporteur en exzellente Bericht gemaach huet an op all Punkt am Detail zefridde stellend agang ass.

Ech wollt just e puer Saache ganz kuerz soen. Éischtens begrësse mer natierlech d'Renovatioun vun der Rotonde, déi fir eis an der Stad e grouse Patrimoine industriel duerstellt, wou ganz vill Aktivitéite waren am Kulturjoer an déi och zur Opwärtung vum Quartier Bouneweg natierlech bäigedroen huet.

Frou si mer och iwwert de Lycée technique pour professions de santé, deen, nodeem d'lescht Joer eng ganz Rei Lycéee schonn op deem Programm figuréiert hunn - d'Akerbauschoul, de Lycée technique an och den Noly zu Dikrech -, elo och nach mat deem zweeten, deen nach gefeelt huet, dem Centre national de formation professionnelle continue zu Ettelbréck débloquent ginn ass. Wa mer ëmmer esou vill schwätze vu Formation professionnelle continue, ass et och noutwendeg, dass mer déi gëeegent Infrastruktur schafen. De Moment sinn déi zu Ettelbréck natierlech ze kleng. Mir hunn do natierlech de Moment Gott sei Dank d'Chance, zwee alternativ Siten ze hunn, wou mer kënnen déi Schoul och dann nei opbauen.

» **Une voix.** - Dir braucht awer nëmmen een!

» **M. Fernand Diederich (LSAP).** - Mir brauchen e Site. Mir hunn zwou Méiglechkeeten, an dat ass natierlech besser, wéi wa mer keen Terrain hätten, Här Etgen.

Ech wollt awer nach soen, dass mer eppes mussen zu Ettelbréck besonnesch beuechten, de Buergermeeschter ass hei, an dat ass - ob een et elo IVL nennt oder Landesplanung - d'Auswierkung vum Verkéier. E Beispill: Mir hate virun e puer Méint eng Kéier eng Versammlung mat de Beamte vun de verschiddene Ministèren zu Bierden a sinn duerno, ëm Punkt sechs Auer, erfogefuer, fir heem an an d'Stad ze fueren. Do hu mer ganz genee eng Stonn gebraucht, fir Warken, Ettelbréck ze passéieren, fir Richtung Stad op d'Autobunn ze kommen. Dat ass e Beispill fir ze weisen, wat an der Planung falsch gelaf ass a wou de Moment jo gekuckt gëtt fir mat deenen eenzelne Gemengen d'PAGen ofzestëmme, fir datt keng esou Situatioun wéi zu Warken méi solle virkommen.

Wat elo d'Renovatioun vum Hubert-Clément a vum Atheneum ubelaangt, wär ech frou vun Här Minister ze héieren, wéi en déi Renovatioun gedenkt ze maachen, well jo awer ëmmer vill Problemer entstinn, wa währenddem wou d'Schüler sech am Gebai ophalen a léieren och nach Transformatiounen stattfannen. Mir kënnen eis do jo nach gutt un d'Problemer zu Wolz erënneren.

Et ass och gesot ginn, dass am CIPA zu Luerenzweiler, Bouferdeng, gekuckt gëtt, de Komfort an d'Raimlechkeete ze verbesseren.

De nächste Punkt, deen ech wichteg fanen, sinn déi Diskussiounen tëschent dem Minister an all deene Gemengen, déi am Kader vun der N7 concernéiert sinn. Ech war déi éischte Kéier e bëssen entäuscht, dass mir als Nordstadgemenge Colmar a Schieren net derbäi waren, well just op deem Tronçon, géif ech soen, déi gréisste Gefor besteet. Ech sinn awer frou, dass et konnt lisen, dass den Ausbau op zweemol zwou Pistë besonnesch op deem Tronçon do och mat virgesinn ass, quitte dass e sech muss afügen an d'Gesamtkonzept. Den Här Etgen huet et jo dräimol gesot, dass et doréms geet, a Richtung Norden an och a Richtung Süden, méiglechst schnell aus der Nordstad kënnen erauszekomme, wat een och muss am Kontext vun der Planung vum Contournement Ouest gesinn, deen och d'lescht Joer am Programm mat dra war.

Wat déi zwéi Contournementer ubelaangt - mir waren och erop an de Norden -, sinn ech frou, dass déi och an d'Weeër geleet ginn. Ech ginn lech e Beispill: Zënter zwéi Deeg ass den Tunnel zu Luerenzweiler zou gewiescht. Dat huet mat sech bruecht, dass een eng hallef Stonn méi spéit aus der Stad a Richtung Nordstad komm ass. Mat all deene Problemer, och nach innerorts zu Léntgen an zu Miersch, gesäit een also, dass, wann déi Tunnellen oder Contourne-

menter gutt funktionnéieren, dat awer fir vill Leit, fir d'Chauffeuren, awer och fir déi Leit, déi an den Uertschafte wunnen, eng grouse Verbesserung bréngt.

An deem Sënn, mengen ech, sinn all déi eenzel Projete beliicht ginn. Ech wëll heimmadder soen, dass mir, aus diverse Grënn, déi Projeten, déi virgestallt gi sinn, begrëissen, an ech hoffen, dass et net ze laang dauert bis se kënnen realiséiert ginn, a bréngen heimat den Accord vu menger Fraktioun.

» **M. le Président.** - Merci, Här Diederich. Déi nächst Riednerin ass d'Madame Loschetter. Madame Loschetter, wann ech gelift.

» **Mme Viviane Loschetter (DÉI GRENG).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, des Editioun 2009 vun den „grands projets d'infrastructure“ empfänken déi Gréng, wéi d'lescht Joer an dat Joer virdrun, natierlech och mat gemëschte Gefiller. Mat gemëschte Gefiller, well mer et awer mat enger ganzer Rei vu Puzzlestécker ze dinn hunn, Puzzlestécker, déi kënnen Schoulgebaier sinn, Renovatiounen vu Schoulgebaier, Konstruktiounen oder Vergréisserunge vu CIPAn, Rotonden, déi renovéiert ginn, oder och Puzzlestécker wéi Verbreederunge vun Autobunnen oder vun Hauptstroossen, verschidde Contournementer, Réaménagementen vun diversen Échangeuren, oder Projete betreffend e bessert Fonctionnement vu bestehenden öffentlechen Transport.

Mir sinn och der Meinung, dass eenzel Projete Sënn maachen, muncher duerchhaus noutwendeg sinn. Dat wëlle mer och net ofstreiden. Allerdéngs stelle mer fest, dass, trotz den Effortë vum Minister des Transports publics, fir eng gewëssen Transparenz an och eng gewësse Logik an déi nei Prozedur eranzubréngen, et awer un engem, ech wëll elo net „Management“ soen, mä un engem „Leitbild“ vun der Regierung, oder besser gesot un engem Gesamtbild feelt, dat Bild also, wat eigentlech déi eenzel Stécker vun deem Puzzle soll duerstellen.

Et ass scho virdrun ugeklungen, an ech denken, dass deen däcksten Hummer deen ass, dass eenzel Plans sectoriels, virop de Plan sectoriel «Transports», deen ech och d'lescht Joer bei d'ärselwechter Ried schonn ernimmt hat, eis nach ëmmer net heibanne virgestallt gi sinn. Wann et net annulléiert gëtt, da soll ons d'nächst Woch en Avant-projet vum Plan sectoriel «Transports» virgestallt ginn.

Datselwecht zielt fir déi Remarque, déi ech och schon d'lescht Joer gemaach hat, déi ech awer och d'lescht Joer nach eng Kéier muss widderhuelen, nämlech dat korrekt Anhale vum „Programme directeur de l'aménagement du territoire“, deen eng Rei verbindlech Aspekter beinhalt, a wou wierklech net ëmmer grad no deem gebaut ginn ass, esou wéi den Här Etgen et virdru scho gesot huet. Ee Beispill war de Mamer Lycée, obwuel déi Demokratesch Partei deen och deemools matgestëmmt hat. Deen hätt am Fong geholl net zu Mamer gehéiert, mä zum Capellener Kanton, also zu der Cap.

Dann hu mer elo den Ofschluss gehat vun enger Spezialkommissioun, déi zwéi Joer intensivt geschafft huet iwwert „d'Réorganisation territoriale“. Et muss een och soen, dass déi „Réorganisation territoriale“, déi do ganz kontrovers diskutéiert ginn ass, awer och Incidence kann hunn, zumindest dass déi Konsequenzen dovunner kënnen Incidences hunn op d'infrastrukturell Organisation vun de Gemengen, notament awer och vum Land, an net nëmmen, mä virun allem am Héichbau.

Dat heescht, et feelt eis, Här President, nach ëmmer a wéi déi lescht zwéi Joren un deem noutwendige Kader, deen eigentlech misst am Virfeld do sinn, fir datt d'Chamber kënn prezis informéiert ginn an duerno, en connaissance de cause, déi verschidde Projeten, déi sech am Fong geholl doranner mussen integréieren, stëmmen oder och eben net stëmmen. Deem ass net esou.

Mir hunn et duerfir immens schwéier fir ze wëssen, wéi dës Regierung gedenkt sech déi nächst Joren an deem Sënn ze organiséieren. Wéi kënnen mir heibanne seriö Déciounen huelen, wa mer all Joer Stéck fir Stéck stëmme vun engem vläicht Gesamtaspekt, ouni d'Richtinn fir déi nächst Joren, voire fir déi nächst Jorzéngten ze kennen?

Ech wëll hei kuerz ernimmen, dass et verschidde aktuell Statistiken, voire Pronosticë gëtt, notament wat d'Mobilitéit ubelaangt. Mir wëssen, dass mer haut Schwieeregkeeten hunn an der Mobilitéit, a meng Virriedner hu sech alleguer iwwer Staue beklot, déi op der Stroosse stattfannen. Ech wëll just bemierken, dass et schwéier ass, e

Stau op de Schinnen ze kréien, doriwwer gëtt net oft geschwat.

Mir wëssen och, dass mer mat Sécherheet eng Augmentatioun vun den Émweltschied kréien, wa mer an dëser Kadenz virufueren, notament wat d'Loftqualitéit ubelaangt. Ech denken, dass den Émweltminister, deen och haut de Mëtteg hei sëtzt, de Moment ellen domadder beschäftegt ass, verschidde Direktiven anzehalen, wat d'Loftqualitéit ubelaangt, an och probéiert déi Moosnamen, déi dofir noutwendeg sinn, als Land ze definéieren an ëmzesetzen.

Ausserdem denken ech, et wär eng Ligen, wa mer heibannen net géife soen, dass - wa mer déi Kritäre wëllen anhelen, déi an der Direktiv iwwert d'Loftqualitéit virgeschriwwen sinn - mer virun allem eppes un eiser aktueller Mobilitéit ännere mussen. Dat heescht, mir mussen virun allem massiv an den öffentlechen Transport investéieren a mir mussen eis och Gedanke maachen, wéi eng Prioritéit mer wëllen hei an dësem Land par rapport zur Mobilitéit setzen, a wéi mer déi verschidde Aarte vu Mobilitéiten eng zu där anerer en rapport wëlle setzen.

Här President, ech wëll lech nach soen, dass et hei och am Numm vu mengem Kollege Félix Braz schwätzen, deen herno net méi wäert schwätzen. Wat ons nach ëmmer gestéiert huet, an och haut erëm eng Kéier stéiert, ass, dass mir, anescht wéi anerer, déi „grands projets d'infrastructure“ eigentlech am Generelle gesinn, also dat, wat d'Mobilitéit ubelaangt, den öffentlechen Transport engersäits, an den Déifbau anereräits, als ee Ganzt, an dofir schwätzt och nëmmen ee fir eis.

Mir mierken awer ëmmer erëm och an den Aarbechten an deene verschiddene Kommissiounen, dass an där enger Kommissioun respektiv an där enger Verwaltung, déi dem Transportministère ënnersteet, iwwer öffentlechen Transport a virun allem alles, wat mat Schinnen ze doen huet, mä net nëmmen, diskutéiert, planifizéiert an och rapportéiert gëtt, an dass an deem anere Ministère, an deenen anere Verwaltungen, an där anerer Kommissioun dann iwwert de Blais vun der Verwaltung vu Pons et Chaussées iwwert de Stroossebau diskutéiert gëtt an och do rapportéiert gëtt. Wivill ee mat deem aneren am Aklang ass, sief emol dohinnergestallt.

Ons deet et e bësse wéi, wa mer de Rapporteur Clement héieren, dee seet: Ma egal wat fir eng Variant elo geholl gëtt, dat beinträchtigt eigentlech net de Projet vun der Schinn vun Esch op Lëtzebuerg. Gott sei Dank ass dat e positiven Nieweneffekt vun der Mobilitéit, dass mer wëllen de Schinnenbau ausbauen. Oder wär et vläicht net esou, dass, wann eng Variant géif de Projet vum Schinnenausbau hënneren, mer déi Variant dann emol automatesch misste fale loosse? Also, et ass einfach: Wéi gesi mir dat? A wat huet eng Prioritéit?

Do géif ech nach gären an där Diskussioun hei e puer gréng Kritik mat erabrénge, well mer awer wëllen der Regierung emol insgesamt, net nëmmen deenen zwéi Ministèren, d'Fro stelle par rapport zum Budget 2009 an iwwerhaupt zu där virsichteger Budgetiséierung, déi d'Regierung jo awer wëllt maachen an zum Deel jo och mécht, dass de Budget jo net iergendwann net méi kann opgoen, fir nëmme budgetär, nëmme finanziell ze schwätzen, wa mer am Stroossen- a virufuerer wéi bis elo an da soen: Mä kuckt emol, wat mir an den öffentlechen Transport investéieren! Kuckt emol déi Zuelen, wéi déi an d'Luucht gaange sinn! Esou vill wéi elo déi lescht fënnf Joer sinn déi Zuelen nach ni an d'Luucht gaange par rapport zum Ausbau vum öffentlechen Transport a méi prezis zum Ausbau vum Schinnentransport.

Dat erfreet eis selbstverständlech. Mä ass dat déi Politik, déi d'Regierung wëllt féieren? An ass dat iwwerhaupt eng Politik, déi finanziell, déi budgetär och liefbar ass; fir emol nëmmen de Budget ze nennen? A vläicht a court terme oder vläicht à moyen terme, ass et net un der Regierung iergendwann eng Kéier och eng Prioritéit ze setzen an ze soen, wou elo soll prioritär investéiert ginn a wou vläicht muss méi lues getrëppelt ginn?

Et bleift eng Diskrepanz op deem Punkt an et gëtt och kee Choix gemaach. D'Stroosse ginn op där enger Sait monter weider ausgebaut, well mer och wëssen, dass trotz „modal split“ 75/25 sécherlech den Individualverkéier wäert zouhuelen. D'Statistiken, d'Pronosticë bewisen dat. Ass dat e befridgend Argument, fir ze soen, dass mer elo emol alles op zweemol zwéi oder dräimol dräi ausbauen?

Ass et iwwerhaupt en Argument, wéi den Här Clement et gesot huet, wa mer eng Zuel vun 8.000 an de Spëttestonnen errechen, fir e Contournement ze bauen?

» **M. Lucien Clement (CSV), corapporteur.** - Dat ass eppes aneres.

» **Mme Viviane Loschetter (DÉI GRENG).** - Mir wësse jo awer, Här Clement - an den Här Kaes, Äre Kollege, wäert dat bestëmmt herno och nach bestätegen -, dass et ëm d'Spëttestonne geet. Dat ass jo de Problem. Voilà! Hie bestätegt et.

Also, d'Fro ass, d'Argument, fir ze soen: Wann an de Spëttestonnen eng Strooss iwwerlaascht ass, dass ass d'Argument, fir d'Strooss auszubauen. Et kann net en Argument sinn, fir ze soen: Majo, do muss mer emol eng Analys maachen, eng Etüd maachen, eng Null-Plus-Variant - fir deen Term emol erëm opzegräifen - envisagéieren a kucken.

Hei ass awer eng Geleeënheet, fir an den öffentlechen Transport ze investéieren, anstatt dass mer fir d'éischt emol d'Stroossen ausbauen, souwiesou erëm Stau kréien an da vläicht an enger zweeter Phas, wa mer endlech vläicht e bësse besser kapéiert hunn, dass mer domadder weder der Mobilitéit nach onse Finanzen nach onser Émweltpolitik hëlfele, nach der Liewensqualitéit vun onse Leit, déi hei wunnen an déi geplot sinn, hëlfele, effektiv wëllen driwwer nodenken, wéi mer kënnen an den öffentlechen Transport investéieren.

Ass et net elo un der Zäit fir emol iwwer Plan-sectoriellen, iwwer Organisatiounen vun onsem Land fir déi nächst Jorzéngten ze kucken, wou eng Prioritéit muss gesat ginn a wat da muss zréckgeschrafft ginn?

An deem Kontext, Här President, ass déi Diskussioun d'lescht Joer gefouert ginn zu deem heiten Exercice. Déi Diskussioun féiert och de Minister vun den Travaux publics, notament och an de Medien, iwwert deen noutwendigen Ausbau vun der Metz an der Areler Autobunn. Mir gesinn och do eng Grozon, well mir natierlech Bedenken hunn iwwert deen Ausbau, well mir net kënnen op viabel Etüden zréckgräifen, ausser déi, dass d'Zuel vun den Autoen zouhelt an dass mer mussen alles verbreedern, fir dass d'Autoen e bësse méi sécher virkommen. Wie seet ons, dass an e puer Joer d'Autoe méi séier do virkommen, mä net vläicht méi an der Breet am Stau stinn?

Da wëll ech awer och nach derbäifügen, an dat ass firwat mir dës Motioun wëllen an dës Diskussioun hei eraféieren, dass mer éischten gären hätten d'Presentatioun an d'Konklusiounen vum Plan sectoriel «Transports», dass mer gären hätten, dass emol Null-Variant-Etüde gemaach ginn zum Ausbau vun den Autobunnen op zweemol dräi Bunnen an dass mer mussen ee fir allemol d'Regierung opfuerderen als Regierung - an net als eenzel Ministeren, als eenzel Ministèren an eenzel Verwaltungen - ze denken.

An dorauer muss mer kucken, ob mer wierklech eng Plus-value hunn, ob mer wierklech herno besser ewechkommen, ob mer souguer vläicht herno net méi Suen ausginn, wa mer esou massiv an d'Verbreederunge vun den Autobunnen investéieren, ob dat eis net op anere Punkte vill méi deier ze kaschte kënn, wéi wa mer elo dat doten emol suspendéieren an emol kucken, wéi mer kënnen effizient an effikass an den öffentlechen Transport investéieren.

Dozou wëll ech hei eng Motioun ofginn.

Motion 3

La Chambre des Députés, considérant

- que le débat sur le financement des grands projets d'infrastructures réalisés par l'État exige des membres de la Chambre des Députés de prendre en considération les exigences d'une mobilité à moyen et à long terme en respectant également les engagements passés dans d'autres domaines tels que pour la protection du climat ou encore la qualité de l'air;

- que le bon fonctionnement de notre économie exige le développement d'une mobilité durable en respectant assez rapidement la première phase du „modal split“ de 25/75, rapport qui devra évoluer considérablement en faveur des transports en commun dans les prochaines décennies;

- que le plan sectoriel «Transports» n'en est toujours qu'au stade d'avant-projet et que compte tenu de la complexité de ce dossier il ne puisse pas être considéré comme base légale pour la planification coordonnée de la mobilité;

- que le Ministre des Travaux Publics a annoncé, en plus des projets routiers qui sont actuellement présentés à la Chambre des Députés, d'autres grands projets routiers comme l'élargissement des autoroutes A3 et A6 à 2x3 voies;

- que les effets de ces projets d'élargissement d'autoroutes sur la mobilité et la qualité de l'air de la région «Centre» ne semblent pas avoir été analysés en détail;

- *qu'il est indispensable dans tout grands projets d'infrastructures de comparer différentes solutions de substitution dites variantes 0+ (alternatives à développer dans le domaine des transports publics et de la mobilité douce);*

invite le Gouvernement

- *à suspendre les travaux en relation avec la planification des projets pour l'élargissement des autoroutes A3 et A6 à 2x3 voies au moins jusqu'à ce que le plan sectoriel «Transports» ait été établi, discuté et arrêté et que les variantes 0+ aient été analysées en relation avec la mobilité et la qualité de l'air de la région Centre.*

(s.) *Viviane Loschetter, Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss.*

Fir de Rescht, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, denken ech, datt dat, wat ech elo hei gesot hunn, Argumenter genuch sinn, fir dem Här Clement a menger Kommissioun ze erklären, firwat mir déi Motioun vun der Travaux-publics-Kommissioun net kënne matdroen a firwat mir ons och wäerte bei där Motioun enthalten. A well mer jo awer wëssen, datt am öffentlechen Transport e risegen Nachholbedarf ass, mat oder ouni Plan sectoriel «Transports», dat ass och d'Ursaach firwat mir déi Efforten, déi gemaach ginn, fir d'Fonctionnement vun aktuellen öffentlechen Transport sécherzuehalen an déi Motioun vun der Commission des Transports mat ënnerstëtzen.

Merci.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Madame Loschetter. Dann huet den Här Mehlen d'Wuert.

» **M. Robert Mehlen (ADR).** - Merci, Här President. Mir sinn haut mat engem Débat a mat zwou Motiounen befaasst, fir déi grouss Projeten ze approvieren, déi d'Regierung wëllt an d'Detailplanung huelen. Ech wëll hei ënnersträichen, datt dat déi Projete sinn, déi iwwer 7,5 Milliounen wäerte kaschten. Dat heescht, dat ass net de ganze Programm, deen d'Regierung sech virgeholl huet. Et sinn och grouss Projeten, déi vläicht net grad 7,5 kaschten, mä duerfir net noutwendegerweis dann hei zur Sprooch kommen. Ech hunn net ganz vill Zäit, duerfir wëll ech direkt op eenzel Saachen agoen.

Dat eent ass de Prisong zu Suessem. Här President, mir sinn der Meenung, datt et eng Failliteerklärung vun der Politik - vun dëser a vun deene vieregte Regierungen - ass, datt mer iwwerhaapt deen zweete Prisong musse bauen. Et ass d'Resultat vun enger verfeeltener Jugend- an Drogopolitik hei am Land.

Éischtens, d'Resultat vun enger verfeeltener Schoulpolitik, déi all Joer eng Onmass Jonker aus der Schoul erauskatapultéiert, ouni datt se déi néideg Qualifikatioun hunn an déi iwwert den Échec scolaire - net alleguer, Gott sei Dank, mä deelweis - am Misär an dann och herno eventuell an der Kriminalitéit landen.

Zweetens, an der Drogopolitik, wou mer scho laang verlaangen, datt Lëtzebuerg misst nei an innovativ Weeër goen; dat heescht - an do hätt ee mat engem Pilotprojet am Heroin kënne ufänken -, iwwer eng medezinesch kontrolléiert Drogenabgab a Begleedung vun deenen, déi ofhängeg sinn, dem Drogemaart d'Waasser ofgruewen, dem Drogenhandel d'Waasser ofgruewen.

Mir wëssen, datt ronn d'Halschent vun deene Leit, déi zu Schraasseg setzen, iergendwéi mat der Drogoproblematik konfrontéiert sinn. Wa mer dat an der Vergaangenheet resolut ugaange wäeren, dann hätt mer der wahrscheinlech wesentlech manner do setzen.

Drëttens, an och dat ass e Skandal fir dat räicht Land hei, dat ass, datt mer et net fäerdeg bréngen, déijéineg, déi am Prisong setzen, esou ze resozialisieren, datt se net méi réckfällg ginn. Mir wëssen, datt mer eng ganz héich Réckfallquot hunn. Och dat erkläert, woufir datt de Prisong zu Schraasseg de Moment iwwerbeluecht ass.

Souwäit, wat d'Bâtiments publics ubelaangt. Ech kann net op alles agoen.

Ech géif da gären zu de Stroossebauprojete kommen. Et ass eng grouss Diskussioun, awéiwäit datt den Individualverkéier nach eng Zukunft huet. Ech wëll hei generell soen, datt mir der Meenung sinn, datt den Individualverkéier och weiderhin eng grouss Zukunft wäert hunn.

Datt eis Autoen an Zukunft manner wäerte verpeschten, dat ass net nëmmen e Wonsch, mä dat ass eng Noutwendegkeet,

vu datt de Sprit ëmmer méi rar an ëmmer méi deier gëtt, a vu datt och d'Automobil-firme gezwonge ginn, mat neien Technologiën ëmmer méi propper Autoen ze bauen. Ech perséinlech - an ech mengen, och déi meescht aus menger Fraktioun - gleewen drun, datt iergendwann, souguer a relativ kuerzer Zäit, eng ganz Partie Autoe mat elektreschem Antrieb wäerte funktionnéieren. Esou datt dat Argument, datt mer d'Émwelt géifen ze vill belaaschten a verpeschten, menger Meenung no laangfristeg - an hei schwätze mer jo vu laangfristeger Planung - net onbedéngt realistesch ass.

E Wuert zur Nordstrooss, wou elo dann erëm e weidert Stéck soll ausgebaut ginn op véier Spuren. Dat ass ze begréissen, well ee weess, wéi geféierlech datt ganz besonnesch zu Kolmer-Bierg do deen Iwwergang ass. Et stellt sech an deem Zesammenhang natierlech d'Diskussioun, wéi ee weiderfiert no Norden.

Mir sinn, Här President, Här Minister, absolut der Meenung, datt den Norden déiselwecht Infrastrukturen, deeselwechten Accès zum Zentrum vum Land muss hunn, wéi och déi aner Regiounen am Land. Den Oste profitéiert vun enger Autobunn, déi gutt ausgebaut ass. De Süden huet ganz denses Verkéiersinfrastrukturen, Stroosseninfrastrukturen. Et kann net sinn, datt deen Deel vum Land, dee vläicht e bësse manner dicht bevölkert ass, mä deen awer amgaang ass, sech bevölkerungsméisseg séier ze entwéckelen, an där Bezéiung stiefmütterlech behandelt gëtt.

Allerdéngs muss een d'Fro hannendru stellen, Här President. Bréngt dat et da leschtenenns, wa mer net gläichzäiteg eng Partie aner Aufgabe léisen? Wa mer et nëmme fäerdeg bréngen, datt d'Leit méi séier vun Housen oder vun Ettelbréck erof op Luerenzweiler oder an den Tunnel Grouff kommen, fir dann do eng Stonn am Stau ze stoen, dann hu mer natierlech net vill geschafft.

» **Une voix.** - Dat ass richtig.

» **M. Robert Mehlen (ADR).** - Dat anert ass - an do si mir och dervun iwwerzeegt -, datt een all deene Leit, déi regelméisseg schaffe fueren oder an d'Schoule fueren, eng optimal Verkéiersinfrastruktur op der Schinn och am Norde muss ubidden. An dozou gehéiert, datt d'Zich pünktlech, regelméisseg kënne verkéieren.

Mir sinn och ganz kloer fir en uerdentlechen Ausbau vun der Nordstreck. Et ass eigentlech onbegräiflech, datt d'Leit virun 150 Joer a mat deene Moyenen, déi se haten, déi Streck an Zäit vun zwee, dräi Joer gebaut haten, an datt mir eis haut - ech erkennen un, bei lafendem Betrib ass esou en Ausbau méi schwéier wéi wann näscht an där Bezéiung besteet, mä - mat deenen technesche Mëttelen, déi mer hunn, esou schwéierdoen, fir deen Ausbau esou ze maachen, wéi en am Fong geholl sollt sinn.

Eng Viraussetzung ass, an den Här Schaaf hat et ugeschnidden, datt mer bei all deenen Arréten op där Streck och Parkméiglechkeete genuch hunn, fir de Leit et liicht ze maachen, fir eng kuerz Streck ze fuere mat hirem Auto bis do wou se den Zuch kënne huelen, an datt och d'Frequenz vun den Zich héich genuch ass, datt se net ze vill Zäit verléieren, wa se dann eventuell op den Zuch musse waarden.

Ech hu vum Stau geschwat, an deem déi Leit stinn, wann déi Autobunn eng Kéier fäerdeg ass - Här Minister, mir hoffe jo, datt mer se eng Kéier fäerdeg hunn - bis op de Kierchberg. A wat passéiert dann?

An dobäi kommen ech op déi Projeten, déi haut net diskutéiert ginn, wou mir awer der Meenung sinn, datt et eng Prioritéit misst sinn: dee Fläschchenhals uewen am Accès vum Kierchberg vun der Tréierer Autobunn, wou een erafiert, fir op de Kierchberg ze kommen, wou muttwéilegerweis e Fläschchenhals konstruëiert ginn ass a Form vun engem Kreesverkéier, duerch deen alleguer déi, déi vun Oste kommen a spéiderhin déi vun Norde kommen, sech müssen duerchquälen; wat guer net misst si fir déi, déi riichtduerch fueren. Wann een déi Unterführung ënnert dem Rond-point erduerch jeeweils zweespureg gebaut hätt, da wär et nëmmen halléif esou schlëmm wéi et elo ass.

Et gëtt an Zukunft, wann dat doten ass, mir hu jo schon dacks driwwer geschwat, esou schlëmm, datt dee Verkéier net méi ze meeschten ass. Duerfir, Här Minister, wier et dréngend néideg, datt dee Projet och heihinner géif kommen, fir dee Fläschchenhals do ze eliminéieren.

Well - an doriwwer si mer eis eens - egal wéi eng Entwécklung de Kierchberg wäert huelen, mir bréngen et net fäerdeg, den öffentlechen Transport, déi ominéis Eisebunns-

streck vun Hamm erop iwwert de Findel an dann erëm d'Kéier erof op de Kierchberg - mat där mir net d'accord sinn, well mer eng besser Solutioun gesinn - zur Zäit fäerdeg ze hunn, fir déi Leit, déi och nach bereet wäeren, fir mam Zuch dohinner ze fueren, iwwerhaapt dann dohin ze kréien. Et gëtt keng Solutioun. Well mer esou ënner Zäitrock stinn, muss dat do aus der Welt geschafe ginn. Dat ass mat näscht ze justifiéieren.

Eppes anescht ass de Réckbau vun der aler Kierchberger Autobunn, deen och muttwéiles gemaach ginn ass. Et war ursprüngelech geplangt, iwwert dee Wee d'Verbinding eriwuer op d'Areler Autobunn ze maachen. Dat war menger Meenung no eng gutt Solutioun, well se net allze deier kascht huet a well se realisabel gewiescht wär. Elo schwätze mer dervu fir d'Westtangenten - an dat ass och eng Demande vun eiser Säit - dach awer fäerdeg ze maachen, fir op der Ostsäit d'ganz Infrastrukturen e bëssen ze entlaaschten.

E weidere Projet, dee mir géife begréissen, wann en endlech géif an Ugrëff geholl ginn, ass dee vum Contournement vun lechternach. Här President, datt freet lech sécher ganz besonnesch. Et ass schon 30 Joer, wou doriwwer geschwat gëtt a wou elo mat ganz klengen Schrëtt op der fréierer Charly Trace dëst Joer dräi Milliounen virgesi sinn, fir do den Ausbau ze maachen. Mir wëssen alleguer, datt dat Fléckaarbecht ass.

Nodeem datt mer eng grousszüeg Léisung fir Jonglënster fonnt hunn, nodeem datt d'Regierung plangt, och eng grousszüeg an net bëlle Léisung fir Ettelbréck virzugesinn op Feelen eriwuer, wär et wierklech un der Zäit, datt fir lechternach eng seriö Planung géif gemaach ginn, qui tient la route, wou een och wierklech gesäit, datt et zu enger uerdentlecher Entlaaschtung kënn.

Här President, mir bleift net méi vill, fir iwwert d'Eisebunn generell ze schwätzen. Mir droen déi Projeten alleguer mat. Mir si fir den öffentlechen Transport. Mir si fir eng modern, leeschtungsfäeg Eisebunn. Mä dat kann nëmme funktionnéieren, wann do, wou d'Eisebunn zesummeleef, do, wou dee gréisste Verkéier zesummekënn hei um Terrain vun der Stad Lëtzebuerg, déi richtig Solutioun fonnt gëtt. Dat kann den Tram net sinn. Den Tram ass en noutbeholfenen Ersatz fir déi vill Bussen, déi lafen, awer e bréngt keng Plus-value.

D'Plus-value - a mir ginn net fäerdeg als Partei, als ADR, dat hei ze soen - kann nëmmen dra leien, datt mer den Zuch ënnert der Stad erduerch lafe loosse mat verschiddene Gare, déi mer do ariichten, datt een d'Leit, déi vun Norden, vu Süden, vu Westen a vun Osten an d'Stad wëlle kommen an erëm heemfueren, direkt esou wäit wéi méiglech op d'Plaz bréngt, ouni datt se mussen iwwert d'Gare op en Tram goen, deen et da leschtenenns dach net bréngt, an do erëm de Problem just verlageren.

Här President, ech gesinn, meng Riedezäit ass ofgelaf. Ech hätt nach vill ze soen. Trotz allem wäerte mir déi zwou Motiounen matstëmmen, mä mir mellen hei, wéi gesot, Diskussionsbedarf u fir Projeten, déi dréngend musse gemaach ginn, wann dat heite soll e Sënn hunn.

Ech soen lech Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Här Mehlen. Den nächste Riedner ass den Här Ali Kaes.

» **M. Ali Kaes (CSV).** - Här President, Dir Häre Ministeren, Kolleeginnen a Kolleegen, fir d'éischt erlaabt mer och deenen zwee Rapportere villmools Merci ze soe fir déi detailléiert Presentatioun vun deenen zwee Dossieren, wou a sech all déi grouss Infrastrukturen, déi sollen an där nächster Zäit konkretiséiert, geplangt an ëmgesat ginn, dran zréckbehale sinn.

Ech wëll och an deem Sënn der Regierung an notament deenen zwee zoustännege Ministere félicitéiere fir all dat, wat se, zousätzlech zu deem, wat schon alles an deene leschte Jore virgedroe respektiv zréckbehale ginn ass fir ëmzesetzen a wat och an Zukunft nach wäert presentéiert ginn, zustane bruecht hunn.

Erlaabt mir spezifesch iwwert den Norden ze schwätzen an iwwer alles dat, wat am Norden a puncto Travaux publics geschitt respektiv och scho geschitt ass.

Ech wëll fir d'éischt soen, datt an där Legislativperiod hei ënnert dem Minister Claude Wiseler am Beräich vun de Schoule ganz viles am Norde sech gedoen huet.

Réiden huet e ganz flotte Lycée kritt, wovunner ee sech bei der Aweiung konnt iwwerzeegen a vun deem senger Effikassitéit ee sech och konnt iwwerzeegen. Dann ass et esou, datt an engem enorm schnellen Tempo zu Dikrech e provisoresche Lycée

technique gebaut ginn ass, fir kënne och eng ronn 600 Schüler opzehuelen. Do derneient gëtt Wolz weider ausgebaut, mat deene Schwierigkeeten, déi mer kennen, well gläichzäiteg Schoul an deem Gebai gehale gëtt. Beim Lycée technique vun Ettelbréck ass amgaang geplangt ze ginn, fir eng Rei Verbesserungen an deem Lycée ze realisieren. Doriwwer eraus ass awer awer virun allem endlech e Site fonnt gi fir d'Akerbauschoul, an et ass eng Décisioun geholl ginn, fir datt Clief e Lycée kritt. Alles dat ass ganz vill.

Et bleift awer och nach ze erwähnen, datt bei der Hotelschoul eng ganz Rei vu Problemer de Moment nach sinn, mä datt och do den zoustännege Minister amgaang ass ze kucken, fir Solutiounen mat senger Leit zesammen ze fannen, fir och déi Boboe vun deem Lycée ze behiewen.

Ech mengen, dat ass ganz vill. An ech kann nëmmen dem Minister félicitéiere fir alles dat, wat en dach awer an där Legislativperiode a Bewegung bruecht huet a puncto Schoulen am Norden.

Doriwwer eraus gëtt et natierlech - an ech mengen, jidderee weess et - mä ganz speziellen Dada. An dee speziellen Dada ass d'N7.

» **Une voix.** - Ah jo!

» **M. Ali Kaes (CSV).** - Ech wëll drun erënneren, datt ech de 14. Juli 2005 bei Geleeënheet vum Projet de loi 5477, vun deem ech Rapporteur war - wou et drëm gaang ass, eng drétt Spur an de steigenden Tunnel Grouff ze maachen, mat engem zousätzleche Säitentunnel, wat d'Sécherheet ubelaangt, mat enger ganzer Rei aneren eenzelnen Elementer op där sougenannter Nordstrooss, op där sougenannter A7 -, uschléissend op déi Problematik tëschent dem Kreesverkéier oder dem Krees Fridhaff an dem Ufank vun der A7, nämlech ganz besonnesch och ronderëm Schieren opmierksam gemaach hunn.

Ech hunn deemools gesot, datt et zwar immens gutt ass, datt mer déi A7 esou sécher maachen, d'Tunnele ganz sécher maachen, mä datt vläicht awer eng ganz Rei Leit aus dem Norden net bis dohinner kommen, well se - dat kann een alles noliesen - um Contournement Schieren an deem Doudeskanal, wéi ech en nach ëmmer nennen, esou wéi en haut ass, dann en Accident, jo souguer e schwéieren Accident hunn.

Ech hunn deemools och gesot, datt een am Kader vun der Entwécklung vun der Nordstad misst ganz kloer mindestens emol an enger éischer Phas bis op de Rond-point Fridhaff d'Veierspuregkeet realisieren. Dat wier fir d'zukünfteg Entwécklung vun der Nordstad vu ganz grousser Wichtigkeet.

Deemools, Här Minister, waart Der net esou begeeschtert iwwer meng Ausso hei - och dat kann ee noliesen -, mä ech muss awer soen, Dir hutt ganz schnell iwwert déi do Suggestiounen nogeduecht. An ech si ganz frou, datt mer haut déi Suggestiounen vun deemools als Projeten um Pabeier hunn, déi an der Zukunft solle realiséiert ginn. Nämlech virun allem de Contournement vu Schieren, dat Ganzt a méi Phasen, mä an enger zweeter, drëtter Phas dann awer och d'Veierspuregkeet bis op de Fridhaff.

Mäi Kolleeg, de Jean-Paul Schaaf, huet ugeschnidden, wou elo nach eng ganz Rei Problemer sinn, an huet hei déi Problemer presentéiert. Ech wëll net nach eng Kéier dorop agoen. Mä wa mer dann nach d'Ubannung vun engem Contournement Ettelbréck - well déi Ettelbrécker brauchen onbedéngt e Contournement vu Feelen un - emol realiséiert hunn, dann hu mer sécher scho verkéierstechnesch a sécherheetsstechnesch esou munches ronderëm d'Nordstad realiséiert.

Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären, da si mer beim Rond-point Fridhaff.

Ech erzielen lech näscht Neies, wann ech soen, datt et fir mech a fir déi meescht Leit, déi un där N7 leien, keng Alternativ zum Ausbau vun enger véierspureger Strooss gëtt, déi bis op Wäpperhaart geet respektiv bis dohin, wou eng Kéier ganz sécher eis belsch Noperen, déi amgaang sinn ze plangen, op hirer Säit eppes maachen, fir déi katastrophal Situatioun, déi op hirer Säit besteet, ze behiewen, an och do eng propper

Ubannung ze maache bis un d'Autobunn, déi op Léck féiert. An dat ass eng Ursach, firwat mer en Ausbau vun där N7 op véier Spure brauchen.

Déi zweet Ursach ass ganz einfach d'Sécherheet op där N7, déi, mat där ëmmer wisselnder Prioritéit fir kënnen ze iwwerhuelen, eng ganz Rei Geforen huet mat all deene Situatiounen, wou ee queesch iwwert déi Strooss muss fueren, fir sech an de Verkéier anzereien. Alles dat entsprécht net méi deem Verkéiersopkommes, wat haut do ass.

Et muss een nëmme kucken, wéi vill de Verkéier zougeholl huet an deene leschte Joren. Ech wëll nëmme just hei rappeléieren, datt vun 2000 bis 2007 ronderëm Hengescht de Verkéier ëm 40% zougeholl huet a siwe Joer - vill méi séier wéi een dat IVL-méisseg geschat hat. Ronderëm Housen huet en nach méi wéi 40% zougeholl, an dat dote wäert sech an deenen nächste Jore weiderentwéckelen.

Et ass also ganz kloer esou, datt een einfach muss eng global Léisung haut plangen, fir se an deenen nächste Joren an där Form kënnen ëmzesetzen.

Ech wëll dann awer net nëmme hei d'Sécherheet an den zousätzleche Verkéier, deen an den nächste Joren op där Strooss wäert opkommen, erwähnen, mä ech wëll och ganz einfach soen - an et ass vun engem vun de Virriedner scho gesot ginn -: Den Norden huet Recht op déiselwecht Infrastrukture wéi aner Regiounen. Den Norden huet och Recht op en normalen Développement. An ouni adequat Transportinfrastrukture geet dat net.

Selbstverständlech ginn ech der Madame Loschetter absolut Recht, datt mer och zousätzlech an den öffentliche Transport investéieren mussen, mä dodrop kommen ech nach.

Ech kann nëmme dat ënnersträchen, wat de Jean-Paul Schaaf gesot huet an och anerer, vun der Zweegleisegkeet vun der Nordstreck, mä dozou gehéiert ganz einfach och, datt mer eis Stroossen deementsprechend dévloppéieren, datt se sécher sinn, datt se effikass an zukunftsorientéiert sinn. Mir wäerten net manner, mä méi Individualverkéier kréien.

Wann ech dann déi zweete Projete, déi ronderëm Housen, d'Ëmgehungsstrooss Housen an d'Ëmgehungsstrooss Hengescht kucken, selbstverständlech si mer do uewe ganz frou, datt dat geschitt. Mä et muss ee sech och ganz kloer d'Fro stellen, ob et net dach awer méi sënnavoll wier, wa mer d'Baggere schon dohinner huelen - ech wëll just nach eng Kéier rappeléieren, datt dat eent 2.800 Meter, an dat anert 1.800 Meter sinn -, datt mer dann higinn an dat Stéck, wat téschent deenen zwee Contournementen läit, direkt mat aménagéieren, an datt mer dann u sech e Stéck vu ronn 14 km schonn direkt fäerdeg stellen. Et gétt sécher laangfristeg méi bëlleg an et ass och sécher méi effikass, wa mer géife vu virun Housen bis hanner Hengescht direkt eppes Ganzes maachen. Dann hätte mer dat Stéck scho fäerdeg.

Wa mer da gläichzäiteg, wéi ech virdu gesot hunn, dat, wat elo an de Pabeieren drasteet, bis op de Rond-point Fridhaff no ënne fäerdeg hätten, an dann, an eng nächster Phas, dat Stéck do dertëscht, da kréiche mer mëttelfristeg effektiv dat lescht Stéck no uewe bis op d'Grenz fäerdeg a mer kréichen eng Strooss, déi mer brauche fir den Norden, well dat do ganz einfach d'Oder ass, fir den Norden zumindest op där ganzer Säit ze dévloppéieren.

Ech ginn net midd dat ze soen, an ech wëll och hei drun erënneren, datt den 28. Juli 13 Schäfferéit - an den Här Minister war séier iwwerrascht, wéi esou vill Leit a sengem Sall souzen - mat enger ganz grousser Vehemenz - zwar ganz konstruktiv a fein, esou wéi mer dann eben am Norde sinn - dem Här Minister ënnerbreet hunn, datt déi 13 Gemengen, déi do concernéiert sinn, sech net wäerte ginn, ech soen dat emol esou, bis mer endlech dat Zil do erreecht hunn. Dat ass ganz kloer, an et wier, wann ech dat hei net géif erwähnen, net korrekt vis-à-vis vun all deene Kolleegen aus deene verschiddene Schäfferéit.

Trotzdem wëll ech ganz kloer Merci soe fir alles dat, wat elo scho geschitt, a wann Dir, Här Minister, gradesou schnell an déi richteg Richtung reagéiert, wéi Dir dat an deene leschten dräi Joer gemaach hutt, mengen ech, wäert do kee Problem méi sinn, an da wäerte mer relativ schnell déi N7 op véier Spure ausgebaut hunn. Et sief, an dat ass dann en anere Problem, et géif bei esou engem Projet wéi deem do, dee jo natierlech och ee bestëmmten Impakt op eis Natur huet, gradesou vill Problemer ginn, wéi et de Moment Problemer gi fir d'CRen op déi normal Situatioun ze bréngen, esou wéi den Transportminister se brauch, wann hien zousätzlech Bussen asetzt, fir zousätzlechen öffentliche Transport ze realiséieren.

Ech kann lech nëmme fir alles félicitéieren, Här Lux, wat Dir am öffentliche Transport gemaach hutt. Wann den Transportminister awer zousätzlech Busse fuere léisst - an dat geschitt op Stroossen, wou e Bus an en Auto emol net laanschtenee kommen - a vergësst mam Ëmweltminister ze schwätzen, fir sécherstellen, datt d'Strooss och déi néideg Breet huet, datt och zwee Busse laanschtenee kommen, an dann all méiglech Argumenter an d'Feld gefouert ginn, virun allem d'Argument vun der „Beauté du paysage“ - dat schéngt eng fantastesch Expressioun ze sinn, ënner där een am Norden alles soll op besser Geesseped loosse -, dann deet et mer leed, well dat dee falsche Wee ass.

Duerfir, Här Lux, wier ech ganz frou, wann Dir et géift fäerdeg bréngen, an Zukunft an deem anere Ministère, fir deen Dir zoustänneg sidd, déiselwecht Effikassitéit eranze kréien, wéi dat am Transportministère de Fall ass. Dat géif eis allegueren hëllef, an ech kéint mer souguer virstellen, datt et och an de Verwaltunge vun Ärem Noper eng Rei Saache géif vereinfachen. An deem Sënn wollt ech zum Schluss kommen.

» M. le Président. - Här Klein, wollt Dir eng Fro un den Här Kaes riichten?

» M. Jean-Pierre Klein (LSAP). - Ech hunn dem Här Kaes mat Interessé nogelauschert iwwert den Asaz fir den öffentliche Transport am Norden. Wéi steet et da mat der Eisebunnsverbindung téschent Eitelbréck an Dikrech?

» M. Ali Kaes (CSV). - Majo, Här Klein, et ass ganz einfach. Den Här Lux huet viru kuerzem nach gesot, bei Geleeënheet vum Kongress vum Syprolux, datt de Moment emol déi Streck an där Form géif bestoe bleiwen. Ech wëll lech do ganz einfach meng perséinlech Meenung soen, Här Klein. Et wier fir mech en absolut falscht Signal, wann een, an engem Moment, wou mer nei Schinne wëlle leeën, géif bestoend Schinnen ofbauen. Dat wëll ech ganz kloer dozou soen, a méi wëll ech net dozou soen. Ech hoffen, datt dat eng Äntwert op Är Fro ass.

Ech kann lech nëmme just nach eng Kéier villmools Merci fir d'Nolauschtere soen, an nach eng Kéier dem Här Minister Lux un d'Häerz leeën, datt hie vläicht a sengem Ëmweltministère kuckt, datt dee wierklech e bësse méi effikass gétt, well ech kann lech soen, datt et esou munch Gemenge ginn, déi schweier sauer sinn. Dir konnt viru kuerzem an der Zeitung liesen, an dat wollt ech hei nach soen, datt déi Gemeng am Norden, wou Dir jo dach awer e weindeg Attachen dozou hutt, nämlech d'Gemeng Eilen, och déi Onzeffriddenheet am Gemengerot zum Ausdrock bruecht huet. Ech kann lech och soen, datt vill aner Gemengen déiselwecht Onzeffriddenheet hunn, an datt et wierklech wichtig wier, wann eppes an där doter Richtung am positive Sënn géif geschéien. Dat gesot, ginn ech d'Zoustëmmung zur Motioun fir d'Infrastrukturen, déi an de Beräich vun den Travaux publics fallen.

Ech soen lech Merci.

» M. Robert Mehlen (ADR). - Wéi ass et da mat dem zweespuregen Ausbau vun...

» M. le Président. - Merci, Här Kaes. Dee leschten ageschriwwene Riedner ass den Här Bettel.

» M. Xavier Bettel (DP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt just op ee spezifesch Punkt agoen, an dat ass de Bau vun enger Maison d'arrêt zu Suessem. Et ass elo Zäit, dass zu Lëtzebuerg verstante gétt, dass Schraasseg net en Dépotoire ass fir alles, vun deem mer net wëssen, wou mer sollen domadder higoen.

Et gétt endlech fir d'Kanner eng Struktur gebaut - gétt gebaut, et ass jo nach net fäerdeg -, et gétt e Centre fir déi Réfugiéen, déi déboutéiert gi sinn, gebaut. Mir hunn haut awer nach ëmmer zu Schraasseg vun allem, och Détenus préventifs a Condamnéierter,

dat heescht, dass alles zesummen ass, an dat ass net gutt. Am Ausland sinn och selbstverständlech d'Maison d'arrêt an de Prisong getrennt, an et soll een d'Leit net zesummesetzen. Deen een ass jo nach ëmmer prësümüert innocent ze sinn, vis-à-vis vun deem aneren, deen eng Strof kritt huet.

Här President, et kann ee sech awer virstellen, mat där Plaz, déi elo an deem heiten Text zu Suessem ausgesicht ginn ass, dass intensiv muss virum Bau gekuckt ginn, zesumme mat den Organisations judiciaires, fir dat ze organiséieren. Dir wësst, dass d'Gerichter ëm néng Auer ufänken - a vu Suessem bis an d'Stad dauert et ganz laang -, dat heescht, wa Stauen do sinn.

An déi zweet Saach ass virun allem, Dir gesitt et jo och regelméisseg hei an der Stad, wa geféierlech Détenuen transportéiert ginn, dass do d'USP mat fénnef Autoe kënn, mat Helikopter. Ech froe mech, wéi dat op der Autobunn geet, wann déi moies zou ass. Ech weess net, ob et da riets laanscht geet, mä do sinn d'Autoen ze breet, dat heescht, du point de vue Organisation wëll ech net wëssen, wéi dat gebaut gétt. Da gétt mer vläicht eng Kéier gesot, dass d'Autobunn muss vergréissert ginn. Ech stelle mer just déi technesch Fro, wéi dat soll goe mat Suessem.

» M. le Président. - D'Zäit ass eriwwer.

» M. Xavier Bettel (DP). - Här President, déi Fro, déi ee sech dann awer kéint stellen - ech weess, dass den Här Wiseler net dofir responsabel ass, mä ech hat et schonn e puermol soulevéiert, och wann ech net vum Beziirk Süde sinn -, ass déi no der Opportunitéit vun engem Beziirksgeriicht zu Esch. Mir hu schonn e puermol gefrot - an dat soll een net vergiessen, och wa mer hei elo beim Bau vun engem Prisong zu Suessem sinn -, ob zu Esch net och sollt e Beziirksgeriicht sinn. Et gétt eent zu Dikrech, et gétt eent an der Stad, mir hunn dat scho gesot, a mir insistéieren nach eng Kéier, dass des Regierung déi Iddi eng Kéier sollt an d'Weeër leeden.

Merci, Här President.

» M. le Président. - Merci, Här Bettel. Dann huet d'Regierung d'Wuert, den Här Bauteminister.

» M. Claude Wiseler, *Ministre des Travaux publics*. - Merci, Här President. Ech hunn u sech zu deenen Ausféierungen, déi den Här Clement gemaach huet, fir déi Projete vun den Travaux publics ze explizéieren, net vill ze soen. Dat war komplett. Dat war genau dat, wat ech och gesot hatt, wann ech se ze présentéiere gehat hatt.

Zu deene Froen an zu deenen Aussoe vun deenen eenzelne Fraktiounen e puer Punkten, wou ech wëll Stellung huelen. Den Här Etgen huet mer jo eppes reprochéiert, andeem hien déi Prozedur, déi mer hei ageschloen hunn, awer gutt fonnt huet. Och ech fanne se am Nachhinein ëmmer besser, wann ech kucken, wéi mer kënnen domadder schaffen a wéi eis Relatiounen mat der Chamber doduerch op en Niveau komm sinn, deen extrem sachlech ass, sou datt ech de Kommissiounen, souwuel där vun den Travaux publics wéi och där vun der Exécution budgétaire, villmools Merci soe fir déi Aart a Weis, wéi mer kënnen zesummeschaffen.

Den Här Etgen huet mer awer als Reproche gemaach, datt et net soll eng Wonschlëscht ginn, wou een am Fong nëmme ausdréckt, wat ee gär hatt, mä datt et soll eng Léscht ginn, déi an d'Realitéit ëmgesat gétt.

Ech muss soen, mir hunn niewent der Prozedur, datt mer hei eng Kéier au préalable iwwert d'Projete schwätzen, gesot, datt mer an der Planifikatioun, déi mer maache vun deenen eenzelne Projeten, wesentlech méi wäit géife fuere wéi soss, wesentlech méi wäit wéi den APS, den Avant-projet sommaire, mä eng Phas vun engem Avant-projet définitif géife plangen, fir datt mer duerno och iwwert dee finanzielle Volume besser gesinn an och méi sécher plange kënnen.

Dat heescht awer, datt mer mateneen och ofgemaach hunn, datt déi Planifikatiounsphas méi laang Zäit brauch, fir fäerdeg ze ginn, an datt et evident ass, datt déi Zäit, déi vergeet, ier erëm e Projet an d'Chamber kënn, vläicht e weindeg méi laang ass wéi virun. Dat heescht awer och, datt, wa mer bis an der Chamber waren, d'Programmation an de Bau selwer kënn méi schnell a méi sécher gemaach ginn.

Et ass also eppes Komplettes un där Prozedur. Dat heescht, datt Dir vläicht vu verschiddene Projeten dann een, zweet Joer näischt méi héiert, bis mer mat engem APD fäerdeg hei kënnen an d'Chamber kommen. Mä ech kann lech soen, op deene Projeten, déi mer lech an deene leschten zweet Joer virgestallt hunn, gétt geschafft, an do si mer

mat enger ganzer Rei Projete geschwé prett, fir kënnen heihinner ze kommen. Dat war déi éischt Remarque.

Da krute mer och vun der Prozedur - ech huelen déi Saache vir - gesot, hei géife mer eng Rei Puzzlestécker virstellen, mä d'Gesamtbild géif feelen. Wann een déi Léscht, wéi mer se elo hei virschloen, kuckt, da kann een effektiv déi Impressioun kréien, datt dat Puzzlestécker sinn. Mä wann een e Puzzle zesummebaut, dann existéiert en awer ganz. Deen ass u sech zäitverschoben an deenen eenzelne Realisatiounsarbechten.

Mä wéi Der d'nächst Woch wäert och gesi respektiv wéi Der et och schonn am IVL gesinn hutt, sinn déi verschide Puzzlestécker eenzel zesumme passend a bilden dann, wa se alleguer gebaut sinn, och e kohärenten Ensembl. Just datt mer se net kënnen all zesumme maachen. A mer kënn se net all zesumme maachen, well mer aus finanzielle Grënn a well mer aus technesch Grënn a well mer aus Organisationsgrënn vun eisen Administratiounen a well mer aus ekonomesch Grënn nun net alles zesumme packen.

Et ass sécher e kohärent Bild do. Et ass sécher en Ensemble vu Planifikatioun do. Dat, wat mer hei maachen, dat ass, all eenzel Stéck dozou zefügen.

Da sot Der, Dir hatt gär eng Prioritéitelëscht. Dat kann ech am Fong och deelen. Mir maachen och a priori déi Projeten, déi vun dem Besoin, der Urgence hier déi sinn, déi am wichtigste schéngen.

Den Travaux-publics-Ministère - dat hunn ech ganz schnell geléiert, wéi ech dohinnerkomm sinn - ass een, deen extrem der Realitéit muss sech fügen an ugepasst sinn. Elo kënn et awer heiansdo bei Projete vir, datt mer bei engem méi schnell virukommen, well mer Terrainen hunn, well mer d'Prozeduren anescht kréien, well mer d'Kompensatiounsnaamen anescht méi schnell kënn maachen, sou datt mer niewent där logescher Prioriséierung, déi mer maachen, och eis der Realitéit mussen upassen, fir mat de Projete ganz einfach weiderzekommen.

Ee vun deene grousser Punkten, déi hei ugeschwat gi si vu ville Riedner, an zulescht vum Här Kaes - et ass net fir d'éischt, wou ech hien héieren iwwert dee Projet schwätzen -, ass déi ganz Problematik vun der N7.

Dir wësst jo, datt mer do an e puer Punkte fueren. Dat Éischt, wat elo net gesot ginn ass, dat ass, datt mer e Sécuritétsaudit iwwert d'N7 gemaach hunn.

Mäin éischte Problem op der N7 a momentan dee prioritäre Problem op der N7, dat ass, datt mer eng ganz Rei Accidenter do hunn, datt mer ze vill Accidenter hunn, an datt mer och eng ganz Rei Leit hunn, déi hiert Liewe schonn do gelooss hunn, an datt mer do mussen urgent Moosnamen huelen.

Mir hunn also eng Rei Moosnamen do virgeschloen. Dat si baulech Moosnamen, dat sinn technesch Moosnamen, dat si Beschëlderungsnaamen, dat si Belichtungsnaamen, dat si Moosnamen, wou mer d'Vitesse op verschiddene Plazen erofsetzen. All déi Moosnamen gi relativ schnell a kuerzfristeg ëmgesat, well dat elo emol Prioritéit ass. Punkt Nummer 1.

Punkt Nummer 2, dat ass déi Fro vun dem Ausbau, dee mer brauchen. Do soen ech kloer, wat mer elo an där nächster Zäit, an deenen nächste Jore brauchen: Well mer an dem Kader vun der Nordstad jo awer mat all deenen Entwécklungen, déi mer iwwert d'Landesplanung do virgesinn, e grousst Potenzial der Nordstad zouschreiwene, fir iwwert déi nächst Jore ze kréien, ass et evident, datt mer bis op de Fridhaff mussen där Strooss eng Struktur ginn, déi deenen Zukunftspotenzialitéit gerecht gétt an déi dann och deene Sécherheetskritären entsprécht, déi mer brauchen.

Mir hunn effektiv eng Rei Sécherheetsproblemer op der Streck téschent Colmar-Bierg an Eitelbréck respektiv duerno bis op de Fridhaff, an deene mussen mer Rechnung droen. Dat sinn och déi zweete Grënn - éischte d'Sécherheet an dann zweetens d'Zukunftspotenzialitéiten -, fir de Verkéier ronderëm d'Nordstad an de Grëff ze kréien.

Mir haten d'lescht Joer an där Diskussioun, déi mer op darselwechter Plaz hei gefouert hunn, jo de Projet vun Südcontournement vun Eitelbréck erop bis op Feelen och souguer um Ordre du jour, fir iwwert d'Planifikatioun do ze fueren. Do si mer och amgang ze plangen. Do stelle sech awer nach eng Rei Froen. An dat kritt Der d'nächst Woch an dem Plan sectoriel «Transports» och mat, deen zesumme mam Plan sectoriel «Grands ensembles paysagers» virgestallt gétt.

Do stelle sech eng Rei Froen, wéi mer déi do Problematike sollen och am Kader vun der Ëmwelt ëmgoen, wéi mer kënnen uerdentlech, korrekt, virsiichteg domadder ëmgoen, wat ka sinn a wat net ka sinn. Déi Froe stelle sech, déi Froe mussen och geléist ginn, déi mussen korrekt geléist ginn, wa mer wëlle weiderkommen.

Da komme mer zum Rescht vun der N7. Do ass et fir mech och kloer, datt zu Hengescht an Housen momentan, esou wéi et elo ass, e Problem ass, well de Verkéier do matzen duerch d'Duerf oder duerch d'Gemeng féiert, an dat an där Transportachs, déi awer déi N7 ass, wat eng Zentralachs fir den Norden ass, problematesch ass.

Duerfir déi hei zwou Propositionen, fir déi Contournement do ze maachen, déi aus Sécherheetsgrënn alt erëm eng Kéier wichtig sinn, mä déi eis awer och Zäit gewanne loosse op där doter Achs. Duerfir mengen ech, datt se sech justifiéieren.

Dir hutt an der Diskussioun gesot, ech wär iwwerrascht gewiescht, datt esou vill Leit bei mech an de Büro komm wäeren, fir iwwert d'N7 ze schwätzen, an datt dat och an engem erëm relativ dringlechen Toun virgedroen ginn ass.

Dir waart de Wortführer, den Toun war grad esou dringlech, wéi en haut war. Dat wonert jo dann och keen, Här Kaes.

Mä do soen ech nach eng Kéier datselwecht haut wéi dat, wat ech déi Zäit gesot hunn. Et ass fir mech kloer, datt haut, haut wou mer dostinn, mat deem Verkéier, deen op der N7 ass, wat tëschent 8.000 an heiansdo 12.000 Autoen op verschiddene Plaze sinn, e véierspuregen Ausbau sech net justifiéiert. Haut net justifiéiert!

Dat seet awer näischt aus iwwert d'Potentialitéiten, déi et an der Zukunft wäert ginn. Haut justifiéiert et sech net.

Mir maachen dat, wat mer elo als Ausbau maachen, esou, datt, wa mer an Zukunft eng Kéier gesinn, datt et sech géif justifiéieren, een et ka bauen. Dat heescht, mir maachen elo haut näischt, wat contraire dozou ass, mä an deem, wat mer haut maachen, maache mer elo emol dat, wat sécherheets-technesch am urgentsten ass, an dat, wat eise gréisste Problem op där Stréck ass. A fir all déi Leit...

(Interruption)

Ech sinn d'accord, datt den Här Kaes duerno eng Fro stellt, mä ech wollt mä Saz just fäerdeg maachen.

Deene Leit, déi mengen, e véierspuregen Ausbau vun der N7 géif just doranner bestoen, eng Spur derbäizesetzen, soen ech awer, datt se sech iren, well de Gabarit vun där Strooss respektiv d'Stroosféierung, esou wéi se elo ass, erlaabt guer net, einfach eng Spur derbäizesetzen, fir dann eng zweemol véier ze hunn.

Wann een dat eng Kéier wëllt maachen, da muss een engem groussen Deal vun där Strooss do e ganz frësche Gabarit ginn, eng ganz frësche Tracésféierung a se ganz anescht leeën, wéi dat haut de Fall ass, an da kënn Der lech virstellen, wat fir eng Froe sech da stellen an och wat fir eng Enver-gure financière dat Ganzt huet. Dat nach zum Zousaz derbäi.

» M. le Président. - Den Här Kaes huet d'Wuert fir eng Fro.

» M. Ali Kaes (CSV). - Jo, ech wollt u sech eppes soen zu där leschter Ausféierung, déi den Här Minister gemaach huet, déi ech verstinn an déi och vun de Leit vu senger Servicer scho méi dacks esou ugeduecht an och gesot ginn ass.

Mir wëssen, datt de Verkéier rasant zouhëlt. Mir wëssen, datt mer iergendeng Kéier an der Zukunft déi véier Spure brauchen. Dat geet jo awer e wéineg aus den Aussoe vum Här Minister ervir. Mir wëssen, wéi laang datt mer brauchen, ier mer esou eng Strooss gebaut kréien.

Dann ass einfach d'Fro,...

» M. le Président. - Här Kaes, kuckt emol no Ärem Handy, wann ech gelift.

» M. Ali Kaes (CSV). - Et ass mäin Handy net.

...firwat maache mer haut net e Gesamtkonzept, fir datt mer da kënnen au fur et à mesure esou séier wéi méiglech déi Streck an hirer Gesamtheit op véier Spure ëmbauen? Alleguerten déi, déi bei lech am Büro waren, wëssen, datt dat net mer Realitéit ass. Mä et geet einfach drëm: Firwat net haut e Gesamtkonzept ufänken? Dat war jo och dat, wat mer gefrot hunn.

Merci.

(Interruption)

» M. le Président. - Merci, Här Kaes.

» M. Claude Wiseler, *Ministre des Travaux publics*. - Also d'Antwort ass: Mir maachen haut emol an de Capacitéite vun deenen, wat eis Administratioun kann, an an de Prioritéitslëschten, déi mer eis gesat hunn, déi Projeten, déi mer momentan absolut direkt als noutwendeg emfannen an déi mussen sinn. An domat hu mer fir déi nächst Joren esou vill Aarbecht, datt ech mech heiansdo froen, wéi mer all déi Aarbecht do ënnert deene Konditiounen, wéi ech se gär hätt, hikréien. Inklusiv fir den Norde gëtt - an dat sinn déi Projeten, déi ech hei virgestallt hunn - enorm vill gemaach.

Den Här Diederich huet virdu gefrot zum Beispill, firwat hien net derbäi gewiescht wär, wéi den Här Kaes mat sengen 13 Schänneréit komm ass. Hie war wahrscheinlech net derbäi, well dat, wat hie gefrot hätt, haut um Ordre du jour steet, fir et ze plangen. Duerfir hu mer eis geduecht: Den Här Diederich brauche mer net derbäi,...

» Plusieurs voix. - Ooohhh!

» M. Claude Wiseler, *Ministre des Travaux publics*. - ...well soss fret hien eppes, wat mer souwisou wëlles hunn ze maachen. Dat war déi Explikatioun.

» Une voix. - Hien ass eng Beräicherung fir lech.

» M. Claude Wiseler, *Ministre des Travaux publics*. - Dat ass zwar wouer.

(Hilarité)

Dann huet - elo weess ech net méi, wien et war - den Här Etgen, mengen ech, gesot, et feelt e Gesamtkonzept fir de Schoulbau an der Nordstad. Den Här Kaes huet dem Här Etgen scho geäntwert; ech kann et nach eng Kéier widderhuelen. Esou vill wéi fir de Schoulbau zu Ettelbréck/Dikrech momentan gemaach gëtt, esou vill Projeten an der Pipeline momentan sinn, musst Der mer awer iergendzwousch eng Kéier soen, wéini an deem Raum méi gebaut, méi gemaach ginn ass!

Mir bauen do. Mir sinn amgang ze plangen un enger neier Akerbauschoul. Mir hunn eng Extensioon vun der aktueller Akerbauschoul gemaach. Mir hunn eng Extensioon vun aktueller Lycée technique gemaach. Mir sinn amgang ze plange fir de Lycée technique. Eng ganz Rei Deeler sinn och frësch-gemaach ginn. Mir sinn amgang deen neie Lycée technique ze plangen, fir en an déi al Akerbauschoul eriwuerzuehelen. Haut hutt Der zwéi Projeten, de CNFPC an de Lycée technique pour professions paramédicales, um Ordre du jour soen.

Wéini ass méi gebaut gi just fir déi doten Nordstad? Mir hunn et och esou gemaach, datt mer op deenen zwéi Pölen, wou mer elo amgang sinn ze dévoppéieren - Gilsdref op där enger Säit an op där anerer Säit zu Ettelbréck do, wou d'Schoul selwer ass -, eis d'Méiglechkeeten ophalen, fir och zukünfteg nach Expansiounen ze maachen.

Ech weess net, wéi mer nach solle méi maachen. Elo kann een engem soen, mir sollen nach méi schnell maachen. Ech probéieren esou schnell wéi méiglech ze maachen,...

» M. Robert Mehlen (ADR). - D'Gemeng Tandel hëlleft do derbäi.

» M. Claude Wiseler, *Ministre des Travaux publics*. - ...mä ech gesinn awer net, wéi mer eis nach méi do kënnen ueeën.

» M. Gast Gibéryen (ADR). - Lauschtert no, Här Kaes!

» M. Robert Mehlen (ADR). - D'Gemeng Tandel paakt eng Hand mat un.

» M. Claude Wiseler, *Ministre des Travaux publics*. - Da war eng Remarque gemaach ginn; ech wëll do nach eng kleng Rectificatioun maachen. Bei deene Schoulen, déi mer frësch bauen, wéi de Kolléisch, ass et mir och bewosst, datt et extrem schwierig ass, wa mer déi missten ëmbauen, wann d'Schüler nach deelweis dra sinn, mat all deenen Experienzen, déi mer an der Nordstad haben. Duerfir probéiere mer do eng Léisung ze fannen, wou mer dat kënne méi schnell a gréisser ugoen.

Dann, well meng Zäit ofleeft a well den Här Lux och nach gär logescherweis e puer Wuert zu senger Projete géif soen, wëll ech nach ee Wuert zur Motioun soen, wou ech selbstverständlech mengen, datt mer se aus e puer Grënn net kënnen unhuelen.

Éischtens, d'lescht Joer sinn ech hei op dëser Plaz autoriséiert ginn, fir déi Etüden, déi Planifikatiounen ze maachen, déi mer elo amgang sinn ze maachen, vum Zweemol-dräi-Ausbau. Duerfir fannen ech et ganz normal, datt ech an der Press éischtens

driwwer schwätzen, well ech vun der Chamber d'Autorisatioun krut, fir d'Autorisatiounen ze maachen. An duerfir fannen ech et och normal, datt ech dëst Joer net méi driwwer schwätzen, well mer d'lescht Joer d'Autorisatioun kruten, well mer mat der Planifikatioun nach net ganz fäerdeg sinn an einfach amgang sinn, hei eis Aarbecht ganz korrekt ze maachen.

Déi Planifikatioun leeft also ganz normal mat all deenen Etüden, déi noutwendeg sinn. Am PST wäert se d'nächst Woch virgestallt ginn. Do wäerten och all déi Prozeduren, déi noutwendeg sinn, fir se ze maachen, agehale ginn. D'Chamber kritt, wann et esou geet wéi ech mer et virstellen, souwisou nach véiermol, well mir maachen dat a véier Etappen, d'Geleeënheet, fir sech ganz am Detail driwwer auszeschwätzen a Jo oder Neen zu där Proposition ze soen. Duerfir mengen ech, datt mer déi heite Motioun, wéi se hei ass, net kënnen unhuelen.

Ech soen lech Merci.

» M. le Président. - Merci, Här Minister. Elo kritt dann den Transportminister, den Här Lux, d'Wuert.

» M. Lucien Lux, *Ministre des Transports*. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll kuerz op e puer Punkten agoen, déi an der Debatt hei kommentéiert gi sinn, fir d'éischt awer dem President-Rapporteur vun der Transportkommissioun, dem Kolleeg Roland Schreiner, iwwerhaupt Merci soe fir d'Aarbecht an der Transportkommissioun.

A wann ech bei där sinn, da wëll ech direkt domadder och der Kolleegin Loschetter eng Äntwert ginn op déi Fro, ob mer dann och eng Prioriséierung hätten a wéi mer et géife fäerdeg bréngen, fir an deenen nächste Joren all déi Projeten do ze finanzéieren.

Dat ass natierlech eng berechtigt Suerg, déi ee kann hunn. Ech wëll dofir soen, dass mer och virun der grousser Vakanz an der Transportkommissioun dräimol an déi leschte Kéier an enger laanger Sëtzung en Dokument vum Ministère entgéintgeholl hunn an zur Kenntnis geholl hunn, wou op enger 60 Säiten eng genau Prioriséierung gemaach ginn ass vun alle Projeten am öffentlichen Transport, mat enger pluriannueller Finanzplanung fir déi eenzel Projeten.

Ech hat d'Gefill, dass all d'Memberen an der Kommissioun enchantéiert waren iwwert déi Diskussioun an iwwert dat, wat mer virgueluecht hunn. Dat weist, dass mer éischtens konzeptuell wëssen, wou mer hanne wëllen erauskommen, dass mer och wëssen, a wat fir engen Délaie mer eenzel Projete wëlle maachen. Mir hu schwierig Prioriséierungen an dëser Legislaturperiod virgeholl, fir eenzel Projete virun anerer ze huelen an och ze wëssen, wéi mer d'Finanzéierung wëlle maachen.

An engem Punkt wëll ech der Madame Loschetter Recht ginn, nämlech deem, dass mer eis awer ëmmer erëm virun der Décisioun versiche laanschtmogelen, dass mer genau wëssen, dass alles dat, wat um Dësch läit, souwuel am Stroossebau wéi am Ferroviaire, also am öffentlichen Transport, zesummen, esou schnell wéi Einzelner dat mengen, net wäert goen, an dass mer eis a sech och heiansdo virun der Décisioun scheien, ob mer, wa mer soen „Prioritéit fir den öffentlichen Transport“, dat och wierklech mengen, an net iwwerall am Land op alle Plazen niewent engem Contournement och nach eng Schinnestreck wëlle bauen, well mer ganz genau wëssen, dass niewent de Schied, der Ëmweltverträglechkeet, déi domadder verbonnen ass - dat hunn eenzel Riedner jo gesot -, einfach domat och eng finanziell Belaaschtung op de Stat an deenen nächste Joren zoukënn, déi riseg wäert ginn, a wou mer och, wa mer iwwer aner Saache schwätzen, muss wëssen, wat dat um Niveau vun der budgetärer Planung heescht, an ob mer wierklech bereet sinn, dann och déi Décisiounen ze huelen, fir deene Mëttele gerecht ze ginn.

» M. le Président. - Här Minister, d'Madame Loschetter wëllt eng Fro stellen.

» M. Lucien Lux, *Ministre des Transports*. - Sécher, gären.

» Mme Viviane Loschetter (DÉI GRÉNG). - Ech wollt nach eng Kéier déi Fro stellen als Präzisioun, Här Transportminister, Här Ëmweltminister: Sidd Dir dann der Meinung, datt déi gesamt Regierung, vun där Dir jo en Deal sidd, Prioritéite setzt tëschent effektiv de Mobilitéitsinfrastrukturen am Stroossebau an de Mobilitéitsinfrastrukturen am öffentlichen Transport an am Schinnebau? Dat war éischer ons Reflexioun.

Sidd Dir der Meinung, datt d'Regierung dat mécht an datt se och eng Prioritéit tëschent deenen zwéi mécht? Et erfreet eis, wann Dir nach eng Kéier widderhuel, datt effektiv eng budgetéiert - praktesch - Prioritéitslëscht an der Commission des Transports ass. Mä vu datt mir dat als e Ganzt gesinn, ass meng Fro déi: Gëtt och tëschent Stroossebau an öffentliche Transport/Schinnbau eng Prioritéit envisagéiert um Niveau vun der Regierung?

» M. Lucien Lux, *Ministre des Transports*. - Ech kann dorobber nëmmen äntweren, an ech maachen dat och gären a Präsenz vum Bauteminister selwer, wann Der lech d'Chifferen ukuckt vun der Entwécklung vun den Avoiren an den Dépensen am Fonds des routes an deenen am Fonds du rail vun 2004 bis 2009 a se niewenteneeleet, da gesitt Der, dass mer déi Prioriséierung an der Regierung virgeholl hunn. Well déi weisen nämlech ganz kloer, dass bis 2004 an nach 2005 de Fonds des routes ëmmer méi Mëttele hat wéi de Fonds du rail an dass à partir vum Budget 2005 a virun allem 2006 an nach méi jee am nächste Budget 2009 de Fonds du rail ganz dättelech méi Moyenen zur Verfügung huet.

Am Ufank vun der Legislaturperiod hat de Fonds du rail eppes 210 Milliounen Euro, fir Dépensen ze tätigen. Dat waren der an dësem Joer 408 Milliounen, an et si proposéiert fir d'nächst Joer 458 Milliounen. Ech mengen, dat weist ganz dättelech, dass haut déi Moyene vum Fonds du rail wäitass méi grouss si wéi déi vum Fonds des routes, wat einfach weist, dass mer - an d'Chiffere sinn do, fir dat ze beleeeën - déi Prioriséierung innerhalb vun der Regierung virgeholl hunn.

Ech mengen, dass an der Essenz déi Kritik do eng ass, déi mer solle mathuelen, fir eis domadder ze beschäftegen. Wa mer den nächsten Dënschdeg an deene véier Kommissiounen hei an der Chamber de Plan sectoriel «Transports» an de Plan sectoriel «Grands ensembles paysagers» wäerte virstellen, da kënn jo duerno och nach eng Prozedur, déi SUP genannt gëtt, an dat heescht, dass eng strategesch Ëmweltverträglechkeetsprüfung gemaach gëtt, déi also horizontal iwwergehend iwwert déi eenzel Projete soll kucken, awéiwäit dass dat, wat mer hei virleeën, mat deene groussen iwwergeuerdneten Engagementer, déi dëst Land hält, och kompatibel ass.

Erméiglecht also dat, wat mer virleeën, en „modal split“ vu 25/75?

Erméiglecht dat, déi Klimaschutzziler ze errechen, déi mer eng Kéier ënnerschriwwen hunn, oder déi Ziler, déi Dir zu Recht genannt hutt am Zesammenhang mat dem Anale vum den Direktiven, wat d'Loftpollutioun ubelaangt, déi eis hei an der Stad, mä net nëmmen hei an der Stad, grouss Suerge maachen?

Dat sinn also déi Froen, déi an där Ëmweltverträglechkeetsevaluéierung do mussen beäntwert ginn, an duerno kënn all eenzelne Projet, souwuel Schinneprojet wéi Stroosseprojet, och nach eng Kéier an déi sougenannte 9711, déi jo gutt bekannt ass, déi och nach eng Kéier wäert déi Analys, ënner anerem och vun Nullvarianten, maachen, wou nach eng Kéier ze kucken ass, ob mer dann do an déi richteg Richtung ginn. Mä ech mengen, dass mer an der Prioriséierung an an der Finanzplanung richteg leien.

Ech soen lech just, de Fonds du rail gesäit am Moment an der pluriannueller Finanzplanung am Joer 2012 iwwer 600 Milliounen Investitiounen vir. Et muss een dann also och wëssen, wat ee wëllt, an heibannen hunn ech der nëmmen héieren, déi gesot hunn, dass se déi Prioriséierung wëllen. Et muss een och wëssen, wat dat dann heescht, wann ee muer haart Décisiounen muss huelen, fir derfir ze suergen, dass dat budgetär och klappt.

Zu e puer méi präzise Punkte wëll ech just soen, dem Kolleeg Schaaf, dass bei de Park & Ride ech dat effektiv fir eng wichteg Politik virun allem och am Norden halen, mä net nëmmen do, fir derfir ze suergen, dass jiddfer Usager muer kann den Auto an den öffentlichen Transport intelligent matenee kombinéieren.

Ech halen näischt vun der Diskussioun, dass et ëmmer heescht, entweder Auto

oder öffentlichen Transport. Ech mengen, dass ee Méiglechkeete soll schafen, wou een och mam Auto bis bei seng Gare, wann déi néideg Parkméiglechkeeten do sinn, ka fueren.

Duerfir hu mer bis Enn vun dësem Joer e Gesamtkonzept virleien, wat am Moment an der Ausaarbechtung ass, fir ze kucken, wéi mer déi Park & Ride-Systemer kënnen weiderféieren, niewent der Décisioun, déi Dir genannt hutt, déi wichteg war, fir ze decidéieren, dass d'Gemenge just nach 20% bäileeën amplaz 50%, wéi et nach virun zwee Joer war, wat sécherlech wäert erlaben a schonn amgaang ass ze erlaben, fir eenzel Projeten, virun allem och am Norden, kënnen weiderzedreiwen.

Da kënnst ëmmer déi Fro am Norden. Ech wëll just iwwert déi Nordstreck kuerz eppes soen. Niewent deenen Investitiounen aus deene leschte Joren, vun 2001 un, waren déi scho relativ substanzuell. Ech mengen, dass een déi och soll weiderféieren. Ech deelen och deen Aussproch, deen de Kolleeg Kaes elo zum Schluss gesot huet, fir ze mengen, et wier wichteg, dass mer déi Diskussioun emol eng Kéier entweder an der Transportkommissioun oder doriwwer eraus hei solle féieren, wat mer op deem Gebitt wëlle maachen.

Mir hate jo e puer Réunionen gehat mat den Deputéierten iwwert déi Fro vun der Duebelgleisegkeet vun der Nordstreck, déi jo vun enger Rei vun Deputéierten aus dem Norden ëmmer erëm virbruecht gëtt an haut nach eng Kéier ugeschwat ginn ass. Ech hunn dem Här Schank dat an e puer Questions parlementaires an Entrevuen, déi mer haten, och scho gesot: Ech hunn der Eisebunn den Optrag ginn, fir emol eng Kéier e sommairen Devis ze maachen, wat eng Duebelgleisegkeet bis douewen an den Norde géif kaschten.

Ech wëll de Chiffer och haut soen. E läit haut fir eng Duebelgleisegkeet vun der Nordstreck an engem sommairen Devis bei 1,1 Milliard Euro. Ech soen domadder net, dass d'Berechtigung vum Dësch soll sinn, wann een dee Chiffer héiert. Mä ech wëll nach eng Kéier op Folgendes zréckkommen: Wann ech alles dat huelen, wat mer um Niveau vun dem „Mobil 2020“ - konform a kompatibel mat deem, wat mer am IVL zréckbehalen hunn - an deenen nächste Jore wëlle maachen, da muss ee wëssen, wat dat um Niveau vun de finanzielle Constraints an der finanzieller Finanzplanung, déi mer maachen, bedeit. Dat ass mäin eenzege Propos.

Ech si gäre bereet, dass de Fonds du rail muer pro Joer net nëmme 600 Milliounen soll hunn, mä wéinst menger och nach eng Milliard Euro d'Joer soll hunn, mä ech mengen, et muss ee wëssen - dat ass deen eenzege Message, deen ech jiddferengem wëll ginn -, wat dat heescht.

Beim Här Etgen muss ech éierlech soen, hunn ech net richteg verstanen, wat d'Demission vum zwee Memberen aus dem Conseil supérieur vum Développement durable mat mir ze dinn huet. Dat ass mer schleierhaft.

Ech wëll just soen, Här Etgen, fir dass keng Legendebildung soll entstoen, dass deen ee Member demissionéiert huet, well e keng Zäit huet, fir un deenen Aarbechten deelzehuelen, an dass den Här Jean-Claude Reding, deen hutt Dir jo gemengt, demissionéiert huet aus Ursachen, déi mat menger Politik awer nu wierklech guer näischt ze dinn hunn. Deen huet sech Gedanke gemaach, awéiwäit de Conseil supérieur du développement durable niewent engem Wirtschafts- a Sozialrot an niewent villen anere Gremien iwwerhaupt eng Berechtigung kënnst hunn.

Dat ass eng Diskussioun, déi kënnst mer féieren, mä d'Asetze vum Conseil supérieur vum Développement durable ass e Gesetz. Et ass d'Ëmsetzung vun engem Gesetz, et ass also net iergendeen, deen eng Kéier moies op d'Iddi komm ass, fir dat ze ma-

chen. Duerfir hu mer eis domadder auserneezesetzen. Mä dat huet awer wéi gesot mat deem, wat d'Politik vun dëser Regierung ass, näischt ze dinn.

An eng zweet Bemierkung, déi Dir gemaach hutt, wëll ech awer da ganz schäerfstens zréckweisen. Dat maachen ech elo sachant bien, dass am Sall am Moment sech ee vun deene Fonctionnaire befénnt, deen dofir d'Haaptresponsabilitéit dréit.

Ech muss soen, et ass net richteg, wa gesot gëtt, dass et Betriber gëtt, déi dobausse bal missten zoumaachen a Leit missten entloosen, well se um Niveau vum Environnement, an et ka sech jo dann nëmme em de Kommodo handelen innerhalb vun der Ëmweltverwaltung, ze vill laang misste waarden. Dat ass net richteg!

Ech wëll hei soen, dass an deem Service wéi an der Legislaturperiod virdrun eng ganz gutt Aarbecht gemaach gëtt, dass ganz schnell geschafft gëtt.

Ech wëll lech pour preuve just soen, dass ech virun e puer Méint déi dräi Patronatsorganisatiounen selwer gefrot hunn, ob de Besoin bei hinne géif bestoen, fir bei mech laanschtzoukommen, fir doriwwer ze diskutéieren, wéi et mat de Genehmigungsprozedure wär, an allen dräi, oui Ausnahm, hu gesot, esou eng Entrevue mam Minister wär net néideg, well si hätten eng ganz gutt Relation mat der Ëmweltverwaltung, si géife ganz gutt virukommen an deenen Dossieren.

Duerfir mengen ech, loosse mer awer net soen, dass Betriber bal missten zoumaachen oder Leit missten entloosen. Dat ass net richteg, well sech do d'Méi gemaach gëtt, fir dat op eng ganz gutt Aart a Weis ze maachen.

» M. Fernand Etgen (DP). - Här Minister, ech hat vu Ponts-et-Chaussées-Projete geschwat an der Autorisatioun vum Ëmweltminister, wat den Naturschutz ubelaangt.

» M. Lucien Lux, *Ministre des Transports*. - Et deet mer leed, da kënnst Dir awer esou eppes net soen. Wann et ëm Naturschutz a Stroosse geet, da kann et jo awer wuel kaum domat ze dinn hunn, dass Betriber hir Diere missten zoumaachen um Niveau vun Naturschutzautorisationen fir Ponts et Chaussées. Also de deux choses l'une: Entweder huet et mat Betriber ze dinn, da kann et nëmme mam Kommodo ze dinn hunn, oder et huet mat Naturschutzautorisationen ze dinn. Zu deene wäert ech och nach kommen am Zesammenhang mat där Bemierkung, déi den Här Kaes gemaach huet.

Mä an der Ëmweltverwaltung ass, och an der leschter Legislaturperiod - dat soen ech ënnert deem strenge Bléck vu mengem Virgänger -, e groussen Effort gemaach ginn, am Beräich vum Kommodo, fir virunzoukommen, an deen Effort ass mat darselwechter Inbrunst an deene leschte Jore weidergedriwwen ginn. An d'Betriber an deenen eenzelne Chamberen si ganz zefridden iwwert déi Aart a Weis, wéi dat fonctionnéiert.

Da wëll ech zum Schluss kommen. Ech hu gesot bei der Loftqualitéit, dass dat eng Suerg ass, déi ee sech wierklech muss maachen, fir ze kucken, dass mer déi Direktiven anhalen. Iwwerens gëtt an de Bréisseler Gefilden un enger Verschäerfung vun deenen eenzelnen Direktive geschafft. Dat heescht, mir denken net nëmme un dee Stand, wou mer haut sinn, mä et gëtt och nach geduecht, doriwwer eraus ze goen.

Ech wëll eng lescht Bemierkung maachen zu deem, wat den Här Kaes gesot huet an der Fro, ob et net emol gutt wär, wann den Transportminister sech eng Kéier géif Zäit huelen, fir mam Ëmweltminister ze schwätzen, fir dass mer an eenzelne Saache weiderkommen. Do sinn ech bei den Naturschutzautorisationen, déi den Här Etgen dann anscheinend awer gemengt huet.

Ech wëll just soen, ech sinn an der Diskussioun mat ville Kommunalpolitiker, Buergermeeschteren a Schäfte - a Gemengeréit. Ech hunn der jo vill un lech Dag fir Dag - dohannen, do grinst och een, well dat nach haut de Fall war - um Téléfon, fir doriwwer ze schwätzen.

Ech wëll just eng prinzipiell Bemierkung dozou maachen. Mir läit et och um Häerz an heiansdo um Mo, wann eenzel Dossieren an der Zäit verschleeft ginn, wann et net ëm de Fong geet, mä wann een d'Gefill huet, dass et einfach an der Form hänke bleift a wéinst deenen néidegen Avisen an esou virun net virugeet. Duerfir ploen ech mech vill, fir ze kucken, dass mer schnell Décisionen huelen.

Mä ech wëll awer och eppes dobäi soen: Den Ëmweltminister - ech weess net, ob dat ëmmer esou war, mä jiddéifalls stellen ech dat bei mir fest: Ech sinn en effikassen Ëm-

weltminister, dee jiddferen zefridde stellt, wann ech ëmmer schnell Jo soen. Nee soen ass anscheinend um Niveau vum Naturschutzgesetz, also um Niveau vum der Konvention vu Florenz, net erlaabt. Et ass een ëmmer dann als Ëmweltminister beléift, wann een direkt, comme une lettre à la poste, méindes erakomm, dëschdes gekuckt a méttwochs decidéiert, awer net egal wat decidéiert, mä ëmmer Jo seet.

Duerfir soen ech, en Ëmweltminister ass och do fir en Naturschutzgesetz, wat hei am Januar 2004 gestëmmt ginn ass, an eng Florenzer Konvention iwwer Landschaftsschutz, déi hei mat 60 Stëmme an l'unanimité gestëmmt ginn ass, eescht ze huelen an och heiansdo Neen ze soen. Nee soen, dat ass awer net gär gesinn.

An de Gemengeréit, Dir hutt dee vun Ëlwen genannt, do leien negativ Avisé vir, a well se negativ sinn, sinn d'Leit direkt onzefridden. Ech soen lech, dass den Ëmweltminister dofir do ass, an dat ass seng Aufgab, och bei deenen zwee CREN, déi Dir gemengt hutt, wou ech mer Zäit geholl hunn, fir se selwer op d'Plaz kucken ze goen, esou wéi den Här Wiseler dat och gemaach huet, do wäerte mer zu enger Eenegung kommen. Mä mir hunn en Naturschutzgesetz a mir hunn eng Florenzer Konvention, fir se eescht ze huelen.

Den Ëmweltminister ass dofir do, fir se eescht ze huelen, an net ëmmer comme une lettre à la poste, wa méiglech, Jo an Amen ze soen, mä och heiansdo eng Décisioun ze huelen, déi Neen ass. Dann ass natierlech keen zefridde mat him, an da gëtt gesot, hien ass net effikass. Neen, dann huet hie seng Aufgab gemaach, well d'Beem an d'Hecken an d'Biotopen, déi kënnen net an d'Entrevue kommen, fir sech bei eis opzereegen, wa se verschwannen, mä dofir ass en Ëmweltminister do.

Ech soen lech Merci.

» M. le Président. - Merci, Här Minister. Den Här Goerens huet d'Wuert gefrot.

» M. Charles Goerens (DP). - Här Präsident, ech wëll just soen, dass een dat, wat den Här Etgen gesot huet, iwwerpréiwe muss. Et muss ee kucken, ëm wat fir eng Projeten et geet, an da kann ee jo opgrond vun de Fakte festleeën, ob do Retarde sinn, déi d'Ponts et Chaussées an hiren Aarbechte genéieren, oder net.

Mä wat ech awer och prinzipiell wëll festhalen, dat ass, dass - ech hu jo och e bëssen Erfahrung an deem Domän, an den Ëmweltminister huet et elo grad ugeschwat -, wann d'Forstverwaltung an eng aner Verwaltung musse mateneen zesummeschaffen, wéi dat zum Beispill bei den Autorisations de construction en zone verte de Fall ass, dann hu mer awer Schwierigkeeten, an déi Schwierigkeete misste mer eng Kéier behiewen.

Ech wëll net soen, dass et ganz einfach ass - soss bräicht ech d'Remarque net ze maachen, ech hat selwer eng Responsabilitéit -, mä an dësem Stat ass et wierklech schwéier, fir zwou Verwaltungen mateneen un d'Schaffen ze kréien. Meng Partei ass och net der Meinung, dass een all Kéiers muss Jo soen, wann eng Demande kënnst, mä et muss een awer kënnen eng Äntwert ginn, positiv oder negativ, an den Délaien. Do hu mer awer effektiv nach e Problem.

» Une voix. - Très bien!

» M. le Président. - Merci, Här Goerens. Den Här Bettel huet d'Wuert nach.

» M. Xavier Bettel (DP). - Här Präsident, ech hat eng Fro gestallt, wéi et wier mat den Accèsen, mam Verkéier fir de Suessemmer Prisong. Ech hunn awer keng Äntwert vun de Ministere kritt.

» M. le Président. - Den Här Bauteminister huet d'Wuert.

» M. Claude Wiseler, *Ministre des Travaux publics*. - Dir kritt selbstverständlech ganz gär eng Äntwert, obwuel déi Äntwerte schonn deelweis an deene Projekte leien, déi haut um Ordre du jour stinn. An zwar hu mer drop gehalen, fir dass Der haut och géift dee Projet kréien, wou mer d'Voirie zu Suessem vum Prisong esou maachen, dass den Accès kann esou gestalt ginn, éischters, dass e gutt a schnell geet, zweetens, dass en net duerch d'Lokalitéite féiert, an dréttens, dass mer verschidde Stroossen an de Lokalitéite souguer kënnen als Riverains-Stroosse maachen, fir de Verkéier ze berouegen. Och dat ass an Äre Projeten, déi Dir haut hutt.

Dir hutt och den Échangeur Gadderscheier an Äre Projeten, dee frëschgemaach gëtt. Dat ass deen Échangeur vun deene Stroossen, déi op den Autobunnsréseau féieren. Dee gëtt frëschgemaach, fir e méi fluid, méi

flexibel ze maachen a fir d'Entrée op d'Autobunn dann och uerdentlech a korrekt ze gestalten.

Mir hunn natierlech op eisem Stroosse-réseau zu där enger oder anerer Zäit ëmmer Schwierigkeeten. Mir hunn och verschiddelech Schwierigkeete beim lergaart, vu Schraasseg aus. Mir probéieren déi Schwierigkeete mat deene Moyenen, déi mer hunn, an de Grëff ze kréien a mir maachen déi dote Stroosseprojeten esou wéi mer se am beschte Fall kënnen maachen, fir den Accès op deen neie Site hei ze garantéieren, mat eben och enger ganzer Rei Investissementer, déi um Programm stinn an déi Dir hoffentlech haut wäert autoriséieren.

» M. le Président. - Merci, Här Minister. Da komme mer zu de Motiounen, déi am Zesammenhang mat der Debatt an an der Debatt déposéiert gi sinn.

Motion 1

Déi éischt Motioun huet den Här Clement déposéiert. Et ass eng Motioun iwwert de prinzipiellen Accord vun der Chamber zu de Projeten, déi de Bauteminister an der Commission des Travaux publics vum 22. September 2008 presentéiert huet.

Kënnen mer par main levée ofstëmme?

(Négation)

De Vote électronique ass gefrot.

Vote

Wien d'accord ass, stëmmt mat Jo.

D'Motioun 1 ass mat 52 Jo-Stëmme ugeholl, bei 7 Enthaltungen.

Ont voté oui: *Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupt, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par M. Paul-Henri Meyers), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Roger Negri), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Romain Schneider);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Collette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helming, Alexandre Krieps (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch (par M. Charles Goerens) et Carlo Wagner (par Mme Anne Brasseur);

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepf et Robert Mehlen.

Se sont abstenus: MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par M. Félix Braz) et Mme Viviane Loschetter.

Motion 2

Mir kommen dann zur zweeter Motioun vum Här Roland Schreiner. D'Motioun iwwert de prinzipiellen Accord vun der Chamber zu de Projeten, déi vum Transportminister an der Commission des Transports vum 24. September presentéiert goufen.

Kënnen mer hei par main levée ofstëmme?

(Assentiment)

Da bidden ech ëm Handzeechen. Merci.

Vote

Wien ass derfir?

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech? Keen.

D'Motioun 2 ass à l'unanimité ugeholl.

Motion 3

Mir kommen zur drëtter Motioun vum Madame Viviane Loschetter iwwert d'Stoppe vun der Erweiterung op dräi Spure vun den Autobunnen A3 an A6.

Ass de Vote électronique gefrot? Ech ginn dovun aus.

Vote

D'Motioun 3 ass ofgelehnt mat 43 Nee-Stëmme, géint 15 Jo-Stëmme.

Ont voté oui: *M. Marc Angel;*

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Fernand Etgen, Charles Goerens, Paul Helming, Alexandre Krieps (par M. Fernand Etgen) et Claude Meisch (par M. Eugène Berger);

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter.

Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen (par M. Lucien Clement), MM. Fred Sunnen (par M. Lucien Thiel), Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Romain Schneider), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roland Schreiner);

Mmes Anne Brasseur et Colette Flesch;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepf et Robert Mehlen.

Domat komme mer zum nächste Punkt vum Ordre du jour, d'Diskussion vum Projet de loi 5818 iwwert d'Gestion des déchets de l'industrie extractive. D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Roger Negri. Här Negri, wann ech gelift.

4. 5818 - Projet de loi concernant la gestion des déchets de l'industrie extractive

Rapport de la Commission de l'Environnement

» M. Roger Negri (LSAP), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 5818 setzt d'EU-Direktiv 2006/21/CE an nationaalt Recht em. Heibäi geet et em d'Gestioun vun den Offäll vu Mineralien, also Material, wat aus dem Buedem eraus gewönnbréngend weiderverschafft ka ginn.

Mir kennen dat vu fréier, vun eiser Minette an och vum Schiefer, wou a Galerien an an oppener Bauweis dës Mineralien ofgebaut gi sinn an zum Räichtum vun eisem Land bäigedroen hunn. Zu der Ëmsetzung vun der Direktiv zielt och d'Exploitation vu Steebréch, oder wann Der wëllt Steecarrièren. Zesummegefaasst gëtt dat am Fachjargon vun der Direktiv d'Gestioun vun den Offäll vun der Industrie extractive genannt.

De Secteur minier produzéiert an Europa 400 Milliounen Tonnen Offall pro Joer. Dat sinn 20% vum Offall, deen a ganz Europa produzéiert gëtt an ass vum Volume hier déi gréisste Kategorie vun Offäll. Ënner Déchets miniers geet an der Direktiv och Rieds vum Ofbau vun der Kuel, an zum Beispill, bei offener Bauweis, och vum Ofbau vum Buedem, deen iwwert deene Kueleschicht läit. Dese Buedem muss duerno fachgerecht an ëmweltschonend traitéiert ginn.

Et huet sech gewisen, dass d'Lagerung vun dësen Offäll oft problematesch ass, sief et, well se net fachgerecht duerchgefouert gouf, oder well se géfteg Substanzen enthalen wéi Schwéiermetaller, Zyankali an esou weider. Dat ka fir d'Gesondheet vum Mënsch a fir d'Ëmwelt ganz geféierlech sinn. Dës Materialie kënnen sech zu géftege Substanzen cumuléieren an acide an toxesch Stoffen an de Buedem an an d'Waasser ofleeden.

An der Vergaangenheet gouf et grouss Katastrophen, wou géfteg Substanzen an d'Waasser gefloss sinn, déi e Fëschstierwen ausgeléist hunn a wou ganz Ökosystemer zerstéiert gi sinn. Déchets miniers stinn à l'origine vu groussen Ëmweltkatastrophen, wou d'Duerchbrüche vu Miniérbasengeng dozou gefouert huet, dass géfteg toxesch Substanzen an d'Baache gefloss sinn oder d'Grundwaasser verschmotzt hunn.

Här President, dës EU-Direktiv féiert Mindeststandarden an, déi bei der Gestioun vun esou Offäll mussen aegehale ginn, fir dass esou Accidenter net méi geschéien an de Buedem an d'Waasser viru schwéiere Contaminatione geschützt ginn.

Wichtig ass dobäi virun allem, dass dësen Offäll esou gelagert gëtt, dass och laangfristeg d'Stabilitéit a gegebenfalls d'Ofdichtung vun den Deponie geséichert ass. D'Direktiv dréit deemno de Sécherheitskritäre Rechnung no der reviséierter Direktiv vu Seveso 2 am Sënn vun der Maîtrise vu schwéieren Accidenter.

Et ass eng ganz ëmfassend EU-Direktiv, déi sech souwuel mat der Planifikation vun den Anlage beschäftegt wéi och mat de Ge-

nehmungsprozeduren a mat der Exploitation, entsprechend Finanzgarantien afuerdert, mä och festleet, wat no der Schléissung vun engem Site geschitt a wéi de Suivi op d'laang Weil gemaach gëtt.

Här President, wat bedeit dës Direktiv elo fir Lëtzebuerg? D'EU-Direktiv differenziert natierlech jee nodeem, wat ofgebaut gëtt a wat fir Substanzen dobäi als Offall gelagert mussen ginn. Duerfir betrëfft se Lëtzebuerg nëmmen zum Deel, och wa mer d'Direktiv natierlech komplett an nationaalt Recht ëmsetze mussen.

Mir hunn hei zu Lëtzebuerg keng Anlag, déi problematesch Offäll vun der Kategorie A géif produzéieren, wéi se an der Annex 3 vum Gesetz festgehalen ass. Et ass och net virgesinn, dass mer esou eng Anlag op Lëtzebuerg kréien. Dat, wat zu Lëtzebuerg ofgebaut gëtt, produzéiert also keng geféierlech Offäll. Esou entsti bei der Exploitation vu Carrièren zu Lëtzebuerg just Déchets inertes wéi Steng, Kiesel, Muselwaken an esou weider. Also Material, wat keng problematesch Substanzen enthält.

Mir hunn de Moment 16 Steecarrièren zu Lëtzebuerg an Exploitation, dovunner 14 offe Carrièren zu Gilsdref, Konstem, Léiler, Äischen, Kielen, Briddel, Erzen, Recken bei Miersch, Moesdorf, Altwis, Sennengerbiere, Folschette, Binsfeld a Saassel. Zu Rëmerschen a Bech-Klengmaacher hu mir dann zwou Gravière bei der Musel.

Här President, zoustänneg fir d'Planifikation, d'Autorisation an d'Exploitation sinn den Ëmweltminister an den Aarbechtsminister opgrond vu Propositione vun der Ëmweltverwaltung, der Waasserwirtschaftsverwaltung an der Inspection du Travail et des Mines am Kader vun engem entspreichende Comité.

D'Inspection du Travail et des Mines chargeiert och virun der Mise en exploitation vun enger Anlag en agréierte Büro fir preventiv e Plan d'urgence am Fall vun Accidenter opstellen. Bei allen Anlage muss den Exploitant eng Sécherheitsstrategie opstellen an e Sécherheitsresponsabelen designéieren, deem seng Missioun et ass, eng Preventiounsstrategie géint schwéiere Accidenter opstellen, a virun allem dës och duerno nach ze iwwerwaachen. Dese ganze Sécherheitssystem muss ëmmer op Basis vun de sougenannte Meilleurs techniques possibles opgestallt ginn.

Den Ëmweltminister verlaangt ausserdeem vum Exploitant virun der Mise en service den Dépot vun enger entspreichender Finanzgarantie. De Plan de gestion gëtt an deem Sënn och all fënnef Joer nogekuckt a wann néideg ugepasst.

Bei Sécherheits- an Ëmweltproblemer muss den Exploitant innerhalb vun 48 Stonnen déi uewe genannten zoustänneg Verwaltungen informéieren. D'Schléissung vun engem Site an de weidere Suivi vun enger Anlag ginn no genau definéierte Prozeduren vun deeneselwechten zoustänneg Ministeren a Verwaltungen autoriséiert a kontrolléiert.

Am Süde vum Land beim fréieren Ofbau vum Minette muss genau gekuckt ginn, dass déi Galerien, déi scho säit ville Joren zou sinn, ofgeséichert sinn a korrekt zougemaach gi sinn. Des Weidere muss och kontrolléiert ginn, dass Galerien, déi agefall sinn, esou ofgeséichert sinn, dass do näischt ka passéieren a kee Mënsch do kann drafalen.

Ech ka mech aus menger Jugend erënneren, dass mer als Kanner zu Keel um Kalebierg oft do gespillt hunn, wou fréier Galerien ënnert dem Buedem waren an duerno agefall sinn. Dat war net ëmmer esou ongeféierlech, mä där Gefor ware mer eis als Kanner net bewosst, wann eis Elteren dowéinst a Suerg waren. Op dëser Plaz ass hautdësdags alles zougewuesen an e schëndt Naturschutzreservat entstanden, an domat ass hei kee Problem méi, em deen et an dësem Projet de loi geet.

Fir Anlagen awer, déi méi spéit érischt a méi rezent érischt zougemaach gi sinn, ass elo am Gesetz virgesinn, e sougenannten Altlastenverdachtskader opstellen, dee bis den 1. Mee 2012 muss fäerdeg sinn. Deen Inventär vun den zougemaachten Anlage muss deemno bis den 1. Mee 2012 vun der Ëmweltverwaltung opgestallt an duerno och dem Public zur Verfügung gestallt ginn, ganz am Sënn vun der Århus-Konvention, vun där mir hei schonn oft bei Ëmweltgesetzter geschwat hunn, fir d'Ëmweltpolitik méi transparent a méi participativ fir de Public ze maachen.

Hei sief och bemierkt, dass d'Ëmweltorganisatione Klorecht hunn a viru Gericht kënnen zéien, wann am Kader vun dësem Gesetz si et fir néideg fannen, aktiv ze ginn.

Här President, den Ëmweltminister huet de Projet de loi den 12. Dezember 2007 an der Chamber deponéiert. De Statsrot huet säin Avis de 4. März 2008 ofginn. D'Ëmwelt-

kommissioun huet sech den 29. Mee 2008 déi éischte Kéier mam Projet de loi a mat den Avisen auserneegesat. An der Réunion vum 12. Juni 2008 huet d'Ëmweltkommissioun eng Rei Amendementer proposéiert, déi de Remarquë vum Statsrot Rechnung droen. Den Avis complémentaire vum Statsrot dréit den Datum vum 1. Juli 2008. Den 9. Juli huet d'Ëmweltkommissioun den Avis complémentaire analyséiert an den 18. September de Rapport ugeholl.

D'Remarquen an de verschiddenen Avisen hu sech op d'Form vun der Ëmsetzung vun der Direktiv beschränkt. De Statsrot huet a senger Considérations générales drun ernënnert, dass am Ufank virgesi war, d'Direktiv iwwer e Règlement grand-ducal ëmzesetzen, dass d'Regierung duerno awer opgrond vu sengem Avis décidéiert huet, en eegestänneg Gesetz ze maachen, fir eng korrekt Ëmsetzung vun der EU-Direktiv ze garantéieren, déi mat de Prinzipie vun eiser Verfassung konform ass.

Doriwwer eraus huet de Statsrot eng Rei vu Remarquë gemaach, wou e virun allem bei bestëmmte Formulierungem zu méi enger grousser Präzision réit. D'Ëmweltkommissioun huet deem a ville Punkte Rechnung gedroen, huet awer och e puer Formulierungem bäibehalen, déi tel quel an der Direktiv stinn a wou mer eng méiglech genau Ëmsetzung wollte garantéieren.

De Statsrot huet dës Amendementer och guttgeheescht, esou dass mer d'Chamber bidden, dësem Projet de loi zoustëmme. Domat ginn och den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Negri. Den éischte Riedner ass den Här Marcel Oberweis. Här Oberweis, wann ech gelift.

Discussion générale

» M. Marcel Oberweis (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleegen, Här Minister, ech kënn elo einfach den Accord vu menger Fraktioun ginn, mä ech wollt awer am Kader vun den Décheten e puer Froe stellen.

Fir d'éischt wollt ech dem Rapporteur Roger Negri fir säi mëndlechen a schrëftlechen Rapport Merci soen. Wéi hie gesot huet, geet et hei em d'Ëmsetze vun enger europäescher Direktiv iwwert d'Gestioun vun Décheten aus der extraktiver Industrie.

Vläicht sollt een drop agoen, dass dese Gesetzesprojet och ënnerstëtze soll, dass mer déi negativ Effeten op eis Ëmwelt reduzéiere sollten, am beschte Fall iwwerhaapt keng opkomme loosse. Am Spezielle solle mer eis Liewensressourcë Buedem, Waasser a Loft, d'Fauna an och nach d'Flora respektéieren an net zerstéieren, an doriwwer eraus och eis Kulturlandschaften erhalten an d'Gesondheitsrisike fir de Mënsch reduzéieren. Op Lëtzebuerg iwwerdroen ass et ganz einfach: Et geet hei iwwert d'Prospektion iwwert d'Extraktion, d'Behandlung an d'Oflagerung vun den Décheten aus de Carrièren. E Punkt, dee mir hei interessant schéngt, ass de Plan de gestion; dat heescht wéi d'Décheten am Kontext vun der nohalteger Entwécklung ofgelagert mussen ginn. Et geet einfach drëm, d'Mass vun den Déchete kleng ze halen. Doriwwer eraus mussen d'Exploitanten awer och hir Décheten oflagere, recycléieren oder souguer enger besserer Verwäertung zouféieren.

E klengt Beispill a eng Fro un de Minister. Mir sinn bei Beeteburg, Helleng an Diddelelang amgaangen, eng grouss Deponie opzebauen, eng Décharge fir inerte Décheten. Meng Fro: Wat geschitt mat der Décharge, wa se eng Kéier voll gefüllt ass? Gëtt et e Biotop oder gëtt si fir aner Zwecker verwent?

E weidert Beispill: D'Trous d'excavation, déi mer erëm eng Kéier kënnen opfellen. Do soll awer déi ursprünglech Topographie hiergestallt ginn. Ech kéint mer virstellen, dass een dorauer e Biotop mécht, ënnert der Viraussetzung, dass kee Grundwaasser belaauscht gëtt.

An deem Zusammenhang ass weider Fro un de Minister: Mir hunn dat begracht Material aus dem Tunnel „Gousselerbiere“ a „Grouft“ no dem Südportal vum „Gousseler Tunnel“ ofgelagert an dës nei Décharge si schonn deelweis begrängt. Kéint ee sech virstellen, wann déi mat enger extensiver Bewirtschaftung ausgeféiert kéinte ginn, ob een dann op eng deelweis Kompensation vun der Nordstrooss am Dall verzichte kéint?

Dann eng lescht Fro un de Minister: D'Stad Freising bei München huet aus inerten Décheten eng Lärmschutzwand vun 1,3 Kilometer erricht, fir hir Stad virum Kaméidi vun der Autobunn ze schützen. Si hunn doriwwer eraus nach dës Décharge mat Fotovoltaikzelle besteckt a produzéieren och nach grénge Strom doraus.

Dat sinn e puer Ureegungen. Well den Här Roger Negri a sengen Ausféierunge scho komplett war, wëll ech näischt méi bäiflécken.

Dofir géif ech och da vun der CSV den Accord bréngen.

Merci fir d'Nolauschteren.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Oberweis. Elo kritt den Här Berger d'Wuert.

» M. Eugène Berger (DP).- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëllt och dem Rapporteur Merci soe fir säin ausféierleche Rapport. Ech hu vläicht eng kleng Bemierkung zu sengem mëndleche Rapport. Hien huet do gesot, dass den Altlastenkadaster nach net fäerdeg wär. Ech hunn awer gemengt ze wëssen, dass do schonn eng Rei Aarbechte gemaach si respektiv dat awer do och schonn eppes ofgeschloss ass. Mä doriwwer kann eis vläicht herno den Ëmweltminister weider Opgeschlossen ginn.

Wat positiv bei dësem Text ze bemierken ass, ass, dass et eng Direktiv ass, déi mer emol eng Kéier praktesch am Déla op e puer Deeg hin ëmgesat hunn. Inhaltlech ass och näischt ze bemängelen. De Rapporteur ass am Detail dorop agaangen. Déi Texter, déi am Sënn vum Ëmweltschutz sinn, ginn natierlech wéi esou oft hei zu Lëtzebuerg ëmgesat duerch Virgaben, déi vu Bréssel kommen, ier se de Wee op Lëtzebuerg fannen.

Wann ech inhaltlech och keng Bemierkungen ze maachen hunn, stellen ech mer awer e puer Froen zur Form vun der Ëmsetzung vun der Direktiv, well et ass wierklech schwéier, nach den Iwwerbléck ze behale bei där ganzer Léislation. Ech muss soen, dass ech, bedéngt duerch meng berufflech Vergaangenheet, awer e bëssen Experienz hunn, fir esou Texter ze liesen. Bei dësem Text hei hunn ech nom éischten Artikel schonn d'Saach opginn, well do gëtt da gesot, wat alles exclu wier respektiv dat et complémentaire wier zum Gesetz vun den Décheten, zum Gesetz vum Kommodo, zum Gesetz vun der Mise en décharge an esou weider.

Et ass also eng Matière, déi wierklech esou komplex gëtt, wou bescheffalls nach e puer Experte sech kënnen dran ermënnen. Derbäi kënnnt dann och nach, dass den Text eng Hällewull vu Prozeduren virgesäit, deelweis Iwwerlappunge mat aneren Dispositionen. Hei ka schonn e gewëssenen Duercherneen entstonen.

De Risiko ass dann awer am Endeffekt, dass den Ëmweltschutz dobäi ze kuerz kënn, well ebe kee méi den Iwwerbléck huet an och net méi kann déi ganz Prozeduren suiweieren. Och wa Lëtzebuerg nëmmen zum Deel betraff ass, sinn et awer eng Rei Betreiber, déi dovunner betraff sinn an déi am Endeffekt och kéinten doduerjer negativ betraff sinn.

Eng aner Fro, déi ee sech muss stellen, ass déi, ob dann och d'Ëmweltverwaltung, déi mat der Exekutioun vun dësem Gesetz beoptragt ass, outilléiert ass fir dat ze maachen. Mir wësse schonn, dass et an der Ëmweltverwaltung knapp mam Personal ass, dass se do ganz vill Aarbecht hu mat villen aneren Dossieren an dass also do an Zukunft nach méi Man- oder Womanpower gebraucht gëtt, fir dat kënnen ze maachen.

De Moment ass et op alle Fall esou, dass ee sech muss erwaarden, dass nieft den Dossieren, déi se schonn hunn, nach nei Dossieren kommen an een net onbedéngt kann dovunner ausgoen, dass duerfir déi Dossieren méi schnell kënnen traitéiert ginn. Duerfir och vläicht en Opruff un d'Regierung, fir och drun ze denken, fir hei dann och eben déi néideg Personalbesoinen virauszegesinn, well jo besonnesch am Ëmweltberäich ganz vill Aarbecht eben entsteet, well ëmmer erëm nei Direktiven op eis zoukommen, déi mer mussen ëmsetze mat deene wéinege Leit, wou déi aner Länner ganz oft vill méi Personal hunn, fir genau déiselwecht Saachen ëmzesetzen.

Dat gesot, wäerte mer awer natierlech deen Text hei stëmme, well en am Sënn vum Ëmweltschutz ass. Ech wollt awer trotzdem déi puer Bemierkunge maachen.

Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Här Berger. Da kritt den Här Gira d'Wuert.

» **M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).** - Ech wëll am Numm vun der grénger Fraktioun dem Rapporteur villmoos Merci soe fir seng ausféierlech Bericht, souwuel dee schrëftleche wéi dee mëndlechen. A well déi Berichter esou ausféierlech waren, bleift mir soss näischt ze soen, wéi dass déi Gréng selbstverständlech fir dee Projet och wäerte stëmmen.

» **M. le Président.** - Merci, Här Gira. Den Här Mehlen huet d'Wuert nach als leschte Riedner gefrot.

» **M. Robert Mehlen (ADR).** - Merci, Här President. Och mir si mat dësem Projet d'accord. Et muss ee bedauern, datt mer déi Gesetzgebung net méi fréi haten. Mir hunn zwar gutt Gesetzgebungen am Ëmweltschutz, an trotzdeem, wann ee gesäit, wat mer hei un Extraktioun hunn. Et ass geschwat gi vun deene Steebréch. Dat ass Matière inerte, déi eigentlech d'Ëmwelt net bedreet. Hei ass geschwat gi vun der Instabilitéit vum Terrain. Mir kennen dat och doënnen am Waasserbëlleger Kallekwierk, dat deelweis uewen agebrach ass a wou souguer d'Leit, déi do mat Maschinne geschafft hunn, a Gefor gerode sinn.

Här President, ech wollt vun der Geleechenheet profitieren, fir nach eng Kéier eise Mépris auszedecken iwwert d'Aart a Weis wéi am Fall vun der Arcelor verfuert ginn ass. Well do geet et ëm Matière, déi aus dem Buedem geholl gi sinn, déi weiderverschafft gi sinn, déi deelweis deponéiert gi sinn.

Ech hat am August 2007 eng Question parlementaire gestallt, déi ausféierlech beäntwert ginn ass, wou een da gesäit, datt, noantem datt den Exploitant en Terrain op eng onméiglech Aart a Weis verseucht huet, hien e fir d'éischt an eng Agora eragëtt - et ass net ëmmer ganz einfach fir en Aussestehenden, fir dat Ganzt ze verstoen -; 109 Hektar fir ronn 20,25 Milliounen Euro. Da keeft de Stat 27 Hektar Terrain, deen zu engem groussen Deel verseucht ass, fir 85 Milliounen Euro erëm. Dat héiert sech no net vill un, mä dat sinn 3,4 Milliarden där aler Frang.

Am Kontrakt steet, d'Agora verkeeft dem Stat e sanéierten Terrain fir 85 Milliounen Euro, an un der Basis vun deem Sanéierungskonzept steet d'Autorisation vum Ëmweltministère vum 30. Januar 2004. Awer, steet am Kontrakt, all Moosnamen, déi doriwier eraus ginn, bezitt de Stat. An elo huet de Stat dann decidéiert, datt et mat deene Moosnamen net duergeet, an elo muss de Steierzueler derfir opkommen!

D'Dekontaminatioun vu geféierleche Matière. Mir hunn am Projet de loi 5845 Michelleville 2 stoen: Déblais des boues de hauts-fourneaux; traitement des boues de hauts-fourneaux; évacuation et mise en œuvre des boues de hauts-fourneaux fir 20 Millounen Euro. Dat heescht, de Steierzueler bezitt 800 Milliounen Frang, well deen, deen den Terrain virdrun exploitéiert huet, dat net esou gemaach huet, wéi hien dat hätt misse maachen, wann dat Gesetz hei - ech ginn emol dovun aus - virdrun a Kraaft gewiescht wier. Et steet alt esou am Kontrakt.

Mir stellen eis just d'Fro, Här President: Wéi wär hei verfuert ginn, wann et sech ëm e klengen Handwierksbetrib gehandelt hätt? Hätt dann och de Stat säin Terrain fir deier Geld ofkaaft an nach eng Kéier deier Steiergelder dragestach, fir en ze dekontaminieren? Mir stelle jiddéfalls e grousst Fragezeichen do hannendrun.

Ech halen op mat engem Zitat, wat Dir alleguer kennt: „All animals are equal, but some animals are more equal than others.“

(Hilarité)

Ech hoffen, datt dat an Zukunft hei, nodeem mer dëst Gesetz gestëmmt hunn, net wäert de Fall sinn.

Ech soen lech Merci.

» **M. le Président.** - Ech soen lech Merci, Här Mehlen. Dann huet d'Regierung d'Wuert.

» **M. Lucien Lux, Ministre de l'Environ-**

nement. - Här President, ech wëll ganz kuerz engersäits Merci soen der Ëmweltkommission an dem President a Rapporteur Roger Negri, fir och emol drop opmierksam ze maachen, well Eenzelner dat gesot hunn, dass mer an der Ëmsetzung vun den europäeschen Direktiven an deem Beräich duerch déi gutt Aarbecht an der Kommission an hei an der Chamber ganz schnell virukomm sinn an deene leschte Méint.

Ech denken, wann déi Projets de loi iwwert d'Batterien, iwwer „REACH“ an iwwert d'Responsabilité environnementale, déi praktesch fäerdeg sinn, hei wäerte gestëmmt sinn, da si mer an der Ëmsetzung vun den Direktive praktesch ganz bäi. Wat sécherlech och hei fir d'Chamber an d'Kommission eng ganz gutt Aarbecht bedeit, déi do gemaach ginn ass.

Dat Zweet, wat ech wëll soen, ass, dass et par rapport zum Kadaster richtig ass, wat de Kolleg Berger gesot huet, dass an deem bestehende Kadaster déi 16 Siten, déi den Här Negri genannt huet, schonn dran enthalte sinn, mä dass mer hei natierlech e qualitative Sprong elo musse maachen an dat, wat eben Alltastenverdachtskadaster heescht, dee mer also och bis 2012 wäerte fäerdeg maachen, mat deene Prozeduren, Enquêtes publiques an esou virun, Participatioun an Informatioun vun de Bierger, déi domadder verbonne sinn. Dat ass also nei par rapport zu deem, wat mer bis elo kann hunn.

Eng lescht Bemierkung wëll ech maache fir de Kolleg Marcel Oberweis am Zesummenhang mat deene flotte Projeten, déi an der Géigend vu München realiséiert ginn, fir ze soen, dass mer am Moment amgaange sinn, déi dräi Plans d'action fäerdeg ze maachen am Zesummenhang mat der Ëmsetzung vun der Kaméidisdirektiv, déi mer a ganz kuerzer Zäit dann och wëlle public maachen. Am Kader dovunner wäerten eng ganz Rei vu Projete souwuel um Niveau vun dem Stroossebau wéi och um Niveau vun de Schinnennetzer aktuell ginn an deenen nächste Joren.

An deem Plan d'action, deen op mengem Dësch läit, ass och d'Iddi, fir nach ëmmer ze kucken dat ze verbanne mat der Produktioun vun Energie, also iwwer Fotovoltaikprojeten, fir dat domadder ze verbannen, esou dass also déi Iddi net gestuerwen ass, mä dass dat am Kader vun der Ëmsetzung vun deene Projete weider kéint eng Iddi ginn. Dir könnt lech leschtenenns virstellen, dass, wann d'Décharge Beetebuerg/Diddeleleng fäerdeg ass - dat war schonn an de Virbereedungsaarbechte mat der Forstverwaltung esou virgesinn, esou ass de Projet konzipiéiert -, da wäerte mer op deen Areal do keng Industrie hisetzen, mä da wäerte mer Biotopen, Beem an Hecken a wierklech e flotte Projet maachen, deen op där doter Plaz och, mengen ech, op der richteger Plaz wäert sinn.

Duerfir Merci der Kommission an och Merci der Chamber.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Domat ass d'Diskussioun ofgeschloss a mir kommen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet 5818. Dir fannt den Text am Dokument 5818^e.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5818 ass eestëmmege uehollt mat 59 Jo-Stëmme. Et gëtt keng Neen-Stëmm a keng Abstentiuon.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrigh-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Lucien Thiel, Lucien Weiler (par Mme Martine Stein-Mergen) et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Romain Schneider), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. John Castegnaro);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger, Alexandre Krieps (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch (par M. Eugène Berger) et Carlo Wagner (par Mme Colette Flesch);

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter (par M. Jean Huss);

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Mir kommen dann zur Interpellatioun vum Här Ben Fayot iwwert d'Nationalbibliothék. D'Wuert huet den Auteur vun der Interpellatioun, den honorabelen Här Ben Fayot.

5. Interpellation de M. Ben Fayot au sujet de la Bibliothèque nationale

» **M. Ben Fayot (LSAP), interpellateur.** - Här President, et geet mer bei dëser Interpellatioun ëm d'Saach, dat heescht ëm d'Nationalbibliothék. Et geet mer dorëm, der Regierung ze hëlfe, an der Fro vun der Nationalbibliothék virunzuekommen, well ech iwwerzeegt sinn, dass dës Institutioun fir d'Zukunft vum Land an der Wëssensgesellschaft zu Lëtzebuerg vun eminentem Bedeutung ass.

Et ass kloer, dass de kulturpoliteschen Asaz vun dëser an och vun deene viregte Regierungen net a Fro gestallt ka ginn. Mir hunn an de leschten 20 Joer vill fir d'Kultur gebaut an och fir de Fonctionnement vun deenen eenzelnen Institutiounen gesuergt. Och d'Gemengen hu vill an där Hisiicht gemaach.

Et fält bei all deem, wat mer bis elo gemaach hunn, op - dat ass eng e bësse philosophesch Remarque -, dass dat Meescht am Fong geholl fir den - ech nennen dat emol esou - Kulturkonsum ass. Ech wëll dat net pejorativ gemengt hunn. Fir de Kulturkonsum ass gebaut ginn, an net esou séier fir d'Kreatioun.

Ech weess, dass dës Andeelung a passive Konsum an aktiv Kreatioun e bëssen artificiel ass a simplistes, well Plaze schafen, wou Kultur konsuméiert gëtt, heescht och, Plaze schafen, wou Kreatioun entstoe kann. Mä et bleift, dass vun deene Kulturinstituter, déi an deene leschte Jorzéngten hei hannendrageode sinn, et grad déi sinn, déi dem Eenzelnen Instrumenter ginn, fir selwer aktiv ze ginn. Dat heescht, fir sech ze informieren, ze sichen, ze fuerschen, ze verdéien.

Den Nationalarchiv grad wéi d'Nationalbibliothék sinn alle béid op der Streck bliwwen, wat hir Gebaier an och hir Méttelen ueget.

Firwat ass dat esou? Et ka sinn, ech kann et net beweisen, mä ech ka mer et virstellen, dass d'Bibliothéiken an d'Archive kee grouse Lobby hunn, dee Pressioun op d'Politik mécht. D'öffentlech Meinung gesäit och net direkt ëmmer den Nutzen an de Wäert vun esou Institutiounen.

Nu sinn awer mat der Uni Lëtzebuerg, fir just nëmme dat ze zitieren, e ganze Koup vun neien Usageren entstanden. Doriwier eraus schwätze mir alleguer, d'Politiker, an onse Riede vu Wëssensgesellschaft, an et fret ee sech: Wou sinn d'Méttelen dofir, wann net an enger Bibliothék?

Natierlech net egal wat fir eng Bibliothék. D'Nationalbibliothék ass en öffentlech Instrument, fir d'Wëssensgesellschaft ze diffusieren a fir liewenslaangt Léieren ze erméiglechen. Si muss sech permanent erneieren an ausbauen, well d'Erausfuereunge permanent wuessen.

Ech wëll duerfir och d'Problematik vun der Nationalbibliothék an dräi Deeler behandelen: éischtens, déi absolut Noutwendegkeet vun engem Neibau fir d'Nationalbibliothék, zweetens d'Fro vun der Verwaltungsstruktur, an drëtens d'Roll an d'Entwécklung vun der Nationalbibliothék och a besonnesch am Zesummenhang mat dem Opbau vun der Uni Lëtzebuerg an der Entwécklung vun de kulturellen Institutiounen, Fuerschungs- an Innovationsinstrumenter.

Här President, fir d'éischt d'Noutwendegkeet vun engem Neibau. Ech rappelieren, dass d'Chamber iwwer hir Kommissiounen zu widderhueltem Mol d'Nationalbibliothék besicht huet, säit 1990 op d'mannst sechs mol.

D'Nationalbibliothék ass fir d'Kulturkommission vun der Chamber eng „never ending story“, an et versteet een d'Amertume och vun deene Responsabelen, déi dora geschafft hunn oder schaffen.

2006 huet ons Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture d'Loxaler vun der Nationalbibliothék an der Ënneschtgaass, um Boulevard Prince Henri, am Gebai vun dem fréieren Eurocontrol an am Bâtiment Wagner um Kierchberg besicht. Et war opgrond vun enger Ufro vum Här Claude Adam. D'Kommission konnt dobäi constatieren, dass déi Lokaler den Uspréich vun enger Nationalbibliothék net genügen, dass eng Partie provisoresch Behëllefssolutiounen getraff goufen, mä dass mat der fortschreidender Entwécklung d'Situatioun vun der Nationalbibliothék insgesamt méi schwierig gëtt.

D'Manier, wéi déi 150.000 Luxemburgensien, 3.000 Périodiquen an déi 750.000 friem Bicher an déi 3.500 friem Périodiquen ënnerbruecht ginn, entsprechen net den internationale Bibliothéiksnormen. D'Zentrallokal an der Ënneschtgaass bascht aus allen Néit. Et gëtt keng Plaz méi, fir Bicher ënnerzebréngen. All Eck ass ausgenotzt.

Iwwregens, wéi 1973 d'Nationalbibliothék an dem fréiere Kolléisch installéiert gouf, waren d'Infrastrukture schonn ze kleng. Si hu vun Ufank un dem Besoin vun enger moderner Bibliothék net entsprach. Et war vun Ufank un eng Feelplanung.

» **Mme Anne Brasseur (DP).** - Et war déi Zäit net besser wéi haut.

» **M. Ben Fayot (LSAP), interpellateur.** - Et war vun Ufank un eng Feelplanung. Also, ech mengeschon, dass ee sech hei an der Longue durée befënt, an da muss een dat soen. Et war eng Feelplanung, fir eng wesentlech Infrastruktur vun engem modernen an innovativen Kulturbetrieb an e Gebai aus dem 17. Jorhonnert méten an enger klenger Stad ze setzen. En däitschen Expert huet 1995 Alarm geschloen. E Projet fir eng Annex vun der Nationalbibliothék gouf ausgeschafft, hei gestëmmt, awer net realiséiert, well gefaart gouf, d'Bibliothék géif domat auserneefalen.

De Fait, dass een hautdësdays Computeren an engem Liessall brauch, verlaangt aner, méi geraimeg a besser strukturéiert a spezifesch Liessäll. De Fait, dass vill Recherchen um Computer gemaach ginn, verlaangt méi Surveillance respektiv Hëllef. De Fait, dass eng modern Bibliothék e fräien Accès zu ville Standardwierker ubitt, verlaangt méi Rayonnagen a méi Plaz, fir ze liesen an ze schaffen. Haut scho sinn 30.000 Bicher fräi zougänglech. Et missten der zéngmol méi sinn.

D'Sécherheet ass e Problem an engem Gebai, wat net no deem Gesichtspunkt concevéiert an transforméiert gouf. D'Surveillance ass bal net ze maachen, oder nëmme mat grousem personellem Opwand, an engem Gebai, wou ee licht eran- an erauskënnt a klauwe kann, wann ee wëllt. Och den Accès zu de Stockageraim ass net sécuriséiert, all Visiteur ka mat e bësse Geschéck doranner kommen. Ech verweisen op de Rapport vun der Kommissioun hirer Visite, dat ass e Rapport vun 13. Februar 2006, wou dat alles in extenso duergestallt gëtt. Ech wëll also elo net weider dorop agoen.

Am Joer 2002 huet d'Regierung decidéiert, d'Nationalbibliothék op engem eenzege Site ze lokalisieren, also net ze splécken, wéi dat 1998 decidéiert gi war. De Site, deen zréckbehale gouf, war de Bâtiment Schuman um Kierchberg, direkt niewent der Philharmonie an dem sougenannte Musée Pei. Och déi jëtzege Regierung huet kloergemaach, dass se als Site dofir d'Place de l'Europe um Kierchberg festgehalten huet. Déi viregt Regierung hat jo duerfir 2003 en Architektonconcours ausgeschriwwen an e Präis verginn. Déi jëtzege Regierung huet duerch den Här Biltgen kloergemaach, dass se um Bâtiment Schuman festhält, dat ofgerappt an duerch en neit, fonctionnell Gebai ersat soll ginn.

An der Chamberskommissioun, den 21. Juni 2006, sot de Minister, dass d'Konzeptioun dovunner direkt ugefaange soll ginn, also 2006. Wat ass elo d'Zäitschinn fir d'Konstruktioun vun enger neier Bibliothék, do op där Plaz?

D'Regierung huet am September 2006 en Accord mat dem Europaparlament ofgeschloss, fir de Bâtiment Konrad Adenauer, och KAD genannt, auszebauen an ze renovieren, an doran dann all d'Europabeamten aus dem Europaparlament opzehuelen, och déi aus dem Bâtiment Schuman. Dat soll 2012 oder 2013 fäerdeg sinn, da sollen all Servicere vun Parlament zu Lëtzebuerg zentraliséiert ginn. Dat heescht awer, dass mer dann 2020 fir eng nei Nationalbibliothék am A hunn. Nun ass de Bau vum KAD nach net ugefaangen, vill Zäit ass verluer gaangen duerch Onstëmmegekeiten zwëschen dem Fonds du Kirchberg an dem Europaparlament - ech maachen do keng Schuldzuweisungen -, esou dass kee

weess, ob deen Timing vun 2020 kann agehale ginn, oder ob mer éischter mussen un 2025 denken.

D'Europaparlament huet viru kuerzem gefrot, dass eng Partie Aarbechte vu Mise en conformité um Bâtiment Schuman gemaach solle ginn, déi scho laang hätte gemaach misse ginn. Am Statsbudget vun 2009 ass e Kredit vu 750.000 Euro dofir virgesinn. D'Regierung, mengen ech, sollt mam Europaparlament verhandelen a probéieren ze errechen, dass de Bâtiment Schuman méi schnell fräi gëtt. Am Bâtiment Schuman, wou also d'Nationalbibliothék hikomme soll, schaffen nach ëmmer ongeféier 600 Beamten, dat ass beim Europaparlament ni esou genee feststellen.

D'Regierung misst also e Bürosgebai um Kierchberg fannen, fir 600 Leit ënnerzebréngen. Méiglechkeeten dofir gëtt et anscheinend um Kierchberg, well d'Europaparlament huet viru kuerzem 10.000 m² an engem neie Bürosgebai fir sechs Joer gelout. Et gëtt mer gesot, dass et an deemselwechte Gebai nach 12.000 m² gëtt, déi fräi sinn. Firwat geet de Stat net hin, lount déi Fläch fir d'Europaparlament, an am plaz 750.000 Euro an en alt Gebai ze stiechen, solle mer déi Suen huelen a se an de Loyer stiechen, an domat de Schuman méi fräi fräi kréien, wéi een dat kënnt virausgesinn.

Ech wëll nach soen, dass et och nach Méiglechkeeten am Héichhaus ginn, dat an engem Joer soll fäerdeg ginn. Do ass bestëmmt och Plaz fir déi Beamten aus dem Schuman, wann da keng aner Solutioun méiglech wier. Wéi gesot, mir geet et drëm, dass mer mat der Nationalbibliothék virukommen an net nach fënnef, sechs oder méi Jore waarde mussen, wat, wéi gesot, en Horizont vun 2020 bis 2025 opmécht a wat, mengen ech, awer inakzeptabel, fir d'Institutoun onertrüglech wier.

Da stellt sech och nach d'Fro, wat d'Plaz ugeet - de Stat keeft jo elo déi Bibliothék vun Aansbuerg, eng ganz wäertvoll Bibliothék -, wou gi mer domat hin? Wou brénge mer dee wäertvolle Patrimoine anstännege ënner, wa mer elo scho keng Plaz méi an der Nationalbibliothék hunn?

Här President, en zweete Problem ass, dass d'Nationalbibliothék och vill an héich spezialiséiert Personal brauch, fir Datebanken, informatesch Verbindungen, fir komplex Froe vun Droits d'auteur an d'Droits voisins ze behandelen. Wat d'Nationalbibliothék sech méi entwéckelt, wat se sech méi opmécht fir Fuerscher, Studenten a soss Leit, muss se méi laang Öffnungszäiten hunn, also och erëm méi Personal. Wéi iwwerall gëtt d'Aarbecht méi spezialiséiert an erfuerdert méi Formationen. Formationen am Ausland fir d'Personal sinn néideg, awer nëmme méiglech, wa genuch Personal do ass, fir déi ze ersetzen, déi op enger Formation sinn. D'Emstellung op den informatesch Traitement ass oft laangwiereg a schwierig.

D'Nationalbibliothék ass eng öffentlech Verwaltung an ënnerläit also dem Numerus clausus beim Stat. 2004 huet déi deemoleg Kulturminister hei an der Chamber erkläert, si hätt am Numerus clausus 49 Poste fir d'Kultur insgesamt gefrot, hätt awer keen eenzege kritt. 2004 ass och Rieds gaange fir aus der Nationalbibliothék en Établissement public ze maachen, wat personalméisseg méi flexibel ka sinn. D'Kulturminister vun deemools huet gesot, et wier dofir keng Begeeschterung gewiescht, weder bei der Regierung nach beim Personal. D'Regierung hätt wëllen ofwaarden, bis en definitive Kader fir d'Établissements publics virleech. Dobäi ass allerdéngs zu exakt deemselwechten Zäitpunkt, wéi ech rappeléieren, den Établissement public vun der Rockhal de 26. Mee 2004 geschaf ginn, a virdrun, nämlech den 12. August 2003, den Établissement public vun der Uni Lëtzebuerg.

Fir mech ass d'Schafung vun engem Établissement public fir d'Nationalbibliothék déi eenzeg Solutioun, fir dem Institut dee Fräiraum an der Gestiou ze ginn, deen et brauch, fir sech weiderzuentwéckelen an innovativ ze bleiwen. De Statsrot hat iwwerens a sengem Avis zu deem Gesetz vun 2004 iwwert d'Kulturinstitute virgeschloen, d'Gestion séparée fir d'Kulturinstitute insgesamt anzeféieren, déi et jo schonn deemools am CNA, am Musée national d'histoire et d'art an am Musée d'histoire naturelle gouf. Dat hat der Chamber deemools eng gutt Solutioun geschéngt. Et ass awer net geschitt. Et bleift, dass haut d'Nationalbibliothék mat engem 20 Joer ale Gesetz vun 1988 fonctionnéiert, wat duerch déi rasant Entwécklung vun de Kulturinstitute an der kultureller Aktivitéit, op jidde Fall fir d'Nationalbibliothék, iwwerholl ass.

Här President, nach en drëtten Problem. Am Gesetz vum 25. Juni 2004 goufen d'Mis-

sioune vun der Nationalbibliothék preziséiert, doduerch, dass de wëssenschaftleche Charakter vun der Nationalbibliothék ënnerstrach gouf. Wat nei dobäi war, ass, dass d'Qualitéit vun der Nationalbibliothék als wëssenschaftlech a Fuerschungsbibliothék unerkannt ginn ass an dass d'Nationalbibliothék d'Fonctionne vun enger, ech zitieren, „bibliothèque universitaire“ kéint exzerzieren, ech zitieren, „selon les modalités à convenir avec les instances compétentes“.

Am Rapport vum Kulturministère vun 2007 gëtt am Kapitel iwwert d'Nationalbibliothék gesot, dës Institutoun géif hir Politik vun der Verdéiung vun der Zesummenaarbecht mat der Uni weiderentwéckelen. Den 19. Mee 2004 huet déi deemoleg Kulturminister an der Chamber erkläert, dass um Site Belval eng wëssenschaftlech Bibliothék virgesinn ass, wat och aliicht, well eng Bibliothék souwuel fir déi exakt Wëssenschaft wéi fir d'Literatur, d'Humanwëssenschaften no bei de Studenten an de Proffen néideg ass.

Fir den Abléck schafft d'Nationalbibliothék mat 33 Lëtzebuerg Bibliothéiken am Kader vum bibnet zesummen. Dat ass de Réseau vun de Bibliothéiken, déi den Informatiksystem Aleph 500 benotzen, dee vun der Nationalbibliothék koordinéiert gëtt. An deem Kader ass d'Zesummenaarbecht mat der Uni Lëtzebuerg bis elo gelaf.

Da gëtt et e Konsortium fir de Kaf vun elektronesch Publikatiounen, deen aus der Bibliothèque nationale an der Uni besteet. Déi Publikatiounen ginn iwwert de Portail www.bnu.lu zougängelech gemaach. D'Bibliothèque nationale ass mat anere méigleche Partner fir déi Entreprise, nämlech CRPen an de CEPS am Kontakt. Am Joer 2007 sinn iwwer 100.000 Kontakter fir Recherchen op deem Réseau constatéiert ginn. Iwwer 100.000!

Et ass kloer, dass eng politesch Weichstellung sech als Äntwert op folgend Fro imposéiert: Soll d'Uni fir all Fakultéit an Institut Bibliothéiken entstoe loosse, oder soll an der Zesummenaarbecht vun Uni an Nationalbibliothék eppes entstoen, wat eng Aart zentral Bibliothèque nationale et universitaire kënnt sinn, déi zum Deel virtuell an zum Deel reell ass? Virtuell, well haut villes iwwer Informatik leeft; reell, well et ëmmer eng zentral Stell muss ginn, wou de Patrimoine vun Impriméen, Manuskripten, Supports électroniques konservéiert an zougängelech gemaach muss ginn.

Wann ee vun enger zentraler Bibliothék schwätzt, heescht dat, dass et eng zentral Instanz gëtt, déi alles gériert, wat gemeinsam ass, wéi zum Beispill de Kaf vu Bicher, elektronesch Revuen. Anerersäits kann den Accès zu esou enger Bibliothék dezentral sinn, dat heescht, dass den Zougang zu de Fichieren iwwer Internet den Zougang zu de Bestänn vill méi flexibel mécht, wéi dat nach virun e puer Joer denkbar war.

Dobäi ass et evident, dass d'Fachbibliothéike fir d'Uni Aarbechtsinstrumenter sinn, déi no bei de Studenten an de Proffe musse sinn. Mä all déi Fachpublikatiounen op elektroneschem Support kënnen iergendwou stoen. Dofir kann eng Bibliothèque nationale et universitaire eng virtuell grouss Bibliothék sinn, déi enk mat de Fachbibliothéiken zesummeschafft a se compléiert.

Ech ginn net weider op d'Detailer vun där besteender Kollaboratioun zwëschen Uni an Nationalbibliothék an. Ech wëll awer soen, dass d'Nationalbibliothék fir d'Uni eng ganz Partie Aarbechte mécht. Schonn haut hëlt d'Nationalbibliothék dagdeeglech un de Projeten vun der Unisbibliothék deel. Eng Equipe vun der Nationalbibliothék, aus Spezialiste vun der Informatik a Bibliothécairen zesummegeesat, mécht Logicielen a Réseau vun der Unisbibliothék a bréngt se op de Qualitéitsniveau vun deem, wat gefrot gëtt. An ech mengen, och wann ech dat gelies hunn, wat d'Bibliothekarinnen vun der Uni Lëtzebuerg gesot huet, dass de Portail BNU mat 21.000 elektronesch Zäitschrëfte mat der Offer vun de gréissten Unie rivaliséiere kann.

Wat ech aus den Diskussiounen op der Uni zrëckbehalen hunn, ass, dass d'Noutwendegkeet vun adaptéierten a studentenneo Bibliothéiken an de Fakultéiten, an zweetens eng enk Zesummenaarbecht vun Nationalbibliothék an Unisbibliothéiken noutwendeg ass. Déi Zesummenaarbecht mécht sech haut um Terrain, well déi Responsabel dat esou wëllen. Nach besser wär et, wann een eng strukturéiert Zesummenaarbecht beschreiwen a réaliséiere kéint a sech eng Strategie vu Bibliothéiksentwécklung op engem méiglechste héije Qualitéitsniveau kéint ginn.

Dofir brauche mer en neit Gesetz, wann een aus der Nationalbibliothék en Établissement public „Bibliothèque nationale et uni-

versitaire“ wëllt maachen, wat nützlich ass am Hibleck op d'Zesummenaarbecht mat der Uni, déi och en Établissement public ass. Wichtig ass et, dass eng zentraliséiert Gestiou vun alle wëssenschaftleche Bibliothéiken entsteet, an zwar an der Bibliothèque nationale et universitaire, wourop sech eng ganz Partie Antenne kënn greféieren.

Et huet op jidde Fall kee Sënn, eng hallef Dose onofhängeg Bibliothéiken opzebauen, déi alleguer hir eege Verwaltung hunn. D'Informatik mécht dat haut méiglech, souwuel fir déi intern Kommunikatioun wéi och fir d'Utilisateuren. D'Avantagé vun esou engem System leien op der Hand: eng eenzeg informatesch an elektronesch Infrastruktur, gemeinsamen Akaf vun elektronesch Publikatiounen, wat méi bëlleg gëtt, personalméisseg kritt een och eng Masse critique, déi et erlaabt, d'Personal ze spezialiséieren.

Dat wesentlech Konzept besteet doran, dass et zu Lëtzebuerg eng zentral national Plattform gëtt fir d'Diffusioun vun der Wëssensgesellschaft, also eng Aart nationale Service Center fir all d'Bibliothéiken am Land. Fir déi Roll drängt d'Nationalbibliothék sech op, well se duerch d'Gesetz vun 2004 och d'Agence fir Lëtzebuerg vum ISBN an dem ISSN an och dem URN ass, also „uniform resource name“.

D'Nummeriséierung ass noutwendeg fir d'Standardiséierung, d'Interopabilitéit an d'URN-Adressen. Dës Aarbechte ginn elo an der Nationalbibliothék gemaach, grad esou wéi se all Lëtzebuerg nummresch Publikatiounen an hir Datebanken ophëlt a fir d'Zukunft konservéiert.

Iwwert den Opbau vun Bibliothékssystem an iwwert d'Froen, déi sech an deem Zesummenhang stellen, wat de Statut vum Personal, den Organigramm, d'Gebai an de Fonctionnement ugeet, ass et sécher ze fréi, fir an dësem Kader esou wäit ze goen. Et ass awer wichtig, dass d'Regierung eng politesch Strategie festleet a sech och do mat allen Acteuren ofschwätzt.

Här President, fir dës Introductioun ofzeschléissen, wollt ech eng Motioun virleeën, déi ënnerschriwwen ass vun Här Schank, der Madame Flesch, dem Här Adam, der Madame Dall'Agnol a mir selwer, an där am Dispositiv gefrot gëtt, dass d'Regierung vum Enn vun der Legislatur e Projet fir eng Bibliothèque nationale et universitaire virleed, déposiert; zweetens, dass och d'Aarbechten un engem Projet de loi fir de Bau vun engem neie Gebai fir d'Bibliothèque nationale schnell virgedriwwen ginn; parallel dozou natierlech och, dass een déi virbereedend Aarbechte fir e Gebai vun enger Bibliothèque universitaire op Esch/Belval weiderdreift; dass een d'Europaparlament derzou bréngt, fir de Site schnell fräizeginn, an dass een och der Bibliothèque nationale déi Mëttele gëtt, déi se brauch, fir hir Missiounen ze erfëllen.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- *considérant les conclusions tirées par la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture à la suite de ses visites des locaux de la Bibliothèque nationale et de ses annexes le 13 février 2006 et le 22 mars 2006 et de la réunion du 21 juin 2006;*

- *considérant l'insuffisance des lieux de stockage et des surfaces administratives (bureaux, gestion et traitement des livres);*

- *considérant l'impossibilité de disposer des surfaces nécessaires pour étendre les salles de lecture pour rendre possible l'accès direct aux documents et pour développer l'utilisation des TIC;*

- *considérant l'absence de salle de conférence et de salle d'exposition indispensables à la valorisation du patrimoine de la Bibliothèque nationale;*

- *considérant les problèmes de la sécurité et de l'accès qui se posent dans les locaux actuellement disponibles;*

- *considérant l'évolution technologique d'une bibliothèque moderne de haut niveau et les besoins en personnel hautement qualifié;*

- *considérant la nécessaire clarification quant à l'organisation du système de haut niveau des bibliothèques scientifiques au Luxembourg (BN et bibliothèques de l'Université du Luxembourg), suite à l'affirmation du Gouvernement de vouloir créer une «Bibliothèque nationale et universitaire» (BNU) permettant aux deux institutions de fonctionner sur plusieurs sites, mais au sein d'un système interne commun;*

- *considérant l'intention du Gouvernement de construire une nouvelle Bibliothèque nationale sur le site de l'actuel Bâtiment Schu-*

man, occupé par les services du Parlement européen;

invite le Gouvernement

- *à déposer avant la fin de la présente législature un projet de loi «Bibliothèque nationale et universitaire» (BNU) pour fonder sur une base légale la collaboration large-ment entamée entre la Bibliothèque nationale et l'Université du Luxembourg;*

- *à faire avancer rapidement les travaux d'un projet de loi autorisant le Gouvernement à procéder à la construction d'un nouveau bâtiment pour les besoins de la Bibliothèque nationale et universitaire qui a déjà fait l'objet d'un concours entre architectes en 2003;*

- *à poursuivre les travaux préparatoires du bâtiment de la Bibliothèque universitaire Esch-Belval;*

- *à amener le Parlement européen à libérer rapidement le site du Bâtiment Schuman par le transfert de ses bureaux;*

- *à doter la BnL du personnel et des ressources nécessaires pour permettre à cet important institut culturel de développer pleinement ses potentialités et d'exercer ses missions légales à la hauteur des exigences de la société de la connaissance.*

(s.) Ben Fayot, Claude Adam, Claudia Dall'Agnol, Colette Flesch, Marco Schank.

Merci fir d'Opmierksamkeet.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Fayot. Dann huet elo den Här Schank als éischte Riedner d'Wuert. Här Schank, wann ech gelift.

Discussion générale

» **M. Marco Schank (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt mat engem Zitat ufänke vun engem renommierten amerikanesche Journalist, dee renomméiertste Journalist vu CBS, de Walter Cronkite, dee gesot hutt: Wat och ëmmer eis Bibliothéike kaschte wäerten, esou ass de Präis bëlleg am Verglach vun enger Natioun vun Ignoranten.

Insgesamt, géif ech soen, huet d'Regierung an deene leschte Jore vill fir d'Nationalbibliothék gemaach, an domat awer och bewisen, dass se de Stellwäert vun der Kultur vum Buch eigentlech ganz eescht hëlt. Leider ass déi aktuell Regierung beim Thema Nationalbibliothék deelweis mat enger Rei vu Problemer konfrontéiert, wou se dacks keen direkten Afloss konnt huelen. Wann een emol liest, wat an deene leschte Joren dozou vu Regierungssait an och vun där zoustänneger Chamberskommission gesot ginn ass, dann erkennt ee ganz däitlech, dass och d'Regierung scho gären - an dat scho méi laang - eng nei Bibliothék um Kierchberg stoen hätt.

Am Joer 1973 ass d'Nationalbibliothék an den Ale Kolléisch komm. A scho relativ séier, an den 80er Joren, virun allem awer och zënter den 90er Joren huet sech erauskristalliséiert, dass déi Plaz hannen a vir net duergeet, dass d'Raimlechkeeten ze kleng si ginn. Dee Problem, iwwert dee mer haut schwätzen, ass also - wéi de Ben Fayot och scho gesot huet - een, dee schonn zënter ganz Laangem besteet.

Mëtt den 90er Joren huet en däitschen Experte an engem Kader vun der Expertise, de Rolf Fuhlrott, Folgendes festgehalten. Hien huet gesot: „Der Zerstörungsprozess des wichtigsten Kulturgutes unter diesen Aufbewahrungsbedingungen ist unaufhaltsam, wenn nicht bald Abhilfe geschaffen wird.“ Effektiv ass dës Bibliothék e wesentlech Element vun eiser - an dat braucht Der elo kengem ze soen - nationaler Kulturpolitik. An hire Mauere geschitt souwuel d'Konserveratioun vun eisem ureegene Wëssenspatrimoine engersäits, an anerersäits awer och d'Wëssensvermittlung fir d'Zukunft.

Haut am Hierscht vum Joer 2008 ginn et wuel Annexen an Dépôte vun der Nationalbibliothék um Kierchberg an och soss, mä d'Problemer, déi sech stellen, sinn eigentlech ëmmer nach déiselwecht: net genuch Plaz, net genuch Méiglechkeeten, wäertvoll Bicher an aner Dokumenter adequat a fachgerecht ze konservéieren. Dann duerch d'Infrastruktur bedéngten onpraktesch Aar-

bechtskonditiounen fir Deeler vum Personal, vill Inconvénienten, Geld- an Zäitverloscht duerch d'Opspléckung op dräi Sitë plus nach aner Dépôten, an och Mangel u Plaz fir modern a gutt équipéiert attraktiv Liessäll; wat jo ee wesentleche Punkt ass vun enger moderner Bibliothéik.

Nu sinn dës Ëmstänn net op d'Veerse vum eiser Kulturpolitik zrëckzuführen. Et sinn Décisiounen geholl ginn - et ass och scho vum Interpellant gesot ginn -, an de Site vun der Place de l'Europe, do wou am Moment de Bâtiment Schuman steet, ass fir déi nei Bibliothéik festgehal ginn. 2003 gouf och een Architektonconcours international ausgeschriwwen, mat engem däitschen Architektbüro als Laureat.

Heiduerch gétt um Kierchberg eng Plaz geschaf, wou sech dann och eng Partie Kulturinstitutionen op engem regelrechten l'lot culturel ermënnen - Dir wësst dat -: d'Philharmonie, de Mudam, geschwënn de Musée Dräi Eechelen a schlussendlech dann och d'Nationalbibliothéik.

Dat Eenzegt, wat der Ëmsetzung vun dëser Politik nach am Wee steet, ass d'Tatsaach, dass Servicer vum Europaparlament d'Schumans-Gebai nach ëmmer net verlooss hunn. Et wier also wichteg, dass dës Schrëtt esou séier wéi méiglech, am beschte kuerzfristeg géif geschéien, fir dass déi weider Etappe fir d'Kreatioun vun där neier Nationalbibliothéik kéinten an Ugrëff geholl ginn.

Da muss een awer och d'äitlech maachen, dass eng Bibliothéik net nëmme aus hire Raimlechkeete besteet, och wann am Fall vun der Nationalbibliothéik op dësem Punkt de Problem vläicht am gréissten an och am akutsten ass, an natierlech eng ganz Rei vun negativen Konsequenzen och do drunhänken.

Här President, mir all wëssen, dass Kulturpolitik a Bibliothéikspolitik vill Sue kaschten. Ech mengen awer, dass ee Stat an och d'Gemengen op dësem Punkt net d'äerfen op der falscher Plaz spueren. Egal ob et fir d'Nationalbibliothéik ass - an ech muss d'Stad Lëtzebuerg félicitéieren, si hunn ee Bijou geschaf mat där neier Bibliothéik, déi enorm flott ass - respektiv och déi méi kleng regional Bibliothéiken, déi iwwer Land entstinn, déi leider manner Suen hunn, wéi eng Stad Lëtzebuerg, awer da probéiere mat hire Moyenen an och ganz dacks mat Leit, déi éierenamtlech schaffen, hire Match ze maachen.

Well an deenen Haiser läit ee wichtige Deel vun eisem ureegene kulturelle Patrimoine engersäits, an anerersäits hunn d'Bibliothéiken an d'Kultur vum Buch net nëmme mat der Wëssensvermittlung fir d'Zukunft ze dinn, mä och ganz vill mam Fördere vu Wäerter wéi zum Beispill Weltoffenheet, wéi Toleranz oder och Friden.

De Stelwäert, deen d'Nationalbibliothéik fir d'Regierung huet - dat wollt ech awer och ervirsträchen -, gesäit ee sécher och dorun, dass hire Budget vu ronn 5,8 Milliounen 2007 op 7,1 Milliounen am Joer 2009 klamme wäert. Vill ass och vum Stat an d'Informatikstrukture vun der BNL investéiert ginn.

Dës Erhéijung ass eng ganz bedeutend fir en Zäitraum vun zwee Joer. Heifir wëll ech och dem Budgetminister an der Statssekretärin fir Kultur e Luef aussprechen. Si hunn d'Wichtigkeet erkannt an och déi noutwendeg finanziell Moyenen hei labbergemaach.

En vue vun der Uni Lëtzebuerg - dat wollt ech nach soen, déi jo och, wéi Der alleguerte wësst, an engem ganz dynamischen Opbau ass, wou viles a Bewegung ass - ass eng gutt a kompetent Nationalbibliothéik een immens wichtige Bestanddeel vun eiser Wëssensinfrastruktur hei am Land. Schonn haut ass et d'Nationalbibliothéik, déi déi noutwendeg Informatiksystemer fir d'Bibliothéike vun der Uni am Kader vun Lëtzebuerg Bibliothéiknetz, dem bibnet.lu, bedreift. Ee Bibliothéiknetz, zu deem och nach aner Lëtzebuerg wëssenschaftlech Bibliothéike gehéieren: zum Beispill déi vum Statec; zum Beispill déi vum CRP Tudor oder och dem Centre national de la littérature.

D'Zesummenaarbecht vun der Nationalbibliothéik an der Stad mat der Universitätsbibliothéik op Belval wäert och an Zukunft e

ganz wichteg Element fir d'Entwécklung vun der Uni Lëtzebuerg ginn.

Awer net nëmme um Universitätsniveau spillen d'Bibliothéiken eng Roll. Et ass erweisen, dass d'Motivatioun fir ze liese bei Kanner a jonke Leit enk mam schoulesche Succès verbonnen ass. Stéchwuert PISA 2006, Stéchwuert PIRLS. D'Resultater vun där Etüd, déi d'Lieskompetenz vun eise 15-jährige Schülerinnen a Schüler ënnersicht huet, war an ass séier beonrougend. D'Lëtzebuerg Schüler leien, wat d'Lieskompetenz ubelaangt, am internationale Verglach ënnert dem OECD-Duerchschnëtt.

Dann an der PIRLS-Etüd, do si jo déi eelefjähreg Schülerinnen a Schüler gekuckt ginn. Do hu mer dogéint net esou schlecht ofgeschnidden; dat muss ee soen. Trotzdeem muss een awer festhalen, dass eis eelefjähreg Jongen a Meedercher manner gär liesen, wéi hir Alterskolleegen an den europäeschen Nopeschlänner.

Mir hunn also do nach vill Reserven, vill Méiglechkeeten, fir d'Liesmotivatioun vun deene Jonken, vun eise Kanner ze steigere. A selbstverständlech spillen a mengen an an eisen Aen déi regional Bibliothéiken eng ganz wichteg Roll.

Wa mir et fäerdeg bréngen, eise Kanner eng Lieskultur ze vermëttelen doduerch, dass d'Eltere méi dacks mat hinnen an öffentleche Bibliothéike ginn, da wäerte mir och an Zukunft gutt an nach besser Resultater errechen an entsprechenden Tester. An anere Wieder: D'Virbild vun den Elteren ass enorm wichteg, wat d'Fördere vun der Lieskompetenz vun eise Kanner ubelaangt. Just zwou Zuelen an deem Kontext: Nëmme 20,1% vun den Eltere ginn heiansdo mat hire Kanner an eng Bibliothéik; 74,3% maachen dat ni oder bal ni.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, gutt Lieser ginn net nëmme an der Schoul forméiert, mä och a besonneschem Mooss an de Familjen. An hei spillt - ech soen et nach eng kéier - dat neit Konzept vun der Regionalbibliothéiken eng wichteg Roll. Ech géif bal gär soen, dass si keng einfach Bibliothéike méi, déi do kreéiert ginn. Dat si Multi-mediathéiken, wou ebe méi wéi Bicher offeréiert gétt, wou een CDe fént, DVDen, Hörbicher an esou weider, a wou och ronderëm eng Animatioun geschitt. Et ass jo wesentlech, dass ronderëm och d'Lieskultur gefördert gétt; net einfach eng Hardware, wou ee ka Bicher oder aner Datenträger léinen.

Wa mir d'Leit wëlle méi vum Liese begeeshteren, mä och fir d'Formation permanente ze förderen, da mussen mir eben och derfir suergen, dass mer a verschiddene Regione vun eisem Land, do, wou Bibliothéike feelen, der och dohinner kréien. An deem Kontext ass et de Moment esou, dass esou eng „bottom up“-Bewegung ass. Dat heescht, déi Bibliothéike kreéiere sech, well et A.s.b.l.e ginn, well et eventuell Elterevereenegunge ginn, well et d'Gemenge sinn, déi sensibel sinn op deem Sujet an derfir suergen, dass eng Bibliothéik entsteet.

Dat neit Konzept vun deene regionale Bibliothéiken ass eigentlech e ganz flott, well d'Nationalbibliothéik an aner grouss Bibliothéiken abezu ginn doduerch, dass een iwwer Internet jo an all Bibliothéik erakéint a ka kucken, ob déi Bicher do sinn, Bicher bestellen. An dann hu mer e Service kreéiert, wou regional Bibliothéiken oder vill vun hinnen d'Bicher an d'Stad oder wou och ëmmer siche fueren, dass d'Leit um Land sech net mussen déplacéieren, fir e Buch ze léinen; wat ee ganz flotte Service ass.

Eleng d'Grënnung vun enger Unioun vu 15 öffentleche Bibliothéiken d'lescht Joer huet bewisen, dass déi staark „bottom up“-Entwécklung, vun där ech geschwat hunn, wierklech dezentral a modern Multi-mediathéiken amgang ass ze schafen, dat - dat wëll ech awer och ervirsträchen - an enker Zesummenaarbecht mam Bicherbus. Och de Bicherbus ass fir mech oder fir eis ee Complément zu deem, wat eng Nationalbibliothéik a wat d'Regionalbibliothéiken do-bausse fäerdeg bréngen.

Elo ass et awer esou, dass all déi dezentral Initiativen a Projeten, dat heescht och déi Renaissance vum Buch, déi een awer spiert, an Zukunft eng strukturell an eng professionell Begleedung brauchen, soss hu se an Zukunft keng l'wwerliweschance. Wa se keng Sue kréien a soss keng Moyene kréien, da verschwanne se erëm ganz séier.

D'Nationalbibliothéik mécht elo scho wat se kann an deem Kontext. Mä hir Moyene si begrenzt. Si hëlleft bei der Berodung, si hëlleft och bei Formatioun, mä si kann, esou wéi se elo fonctionnéiert, net dat maachen, wat néideg wier, fir de Bibliothéiken iwwer Land ze hëllegen.

Deemno mussen déi regional Bibliothéiken an Zukunft finanziell, fachlech a logistesches

begleet ginn. Ech selwer hunn an deem Kontext d'lescht Joer eng Proposition de loi gemaach. Ech wëll och drun erënneren, dass de fréiere Kolleg, de Marc Zanussi, dee vill ze fréi vun eis gaangen ass, och viru Joren eng entspreche Proposition de loi gemaach huet. Ech selwer hu probéiert ze proposéieren, dass mer ee spezielle Service kréien, deen an der Nationalbibliothéik géif ugehaange ginn, fir an Zukunft déi öffentleche Bibliothéiken, déi entstinn, oder ze hëllegen, dass se entstinn, dann och weider ze begleeden.

D'Bibliothéike wieren dann och Member am Réseau vum bibnet, wat wichteg ass, a si géifen dann no prezise Kritäre staatelech gehollef kréien. Wa mer deemno staark genuch a gutt équipéiert regional Bibliothéike wëllen, da brauche mer och eng staark Nationalbibliothéik. Dat hänkt also enk zesummen.

(M. Laurent Mosar prend la Présidence)

Ech weess, dass am Kulturministère e Projet de loi amgang ass, ausgeschafft ze ginn, oder amgang ass, finaliséiert ze ginn. Ech mengen, dass och eis Statssekretärin sécher e Saz dozou wäert soen, wou mer do grad stinn.

Här President, modern an effizient Bibliothéike schaffen och mat deenen neitsten Technologien, also informatésche Programmer, déi et dem Benotzer, also dem Lieser, méi einfach maachen, en Accès zu de Bicher ze kréien. Hei muss festgehal ginn, dass mer zu Lëtzebuerg do scho relativ gutt fonctionnéieren. Et kann een haut, an net nëmme fir d'Nationalbibliothéik, bequem vun doheem aus kucken - ech hu schonn drop higewisen -, ob een dat Buch, wat ee grad wëllt a brauch, kann ausléinen. Et kann een et da virbestellen, fir et einfach nëmme sichen ze goen.

Mä fir dass déi Systemer awer fonctionnéieren, an ënnert dem Drock vun enger rasanter informatéscher Entwécklung, muss d'Nationalbibliothéik, déi jo d'Systemer fir de Réseau bibnet bedreift, genuch Fachleit hunn. Dat huet och schonn den Interpellant gesot. Et ass och kloer, dass do genuch qualifizéiert a forméiert Personal muss am Asaz sinn, fir dass souwuel de Lieser éischters ka kompetent betreit ginn, bedéngt ginn, an zweetens awer och d'Bicher selon les règles de l'art stockéiert a konservéiert ginn.

Mir mussen eis also selwer d'Mëttele ginn, fir d'Nationalbibliothéik an och aner Bibliothéiken hei am Land ze valoriséieren an op engem héijen Niveau ze halen, deen och mam Ausland Schrëtt hält. Da si mer um richtege Wee, fir eng performant Wëssensgesellschaft ze ginn.

Ech soen lech Merci.

» M. le Président. - Ech soen dem Här Schank Merci. Als nächst Riednerin ass d'Madame Flesch agedroen. Madame Flesch, Dir hutt d'Wuert.

» Mme Colette Flesch (DP). - Merci, Här President. Här President, Madame Statssekretärin, léif Kolleegen, meng Virriedner sinn op d'Virgeschicht agaange vun dem Projet Nationalbibliothéik an hunn dorop higewisen, dass jiddereen unerkennt, dass de Projet urgent ass, mä nach fént en ni déi néideg Prioritéit, fir weiderzekommen.

Ech stellen an deem Dossier dach eng gewëssen Dimensioun vun Immobilismus fest, esou dass ech mengen, dass d'Interpellatioun vum Här Fayot am richtege Moment kënn.

Här President, ech wëll net op all déi Donnéeën oder déi Detailler agoen, déi meng Virriedner an der Virgeschicht erwähnt hunn, mä ech wëll awer insistéieren op dat, wat am Gesetz vun 2004 iwwert d'Reorganisatioun vun de staatelechen Instituts culturels iwwert d'Nationalbibliothéik gesot ginn ass.

Déi Bibliothéik huet am Wesentlechen dräi Fonctiounen. Si soll de Patrimoine national culturel verwalten. Si soll netlëtzebuergesch wëssenschaftlech Publikatiounen verwalten. Si huet also ganz kloer laut Gesetz eng Vocatioun als wëssenschaftlech a Recherchebibliothéik. An et gétt am Gesetz och gesot, si kann d'Fonctiounen vun enger Universitätsbibliothéik ausüben. Dréit Fonctioun ass d'Koordinatioun vun alle Lëtzebuerg Bibliothéiken an d'Erstelle vun engem gemeinsame Katalog.

Dës Fonctiounen erfëllt d'Nationalbibliothéik an huet a leschter Zäit ganz vill Efforten investéiert an notament ganz vill Efforten an der Informatik. Esou zum Beispill an der Utilisatioun vun der Informatik zur Gestiou vun den traditionellen Aktivitéite vun enger Bibliothéik, an der Gestiou vun den Acquisitiounen, landeswäit, an domadder d'Erstellen an d'Géiere vun engem gemeinsame Katalog, an d'Bereetstellung vum Accès un d'Material op elektronischem Support.

Ech mengen, et misst een ervirsträchen, dass de Gebrauch vu Material op elektronischem Support gewaltig a ganz schnell zouhëlt an dass effektiv d'Nationalbibliothéik an deem Domän zum zentralen „service provider“ ginn ass.

Dës Missiounen alleguerten erfëllt also d'Bibliothéik, obscho se net iwwert déi néideg Mëttele verfügt.

Kucke mer ons fir d'éischt d'Installatiounen un: Mangel u Plaz, verspreecht a ville Gebaier an deelweis a Gebaier, déi net géeeent sinn oder an engem desolaten Zoustand sinn, an heiansdo déi zwee.

D'Gebai an der Ënneschtgaass ass ze kleng a misst sanéiert ginn, huet notament e Fiichtegkeetsproblem. D'Annex vum Boulevard Prince Henri ass och net ideal a souwisou muss d'Bibliothéik geschwënn do fortgoen, esou wéi se och huet missen de Bâtiment Wagner verloossen. D'Annex zu Bartreng, do gétt et och e Fiichtegkeetsproblem. D'Annex um Kierchberg an den ale Gebaier vun Eurocontrol, wou d'Informatik ënnerdaach ass a wou d'Formatiounssäll och sinn.

Da muss ee feststellen, dass d'Incunables am Safe vun enger Bank leien an dass d'Réserve précieuse zum Deel bei den Archives nationales ass. Et ass also eng explodéiert Bibliothéik nationale, mä net am gudden Sënn vum Wuert Explosioun, net am Sënn vun enger Floraison, mä am Sënn vun enger Zerstreuung, déi - wéi soll ech soen? - d'Fonctionnement vun der Bibliothéik sécherlech net méi einfach mécht.

Entre-temps huet d'Zuel vun de Clienten, vun de Lecteurs, vun deene Leit, déi also an d'Bibliothéik ginn, sech säit 2000 méi wéi verduebelt a läit elo bei iwwer 70.000. D'Unzuel vu Prëté sinn an deemselwechten Zäitraum ëm 30% geklommen.

D'Personalmëttele sinn awer net am selwechte Mooss an d'Luucht gaangen. Beispill: Eng vergleichbar Bibliothéik an Däitschland huet ongeféier 110 Mataarbechter. D'Bibliothèque nationale zu Lëtzebuerg huet ronn 50 bis 60 voll Kaderen. Dat gétt engem d'Ausmooss vun der Divergenz an och de Wee, dee mer nach ze bestreiden hunn, wa mer der Bibliothéik wëllen d'Mëttele gi vun hiren Ambitiounen - vun deenen Ambitiounen, déi Regierung an d'Chamber der Bibliothéik gesat hunn.

An där Situatioun ass et also net verwonnerlech, dass d'Regierung eng Léisung gesicht huet an decidéiert huet, d'Bibliothéik op engem Site ze regroupéieren, an zwar um Kierchberg am sougenannte Schumans-Gebai, wou bis elo en Deel vum Sekretariat vum Europaparlament ënnerdaach war. Dës Décisioun ass den 22. Februar 2002 gefall an ass de 4. Juni 2004 confirméiert ginn.

Laut Äntwerte vun der Regierung vum 9. Februar 2005 a vum 26. Mee 2005 op parlamentaresch Ufroe soll de Site vun der Place d'Europe um Kierchberg déi duebel Missioun vun Nationalbibliothéik an zentraler Universitätsbibliothéik erfëllen.

Et ass och en internationale Concours ausgeschriwwen ginn, fir d'Schumans-Gebai ëmzebauen an u seng nei Bestëmmung ze adaptéieren. En internationale Jury huet de Projet vun den däitschen Architekten Bolles & Wilson erausgesicht. An 2005 ass och an der Äntwert op eng parlamentaresch Fro gesot ginn, dass e Groupe de travail, zesummegesat aus Beamte vun den Travaux publics a vun der Kultur, den Avant-projet géif finaliséieren.

Wann een elo de Budget 2009 kuckt, da gesäit een, dass d'Frais d'études fir d'Transformatioun vum Schumans-Gebai am Budget virgesi si beim Fonds d'investissements publics administratifs, a bei deem Fong fént een och e Montant vun 118 Milliounen Euro fir d'Transformatioun vum Schumans-Gebai, mä leider an der Rubrik 5 „autres projets“. Dat sinn also déi, déi hannert all deenen anere kommen, fir déi eng méi grouss Prioritéit besteet.

Dat ass alles schéin a gutt, mä entre-temps deet sech näscht. Deet sech guer näscht!

Duerfir meng prezis Froen un d'Regierung:

Ginn d'Servicer vum Europaparlament aus dem Schumans-Gebai eraus?

Hat d'Regierung a leschter Zäit an där Fro Kontakt mam Europaparlament? Wa jo, wat ass bei deene Gespréicher erauskomm? A wéini kann een domat rechnen, dass déi Servicer erausginn?

Wéi ass et mam Här Fayot senger Proposition, déi hien elo just hei gemaach huet an déi mer ganz gutt schéngt, dass een déi néideg Meter carréen um Kierchberg soll lounen, déi néideg sinn, fir déi Beamten, déi nach am Schumans-Gebai sinn, ënnerzibréngen, fir dass ee kann effektiv ufänken, kuerzfristeg ufänke mat dem Ofrappen?

Dat ass meng drëtt Fro: Wéini gëtt d'Schumans-Gebai ofgerappt, deelweis oder ganz?

» **Mme Anne Brasseur (DP)**.- Also, et ass ze hoffen, dass et ganz ofgerappt gëtt.

» **Mme Colette Flesch (DP)**.- Dat bréngt mech dann zu menger anerer Bemierkung: Et ass mer gesot ginn - ech konnt dat net vérféieren -, dass de Bauteminister an d'Statssekretärin vun der Kultur bei där enger oder anerer Geleeënheet sech geäussert hätten, d'Schumans-Gebai sollt ofgerappt ginn an et sollt en neit Gebai fir d'Bibliothéik opgericht ginn.

Dat géif ons schéngen déi besser Solutioun ze sinn am Intérêt vun der Bibliothéik, vun hirem Personal a vun dem urbanisteschem Aménagement vum Kierchbiérg a vun der Place de l'Europe.

Éischtens kréich d'Bibliothéik e Gebai, wat wierklech en fonctioun vun hire Besoiné konzipéiert wär, doduerjer och besser adaptéiert wär a wahrscheinlech manner deier géif ginn.

Zweetens géif d'Schumans-Gebai, wat net méi zäitgeméis ass an der Perspektiv vun deenen zwee schéine Gebaier vun der Philharmonie a vum Mudam stiéiert, verschwannen, wat sécherlech vun architektoneschem an urbanisteschem Interessi wär.

Och hei wär ech frou, wann d'Regierung ons kéint kloer Wäin aschëdden. D'Fro wënn sech net un d'Secrétaire d'État vun der Agriculture, mä vun der Kultur.

(Interruption et hilarité)

Här President, esou wäit zu der Problematik vun der National- an Universitätsbibliothéik an der ugepeilten Léisung, déi onser Meenung no wierklech urgent ass.

Et schéngt mer kloer, dass op de jétzegen an zukünftege Sitë vun der Universitéit déi gëeegent Proximitéitsbibliothéike mussen installéiert ginn, ugepasst un den Enseignementsbedarf, fachbezunn, an - wéi et esou schéin op Däitsch gesot gëtt - fir d'Studenten „in Laufreichweite“. Dat géllt sécherlech a ganz besonnesch fir Bicher an Zäitschrëften op Pabeiersupport. Fir d'elektronesch Material ass den Accès souwiesou fir jiddferen iwwerall a jidderzäit gesécher.

Wat déi méiglech Proximitéitsbibliothéike betrëfft, gëtt et iwwerengs schon Usätz. Et gëtt déi zwou Bibliothéike vum fréieren ISERP zu Walfer. Et gëtt d'Bibliothéik vum IST um Kierchbiérg an et gëtt d'Bibliothéik vum Centre universitaire um Lampertsbiérg. Mä dat geet net duer. Et muss do nach munches derbäikommen.

Och sinn d'Öffnungszäite vun de Bibliothéiken e Problem - vun deene Bibliothéiken a vun iwwerhaapt de Bibliothéiken. Si sinn op vun 9 bis 13 a vu 14 bis 17 Auer. Dat heescht a klorer Sprooch, dass, wann d'Studente keng Coursen hunn a kéinten an d'Bibliothéike goen, d'Bibliothéiken zou sinn. Ech maachen drop opmierksam, dass zu Tréier d'Universitätsbibliothéik bis Mëtternuecht op ass a staark besicht ass, besonnesch an deene Stonnen no de Coursen.

Et gëtt mer gesot, dass och beim Problem vun den Öffnungszäiten de Grond dofir de Personalmangel wär. Do muss also eppes geschéien. Et géif mech interesséieren ze héieren, wat d'Regierung do virgesinn huet a wat se wëlles huet ze ënnerhuelen.

Et schéngt mer och kloer, dass déi Proximitéitsbibliothéike mussen den Ufuerderung vum Enseignement ugepasst sinn. Fir den Zyklus vum Bachelor sinn d'Besoinen anescht wéi beim Master a beim Master anescht wéi beim Doktorat a bei der Recherche. Et schéngt mer grad esou kloer, dass zu Belval eng wëssenschaftlech Bibliothéik muss entstoen, déi de Besoiné vun deem groussen zukunftssträchtege Site ugepasst ass.

Besonnesch bei Belval sinn d'Informatiounen awer leider net kloer. Op de Pläng, déi vum Fonds Belval publizéiert gi sinn, fënnt een eng Maison du livre. Soll dat d'Bibliothéik sinn oder soll dat eppes anescht sinn?

Leschten Informatiounen no, déi ech kritt hunn, soll et awer esou sinn, dass d'Bibliothéik zu Belval sech déi all Möllerei mat dem Centre national de la culture industrielle misst deelen. Ass dat esou? Also, wat ass do virgesinn? Ech mengen, et wär och gutt, wann d'Regierung ons do eng kloer Äntwert kéint ginn iwwert d'Projeten, déi fir Belval envisagéiert sinn.

Här President, ech wëll dorun erënneren, dass am Contrat d'établissement plurianuel tëschent dem Stat an der Université du Luxembourg vum 10. Oktober 2006 ausdrécklech festgehale ass - an ech zitieren: «Dans le respect de son autonomie, et en attendant le développement du projet de création de l'établissement public 'Biblio-

thèque nationale et universitaire' l'Université développe la bibliothèque universitaire en veillant à une mutualisation de ses moyens technologiques et de ses procédures d'acquisition avec ceux de la Bibliothèque nationale.» Enn vum Zitat.

Déi Kooperatioun tëschent der Bibliothèque nationale et universitaire engersäits an der Universitéit anerersäits schéngt ze fonctionnéieren, wéi zum Beispill den informatesch géréierten Acquisitiounssystem vun der Nationalbibliothéik beweist, souwéi de Portail BLU, déi zentraliséiert Plattform, déi den Accès zu der elektronischer Dokumentatioun vun der Bibliothéik a vun der Universitéit erméiglecht.

Nach sinn op Säite vun der Universitéit an der Lescht Deklaratioun gemaach ginn, déi Froen opwerfen. De Recteur, de Professeur Tarrach, schreift am Strategic Framework for the Université du Luxembourg 2006-2009, 2010-2015 Folgendes - an ech zitieren: „There is no good university without good infrastructures, necessary for both teaching and research. In particular a good library with advanced information technology services and access to electronic journals and data bases, like the web of knowledge/ web of science, is a must.

Many of these services should be offered to all research and higher education institutions countrywide by the Bibliothèque nationale et universitaire, which would allow us to lower costs substantially.“

So far so good, géif ech soen, Här President, mä da fiert de Recteur weider - an ech zitieren erëm: „If not, the University will have to proceed on its own, in 2007.“ - Bon, deen Datum ass schonn dépasséiert, mä et gesäit een awer d'Intention. - „A library needs to be set up in each of the two campuses of the university, ideally one of them being the central premises of the Bibliothèque nationale et universitaire.“ Enn vum Zitat.

An deemselwechten Zesammenhang kéint ech hei, Här President, déi rezent Carte blanche vun de Professere Pauly a Gilles zitieren.

Et dierft ee jo hoffen, dass de Ministère vun der Kultur, de Minister, d'Statssekretärin vun der Kultur, vum Enseignement supérieur a vun der Recherche, déi d'Bibliothèque nationale et universitaire an d'Universitéit ënner hire Fittichen hunn, wëssen, wat an der Universitéit geschitt a wat geplangt ass, dass se d'Besoiné vun der Bibliothèque nationale et universitaire iwwerdeems net vergiessen, an dass se, wéi den Här Fayot gesot huet, eng valabel Strategie mëttelfristeg a laangfristeg fir d'Zukunft entwerfen an dann och uwenden.

Ech géif also an deem Zesammenhang vun der Strategie dem Gedanke vum Här Fayot bäiflichten a wier och frou, wann d'Madame Statssekretärin zu deenen doten Aussoen an Tendenzen, déi schéngen ze bestoen, géif kënne kloer Stellung huelen.

Ofschléissend, Här President, schéngt ons, dass d'Madame Statssekretärin der Chamber eng kloer Äntwert schëlleg ass zur Zukunft an zum Timing iwwert de Projet fir d'Bibliothèque nationale et universitaire. D'Realisatioun vun deem Projet ass nämlech den eenzege Moyen, fir et der nationaler an Universitätsbibliothéik ze erlaben, engersäits deene Missioun gerecht ze ginn, déi d'Gesetz fir si virgesäit, dem Personal uerdentlech Aarbechtsbedéngungen ze sécheren an de Clientë vun der Bibliothéik dee Service unzebidden, op dee se en Usproch hunn.

Ech wëll ofschléissend soen, Här President, dass d'DP-Fraktioun wäert selbstverständlech d'Motioun, déi vum Här Fayot ageeicht ginn ass, ënnerstëtzen.

Ech soen Iech Merci.

» **Plusieurs voix**.- Très bien!

» **M. le Président**.- Ech soen der Madame Flesch Merci. Als nächste Riedner ass den Här Adam agedroen. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Claude Adam (DÉI GRÉNG)**.- Här President, Madame Statssekretärin, Dir Dammen an Dir Hären, et ass erstaunlech an erfreeslech, dass den Här Fayot eng Interpellatioun zur Nationalbibliothéik gefrot huet. Erstaunlech, well hien hei sech an och eis d'Méiglechkeet ginn huet, fir senger Regierung, wat och eis Regierung ass, an deem Dossier eng Datz auszustellen. Erfreeslech ass et aus deemselwechte Grond, awer nach vill méi, well mer dann nach eng Kéier, wéi scho bei der Heure d'actualité vun der grénger Fraktioun zum selwechte Sujet den 29. November 2005, unisono kënnen öffentlech deklaréieren, wéi wichteg eis eis Nationalbibliothéik ass.

Deem wëll ech schonn direkt virewechgräifen: All Riedner hu bis elo plus ou moins an déiselwecht Richtung geschwat, an ech hu keng grouss Differenze festgestallt ënnert de verschiddene Meenungen. Ech wäert och net vill vun deem Gesoten ofwächen.

Ech erënneren nach eng Kéier un d'Debatt vun 2005:

D'CSV hat virun dräi Joer gesot, dass mer ee Gesamtkonzept brauchen, dass eng Léisung muss kommen, déi mëttelfristeg iwwert d'Provisorien an d'Zwëscheléisungen, déi iwwerengs an der Vergaangenheet schon enorm Zomme verschlongen hunn, erausgeet.

Den Här Fayot hat deemools ënner anerem gemengt, dass hie sech géif perséinlech freeën, wann et mat der Nationalbibliothéik géif séier viruoen. Hien hat och Iwwerleeungen iwwer Unis- a Bibliothéikssité gemaach, déi vun der Zäit iwwerrannt gi sinn.

D'DP hat sech bereet erkläert, d'Regierung bei allen Ustrengungen, déi se mécht, ze ënnerstëtzen, fir eng uerdentlech Nationalbibliothéik an eng uerdentlech Universitätsbibliothéik, déi den Numm och verdéngen, hei zu Lëtzebuerg ze schafen.

Wa mir dann elo dräi Joer no der Heure d'actualité oder am leschte Joer vun dëser Legislaturperiode ee Bilan sollen zéien, wat d'Regierungspolitik am Kader vun der Nationalbibliothéik betrëfft, da kann dee Bilan net positiv sinn.

Mir sinn och mat der Kulturkommissioun am Februar, Mäerz 2006 d'Raimlechkeeten an d'Annexe vun der Nationalbibliothéik kucke gaangen. D'Resultat war iwwerdäitlech; et ass och scho vu menge Virriedner hei ugefuert ginn. Déi Lëtzebuurger Nationalbibliothéik ass an enger 400 Joer aler Schoul ënnerbruecht, huet am Beräich Luxemburgensia net déi néideg Standarden, fir hire Bestand ze schützen, wéi zum Beispill wéineg Liicht, klimatiséiert Magasinen, ofgesécher Raimlechkeeten, Noutfallpläng an esou weider. Plaz- a Personalmangel gëtt et säit Jorzéngten am Iwwerfluss.

D'Ëmnotzung vun engem besteende Gebai - och dat ass scho gesot ginn -, dat komplett transforméiert sollt ginn a wou dann d'National- an d'Universitätsbibliothéiken och vum groussherzoglechen Institut ënnerdaach solle kommen, ass 2003 op Äis geluecht ginn. En neie Projet ass net en vue.

Et ass schonn erstaunlech, dass mer, wat d'Nationalbibliothéik ugeet, an dëser Chamber Gesetzer stëmmen, déi zwar nach ëmmer a Kraaft sinn, déi mer awer net applizéieren. Ech trieden net derfir an, dass mir Gesetzer applizéieren, déi mer nodréiglech net méi gutt fannen; esou wéi den Här Biltgen eng Kéier gemengt hat mech dierfen ze interpretéieren. Ech trieden awer fir eng kloer an transparent gesetzlech Grondlag, op där mer kënne schaffen, an. Esou schaffe mer jo och an deenen anere Beräicher.

D'Gesetz vum 12. August 2003 iwwert d'Uni Lëtzebuerg huet kee spezifescht Kapitel iwwert d'Unisbibliothéiken. Den Artikel 13 soll d'Kooperatioun tëschent deene verschiddenen Unisbibliothéiken erméiglechen. Am Artikel 27 iwwert d'Zesummesetzung vum Universitätsrot geet Riids vun engem Vertrieeder vum wëssenschaftleche Personal vun de Bibliothéiken.

Am Unisgesetz steet näischt iwwert d'Relatioun mat der Nationalbibliothéik. Duerfir si mir ausdrécklech frou iwwert den éischten Tiret vun der Motioun, déi den Här Fayot hei déposéiert huet: D'Regierung muss nach virun deenen nächste Wahlen ee Gesetzesprojet iwwer eng Bibliothèque nationale et universitaire déposieren, wou mer eng legal Basis fir d'Zesummenaarbecht tëschent Nationalbibliothéik an Unisbibliothéik kréien. Eng Zesummenaarbecht, déi um Terrain net méi ewechzededen ass.

D'Schafung an den Ausbau vun der Uni Lëtzebuerg hunn en neien Akzent op d'Bedeitung an d'Wichtigkeet vu wëssenschaftleche Bibliothéike geluecht. Et ass och vu kengem a Fro gestallt ginn, dass mer musse vun enger National- an d'Unisbibliothéik schwätzen. D'Avantagen a puncto Käschten an Effikassitéit, fir Unisbibliothéik an Nationalbibliothéik an enger Hand ze bündelen, leien op der Hand. An och wann d'Décisioun vum Site net déi wichtegst ass, si muss geholl ginn. Si schéngt och geholl ze sinn. Ob mer se dann elo exekutéieren oder net, bleift awer nach ofzewearden.

Unisbibliothéik op Belval, National- an Unisbibliothéik op de Kierchbiérg: Dat werft och eng Rei Problemer op. Eng Gefällegkeetsléisung wier jo de Volet d'Nationalbibliothéik mat der Luxemburgensia an der Stad ze loossen, d'Unisbibliothéik ganz op Belval ze setzen. Dat ass denkbar, awer net genial, well et bestëmmt Iwwerschneidunge gëtt,

wat d'Bestänn vun de Medien ugeet, an esou eng radikal Opspléckung wier och net mat de villfältegen Aufgabe vun enger Nationalbibliothéik ze vereinbaren. Dat schéngt eis keng akzeptabel Léisung.

Haut scho schaffen d'National- an d'Unisbibliothéik enk zesammen. Dat ass och vun alle Riedner hei gesot ginn. Esou kann een et op alle Fall och an enger Newsletter vun der Uni Lëtzebuerg vum Mee 2008 noliesen. All Projekte vun den Unisbibliothéike brauchen d'Hëllef vun Beispill vun enger Equipe vu spezialiséierten Informatiker a Bibliothécairë vun der Nationalbibliothéik.

Wat elo d'Unisbibliothéik zu Belval ugeet. Ech si frou iwwert der Madame Flesch hir Froen. Ech wëll déi dann nach eng Kéier stellen. Meng Informatiounen sinn elo e bëssen anerer. Da kucke mer herno, wem seng am nooste bei der Wourecht leien.

Am Februar 2008 krut den honorabele Marc Spautz als Äntwert op eng Question parlementaire vun Bauteminister matgedeelt, dass, wat d'Unisbibliothéik ugeet, de Bauprogramm steet an en Avant-projet sommaire ausgeschafft soll ginn. Vlächicht ass deen och mëttlerweil schonn um Dësch.

Mir sinn och mam drëtten Tiret vum Här Fayot senger Motioun d'accord, wou hie seet, dass et mat der Unisbibliothéik zu Belval muss séier viruoen. Mir sinn eis awer bewusst, dass vlächicht de Site vun där Bibliothéik, esou wéi mir e kennen, net zentral genuch läit. Dat gëtt och scho vun enger Rei Enseignantë bedauert, déi soen, d'Bibliothéik léich net am Zentrum vun der Uni, mä iergendwou um Bord. Wann eng Bibliothéik méi ass wéi eng Plaz, wou ee Bicher stockéiert, wann eng Bibliothéik hire Rôle als Treffpunkt fir Informatioun a Kommunikatioun, als Liewensraum fir Enseignant an d'Studente soll anhuelen, da mussen d'Wëer tëschent de Seminarsäll an der Bibliothéik kuerz sinn.

D'Unisbibliothéik vun Tréier ass och hei erwähnt ginn. Déi gëtt och an där Newsletter vun der Uni Lëtzebuerg zitiiert. An dëser zentraler Bibliothéik schaffe 96 Leit. D'Bibliothéik ass 95 Stonnen d'Woch op.

An deene fénnef Bibliothéike vun der Uni Lëtzebuerg schaffe fénnefmol manner Leit. Si hunn zesammen 185 Stonnen op, wat awer fir all eenzel Bibliothéik natierlech vill manner gëtt wéi zum Beispill zu Tréier.

Um Site Belval sinn - mengen Informatiounen no - 10.100 Meter carré fir eng Unisbibliothéik virgesinn. Ech kann net aschätzen, ob dat grouss genuch ass. Ech ginn emol dervun aus; d'Uni war jo bei der Planung derbäi, och wann elo kritiséiert gëtt, d'Bibliothéik wier net zentral genuch. Ech stellen awer fest, dass zum Beispill op deemselwechte Site Belval 16.000 Meter carré fir d'Rockhal bereitstoungen. Dat huet mech dann och e bëssen nodenklech gemaach, an ech hu mer d'Chifferen am Budget emol ugekuckt.

Erfreelecherweis ginn alleguerten d'Ausgaben, déi méi oder manner direkt mam Bibliothéikswiesen ze dinn hunn, an d'Luucht. Et fält zum Beispill op, dass de Budget fir d'Regionalbibliothéiken - an ech si ganz dankbar, dass den honorabele Marco Schank och op dee Volet agaangen ass -, deen onglécklech fir net ze soe falsch libelléiert ass, sech vun 2007 op 2008 verduebelt huet a fir 2009 nach eng Kéier ëm 20.000 Euro verbessert huet.

Déi Regionalbibliothéiken, déi jo och eng Kéier zu engem richtege professionell gefouerte Réseau vu Bibliothéiken an enger Zesummenaarbecht mat der Nationalbibliothéik ausgebaut solle ginn, kréien also gehollef, mä leider op engem ganz onzefridde stellenden Niveau. 110.000 Euro fir déi ronn 15 regional a lokal Bibliothéiken: Dat ass eigentlech net ze gleewen! Wann ech géif opzielen, wat aner kulturell Ariichten vu staatlechen Hëllef kréien, da kéint ee mer ënnerstellen, ech géif deenen dat net gënnen. Dat ass awer net de Fall. Duerfir zielen ech och keng aner Beispiller op.

Mir bleiwen awer der Meinung, dass déi ablacklech Hëllef bái Wäitem net duergeet. An ech ginn es net midd drop hinzewiesen, dass hei vum Kulturministère eng gewaltge Chance verpasst gëtt, aus enger Bewegung vun ënnen - de Marco Schank huet dat och gesot - mat vill bënëvolem Engagement vun

eenzelne Leit, Associatiounen a Gemengen een duerchduechte Réseau vu modernen öffentliche Bibliothéiken - oder wann Der se léiwéer Mediathéiken nennt - opzebauen.

Och d'Budgete fir de Centre national de la littérature a fir d'Nationalbibliothék sinn an deene leschte Jore permanent an d'Luucht gaangen. Wann een awer emol eng Kéier d'Ausgabe fir d'Lieskultur mat de Gesamtausgabe vum Kulturministère a Relatioun setzt, da stellt ee fest, dass d'Ausgabe fir d'Lieskultur ee ganz modesten Deel vum Gesamtbudget vun der Kultur ausmaachen.

Den Här Fayot huet hei d'Wuert vum Kulturkonsum ubruecht; et kéint een och vun enger Eventkultur schwätzen, déi mer méi fleege wéi d'Lieskultur. Ech mengen, dass dat ganz Trauerspill Nationalbibliothék eigentlech d'Resultat vun enger Gesellschaft ass, an där d'Literatur an d'Buchkultur ni dee Stellwäert haten, dee se eigentlech missten an enger Wëssensgesellschaft hunn.

Fir e bëssen ze illustréieren, wat ech mengen, zitieren ech aus dem Nico Helminger senger Ried, wou hie Merci gesot huet fir de Batty-Weber-Präis, deen hien den 9. Oktober 2008 am nationale Literaturzentrum zu Miersch iwwerreecht kritt huet. D'Madame Staatssekretärin kennt d'Ried schon. Dir kennt se net, si ass nach net publizéiert. Ech bréngen och just ganz kuerz Extraiten.

Den Nico Helminger gräift zwee Type vun enger typesch Lëtzebuurger negativer Haltung zur Lëtzebuurger Literatur eraus: Engersäits de brave Bierger, dee sech ze Douds kann opreegen, wann e säi Béier op enger Terrass op Franséisch muss bestellen, dee sengem lergem Loft mécht a laange Lieserbréier, an deenen hie vun all Frontalier verlaangt, perfekt Lëtzebuergesch ze kënnen, ier en e Fouss an eist Land setzt. Deen awer selwer keng Ahnung vum Lëtzebuergesch huet, keen eenzege vun eise Schrëftsteller kennt, an duerfir och kee vun hire Bicher.

Op där anerer Säit hu mer awer dann de beliesenen a kultivéierte Mënsch vu Welt, esou gesäit hie sech emol selwer, deen, soubal en héiert, dass en Auteur Lëtzebuergesch schreift, e Schrack no hane mécht a seet, et géif no Bauer richen.

» M. Robert Mehlen (ADR). - Wat wëllt Der domat soen?!

(Hilarité)

» M. Claude Adam (DÉI GRÉNG). - Dës Duerstellung ass selbstverständlech iwerspëtz.

Ech zitieren den Här Helminger. - Dat ass e berechtigten Aworf, Här Mehlen.

(Interruptions)

» M. Charles Goerens (DP). - Mir huelen dat net au premier degré.

» M. Claude Adam (DÉI GRÉNG). - Dës Duerstellung ass selbstverständlech iwerspëtz, mä si weist, wéi schwéier mir eis mat eiser Méisproochegkeet an der dozougehéierender Literatur dinn.

Natierlech gétt et och zu Lëtzebuerg eng ganz Rei positiv Beispiller, Beispiller, déi Courage maachen. An de Schoulen zum Beispill gétt et Liesconcoursen an -aktiounen fir d'Liesförderung. D'Resultater vu PIRLS a PISA soen eis jo och däitlech, dass mer musen esou Aktiounen duerchféieren. Den honorabele Marco Schank ass hei méi detailléiert dorop eragaangen, duerfir maachen ech dat elo net méi.

E weidert absolut positivt Beispill ass de Centre national de la littérature zu Miersch, dee sech ëm d'Lëtzebuurger Literatur a Lieskultur verdéngt mécht. Positiv ass och, dass d'Bibliothéiken op de Campuse vun der Uni zwar nach ëmmer keng spektakulär gutt Öffnungszäiten hunn, souguer nach ëmmer schlechter hunn, mä hei huet sech och schonn eppes beweegt, och hei si schonn e bësselche besser Zäiten.

Ech hunn och scho vill vun deene ville regionale Bibliothéiken an hire Mérité geschwat. An et ass och kloer, dass d'Leit an der Nationalbibliothék eng gutt, eng engagéiert Aarbecht maachen, an och, wann d'Bedéngungen net gutt sinn, eng virbildlech Aarbecht leeschten.

Ech ginn zum Schluss nach eng Kéier bei den Nico Helminger léinen, dee sech gefrot huet, wéi eng Bedeitung mir Politiker eiser Literatur a Kultur allgemeng zoukomme loosse. Ech zitieren hien aus senger Ried: „Do gétt dacks Kultur als Fräizäitpöppche konsuméiert a vergiess, wéi ëmfaassend si ass, net Fassad, mä Fëllement. Grad an eiser sougenannter globaliséierter Gesellschaft wäert si ëmmer méi wichteg ginn. Däers sollte sech déi politesch Verantwortlech bewosst sinn, iwwert de Kulturministère eraus, an déi néideg Zeeche setzen, déi weisen, dass d'Kultur an déi zoustänneg Literatur keng Niewesaach sinn, mä Essenz.“

Mat der Nationalbibliothék kënnen mer esou en Zeeche setzen. Am Moment géif ech mat der Madame Colette Flesch soen: „Et huet sech guer näischt,...

(Hilarité)

...awer och guer näischt gedoen am Beräich vum Bau vun der Nationalbibliothék.“

Ech soen Iech Merci.

» Une voix. - Très bien!

» M. le Président. - Ech soen dem Här Adam Merci. Als nächste Riedner ass den Här Robert Mehlen agedroen. Här Mehlen, Dir hutt d'Wuert.

» M. Robert Mehlen (ADR). - Merci, Här President. Och ech wëll meng Ried domat ufänken, dass ech dem Här Fayot félicitéiere fir seng Initiativ. Et ass jo relativ rar, dass e Majoritéitsdeputéierten oprëtt, fir d'Regierung ze interpelléieren, well en -meeschtens ass dat jo esou, wann een eng Interpellatioun mécht - mat der Regierung onzefriden ass.

Mä mir begréissen d'Initiativ vum Här Fayot, dee sech op deem Gebitt hei sécher gutt auskennt, well hien huet eiser Meenung no och Recht. D'Regierung vum der Vergaangenheit, an deenen d'Sozialiste meeschtens derbäi waren, hunn et net ënnerlooss, fir vill Geld a Kultur ze investéieren, a Gebaier, déi mir éischter géifen als Prunk- a Prestigebaute qualifizéieren, a wou een eleng mat deem, wat d'Devisen iwwerschratt gi sinn, eigentlech nei Gebailechkeete fir eng zentral Nationalbibliothék hätt kënnen bauen. Elo kennt et eventuell sinn, dass déi fett Jore fir eng laang Zäit eriwuer wäeren an d'Geld méi knapps géif ginn.

Här President, dann hu mer en deiere Pei-Musée dosto - deen een och fir manner Geld hätt kënnen kréien - an net schrecklech vill dran, fir ze weisen, mä dat passt jo gutt an d'Landschaft: Mir hu jo och schonn e Festungsmusée dosto, wou mer näischt hunn, fir ze weisen, a wou mer net wëssen, wéini dass en opgemaach gétt.

Här President, ech hunn déi Visiten och matgemaach - ech konnt se zwar leider net alleguer matmaachen - a kann nëmmeënnersträchen, wat meng Virriedner gesot hunn, dass den Zoustand, wéi eis Nationalbibliothék de Moment dosteet, wéi se opgesplittert ass, wéi déi Raimlechkeeten équipéiert sinn, effektiv net der Zäit ugepasst ass, an en ass och engem räiche Land wéi Lëtzebuerg net würdeg.

E Wuert zum Statut légal. Den Här Fayot huet dat hei ugeschnidden, an ech muss soen, dass ech seng Meenung deelen. Et soll een der Bibliothèque nationale genügend Autonomie verschafen. An déi Iddi vun der Gestion séparée, déi jo och scho laang am experimentelle Stadium gelaf ass an och duerno ausgeweit ginn ass, déi gehéiert hei op jidde Fall applizéiert. Dat schéngt eis och e wëschenswäerte Modell ze sinn.

Den Här Fayot huet och interessant Pisten hei opgewisen, wéi een d'Nationalbibliothék an d'Unisbibliothék kënn zesummeféieren oder op d'mannst matenee vernetzen, wat haut mat de moderne Kommunikatiounsmëttele kee Problem dierft duerstellen. Mir deelen dës Virstellung ënner anere och, well se eng Partie Synergië géif méiglech maachen.

Mä déi schéinsten Infrastrukture sinn näischt, wann een net genügend gutt forméiert a gutt motivéiert Personal zur Verfügung huet. Mir wëssen alleguer, dass et do an der Vergaangenheit béis gehapert huet. Mir hunn déi bedauernswäert Situatioun gehat, dass e Fonctionnaire am Rang vun engem Conservateur praktesch fénnef Joer laang suspendéiert war, souguer ënner Violatioun vun de gesetzleche Bestëmmungen. De Stat huet där Persoun hiert Gehalt virubezuellet a si huet net d'äerfe schaffen, ob-scho se gäre geschafft hätt. Dat ass eppes, dat kann ee sech an der Privatwirtschaft eigentlech net virstellen. De Stat ass nodréiglech zu 20.000 Euro Schuedensersatz condamnéiert ginn, well e sech net un d'Spillregele gehalten huet.

Déi Meescht vun eis wëssen, wat den Ausgangspunkt war. Den Ausgangspunkt war effektiv e Sträit, dee vun alle Säiten, menger Aschätzung no, gutt gemengt war, iwwert d'Approche, wéi ee soll a Saachen Nationalbibliothék an der Zukunft virgoen. A Saachen Erweiterung, a Saachen Moderniséierung vun den Infrastrukturen.

Mir soen haut ganz kloer, dass déi deemoleg Ministesch an deser Fro komplett versot huet. Amplaz zesumme mat allen Acteuren, och mat der Chamber, déi bescht Solutioun ze sichen an déi richteg politesch Décisiounen ze huelen a se dann och duerchféieren, gétt e Fonctionnaire heemgeschéckt, awer d'Problemer, déi à la base sinn, ginn net geléist.

D'Madame Staatssekretärin huet mir am Mäerz vun deem Joer op eng Question parlementaire an där Saach Folgendes geäntwert - ech zitieren: „Haut, bal zéng Joer duerno, a véier Joer no der Réintegratioun vun viséierte Conservateur an d'Nationalbibliothék, kann ee behaupten, dass eis Nationalbibliothék an där Atmosphär ka schaffen, déi hirer würdeg ass. Dësen Zoustand gouf schonn méi laang erëm rétabléiert an dat ass de Verdéngscht vun där heiteger Directrice a vun hirem Personal.“ Enn vum Zitat.

Madame Staatssekretärin, ech fäerten, dass Dir schlecht iwwert déi wierklech Situatioun informéiert sidd. Mengen Informatiounen no ass dës Situatioun wäit vun deem ewech, wéi Dir se beschreift. Mir gétt jiddefalls gesot, dass den Aarbechtsklima nach wie vor schlecht wär, d'Motivatioun vum Personal geréng Koordinatioun tëschen deene verschiddene Responsabelen - quasi inexistent.

Dat féiert mech dozou fir ze soen, dass déi schéinste Gebaier, déi schéinsten Aarichtungen, déi beschten informatesch Systemer, a wat et och ëmmer alles gétt, näischt hëllefen, wann um operativen Niveau Sand am Gedriff ass. Och hei, Madame Staatssekretärin, ass niewent all deem, wat mer materiell mussen investéieren, e Chantier, deen dréngend muss ugepaakt ginn. An ech soen Iech ganz éierlech, ech beneiden Iech net dorëms.

Här President, zum Schluss wëll ech soen, dass mir d'Motioun, déi den Här Fayot virgeluecht huet, wäerte stëmmen, well se eis an hirer grondsätzlecher Ausrichtung gefält a well mer dat och matdroen.

Ech soen Iech Merci.

» M. le Président. - Ech soen dem Här Mehlen Merci, an elo huet d'Regierung d'Wuert, d'Madame Staatssekretärin vun der Kultur.

» Mme Octavie Modert, Secrétaire d'État à la Culture, à l'Enseignement supérieur et à la Recherche. - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, d'Nationalbibliothék ass effektiv e wichteg Instrument vun der Wëssensgesellschaft, an domadder och en Deel vun der Lissabonner Strategie fir Wuesstem a Kompetitivitéit. Dat ass hei schonn e puermol ervirgestrach ginn, an dat steet jo zu engem gewëssen Deel am Géigesaz zu deem, wat d'Leit ganz dacks als Bild virun An hunn, wa se u Bibliothéiken denken, nämlech dass do einfach vill Bicher stinn, déi ee sech huelle kann, oder dass ee sech se eventuell och nach bestëllt, an da kritt ee se, an da war et dat. Dat ass dat, wat ee vierdergrënneg gesäit. Hannendrun ass awer e ganz komplex Gebilde mat ville Missiounen, an et komme fir d'Nationalbibliothék haut nach ganz vill Aufgaben derbäi, déi zukunftsweisend mussen sinn.

Eis Nationalbibliothék war nach ëmmer eng multifonctionnel Bibliothék, zënter se 1798 gegrennt ginn ass. Et ass och eng patrimonial Bibliothék, eng enzyklopädesch Bibliothék - hir Gesamtkollektioun behandelt all Wëssensberäicher, ouni Ausnahm -, an domadder ass si och mat der Zäit, an dat ass se haut méi wéi jee, déi haaptwëssenschaftlech Bibliothék aus dem Land ginn, a si ass op fir all Publikum vu 16 Joer un.

Si huet zënter 1985 och nach nei Missiounen bäikritt. Si ass zoustänneg gi fir d'Koordinatioun vun de Bibliothéiken am Land, iwwert de Réseau bibnet.lu, dat heescht, si géreiert fir all Bibliothéiken den integrierte Bibliothékssystem Aleph. Do hänken haut 35 Bibliothéiksystemen drun - net 33, et sinn der effektiv 35, an et kommen der sécher demnächst och nach e puer derbäi -, dovunner e gudde Deel vun deenen öffentliche Bibliothéiken, vu Gemengen, Lycéien, an och zum Beispill déi vun der Uni oder vun den CR-Pen, de Kulturinstituter, der Zentralbank, dem Statec an esou virun. Et ass also eng ganz wichteg Roll, déi d'Nationalbibliothék do spillt a gutt wouerhëlt.

Natierlech huet se mat der Informationsgesellschaft an der nummerescher Revolu-

tioun nei, wichteg national Aufgaben an Tätigkeetsfelder kritt, déi se och muss wouerhuelen. Do sinn déi elektronesch Publikatiounen, déi se muss mat bäihuelen, an där et och ëmmer méi gétt, well dat ass natierlech ganz wichteg fir Studenten a Fuerscher, an net nëmme fir déi, dass een aus der Distanz kann eng Bibliothék consultéieren. Op där anerer Säit ass se mat engem ambitiösem Digitaliséierungsprogramm amgaangen, fir dann domadder och eisen nationale Patrimoine ze valoriséieren, fir deen och op internationalem Niveau an op Distanz zougänglech ze maachen. Mir maache jo mat bei der Bibliothèque numérique francophone, déi elo d'lescht Woch zu Québec ageweit ginn ass, wou ech och derbäi war, a gradesou bei der Europeana, wat de Pendant an der Europäescher Unioun ass.

Dat ass eng grouss Chance, et ass awer gradesou gutt eng grouss Erausforderung. D'Digitaliséierung mécht nämlech d'Wësse méi grouss a méi einfach zougänglech, an do läit natierlech dann och d'Komplikatioun dran, well et ass, wéi gesot, eng ganz grouss Erausforderung. Et gétt haut ganz aner Methode vun Diffusioun a vu Wëssensuneegung, a bái där Erausforderung mussen mer onbedéngt virbäi matmaachen.

Dat waren elo just e puer Sätz, fir d'Komplexitéit vun den Aufgabefelder vun der Nationalbibliothék duerzestellen. Dir hutt och schonn e ganze Koup dovunner selwer genannt gehat. Vill Informatiounen si jo hei scho gesot ginn an Detailler bekannt ginn. D'Chamber ass jo schonn dacks do gewiescht. Et waren och ganz aktuell Informatiounen, déi Dir hei scho gesot hutt.

Well d'Aufgabefelder esou komplex sinn, ass et wichteg, sech ëm dës Instrument vun der Zukunft, wat d'Nationalbibliothék ass, ze këmmen. Den Haaptproblem vun der Nationalbibliothék ass awer hire Plazmangel, an deen erliichtert hir dës Aufgaben net. Et ass hei gesot ginn, dass mer an der Lescht vill Gebaier gebaut hätten, déi awer haaptsächlech fir de Kulturkonsum do wäeren. Ech mengen, dass et sech dobäi haaptsächlech ëm Gebaier handelt, déi bis elo guer net do waren, mat Fonctionen, déi bis elo net wouergeholl gi sinn.

Et deet mir natierlech och ganz déck, dass grad d'Nationalbibliothék, déi nu wierklech net am beschten dosëtz, déi ass, déi nach weider muss e bësse waarden - aus deenen Ursachen, déi zu engem Deel gesot gi sinn, an op déi ech och nach kuerz wäert agoen -, bis si a raimlech dezente Konditiounen ënnerkomme kann. Hire Plazmangel ass nämlech effektiv net nei, och dat ass hei scho gesot ginn. Schon ausganks vun de 60er Joren huet den deemolegen Direkter dorop opmierksam gemaach gehat, laang éier d'Nationalbibliothék an hirem heitege Gebai, am ale Kolléisch, war. Ech ginn dem Här Ben Fayot ganz Recht, dass dat Gebai vläicht och vun Ufank un net ideal war. Et ass awer e Gebai am Stadzentrum, an déi Diskussioun ass nach ganz laang mat virugedroe ginn an huet nach ganz laang och d'Diskussiounen ëm déi nächst, ëm eng nei Nationalbibliothék mat konditionéiert.

Ech bedauern och, dass en leit Gebai net vun haut op muer méiglech ass, grad ebe well d'Personal vun der Nationalbibliothék an alles anere wéi optimale Konditiounen schafft muss, dat awer mat ganz vill Idealismus mécht an d'Erausforderungen unhëlt. Ech wëll och hei de Mataarbechter, ënner der kompetenter an engagierter Féierung vun hirer Direktesch, e grouse Luef ausdrécke fir hiren Dynamismus an hire Savoir-faire an hir Motivatioun, mat deene bal alleguer vun hinne schaffen.

Ech hu virdu vun der Plaz geschwat, well d'Fro vum Standuert ëmmer eng war, déi hei mat eragespillt huet. Laang ass gesot ginn, mir kënnen net aus dem Stadzentrum fort. Duerfir ass deemools, an den 90er Joren, nodeems opgrond vum Rapport vun deem internationalen Expert hi festgestallt ginn ass, dass dat definitiv néideg a wichteg ass - souwäit et néideg war, dass iwwer een Expert feststellen ze loosse -, e Gesetz ausgeschafft ginn, fir eng Annex um Kierchberg ze maachen, déi awer, wéi scho gesot ginn ass, net realiséiert ginn ass.

Ech mengen, dass déi Entscheidung eigentlech richteg war, well déi Annex um Kierchberg ze maachen hätt an dem dagdeegleche Fonctionnéiere vun der Nationalbibliothék ganz vill Misär bruecht. Dofir war et och richteg, dass Gesetz net auszeféieren. Et ass och gutt gewiescht, an do kann ech scho bal en Hommage ausschwatzen, dass d'Nationalbibliothék domadder d'accord war, fir aus dem Stadzentrum erauszegoen op eng aner Plaz, déi ganz gutt accessibel ass, wou d'Leit ganz gutt hikommen, an déi net méi an engem enk gedréngte Kär läit, wou keng Plaz ass.

De Kierchbiereg ass eng ideal Plaz fir déi nei Nationalbibliothék. Net de Stadzentrum, mä um Kierchbiereg, op der Place de l'Europe, ass och weiderhin déi beschte Plaz. Et ginn och net ganz vill aner Plazen do, respektiv wann et se ginn, da si se net besser a virun allem net méi séier. All aner Terrainen, déi eventuell nach do a Fro kéimen - an ech hu mech am Laf vun de leschten zwee Joer vill domadder améséiert gehat, fir erauszefannen, ob een net kënnt awer op eng aner Plaz goen -, all déi aner Plazen, déi ee géif kënne huelen, sinn éischters net esou gutt, virun allem ass hir Realisatioun net méi séier, mä éischer nach méi laang, an zweetens och nach zu engem gudden Deel procedural méi komplizéiert.

(M. Jos Scheuer prend la Présidence)

Den Historique vun den neie Raimlechkeeten ass hei scho gemaach ginn. D'Gebai Robert Schuman op der Place de l'Europe, do schaffe mer drun, fir dohinner ze kommen. Tatsächlech ass et esou, datt dat Gebai soll ganz ofgerappt ginn, fir en anert am-plaz ze setzen. Domadder kann een de Programm vun der Nationalbibliothék optimiséieren, an déi Virbereedunge sinn am-gaangen.

2004 hat d'Regierung jo d'Entscheidung geholl, fir d'Gebai, am Géigesaz zu engem éischte Projet, net deelweis stoen ze loos-sen an an dee Carcan eng nei Nationalbi-bliothék ze integréieren, mä dat Gebai ganz ofzerappen an domadder méi eng fonction-nel a besser geplangten Nationalbibliothék ze erméiglechen.

D'Virbereedunge vun deem neie Gebai, déi allerdéngs eréischt am Horizont Enn 2013 leien, wat natierlech net ganz séier ass, lafen awer un. Den Här Biltgen huet, wéi et gesot ginn ass, 2006 gesot, datt d'Konzeption direkt ugefaange gétt, an ech hunn der Nationalbibliothék hiren optimiséierte Programm an de Ministère des Travaux pu-blics gi gehat. Et si jo och am Budget Frais-d'étudé virgesinn, fir de Projet de loi op Ba-sis vun deem Programm auszuschaffen.

